n°5 /2024













# GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 14.6.2024

#maville

DUDELANGE, ON DIRAIT LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL


Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP


Loris Spina,
échevin LSAP


Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP


René Manderscheid,
échevin LSAP


Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP


Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP


Romain Zuang,
conseiller LSAP


Roby Goergen,
conseiller LSAP


Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP


Alain Clement,
conseiller LSAP


Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV


Françoise Kemp,
conseillère CSV


Claude Martini,
conseiller CSV


Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV


Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng


Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng


Marc Meyer,
conseiller DP


Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR


Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: Christiane Colbett / Photos: Ville de Dudelange, Standart.
n°5 / 2024 - Parution: septembre 2024 - Imprimé sur du papier recyclé et certifié FSC.

# SOMMAIRE

Rapport sommaire en français 5

**1. CORRESPONDANCE** 7

**2. CIRCULATION** 7
2.1. Approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion du « Velosummer 2024 »
2.2. Approbation d'un avenant au règlement général de la circulation pour les parkings transitoires dans la route de Volmerange et dans la rue Reiteschkopp

**3. FINANCES** 13
3.1. Approbation du devis estimatif relatif à la démolition du bâtiment, ancien Primavera, sis 5, rue de l'Abattoir
3.2. Approbation du contrat de fermage avec Madame Marguerite Despeler concernant une partie d'une parcelle de terrain sise route de Luxembourg
3.3 Subside extraordinaire à attribuer

**4. APPROBATION DE MODIFICATIONS À APPORTER AU RÈGLEMENT COMMUNAL DE POLICE GÉNÉRALE DU 26 MAI 2023** 18

**5. APPROBATION DE L'ORGANISATION SCOLAIRE PROVISOIRE DE L'ENSEIGNEMENT MUSICAL** 19

**6. URBANISME** 22
6.1. Approbation de la modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général PAG – centre logistique de l'infrastructure ferroviaire (CFL) et zone d'activités économiques nationale (Wolser H)
6.2. Approbation d'un projet de lotissement/morcellement d'une parcelle cadastrale dans la rue Angeldall
6.3. Approbation du Projet d'Aménagement Particulier « Nouveau Quartier » (PAP NQ-SD 08) « Route de Luxembourg – Citroën » concernant des fonds sis route de Luxembourg 35

**7. COMMISSIONS COMMUNALES** 25
Approbation des modifications à apporter à la composition des commissions communales

**8. MOTION SOUMISE PAR LA FRACTION « DÉI GRÉNG »** 26
concernant la création d'un subside à accorder aux jeunes à l'occasion de leur 18e anniversaire pour le Pass Interrail Jeune

**9. POINT ET MOTION MIS À L'ORDRE DU JOUR PAR LA FRACTION « DÉI LÉNK »** 41
« Positioun vun der Gemeng Diddeleng betreffend der Zukunft vum Gemengesyndikat TICE » et
« Motioun betreffend d'Verhandlungen zu der neier Konventioun tëschent dem TICE an dem Mobilitéitsministère »

**10. POINT MIS À L'ORDRE DU JOUR PAR LA FRACTION « DÉI GRÉNG »** 47
« Sweet Event »

**11. MOTION SOUMISE PAR LA FRACTION « DÉI GRÉNG »** 55
« Grouss Botz Aktioun vun der Gemeng Diddeleng am Joer 2025 »

**12. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS** 58
12.1. Questions du parti CSV au sujet du « JuMa-Haus »
12.2. Questions du parti CSV au sujet des logements sociaux
12.3. Annexes

# RAPPORT SOMMAIRE

**Présents :** Monsieur Dan Biancalana, bourgmestre ; Monsieur Loris Spina (à l'exception des points numéros 6.3 et 7 de l'ordre du jour) ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries ; Monsieur René Manderscheid et Madame Claudia Dall'Agnol (à l'exception du point numéro 6.1 de l'ordre du jour), échevins. Mesdames Semiray Ahmedova, Martine Bodry-Kohn ; Monsieur Alain Clement (à l'exception des points numéros 11 et 12 de l'ordre du jour et pour les décisions à huis clos) ; Madame Fabienne Dimmer ; Messieurs Jean-Paul Gangler, Roby Goergen ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp ; Messieurs Claude Martini, Marc Meyer ; Madame Rosella Spagnuolo ; Monsieur Yves Steffen ; Madame Carole Thoma et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. • **Délégations :** Monsieur Alain Clement, conseiller communal a conféré une procuration de vote à Madame Martine Bodry-Kohn, conseillère communale, pour voter pour son compte et en son nom pour les décisions à huis clos.

### 1 – CORRESPONDANCE

Monsieur le bourgmestre informe les conseillers communaux que la cérémonie de remise des prix des Bauhärepräis OAI 2024 s'est déroulée en date du lundi, 10 juin 2024 à la Philharmonie à Luxembourg-Ville. La Ville de Dudelange est lauréate avec M3 Architectes, TR-Engineering et Werkbund pour son projet de gîte Floater à Dudelange dans la catégorie « Bâtiment à vocation éducative/culturelle/sportive ». Des mentions ont aussi été attribuées à la Ville de Dudelange pour des logements abordables dans un bâtiment classé patrimoine national, sis rue du Commerce, avec Christoph Schwarz, De Statiker et Siegel Schleimer Ingénieurs-Conseils ; pour le réaménagement de la place Kinnen à Dudelange en Shared Space/zone de rencontre avec STDM Architectes Urbanistes et Schroeder & Associés ; pour l'aménagement de l'espace de création VEWA, NeiSchmelz avec MEA – Marx Eric Architecte, BEST Ingénieurs-conseils sàrl et Werkbund sàrl.

Monsieur René Manderscheid, échevin, continue en informant que la certification Or a été attribuée à la Ville de Dudelange lors de la 12e journée nationale du pacte climatique, distinction qui récompense les performances et l'engagement exceptionnels dans le domaine de la protection de l'environnement et du climat.

Finalement Madame Claudia Dall'Agnol, échevine, annonce que le bus spécial installé pour les élections européennes du 9 juin 2024 s'est déplacé pour 15 parcours au total.

### 2 – CIRCULATION

Le conseil communal approuve unanimement les deux réglementations de la circulation suivantes :

2.1. le règlement temporaire de la circulation à l'occasion du « Velosummer 2024 ». Ainsi, pour la période du 27 juillet au 25 août 2024, plusieurs rues et pistes cyclables seront réaménagées afin, d'une part, d'encourager la mobilité douce, et d'autre part, d'offrir la possibilité aux cyclistes d'utiliser l'espace public en toute sécurité. Centre-Ville: l'avenue G.-D. Charlotte et la Place Kinnen sont barrées entre 12h et 6h ; la rue Jean Jaurès (no 1 – no 42), la rue de l'Hôtel de Ville, la rue de la Libération (no 1 – no 22) sont complètement barrées ; les autres rues sont limitées à 20 km/h (zone de rencontre) et ne sont accessibles qu'aux vélos, bus, riverains et fournisseurs. Quartier Ribeschpont: la rue Ribeschpont entre la route de Noertzange et la rue de Lebork (école Ribeschpont) est réservée exclusivement aux cyclistes et aux piétons.

2.2. l'avenant au règlement général de la circulation pour les parkings transitoires dans la route de Volmerange et dans la rue Reiteschkopp. Cette réglementation a été rendue nécessaire par le début des travaux sur le site NeiSchmelz. Deux parkings transitoires sont ainsi réglementés : un parking provisoire avec approximativement 88 places pour voitures dans la rue de la Libération/route de Volmerange et un parking provisoire pour approximativement 62 places pour camionnettes dans la rue Reiteschkopp.

### 3 – FINANCES

Les décisions suivantes sont prises à l'unanimité :

3.1. le devis estimatif relatif à la démolition du bâtiment, ancien Primavera, sis 5, rue de l'Abattoir.
Le bâtiment, ancien Primavera, sis 5, rue de l'Abattoir, n'est plus en activité et présente un danger du point de vue sécurité, notamment par des risques de chutes de matériaux. A cet effet, le projet prévoit le désamiantage des divers matériaux pollués et par la suite la démolition de la charpente aux fondations existantes. Ainsi, le conseil communal approuve le devis estimatif des bureaux d'ingénieurs-conseils Best et Eneco pour un montant de 1'130'000,- €, taxes et honoraires compris, relatif à la démolition du bâtiment ancien Primavera.

3.2. le contrat de fermage aux termes duquel la Ville de Dudelange loue à Madame Marguerite Despeler, la partie arrière d'une parcelle d'une superficie d'environ 1,07 ares, sur un terrain, sis route de Luxembourg ;

3.3. l'attribution d'un subside extraordinaire de 100,- € à l'a.s.b.l. Île aux Clowns afin de supporter ses diverses activités.

### 4 – RÈGLEMENT DE POLICE GÉNÉRALE

Le conseil communal approuve à l'unanimité les modifications à apporter au règlement communal de police générale du 26 mai 2023. Il s'agit plus spécialement à inclure 3 établissements HORESCA pour leur accorer l'autorisation d'établir une terrasse

et d'en délimiter le périmètre. Les autres modifications concernent des redressements d'erreurs matérielles.

**5 – ENSEIGNEMENT MUSICAL**

Le conseil communal arrête d'un commun accord l'organisation scolaire provisoire pour l'année scolaire 2024/2025 de l'école régionale de musique de Dudelange. Les cours sont dispensés à Dudelange, Bettembourg, Roeser, Weiler-la-Tour et Kayl/Tétange.
Ci-après quelques chiffres clefs : 1'766 élèves inscrits en cours collectifs, 1'239 élèves inscrits en cours individuels, 170 élèves inscrits en cours de musique de chambre ou d'ensembles, 55 enseignants.

**6 – URBANISME**

Les décisions suivantes sont prises à l'unanimité.

6.1. la mise en procédure du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général (PAG) – parties écrite et graphique, concernant deux sites : centre logistique de l'infrastructure ferroviaire (CFL) et zone d'activités économiques nationale (Wolser H) élaboré par le bureau d'études « Zeyen & Baumann ». Site CFL – centre logistique de l'infrastructure ferroviaire : Le premier site concerné par ce dossier vise l'aménagement d'un nouveau centre logistique de l'infrastructure ferroviaire pour les besoins de la société nationale des chemins de fer luxembourgeois (CFL), au nord de la Ville et adjacent au territoire de la commune de Bettembourg. Les CFL envisagent plus particulièrement à construire un nouvel atelier et magasin sur le site du Centre Logistique de l'Infrastructure ferroviaire à Bettembourg/Dudelange, sachant que la mise à disposition d'ateliers et d'un magasin central adaptés permettront aux CFL en tant que gestionnaire de l'infrastructure ferroviaire de moderniser et d'améliorer leurs activités au niveau de l'entretien du réseau ferré national. Site Zone d'activités économiques nationale Wolser H: Le deuxième site concerné par ce dossier vise une utilisation plus rationnelle du sol dans la zone d'activités économiques nationale Wolser H sur demande du Ministre de l'Économie. Le dossier concerne plus particulièrement la suppression de la superposition d'une servitude « urbanisation – stationnement écologique à ciel ouvert » gouvernant en partie les parcelles cadastrales concernées et de ne maintenir en vigueur plus que la zone de base « zone d'activités économiques nationale ». Cette demande se justifie par le fait qu'il n'existe actuellement plus de besoin de création d'un parking écologique en surface tel qu'initialement prévu, puisque les questions de parking à cet endroit ont été autrement organisées. Le Ministre demande dès lors de réaffecter la surface concernée au développement d'activités économiques industrielles classiques et telles que réglementées de manière générale dans le PAG concernant les zones d'activités économiques nationales ;

6.2. le Projet d'Aménagement Particulier « Nouveau Quartier » (PAP NQ-SD 08) « Route de Luxembourg – Citroën » concernant des fonds sis route de Luxembourg, présenté par le bureau « BALLINIPITT – Architectes Urbanistes » pour le compte de IMMO ETOILE 2 S.A., en tenant compte de l'avis de la cellule d'évaluation. Le projet concerne un terrain d'une envergure de 29,59 ares et vise la construction de 32 unités de logement collectif réparties dans une résidence. (Extrait de la présentation du 14 juin 2024 AG21 - 1 Route de Luxembourg – Dudelange de BALLINIPITT – Architectes Urbanistes et IMMO ETOILE 2 S.A)

6.3. le projet de lotissement/morcellement d'une parcelle cadastrale de la section A de Budersberg située au no 20, rue Angeldall en lot 1 et lot 2, suivant la demande de morcellement établi par la société GEOLUX G.O. pour le compte de la société Antonissen Lux. L'étude de faisabilité et le projet prévoit la construction de 2 maisons bi familiales à l'endroit.

**7 – COMMISSIONS**

Le conseil communal marque unanimement son accord pour ajouter Monsieur Alex Lassine au pool des remplaçants.

**8 – MOTION SOUMISE PAR LA FRACTION « DÉI GRÉNG »** concernant la création d'un subside à accorder aux jeunes à l'occasion de leur 18e anniversaire pour le Pass Interrail Jeune Par la motion déposée, la fraction Déi Gréng sollicite l'accord du conseil communal pour inviter le collège des bourgmestre et échevins à offrir à chaque citoyen de la Ville de Dudelange, à l'occasion de leur 18e anniversaire un subside d'une valeur de 300,- € en vue d'acquérir un Interrail Pass Jeunes. Après une longue discussion et un échange d'opinions, le conseil communal approuve unanimement la proposition trouvée d'un commun accord et invite le collège des bourgmestre et échevins de charger la commission des jeunes et la commission des actions sociales d'élaborer les modalités et le montant du soutien communal pour le Pass Interrail jeunes et de soumettre le dossier au conseil communal pour assentiment.

**9 – POINT ET MOTION SOUMIS PAR LA FRACTION « DÉI LÉNK »** au sujet du syndicat TICE. Le point déposé est en relation avec la position de la Ville de Dudelange par rapport à l'avenir du syndicat de communes TICE et la motion s'intéresse plus particulièrement aux négociations de la nouvelle convention à conclure entre le TICE et le Ministère de la Mobilité et des Travaux publics. Après une longue discussion et un échange d'opinions, le conseil communal approuve unanimement la proposition trouvée d'un commun accord et invite le collège des bourgmestre et échevins : d'informer régulièrement le conseil communal sur l'état d'avancement des négociations pour la passation d'une nouvelle convention entre le TICE et le Ministère de la Mobilité et des Travaux publics ; de s'engager, dans le cadre des négociations de passation de la nouvelle convention, mais aussi postérieurement, à continuer à investir fortement dans le TICE et à œuvrer pour le maintien des conditions de travail du personnel actuel et futur ; de s'opposer, pendant la négociation, à toute évolution qui aurait pour conséquence une dégradation de l'offre du TICE pour l'avenir ; de présenter au conseil communal la nouvelle convention et le nouveau tracé du Ministère et des responsables du TICE ; de s'engager à poursuivre le développement du réseau du TICE (lignes et horaires) dans la mesure où cela est nécessaire, faisable et abordable.

**10 - POINT PORTÉ À L'ORDRE DU JOUR PAR LA FRACTION « DÉI GRÉNG »** – « Sweet Event »

La discussion sur ce point a été demandée par la fraction « Déi Gréng » qui, séance tenante, dépose une motion invitant le collège des bourgmestre et échevins à ne plus dédier des fonds pour promouvoir et organiser l'événement « Sweet Event ». Après délibération, la motion est rejetée avec 12 voix contre 7.

**11 – MOTION SOUMISE PAR LA FRACTION « DÉI GRÉNG »** – « Grouss Botz Aktioun vun der Gemeng Diddeleng am Joer 2025 »

Une motion a été dépose par la fraction « Déi Gréng » proposant, en résumé, une organisation centralisée de l'action « Grouss Botz » par l'administration communale. Le conseil communal, après discussion, rejette la motion avec 14 voix contre 5.

**12 – QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS**

Des questions ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins par la fraction « CSV » au sujet de la maison « JuMa House » ; d'un logement social. Le collège des bourgmestre et échevins annonce qu'il répondra par courrier aux questions lui soumises dans le mois de la réception de celles-ci. Les questions et réponses afférentes seront diffusées au conseil communal et reproduites dans le rapport analytique des réunions du conseil communal.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos. Des décisions relatives au personnel communal sont avalisées par le conseil communal en séance à huis clos. Fin de la séance vers 13.50 heures.•

# GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 14. JUNI 2024



## 1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da ginn mer op den éischte Punkt iwwer ënnert Korrespondenz, Kommunikatioun. Direkt e puer Saachen, ech wéilt hei dem Gemengerot matdeelen, wann Der et net awer schonn iwwert d'Press gewuer gouft. E Méindeg den Owend war jo an der Philharmonie de Bauhärepräis, organiséiert vum OAI, vum Ordre des architectes et des ingénieurs. An Dir kënnt Iech jo erënneren, an engem vun de viregte Gemengeréit hat ech jo gesot, vu dass mer jo 9 Projeten, wou mer als Stad Diddeleng Bauhär sinn, agereecht hunn. Et muss ee soen, dass mer an deem dote Kontext véier Mol e Präis kruten, eng Kéier stellvertriedend de „Floater" dee Laureat ginn ass an der Kategorie 6, Bâtiments à vocation éducative, culturelle et sportive. An dann hu mer awer och Mentioune kritt fir d'Logements collectifs, d'„Logements abordables", wou och nach dobäi kënnt an engem Gebai dat als Monument national klasséiert ass hei uewen an der „Rue du Commerce".

Dann hu mer och eng Mentioun kritt fir de „VeWa Espace" de création. E géif och soen, dass de Lokomotivatelier net wäit ewech war fir och bal Laureat ze ginn, mee bon, do hat en aneren d'Nues e bësse vir. An an der Kategorie 8, Aménagement du territoire, urbanisme, espaces paysagers, de „Shared Space mat der Place Kinnen". Also 4 Projeten, wou d'Stad Diddeleng geéiert gouf. Wat jo och flott ass. Dat weist jo, dass d'Projeten déi mer hei an der Stad ëmsetze fir eis Stad an nach driwwer eraus deen néidegen Uklang fannen. Dat war mol vu menger Säit aus. An hei d'Kolleegen an d'Kolleeginnen aus dem Schäfferot, de René Manderscheid wollt nach eng Kommunikatioun maachen.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Da géif ech mat de Präisser weiderfueren. Dir hutt warscheinlech aus der Press matkritt, dass d'lescht Woch och de Klimadag war vun der Klima-Agence, an do sinn e ganze Koup Gemengen ausgezeechent ginn, ënner anerem ass dann och d'Diddelenger Gemeng dobäi gewiescht. Nodeems mer jo viru Jore just Bronze a Sëlwer gepackt hunn, si mer dann elo eng vun deene wéinege Gemengen hei am Land déi dann hei zu Lëtzebuerg mam Gold-Ofzeechen ausgezeechent gi sinn.
Dir wësst, d'lescht Joer am November ware mer nach zu Lörrach, do hu mer da vum European Energy Award hu mer do och Gold kritt, respektiv elo hei zu Lëtzebuerg eebenfalls mat Gold ausgezeechent. Dofir sinn ech ganz houfreg, fir déi zwou Auszeechnunge kënnen entgéintzehuelen.

Dat do ass awer net de Verdéngscht vum Schäfferot eleng, dat ass en Zesummespill vu ganz ville verschiddenen Acteuren, an ech denken do virun allem un all eis Mataarbechter, sief dat bei de Beamten, sief dat bei de Salariéen, eis Servicer, eist Gréngt Haus, eisen Ëmweltberoder, den Thomas Grüneberger a selbstverständlech och eise Gemengerot, deen och déi néideg Deliberatiounen oft huet missten hei stëmmen a wéi gesot och de Schäfferot, alles dat ass en Zesummespill gewiescht, dass mir hei zu Diddeleng ëmweltpolitesch staark ënnerwee sinn. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo ganz kuerz. Mir hate jo rëm eise Walbus fir d'Europawalen a mir haten dës Kéier e bësse méi grousse Succès. Mir hate 15 Faarten, d.h. 7 mol Aller-Retour an erëm eng Persoun, wéi d'leschte Kéier och, déi just en Aller gemeet huet. Voilà.

## 2. CIRCULATIOUN

### 2.1. APPROBATIOUN VUM TEMPORÄRE VERKÉIERSREGLEMENT FIR DE «VËLOSUMMER 2024»

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Merci fir d'Wuert. Also de Ministère huet am November d'lescht Joer erëm eng Kéier den Opruff gemaach gehat bei alleguer de Gemengen, fir ze froen, ob se wéilte beim Vëlosummer matmaache vum 27. Juli bis de 25. August 2024, well dat d'lescht Joer e grousse Succès hat. Et war am Gemengerot hei eng Kéier d'Remark komm, ob een dat net kéint zu engem spéideren Zäitpunkt maachen amplaz am Juli/August, zum Beispill bei der Schoulrentrée. Dat do ass awer en nationale Projet, ech mengen, ech hat dat schonn eng Kéier gesot, wou den Datum vum Ministère festläit, dofir ass et vum 27. Juli bis de 25. August, et ass net datt d'Gemengen dat elo selwer festleeën.

Mir hunn dann och 3 Projeten, déi selwecht wéi d'lescht Joer erëm eragereecht: den autofräien Zentrum, de Vëloswee tëschent Diddeleng a Beetebuerg an d'Ribeschponterstrooss. Mir kruten dann och vum Ministère gréng Luucht fir déi 3 Projeten. Wat heescht dat? Ma se wäerten eis Propose mat promouvéieren, d.h. Pub dofir maachen. Fir datt mer awer dee Projet Vëlosummer kënne realiséiere musse mer jo all Joers hei am Gemengerot och e Verkéiersreglement stëmmen, an ech géif dann am Detail eng Kéier drop agoen. Well och wann et déi nämmlecht Projete si wéi d'lescht Joer hu mer se och nach eng Kéier an der Verkéierskommissioun virgestallt gehat an ech ginn dofir am Detail och nach eng Kéier hei drop an.

Komm mer fänken einfach mol un hei am Zentrum. Par rapport zu 2023 ännert sech do eigentlech näischt um Vëlosummer. Trotzdeem vu menger Säit nach e ganz klenge Recapitulatif. Gespaart sinn tëschent

dem 27.7. an dem 25.8. fir den Autosverkéier jeeweils vu mëttes 12:00 bis den Dag drop moies 6:00 Auer d'Avenue Grande-Duchesse Charlotte tëschent der Rue Dominique Lang an der Gemengeplaz. D'Rue du Commerce, d.h. d'Place Kinnen, d'Rue Jean Jaurès tëschent der Niddeschgaass an der Rue de l'Etang. Déi ganz Gemengeplaz an d'Rue de la Libération tëschent der Gemeng an der Rue du Commerce. Sou kënnen dann och moies d'Geschäfter nach an d'Leit, déi och do wunnen, beliwwert ginn. Et si jo net nëmme Geschäfter, déi mol eppes geliwwert kréien. An am Nomëtteg an owes ass awer just fir de Foussgänger an de Vëlosfuerer op. Dëst ass aktuell och duerch d'Reglement vum Shared Space mat gereegelt, sou dass mer dann och am Vëlosummer vun deem Reglement profitéieren. Zousätzlech zum Späre ginn dës opgezielte Stroossen an eng Zone de rencontre oder Foussgängerzon mat Erlabnis fir de Vëlo ëmgewandelt, sou datt de Foussgänger och sécher vun där enger op déi aner Stroossesäit goe kann.

D'Awunner vun der Place de l'Hôtel de Ville, de Rescht vun der Rue Jean Jaurès an och der Liberatiounsstrooss, déi kënnen iwwert d'Rue Jean Jaurès oder iwwert d'Rue Karl Marx dann och erafueren. Dann d'Automobilisten aus der Rue de l'Etang musse bei der Barrière an der Rue Jean Jaurès riets ofbéien, ausser eeben et ass een Awunner, an d'Fournisseuren an d'Busser dierfen awer no lénks ofbéien. Dann hu mer och un de Cyclist geduecht, wann et ronderëm d'Gemengeplaz geet. Wéi 2023 ass et dann och erëm méiglech, beim Café Joker laanscht de Good Fellow, den ale Vagabond also, Richtung Libération mam Vëlo iwwert d'Strooss ze fueren. Déi lénks Spuer laanscht d'Gemengeplaz, déi gëtt fir de Vëlo gespaart. Dës Spuer gëtt bis 22, Rue de la Libération verlängert. An der Verkéierskommissioun hate mer och festgehalen, dës Spuer mat enger kalifornescher Mauer ze spären an och eng adequat Signalisatioun virzegesinn, fir dass dann och all Mënsch weess, wéi en ze fueren huet. Déi ganz Strooss, déi gëtt dann och als Zone de rencontre reglementéiert fir datt de motoriséierten Trafic och nëmme méi däerf mat 20 km/h fueren. A fir d'Kontrolle vun dem Accès an der Vitess hu mer och d'Hëllef vun der Police gefrot. An déi sëtze jo och an der Verkéierskommissioun an hunn dann och déi ganz Diskussioun natierlech matkritt.

Parkplazen, déi laanscht d'Strooss sinn, déi kënnen natierlech, wann dat gewollt ass, an Terrassen ëmgewandelt ginn. De Service Circulation, an eise Pit, deen ass jo och hei, déi haten eng Kéier eng kleng Entrevue viru 4 Wochen no der Verkéierskommissioun mat Vëlo Diddeleng, wou se mat enger neier interessanter Propos komm si fir eeben dee Wee hei laanscht d'Gemeng. Mir wäerten déi Propos an der nächster Verkéierskommissioun diskutéieren, mir musse se virun allem awer mat der Police diskutéieren, well mer do bei där Propos op hir Hëllef ugewise sinn.
De Pit sot mer awer, hien hat schonn eng éischt Entrevue mat der Police. Si sinn net ofgeneigt, a si haten och nach selwer eng Propos fir d'nächst Joer. Alles dat wäerte mer dann an där nächster Verkéierskommissioun diskutéieren a kucken, ob mer dat mat hirer Hëllef dann och fir 2025 kënne maachen an dann och reglementéieren. Fir de Schwéierverkéier awer och aus dem Zentrum erauszekréie gëtt et e Sens recommandé fir Gefierer iwwer 3,5 Tonnen bei der Rue de l'Etang a bei der Kräizung Keel-Lëtzebuerg-Gafelt opgestallt, deen dann eeben duerch d'Gafelt féiert.

Da komme mer bei de Ribeschpont. Mir spären och d'Ribeschponterstrooss tëschent der Näerzengerstrooss an der Schoul Ribeschpont fir de motoriséierten Trafic. Genau also wéi dat d'lescht Joer war. A fir datt all Mënsch sech drun hält, gëtt dann d'Strooss uewe bei der Näerzengerstrooss an ënne beim Wendehammer mat schwéiere Bléck och gespaart a sou opgestallt, dass de Vëlosfuerer natierlech problemlos laanscht kënnt, mee den Autofuerer awer do keng Chance huet fir sech laanscht ze schmuggelen. Bis dato kréie mer d'Erlabnis nach ëmmer net fir de Ribeschpont permanent fir de motoriséierten Trafic zouzemaachen. Mir hunn nach eng Kéier en neien Avis elo bei der staatlecher Verkéierskommissioun ugefrot, well sech bei der Reglementatioun e bëssen eppes gedoen huet, sou datt d'Hoffnung ass, datt mer vläicht iergendwann déi Erlabnis kréien.

Mir waarden aktuell nach ëmmer op den Avis, respektiv op e Retour. Ech soen dat doten, well dat och ugeschwat gouf an der Generalversammlung vu Vëlo Diddeleng. Dee leschten Avis wou mer haten, ech mengen deen ass elo e gutt Joer al, do hu se eis nach ëmmer gesot, mir däerften et net zoumaachen. Voilà, mir waarde wéi gesot do op deen neien. Den Accès fir d'Ambulanz an d'Baueren, deen ass och ëmmer iwwert Nieweweeër garantéiert. D'Autosfuerer ginn an der Rue Soibelkaul wärend dëser Zäit ëmgeleet. Fir d'Awunner vum Quartier Soibelkaul ze schütze gëtt och e Fuerverbuet, e sougenannten C2 opgestallt mat expcepté Bus, Riverains a Fournisseurs, sou datt natierlech d'Awunner ëmmer bis bei hir Haiser kommen, respektiv de Bus och ka weiderhin duerch de Quartier fueren. An och dës Mesure ass net anescht wéi d'lescht Joer.

Dann de Projet Vëloswee tëschent Diddeleng a Beetebuerg. Deen dréit jo den Titel „Family Tour am Süden". Vun 2022 an 2023 ass dat e Parcours vu ronn 15 Kilometer. Do muss kee Reglement geholl ginn. Hei gëtt den Tracé duerch Schëlter a Marquagë gezeechent. An dee féiert eeben iwwert déi bestoend Vëlosweeër tëschent deenen zwou Gemengen. Vläicht als kleng Info wéinst dem Chantier zu Beetebuerg. Dir wësst, do gëtt eng nei Bréck gebaut. Do ass de Wee e bësse méi laang ginn. Dat heescht, d'Leit musse lo bis bei d'Rue Lentz am Norde vu Beetebuerg fueren éier se d'Eisebunn kënne kräizen an duerno fuere se laanscht d'Schoul a Richtung Süden a kommen och bei der Gemeng laanscht. Dat huet elo manner mat eis ze dinn, mee ech wollt et awer als Informatioun matgedeelt hunn. Voilà. Dat war et elo vu menger Säit. Et ass wéi gesot alles an der Verkéierskommissioun diskutéiert ginn a fir de Rescht, fir d'Detailfroen an déi méi technesch Saachen, respektiv wann eppes net kloer war an der Deliberatioun ass de Chef de service vun der Circulatioun hei, de Pit Demuth. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. Ma als alleréischt wollt ech emol och Merci soen, dass d'Gemeng Diddeleng dann nach eng Kéier bei där doten Aktioun matmécht. Well ech mengen dat ass net selbstverständlech, d'Madame Dall'Agnol huet et grad gesot, de Ministère freet d'Gemengen op se wëlle matmaachen, an Diddeleng huet sech nach en Kéier bereet erkläert, iwwerhaapt matzemaachen. Dat fanne mer gutt. Wat mer och gutt fannen, dat ass, dass aus de Feeler vum leschte Joer u sech geléiert ginn ass. Do hate mer bemängelt, dass dee Pop-up-Vëloswee hei virun der Dier, dass wou déi Spuer zougemaach gëtt, dass déi net ëmmer ganz glécklech war an dass do lo probéiert gëtt mat där kalifornescher Mauer deem entgéintzewierken dass déi Backe sech ëmmer méi verschiben an dass et geféierlech gëtt fir de Vëlosfuerer.

Wat nach net ganz kloer war an der Verkéierskommissioun, dat war dat mam motoriséierten Trafic, deen awer mëttes nach doduerch gefuer ass. Do hat ech mer opgeschriwwen, dass ee beschtefalls mat der Police zesumme sollt kucken dass dat agehale gëtt. Do sinn ech elo erfreet ze héieren, dass dat gemaach ginn ass, an dass dat och sou wäert geschéien. Dat heescht an deem dote Sënn bleift eis am Fong keng Remark méi wou mer géife soen, bon, dat doten ass net sou wéi et dës Kéier kéint op deene schwierege Plaze vum leschte Joer besser klappen. Zwou kleng Froen hätte mer allerdéngs aus den Dokumenter gehat. Dat wär an der Rue de Manom, do ass eng Circulation interdite. Dat ass uewen am Quartier Ribeschpont hannen do wou een aus deem klenge Rond-point kënnt. Eis ass scho kloer, dass dat geduecht ass fir de Schläichwee zouzemaache fir d'Autoen, déi net sollen duerch de Quartier fueren. Och alles tipptopp. Fir d'Vëloen, ass dee Wee awer op weiderhin? OK, super. D'Claudia nickt.

Déi zweet Fro. Wou ech gëschter nach eng Kéier op d'Plaz kucke war, wéi ech du och an der Verkéierskommissioun gesot hat, déi e bësse méi geféierlech, schwiereg kéint sinn. Dat ass, wa mer de Pop-up-Vëloswee hei weiderfuere bei de Colabor, do an déi Richtung, do geet et eng Kéier iwwert den Trottoir a riets erof Richtung Match an d'Rue du Commerce. Do hate mer gefrot, ob et méiglech wier, déi Vëlossträif eventuell mat sou Kisel ze maachen, also déi Faarf wou am Fong de Kisel dran ass, dass wann ee mam Auto driwwer fiert, dass ee spiert, dass et rubbelt, fir dass méi kloer ass fir den Autofuerer: OK, do kënne Vëloen entgéintkommen. Well an där Strooss geschitt et reegelméisseg, dass déi zwee kleng Piktogrammen, dat deet d'Autofuerer erschrecken, wann do e Vëlo entgéintkënnt. Vum Wee hir ass et scho praktesch, fir deen do kënnen ze huelen. Et wier eeben e klengen Detail, wou mer géife froen, ob dat nach machbar wier virum Vëlosummer, fir déi do Plaz vläicht en Tick méi sécher ze maachen. Op alle Fall e grousse Merci fir d'Erklärungen an och fir deen nächste Versuch och mat der Näerzengerstrooss fir do dauerhaft kënnen de motoriséierte Verkéier erauszehalen an och de Foussgänger d'Méiglechkeet ze bidden aus dem Ribeschpont, Butschebuerg kënnen ze trëppelen. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Dann huet et mech wierklech gefreet, dass mer nach eng Kéier beim Vëlosummer matmaachen. Jo, mer schwätzen all Joers awer plus ou moins déi selwecht Saachen un, déi mer kënne verbesseren oder net. Wat mech effektiv freet, wat awer vill Leit net freet, dat ass mer driwwer nodenken, d'Näerzengerstrooss uewen zouzemaachen. Mech perséinlech freet et. Ech fannen dass dat eng Strooss ass, déi net onbedéngt néideg ass a mir späre se all Joer just fir de Vëlosummer. Et ass eng Strooss, déi ganz praktesch ass fir all Leit, déi do wunnen fir sech kënnen net mat motoriséierte Vehikel an d'Duerf ze deplacéieren. Mee vun do aus kanns de effektiv de Vëlo huelen an eroffueren fir an den Zentrum ze kommen, mee awer och fir an den Hartmann ze goen oder op de Kennedy oder op den Tennis a sou weider. A sou laang do Autoe fuere kann een dat net maachen. An dann hues de awer d'Tendenz, da sees de awer nees: Et ass gutt, mir loossen de Vëlo stoen, mir huelen den Auto fir erofzefueren, et ass einfach méi sécher an et geet besser. Dofir, mir begréissen trotzdeem dass dee Schratt do gemeet gëtt, well och déi Period, wou déi Strooss zou ass, da fiers de einfach deen anere Wee, an deen ass guer net sou ëmständlech. Ech fueren deen dann och wann zou ass.

Par konter, wann d'Strooss op ass fueren ech d'Strooss awer trotzdeem riicht erof, well mir si wéi d'Waasser, mir huelen ëmmer dee kierzte Wee a da gi mer eeben erof. Nach e ganz positiven Aspekt dee mer lo héieren hunn, dat ass dass mer hei vir dann eebe Parkplazen zu Terrasse kënnen ëmsetzen. Eng Propos, déi d'CSV eng Kéier am Budget gemeet hat, dass mer kéinten am Summer och eventuell kucke fir Pop-up-Terrassen ze organiséiere fir deene verschiddene Restaurateuren do entgéintzekommen. Mir kommen där Saach do an deem Punkt do e bësselche méi no, dat ass also och ze begréissen.

Fir de Family Tour dee gemeet gëtt, do kéint een an Zukunft vläicht e bësse méi Promotioun maachen, fir dass et e richtege Family Tour gëtt. Vläicht och, wou d'Leit kënnen eng Nuecht schlofen, dass een an deem Kader nach méi Promotioun mécht fir de Floater eventuell an eventuell nach e puer Restauranten abënnt, déi vläicht sou e Family dinner oder e Family lunch kéinten organiséieren, déi een do kéint mat abannen. Sou eng kleng Iddi nach fir d'Zukunft. Wat mir d'lescht Joer wierklech guer net gutt fonnt haten, dat war wéi et hei virun der Gemengeplaz gelaf ass. Ech perséinlech sinn och elo mat där heiter Iddi net ganz begeeschtert, ech sinn awer begeeschtert, dass Der oppe sidd fir an Zukunft driwwer ze diskutéiere fir aner Alternativen do ze fannen. An ech mengen déi Dier, déi ass jo definitiv net zou, déi ass op, an där Ouverture sti mer och ganz entgéint, dofir ënnerstëtze mer et och hei nach eng Kéier ee Joer wéi et lo leeft. Mee mir hoffen awer, dass mir dat d'nächst Joer iergendwéi aneschters gereegelt kréien. Well ganz praktesch war et net, et huet dem Vëlo effektiv souguer geschuet d'lescht Joer.

Mir maache jo eppes fir de Vëlo ze promouvéieren, a wann s de eppes méchs, wou d'Leit alleguerte genervt sinn a wat net geet, an wann d'Backe schif stinn an de

Vëlosfuerer ass genervt an d'Autosfuerer si genervt an d'Foussgänger, dann hu mer nëmme Perdanten. Mee wéi gesot, ech denken dass mer do besser weiderkommen. An da sinn ech deen, wou gesot huet, firwat maache mer deen elo am August? Et ass net onbedéngt sou gemengt gewiescht, et ass just am August effektiv, wa mer wëllen de Vëlo nach méi promouvéieren, fannen ech ëmmer dass eng Rentrée mam Vëlo e flotten Akzent wier fir d'Leit ze mobiliséieren oder e bësselchen ze fërdere fir mam Vëlo an d'Schoul ze fueren, déi Period, wou et net ze vill reent a Schnéi fält. Dofir hunn ech ëmmer gesot, eng Rentrée mam Vëlo géif mer och nach gutt gefalen. Dat kéint ee jo an Zukunft do eng Kéier ausbauen vu que dass mer jo oppe si fir anstänneg mateneen ze schaffen alleguerten an och an der Verkéierskommissioun. Da musse mer viru kucke wat an deenen nächste Joren dobäi erauskënnt. A wéi gesot, wéi dat hei sou ass, dat droe mer da sou mat. A da freeë mer eis dann e puer Kilometer méi mam Vëlo ze fueren am Summer.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci fir d'Wuert. Als éischt emol e grousse Merci un de Pit fir dee Plang deen e gezeechent huet. Dat war jo e bëssen eng Demande vu mir an ech fannen et vereinfacht wierklech d'Saach fir dat Ganzt ze verstoe wann een dann d'Deliberatioun niewenteneen huet, da versteet ee wierklech wat gemengt ass, och wann et natierlech schonn an der Verkéierskommissioun diskutéiert gi war. Da sinn ech elo natierlech an e bëssen enger blöder Situatioun, ech mengen ech sinn net bekannt als grouss Vëlosenthusiastin, ech hunn där awer an der Fraktioun, an déi géinge mer de Kapp erofrappe wann ech elo näischt géing soen. Dowéinst: Don't shoot the messenger, wanneschgelift. Also de Vëlosummer, mir begréissen dat natierlech och wéi déi aner Parteien, dass dat ëmmer gemaach gëtt. Et ass virun allem flott fir d'Promotioun vum Vëlo, grad dann, wann hoffentlech gutt Wieder ass. An d'Iddi ass jo och fir duerch Adaptatioune vun der Infrastruktur e gewëssent Sécherheetsgefill ze schafen, sou dass eebe vläicht méi Leit sech trauen, op de Vëlo ëmzeklammen an doduercher an deem Mount nei Gewunnechten ze maachen.

An dowéinst fanne mer et och wierklech flott, dass mer do matmaachen. Fir den Deel um Ribeschpont, do wäre mer natierlech och frou wann een dat kéint dauerhaft maachen, mee do gesi mir dass dat eng ganz flott Léisung ass, zumindest da fir de Vëlosummer. Jo et ass kee Geheimnis, dass dann effektiv déi Fro am Zentrum vun Diddeleng e bëssen ëmstridden ass. Ech gesinn och, dass duerch déi kalifornesch Mauer déi do soll gesat ginn, ech mengen dass dat jiddwerengem d'Liewe vereinfacht, souwuel ass et méi sécher fir d'Vëlosfuerer an et ass warscheinlech och méi einfach fir de motoriséierte Verkéier, dee laanschtfiert, well deen einfach méi sécher guidéiert ass. A mir loossen eis dann iwwerraschen, ob et da wierklech gutt gezeechent ass, dass einfach net herno béis Iwwerraschunge kommen.

Ech mengen et kënnt dann do vill op d'Detailer un, wéi et gezeechent ass. Mee déi Kräizung, déi elo schonn ugeschwat goufe beim Colabor, d'Kräizung tëscht de Rue du Commerce an der Rue de la Libération, déi ass natierlech e bësse speziell. Well do muss een dann als Vëlofuerer vun der Strooss op den Trottoir fueren, da fiert ee vum Trottoir iwwert den Zebrasträifen an dann nees op d'Strooss. Dat ass elo mengen ech net déi allerbeschte Léisung. Ech weess awer och elo net, wéi een et kéint besser maachen. D'Iddi ass gutt, a mir sinn och ganz frou, dass mer lo héieren hunn, dass schonn eng Entrevue war mat Vëlo Diddeleng fir da vläicht d'nächst Joer déi ganz Iddi nach weider ze entwéckelen. Ech mengen et ass nach Loft no uewen. Mee mir ënnerstëtzen dat awer a sinn da gespaant, ob dat sech an deenen nächste Joren nach e bësse weiderentwéckelt. Merci.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Als LSAP begréisse mer natierlech erëm de Vëlosummer an et ass e ganz gutt Beispill, wéi d'Gemeng Diddeleng aktiv Moossnamen ergräift fir déi nohalteg Mobilitéit ze fërderen an d'Bewosstsi fir ëmweltfrëndlech Verkéiersmëttelen. Net méi spéit wéi gëschter hu mer gesinn, wéi d'Coupe scolaire duerch Diddeleng gaangen ass, wéi wichteg et ass, dass Jonker sech op der Strooss beweegen an och ze léieren. Et geet net nëmmen duer dass se d'Verkéiersreegele léieren, se mussen awer och kënnen üben. An dëst ass eng immens gutt Geleeënheet, wou se kënnen üben op de Stroossen, wou se awer am Stroosseverkéier iergendwéi agebonne sinn ouni datt se lo riskéieren a Gefor ze kommen. Et ass eng gutt Geleeënheet, eebe mat deem Vëlosummer, fir Béides mateneen ze verbannen. An dofir wäerte mir dëst Reglement och mat Jo stëmmen. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo Merci. Ech mengen herno fir den Iwwergank Libé-Commerce, wat mer effektiv schonn eng Kéier diskutéiert haten, ginn ech herno eng Kéier kuerz dem Pit d'Wuert fir ze kucken, ob do technesch nach méi dra war. Effektiv hate mer, an ech mengen et war och scho vum Här Steffen komm, an der Verkéierskommissioun do schonn driwwer rieds. Zum Ribeschponterwee. Also mir wären alt scho mol frou wa mer 30 km/h do erlaabt kriten. Da géife mer warscheinlech schonn eng Magnum opmaachen, well dann hätte mer scho ganz ganz vill geschafft. Well wa mer bis 30 km/h hunn, da kanns de och mat Höcker fueren, du kanns et verengen. Jee, du kanns aner Saache maache wéi mer elo mat 50 km/h hunn.

Also wéi gesot, mir wiere scho frou, war mer iwwerhaapt iergendeppes op deem Wee do vu ganz uewen erlaabt kréien, mee loosse mer eis mol iwwerraschen. Zu den Terrassen, ech mengen et war den Här Martini, deen dat gesot huet. Also et ass jo sou, mir hunn ni engem verbueden, do Terrassen ze maachen. Mir kënnen natierlech de Restaurateur oder de Cafetier net zwéngen, seng Terrass méi grouss ze maachen. Dat steet deem natierlech fräi, och dëst Joer erëm. A mir hoffe wa gutt Wieder ass, datt se dovu profitéieren a virun allem datt se doduerch vläicht deen een oder anere Client méi hunn.

Wat de Family Tour ubelaangt, fir dee méi ze promoten. Ech mengen eise Service Communication, déi sëtzen och hei. Déi wénke mam Kapp, déi hunn dat och héieren.

Déi kucke sech dat nach eng Kéier un a da kënne mer kucken, wat mer do nach kënne maachen. Zu de Backe vum leschte Joer. Also, dat waren d'Leit selwer, déi se geréckelt hunn. Déi hu sech net vum selwe geréckelt. Dat heescht, déi nämmlecht Leit, déi sech beschwéiert hunn datt d'Backe kromm stoungen, dat ware ganz dacks déi, déi se selwer geréckelt hunn. Also mir sinn net fäerdeg ginn, déi Backen ërem eng Kéier riicht ze setzen, a Positioun ze setzen. Dofir hoffe mer datt mat där Léisung, déi mer elo fonnt hunn, dat net méi méiglech ass.

An da war awer nach eppes. D'Madame Thoma hat begréisst, datt de Pit e Plang dobäi gemeet huet. Effektiv, Dir hat dat d'leschte Kéier gefrot. Well sou e Verkéiersreglement ass, wann een net dran ass, respektiv net an der Verkéierskommissioun ass, wou et dann am Detail erkläert gëtt an een da menger Erklärung hei muss folgen, dann ass dat net sou einfach. Ech mengen effektiv, datt dat et erliichtert an datt vill manner technesch Froen och op de Pit duerkomme wann, wou et méiglech ass, eng Erklärung dobäi ass. Voilà, dat wär et vu menger Säit an da ginn ech dem Pit nach d'Wuert fir hei déi Kräizung e puer honnert Meter erop.

PIT DEMUTH (SERVICE DE LA CIRCULATION): Merci fir d'Wuert. Ma ech soen als éischt emol Merci, dass Dir meng Pläng verstitt, dat heescht dat ass en Zeechen, dass et net sou komplizéiert ass. Ech fänken als éischt awer eng Kéier mat deenen einfache Saachen un. Den Här Martini hat déi Randonnée am September ugeschwat. Da wëll ech eng Kéier e bësse virgräifen. Am Kader vum Mobilitéitsdag bitt d'Gemeng Diddeleng och Randonnéeën un hei, déi sollte vun der Gemengeplaz a verschidde Quartiere goen. Dat heescht, do ass elo erëm eng Geleeënheet, fir Diddeleng e bësse mam Vëlo kennenzeléieren. An dann déi Kräizung Rue du Commerce/Rue de la Libération. Ech weess, et ass eng ganz komplizéiert Saach, mee ech muss awer hei och nach eng Kéier soen, wat déi Jore virdrun och gesot ginn ass. Ech mengen d'Kräizung ass entstanen am Kader vum Shared Space Phas 3, wou mer d'ganz Rue du Commerce an d'Rue de la Libération ëmgebaut hunn. An do hu mer jo nach wärend dem Chantier och déi Kräizung nach eng Kéier ugepak. An dat do ass provisoire, bis eventuell och eng Kéier de Rescht Liberatiounsstrooss ugepaakt gëtt an da soll dat jo och alles Shared Space ginn an dann ass dat och herno vill méi einfach fir herno den Iwwergank ze maachen an d'Rue du Commerce.

Wat dem Här Steffen seng Demande war, fir do Kräsi an de Marquage ze maachen, ech mengen dat ass net déi eenzeg Plaz, wou Dir dat gefrot huet. Ech hu mech hei e bësse renseignéiert. Also déi eenzeg Plaz hei am Land, wou mer et dierfe maachen an deen eenzege Betrib wou déi Maschinnen huet fir dat kënnen ze maachen, ass Ponts & Chaussées, a si maachen dat op den Autobunnen. Ech hunn nach néirens gesinn dass dat iergendwéi an de Gemengestroosse gemaach gëtt, well dat ass e Risenopwand, dat si Risemaschinnen, speziell Maschinnen, well déi musse jo d'Faarf mam Kräsi vermëschen. A fir sou Saachen opzepeche gëtt et och eng ganz deier Geschicht. Sou e Meter Band, do bass de bei 150.- €. Dat heescht, wa mer lo denken, déi Strooss huet 60 Meter, mol 2, da si mer scho bal bei 12.000.- € just fir eppes opzepeche wat vläicht eng Saison hält. Mir hunn do gekuckt, wat et nach fir Alternative ginn, mee et ass am Moment schwéier, eppes um Marché sou ze fannen. Ech sinn och all Joers beméit, déi Kräizung sou gutt wéi méiglech ze zeechnen, dass den Iwwergank ze maachen ass. Wann een eng Léisung huet, aus dem Ausland oder sou, kënnt Der ëmmer bei mir uklappen, ech sinn do ëmmer Demandeur. Ech soe Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Wa lo keng weider Froe méi wären, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwergi vun dësem Verkéiersreglement. Wien ass domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

### 2.2. APPROBATIOUN VUN ENGEM AVENANT ZUM ALLGEMENGE VERKÉIERSREGLEMENT FIR DE PROVISORESCHE PARKING AN DER ROUTE DE VOLMERANGE AN DER RUE REITESCHKOPP

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da gi mer op den nächste Punkt iwwer. An dat sinn am Fong eis Parkingen am Kader vum Projet NeiSchmelz vum Fonds du logement.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Merci fir d'Wuert. Et geet ëm den neie provisoresche Parking hannert dem Stolwierk an der Wuelmerengerstrooss beim Portal an dem Rouden Haus. Éier ech elo op d'Detailer vum Parking komme maachen ech vläicht e klenge Recapitulatif wat hei bis elo passéiert ass. Dir kënnt Iech erënneren, den 19. September gouf et deen 2. Avenant mam Fonds du logement hei am Gemengerot guttgeheescht an an deem Avenant steet dran, dass d'Stad Diddeleng bis den 1. Abrëll 2024 nach kann iwwert Deeler vun NeiSchmelz verfügen. Ënner anerem eeben och de Parking Saint-Eloi mat 100 Stellplazen an och de Camionnettëparking bei der Arbed mat sengen 42 Stellplazen. An no dem 1. Abrëll géif de Fonds du logement dann alles zoumaachen a mat den Ofrappaarbechten ufänken.

Op der Présentation publique mam Fonds du logement vum 18. Oktober d'lescht Joer an eisem Centre culturel huet de Fonds du logement dat dem Public och esou matgedeelt, wéi se an deenen nächste Méint de Projet vun den Ofrappaarbechte géifen handhaben. A se sinn dobäi natierlech och op d'Parksituatioun wärend dem Chantier agaangen, well eeben de Parking bei der Kapell St. Eloi muss wärend dem Chantier zougemaach ginn. Idem och de Camionnettëparking beim administrative Gebai vun der Arbed. Hei kommen nämlech d'Installations de chantier hin an et ginn och nei Infrastrukturen do verluecht, Kanal, Waasser, Elektresch, jee alles.

Well d'Awunner an d'Commercen aus der Géigend awer Angscht haten, keng Parkplaze méi ze hunn, huet de Fonds du logement zesumme mat eise Servicer am Virfeld schonn no Alternative gesicht gehat, wou een da kéint provisoresch Parkinge schafe bis eeben den neie Parking bei der Kapell Saint-Eloi erëm opgeet. Do gouf eng Fläch hannert dem Stolwierk fonnt, wou ee

ronn 88 Autoe kann histellen. Den Accès deen ass beim Portal, beim Rouden Haus. Dësen neie Parking ass ronn 300 m vum Parking Saint-Eloi ewech an de Fonds du logement dee këmmert sech och ëm den Amenagement vun dësem Parking. D'Camionnette sollen op dem Parking vis-à-vis vun der Dumping station kommen, an do ass da Plaz fir eng ronn 60 Camionnetten. D'Parkinger déi sollen dann natierlech fäerdeg sinn éier de Parking Saint-Eloi an dee bei der Arbed soll fir de Public zougemaach ginn, et schéngt mer logesch. Gläichzäiteg verschwannen awer och déi toleréiert Parkplaze beim alen administrative Gebai vun der Arbed. Well hei handelt et sech och ëm den Terrain vum Fonds du logement. An déi wëllen eeben net méi dass Autoen do stinn, well se net fir de Schued wëllen opkomme falls eppes un engem Auto passéiert. Zousätzlech wäerten dës Gebaier och ofgerappt ginn, sou dass aus Sécherheetsgrënn dës Plaze mussen do verschwannen.

Op Nofro vun de Restaurateuren aus dem Quartier vun der Schmelz hu mer nach eng Kéier du mam Fonds du logement verhandelt a mat hinnen ausgemaach bis Enn 2024, Ufank 2025 nach 20 Plazen um Parking Saint-Eloi kënne weider ze benotzen. An enger éischter Phas gëtt net de ganze Parking gebraucht, well primär schaffe se ënnen um Parking, do wou d'Passerelle steet a maachen Opschëttaarbechte fir den Niveau vum Terrain hei ze egaliséieren. D'Infrastrukturleitunge ginn eréischt Ufank 2025 geluecht, sou dass déi Plaz nach ka bis Enn 2024 gebraucht, respektiv benotzt ginn. Duerch Problemer bei den Ausschreiwungen ass awer den Termin vun der Fermeture vum Parking Saint-Eloi an Arbed, dat hutt Der gemierkt, ech hat virdru gesot 1. Abrëll, ass deen op den 1. Juli verréckelt ginn. An déi 2 provisoresch Parkingen oder Ersatzparkingen, komm mer nennen et esou, déi sinn dann och säit Ufank Juni fäerdeg amenagéiert, mee mussen eeben hei vum Gemengerot mat engem Verkéiersreglement beluecht ginn, an dat ass eigentlech dat, wat mer lo hei solle maachen. An aus deem Grond musse mer haut eeben en Avenant op dat besteeënd generellt Verkéiersreglement huelen, wou mer dann eeben déi zwee genannte Parkinge reglementéieren.

Mir leeën op deen neie Parking d'selwecht Reglement drop wéi um Saint-Eloi a wéi bis elo och op all eis aner Parkingen. De Camionnettëparking op der Reiteschkop kritt och dat selwecht Reglement wéi den ale Camionnettëparking nieft der Arbed sengen administrative Gebaier. Mir installéieren op béid Plazen natierlech och en Horodateur an eis Agente ginn dat natierlech och kontrolléieren. Vläicht nach als kleng Info: Mir kruten op deene béide Parkinge méi Parkplazen hin, wéi mer initial versprach haten. Beim Stolwierk sinn elo ronn 100 Plazen an op der Reiteschkopp eng ronn 65 Plazen. A fir all weider Froen technescher Natur oder Informatioune wéi et weidergeet ass de Pit hei. Et war och e Flyer erauskomm. Ech weess net, ob Der deen alleguer gesinn hutt. Ass dee scho raus? En ass nach net eraus. Da ginn ech dem Pit d'Wuert.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci. Da si mer mol fir d'éischt immens dankbar, dass mer op d'Doleancë vun de Geschäftsleit agaange sinn do uewen. Et waren d'Restaurateuren, déi un éischter Stell gefrot hu fir nees e Parking erbäizekréien, nodeems deen ee wäert verschwannen.
Als Persoun déi vill Promotioun fir de Vëlo mécht, kéint ee jo soen, elo ass et dach gutt, dat brauche mer net onbedéngt fir Parkingen, well d'Leit kënne jo och zu Fouss, mam Bus a mam Vëlo fueren. Mee sou ass et net. Leit déi owes an e Restaurant iesse ginn, déi mëttes an e Restaurant iesse ginn, do sinn éischtens mol och Leit dobäi, déi vun der Mobilitéit hir e bësselche manner gutt sinn. Et deet ee sech gäre mol e bësse méi chic u fir an de Restaurant iessen ze goen, virun allem wann een an e flotte Loxalis geet, deen trotzdeem Auszeechnungen huet am Guide Michelin an am Gault Millau. Ech mengen dat si scho speziell Evenementer, wann een dohinner geet an do deet ee sech gären och emol e bësse passend un. An da mécht ee sech e gemittlechen Owend do oder e gemittlechen Nomëtten. An dat ware virun allem d'Restaurateuren, déi gefrot hunn, fir dann eeben en Ersatz do ze kréien. Dofir e grousse Merci, dass mer deenen Doleancen do entgéintkomm sinn.

Lo musse mer kucke wéi et weidergeet no 2025. D'Parkplazen do uewe wäerten awer trotzdeem ëmmer gebraucht gi fir wa mer de Business do uewe wëllen oprechterhalen, wa mer d'Leit wëllen ënnerstëtzen. Wa mer och bedenken, dass all déi aner Restaurateuren, déi wou elo e Lokal hu vun der Gemeng, déi hunn alleguerten e Parking. Dat ass och net fir näischt. Well ech e bësselchen och mat de Leit geschwat hunn, déi wou an d'Restauranten iesse ginn do, déi ech net sou kannt hunn. An et si vill Leit, déi vun ausserhalb kommen. Ganz ganz vill Leit. Ech war iwwerrascht doriwwer, wéi vill Leit och aus dem noe Frankräich eriwwerkomme fir iessen ze kommen an déi hu jo guer keen Accès op eisen ëffentlechen Transport. An dat wär dann eng ganz Clientèle, déi awer trotzdeem e grousse Chiffre d'affaires vun deene Geschäfter ausmécht, déi da fir d'Leit géing ewechfalen. An dat wär awer schued, well mir si jo trotzdeem oppe fir d'Groussregioun, dass och déi aner Leit da bei eis kënnen iesse kommen.

Fir de Rescht hu mer eis just nach kuerz d'Fro gestallt gehat, wéi et mat der Beliichtung ass op där Plaz. Ass dat de Fonds du logement, deen sech dorëms wäert bekëmmeren, oder kënnt keng Beliichtung dohinner? Op déi nei Parkingen, jo. Well et si lo effektiv iwwer 300 m. Fir mech ass dat elo net allze vill. Ass do eng Navette, déi herno hin an hir fiert fir d'Leit ze transportéieren? Wa jo, wien iwwerhëlt déi Fraisen? A wann neen, ass eppes ugeduecht? Voilà, ech mengen dat waren all déi Froen, déi ech elo wollt stellen. An da kucke mer mol, wéi et weidergeet. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Jo mir haten déi Situatioun vun de Parkinge jo schonn an der zouständeger Kommissioun gekuckt. An do si sech eeschthaft Gedanken doriwwer gemaach ginn, fir de Besoin vum Bierger an natierlech och vum Restaurateur ze decken. An dass natierlech elo nach déi 20 weider Parkplazen um Saint-Eloi-Parking nach eng Zäitche weider kënne gehale ginn, dat begréisse mer op alle Fall. An esou wéi ech d'Saach gesinn, misst normalerweis all Bierger, deen elo eng

Parkplaz do fonnt huet och an Zukunft eng fanne wärt, och wann en eng Kéier e puer Meter méi wäit muss fueren. Mee mir wësse jo, dass dee Parking do net definitiv ass, dat ass jo just zäitweileg. Well duerno kënnt en 3. Parking, deen dann tëschent deenen zwee vun deene mer lo grad geschwat hu wäert entstoen. An da sinn natierlech och déi Bierger, déi an deene verschiddene Stroosse wunnen erëm e bësse méi no bei hirem Heem. Merci.

PIT DEMUTH (SERVICE DE LA CIRCULATION): Merci fir d'Wuert. Also de Flyer, dee geet elo de Mëtten eraus. Dat heescht, d'Bierger wäerten en elo de Méinden an der Boîte leien hunn, aus dem Quartier. D'Beliichtung. Also déi zwee Parkinge si beliicht. Deen een, op der Reiteschkopp, deen ass beliicht, do ass d'Gemeng dofir responsabel. Schmelz, dat ass dann och de Fonds du logement. Navette. Et ass aktuell net virgesi fir eng Navette ze fuere well bei der Entrée vum Parking ass den Arrêt vun der Linn 8. An zum Beispill wie wëllt bei Loxalis fueren, deen huet jo och direkt virdrun e Busarrêt. Dat heescht, et kann een einfach vun der Linn 8 profitéieren, fir vum Parking bis bei de Restaurant ze komme wann een net méi gutt zu Fouss ass.

Da wëll ech awer och nach bemierken, well vum Saint-Eloi-Parking rop bis bei de Loxalis, dat sinn 150 Meter. Dat heescht, et ass elo net, dass een direkt virun der Dier ka parken. Dat muss ech hei och nach eng Kéier richtegstellen. Dann ass och nach, wat Claudia elo och nach net gesot huet, wann d'Parkinge zougemaach ginn. Dat heescht, den 1. Juli wëlle se d'Parkingen zoumaachen, mee da sinn eng Woch laang béid Parkinge gläichzäiteg op. Dat heescht, et huet ee vum 1. bis den 8. Juli Zäit, fir sech drun ze gewinnen, vun engem Parking op deen aneren ze goen. Et ass elo net, dass mer Hauruck deen een opmaachen an deen aner direkt zou. Do ass nach eng Woch Iwwergangsphas fir dass een et eventuell mierkt. A mir stellen och Schëlter op, fir dass d'Leit och mierken, dass a) deen ale Parking zou ass a b) op deen anere Parking mussen auswäichen. An dat war et elo vu menger Säit aus.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo Dir hutt gesinn, déi gutt Noriichten, datt mer zwee Parkinge gläichzäiteg oploossen, déi iwwerloossen ech dann dem Pit Iech matzedeelen. Mee Geck an den Eck. Ech wollt nach eng Kéier kuerz op d'Navette agoen. Dat Eent, dat huet de Pit scho gesot, mir haten effektiv déi Diskussioun iwwert déi Navette mat engem vun de Restaurateuren och gefouert. An deen huet eis awer du gesot, datt hien der Meenung wier, datt seng Clienten déi Navette guer net géifen huelen, mee datt déi wéilte sou no wéi méiglech parken. A vu datt mer, wat de Pit gesot huet, de Bus dobäi hunn, an een deen och kann huelen. Déi Leit wou wëllen de Bus huele mengen ech kënnen deen dann huelen, an da brauche mer net nach eng Navette fir deiert Geld do anzeféieren. Voilà. Just dozou.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géif ech proposéieren, dass mer driwwer ofstëmmen. Wien ass mat deem dote Reglement averstanen?
***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. An och dem Pit Merci fir seng Presenz haut hei.



# 3. FINANZEN

### 3.1. APPROBATIOUN VUM DEVIS ESTIMATIF FIR D'DEMOLITIOUN VUM GEBAI VUM FRÉIERE PRIMAVERA OP 5, RUE DE L'ABATTOIR

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Et geet hei ëm en Devis estimatif dee virläit vun 1.130.000.- € fir d'Demolitioun vum ale Gebai daat mer „Primavera" nennen, op 5, Rue de l'Abattoir. Dat heiten ass e Gebai, wann een e bëssen zréckkuckt, wou fréier d'Diddelenger Schluechthaus war, dat 1965 gebaut gouf, an dofir heescht d'Strooss jo och Rue de l'Abattoir. A säit 1966 war do d'Schluechthaus, an ab Ufank 90er Joren hat d'Gemeng, de Proprietär, e Contrat de bail mat enger Bäckerei, de „Primavera", déi do jo portugisesch Spezialitéite gemeet hunn. An déi waren do bis de Februar 2021, well mer do de Kontrakt gekënnegt hunn, respektiv déi doten Entreprise sech och huet misse komplett reorientéieren aus ekonomesche Grënn. Sou dass mer am Fong a Presenz si vun engem Gebai aus de 60er Joren dat do gebaut gouf, mat alle Komplikatiounen, déi dat mat sech bréngt fir et ze renovéieren. Dat ass deementspriechend ausgeschloss, well et och net méi an engem ganz gudden Zoustand ass. An dofir hu mer och hei dem Büro BEST den Optrag ginn, eis am Kader vun deem dote Projet ze begleeden.

A mir wäerten Iech elo hei och kuerz eng Virstellung maachen, wéi mer un de Projet wëllen erugoen. Mee et ass op alle Fall och ugerass, dass natierlech engersäits a enger éischte Phas virun der Demolitioun eng komplett Sanéierung muss gemeet ginn, well awer Elementer dra sinn, déi wa se bis fräigesat ginn, notamment Asbest, musse berengegt ginn, sanéiert ginn. A wann déi komplett Demolitioun herno stattfonnt huet, da kënne mer natierlech déi Fläch, déi nach do ass als Lagerfläch notze fir d'Gemengeservicer, wou mer dann och dat Material deelweis eriwwerhuelen, wou mer och den Depot haten an der Acierie. Do war jo Box in the Box, dat géife mer dann eriwwerhuelen an och deementspriechend do opriichten. Dat wier am Fong déi generell Ausriichtung vun dësem Projet, awer ech géif hei eise Mataarbechter an och dem Büro BEST d'Wuert ganz gäre gi fir op de Projet anzegoen. Merci.

ERIC HANSEN (BUREAU D'ÉTUDES ET DE SERVICES TECHNIQUES): Jo gudde Moien, ech sinn den Eric Hansen vu BEST, ech presentéieren Iech dann e bëssen de Projet. Den Här Buergermeeschter huet scho ganz vill gesot vun deem wat do geplangt ass.

Hei ass e Loftbild vum Projet. Also wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, d'Gebai gouf an de 60er Jore gebaut. D'60er Jore si leider fir den Asbest bekannt. Dat heescht de gréisste Problem ass den Asbest, dee mer do hunn, also ee vun de Problemer ass den Asbest. E puer Chiffere vum Gebai. D'Emprise au sol, dat si ronn 2000 $m^2$. Mir hunn e Gesamtvolume vu 15.000 $m^3$, dovu sinn der 12.500 $m^3$ iwwert dem Buedem a mer hunn e relativ grousse Sous-sol vun 2.500 $m^3$, deen ënnert dem Buedem läit. De Projet ass an zwou Phasen opgebaut. Déi éischt Phas ass effektiv d'Depollutioun an den Desamiantage. Also fir den do Deel, ech wollt et just soen, hu mer ëmmer mat ENECO zesummegeschafft. An den zweeten Deel ass, wann den Assainissement gemaach ass, dann ass déi zweet Etapp, déi Saach ofzerappen. Och de Keller. De Keller gëtt och mat ofgerappt. An duerno gëtt d'Lach zougetippt an d'Iddi ass dann, ganz frësch nei ze asphaltéieren.

Fir einfach kuerz iwwert den Desamiantage ze schwätzen. Also de gréisste Problem, de gréisste Käschtepunkt, ass am Fong den Daach. Déi Bitumenbahnen sinn asbestverseucht. A well d'Fläch relativ grouss ass mat deenen 2000 $m^2$ ass den Desamiantage natierlech dee gréisste Posten. Am Gebai selwer hu mer och nach sou Klengegkeete wéi Réier, déi mat Zementasbest sinn, dat sinn awer éischter méi kleng Saachen. E Fensterkipp dee mat Asbest ass. Dat si géif ech soen éischter Klengegkeeten, de grousse Posten ass am Fong den Daach. Hei e klenge Plang vum Daach vu fréier, also wou et gebaut gouf. D'Saach ass datt deelweis ass de Bitumen relativ einfach ofzehuelen, well deen, ech soen et einfach mol relativ lues op dem Daach drop läit. An an anere Beräicher ass e wierklech festgepecht, wou et dann e bësse méi opwänneg ass, well héchstwarscheinlech do e Schwaarzberäich muss gemaach ginn, well dee kann net ofgehuewe ginn, mee muss wierklech ofgeschlaff ginn an dat heescht, Asbest kéint fräigesat ginn an dofir muss dann e Schwaarzberäich gemaach ginn.

Fir iwwer de Budget ze schwätzen. Also mir hunn e Gesamtbudget fir d'Depollutioun, dee läit bei ronn 250.000.- € mat den Divers et Imprévus. Ech weess net, ob et sech elo lount, duerch déi eenzel Posten ze goen. Mir hunn d'Installation de chantier vun 12.000.- €. Da si verschidde Preparatoiresaarbechten ze maachen, d'Securitéit vun de Leit speziell, well do verschidde Saache musse gemaach ginn. An dann d'Aarbecht selwer vun der Depollutioun, dat heescht, déi 126.000.- €, e groussen Deel dovun ass den Daach, an duerno mussen natierlech all déi Materialien ewechgefouert ginn. Den zweeten Deel ass dann d'Demolitioun. Do ass natierlech fir d'éischt virgesinn, d'Gebai ass scho relativ eidel, et sinn awer nach verschidde Saachen ëmmer dran. Dat heescht den éischten Deel ass einfach emol d'Gebai komplett eidel ze maachen. Da mussen déi technesch Installatiounen, déi elo do sinn, déi mussen erausgeholl ginn. Wann dat alles bis gemaach ass, da kënnt de Bagger fir duerch d'Gebai duerchzefueren, fir eigentlech alles ofzerappen. Wéi ech virdru scho gesot hunn, dat wat aus dem Buedem erauskënnt awer och de Keller selwer, dee wäerte mer och direkt mat ewechhuele fir datt mer einfach sécherstellen datt den Terrain duerno komplett fräi ass a wann iergendeppes méi spéit sollt drop gebaut ginn, datt mer net iergendwéi nach al Saachen am Buedem leien hunn.

An déi do Surface, do kënnt dann en neien Asphalt drop. Am besteeënden Asphalt sinn och verschidde Beräicher, déi och polluéiert sinn, dann net duerch Asbest, sondern éischter duerch PAK an aner Produiten, déi am Asphalt dra sinn oder éischter am Bitumen ënner dem Asphalt. Dat géif dann am Kader vun deenen do Aarbechten och direkt mat ewechgeholl. Komme mer och hei zum Budget. De Budget vun der Demolitioun ass knapp 600.000.- €. E relativ grousse Posten, well d'Gebai einfach riseg, also net risegrouss, mee et ass keen Eefamilljenhaus, dat mer sou ofrappen. Dat heescht, et gesäit een e bëssen, mir hunn de Budget fir d'Demolitioun, do si mer bei ronn 280.000.- €, dann d'Terrassementsaarbechte fir engersäits d'Depollutioun ze maachen oder och fir ronderëm de Keller fräizeleeën, do leie mer bei ronn 75.000.- €.

A well de Keller relativ grouss ass an d'Zil jo eigentlech ass, déi Surface herno erëm kënnen ze notzen, muss de Keller erëm opgefëllt ginn. A well mer am Moment keng Plaz hunn, also mir hunn eigentlech keng Méiglechkeet op der Plaz, well mer einfach vill ze no bei den Haiser sinn, hu mer keng Méiglechkeet, e Concasseur dohinner ze setzen. Dat heescht fir dat Bestandsmaterial, wat mer eigentlech ofrappen, de Beton an d'Mauerwierk do op der Plaz erëm ze concasséieren, fir dat mat deem do Material op d'mannst en Deel kënnen opzefëllen. Dat heescht, mir hunn eigentlech elo virgesinn, alles mat neiem Material, net nei mee recycléiertem Material, wat awer muss dohinner bruecht ginn, opzefëllen.

Da fir de Gesamtbudget. Also fir déi grouss zwee Posten hat ech scho gesot. Déi 233.000.- € fir d'Depollutioun, d'Demolitioun mat 544.000.- €, also ouni déi Divers et Imprévus, komme mer insgesamt op ee Käschtepunkt vun 850.000.- € HTVA. Wann dann d'Honorairë fir eis Etüden nach dobäikommen, d'Surveillance par Organisme de contrôle fir den Desamiantage, well do brauche mer en Externen, deen eigentlech d'Aarbechten net ofhëlt, also déi zwee. En huet eemol déi Funktioun, fir de Plan de travail mat eis opzestellen, ze validéieren an duerno och de Suivi ze maachen am Fong vun den Aarbechten, also datt den Desamiantage propper gemaach gëtt. Mat den Honorairen dobäi géife mer dann op e Budget landen ouni TVA vun 965.000.- €. Mat TVA wiere mer dann op 1.130.000.- €.

Hei nach e puer Klengegkeeten, dat hunn ech am Fong och scho virdru gesot, wat mer nach virgesinn hunn als Ersatz wann an den Exterieuren och nach den Asphalt muss gemaach ginn an de Remblai vum Keller. Fir d'Zäitschinn ass am Moment virgesinn dass den Desamiantage an d'Depollutioun vun Oktober bis Dezember leeft. An d'Demolitioun géif dann Ufank 2025 ufänken. Dat ass sou graff d'Zäitschi fir dee Projet.
Sou, da sinn ech eigentlech elo duerch. Wann nach Froe sinn, da si mer alleguerten hei fir nach drop ze äntweren.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools Merci fir déi do och méi technesch Erklärungen, déi net onwichteg ware fir dass de Gemengerot och Abléck kritt, dass virun enger Demolitioun och nach eng Rei Erausfuerderunge bestinn och ronderëm d'Asbestsanéierung., well dat hei jo e Gebai ass aus de 60er Joren. D'Diskussioun ass op. Wa Remarke sinn, Froen, dann ass elo de Moment.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter, Merci och fir déi flott Presentatioun, déi mer och schonn an den Ënnerlagen haten, wat ëmmer flott ass, well ee sech dann awer kann e bëssen e Bild maachen. Ech war mer nach séier gëschter sur place d'Saach mol nach ukucken, a bon, et stelle sech nach e puer Froen. Éischtens mol wousst ech net, dass do och nach sou e grousse Keller wier. Dat ass natierlech och eppes, wat dann an d'Fraise dann dobäikënnt. An den Här Buergermeeschter huet et gesot gehat, mir huelen dat da fir als Ofstellfläch fir virun allem eist Material wat mer nach an der Aciérerie an an der Box in the Box haten. Mir hu jo awer och nach Material um Kierfecht stoen hunn ech mer soe gelooss, an och nach bei CFL Multimodal. Ech mengen dat war déi Tëscheléisung, déi mer hate vun der Box in the Box. Dir kënnt mech herno vläicht nach eng Kéier korrigéieren.

Meng Fro ass elo: Geet dat duer wa mer do déi Fläch sanéieren? Hu mer do da genuch Plaz en attendant dass eis nei Ateliere fäerdeg sinn? Oder hu mer och wëlles, do eng Konstruktioun herno dropzestellen? Vläicht kann den Här Buergermeeschter eis dozou nach eppes soen. Wou mer e bësse Suerge mécht dat ass, wéi Der gesot hutt, de gréisste Problem ass d'Asbestsanéierung, haaptsächlech vum Daach. Ech weess dass Asbestsanéierung och ëmmer e groussen Opwand ass mam Schutz vun den Alentouren. Dat heescht, dat gëtt jo dann och ganz zougemaach. Wéi wäitraimeg musse mer do dat Gebai zoudecken, wéi wäitraimeg musse mer dat ofspären? Well et ass, wéi Dir gesot hutt. D'Noperen, d'Haiser si jo net wäit ewech. An en plus ass jo och e reege Verkéier op där Plaz do, well eeben eis Gemengenatelieren do sinn, eis Büroen do sinn, well d'Bauaktivitéit nach ass vum neien Atelier.

An dann ass och eng aner Fro. Déi Plaz ronderëm. Also de Primavera, dat ass jo eng Saach. An da ronderëm déi Parkplazen, déi gi jo och elo nach genotzt. Dat huelen ech u muss jo och mat sanéiert ginn, dass mer deen Asphalt och ofraumen. Ech hunn net rausfonnt, Dir hutt gesot, et sinn 2000 m² Wunnfläch, mee wéi wäitraimeg ronderëm musse mer dann och do nach den Asphalt ofdroen? A wéi gesot, wou ginn eis Leit, eis Aarbechter, déi dann och deelweis déi Parkplaz do notzen, well ech hu gesinn, dat sinn d'Aarbechter vun der Gemeng mee awer och z.B. d'Aarbechter, déi elo an eisem Neibau täteg sinn. Do ware vill Autoen och mat auslännesche Placken an och Corps de Metieren, déi do aktiv sinn, déi do geparkt hunn. Dann, Dir hutt och eng genau Opléschtung vun de Fraise gemaach. Mir hoffe jo dass dat heiten net nëmmen en Devis estimatif ass mee och en définitif. Dat ass natierlech eppes wat net ëmmer sou eendeiteg ass, well bei enger Asbestsanéierung kommen ëmmer vill awer de Risiko vun Imprevuen dobäi. Wéi gesot, trotzdeem awer mol Merci fir déi genau Opléschtung, da kënnt Der eis herno, wann et misst nach zu zousätzleche Fraise kommen och Punkt fir Punkt herno soen, wou et dann awer gehaakt huet.

Ech schwätzen aus Erfarung, well mer ganz seelen den Devis estimatif och als Devis définitif nostëmmen. Dann hunn ech awer eng Fro och nach un eise Schäfferot. Well am Budget do sinn am Fong just 600.000.-€ festgehale gi fir d'Démolition bâtiment ancien Primavera. Ech huelen un, dat sinn déi Käschten, déi dëst Joer op eis duerkommen. An ech huelen un dass de Rescht da vun deem Devis, dee mer lo hei presentéiert kritt hunn dann an de Budget kënnt vum nächste Joer. Wéi gesot, dat waren e puer Froen, déi ech nach hat. An ech soen awer Merci fir déi ganz flott Opstellung an déi flott Presentatioun. Dass mer déi Plaz brauchen ass ganz kloer. Mee wéi gesot, ech froe mech, ob dat awer duergeet fir de Besoinen, déi momentan do sinn, wou eis Atelieren hunn, ob dat domadder duergeet, oder ob mer awer nach musse Saachen um CFL Multimodal weider stoe loossen an do Locatioun dann och bezuelen. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Jo Merci fir den detailléierte Cahier des charges. Ech sinn absolut keen Expert an Demolitiounsaarbechten an Depollutioun. Mee et war wierklech interessant, fir duerch de Cahier des charges ze goen an déi eenzel Posten och duerchzegesinn an ze kucken, wéi Dir dat Ganzt wäert maachen. Ech wollt froen: D'Lach gëtt zougemaach hutt Dir gesot. Dat heescht herno, an dat ass vläicht éischter eng Fro un de Schäfferot, dat heescht, dat Ganzt gëtt herno zougemaach. An Dir hutt vum Asphalt geschwat. Dat heescht, gëtt dat direkt erëm zoubetonéiert? Dat heescht, do verdichte mer, versigele mer erëm oder ass schonn eppes virgesinn? Hutt Der do e Projet? Sidd Der am Gaang, déi Saachen ze iwwerleeën? Mir schwätzen ëmmer erëm vun der Versigelung, fir vläicht awer aner Méiglechkeeten ze hu wéi direkt alles zouzemaachen.

Mee wéi gesot, ech weess nach net, wéi ee Projet do drakënnt. Déi Méiglechkeeten, déi mer hu fir d'Atelieren a fir de Stockage, déi si wichteg, virun allem datt mer ronderëm och den aneren Atelier hunn. Mee dorobber ass d'Madame Kayser scho méi am Detail agaangen. Fir déi Depollutiounsaarbechten, gëtt do den Tri gemaach? Ech weess datt zu engem gewëssene Grad dat souwisou verlaangt gëtt. Mee wéi maache mer déi ganz Gestioun vun den Decheten? A virun allem, ass d'Konzept vläicht mat iwwerluecht gi fir eng gewëss Wiederverwendung? Also d'Gebai ass relativ al, aus de 60er Joren. Mee hutt Dir vläicht do e bësse gekuckt oder studéiert, wat een awer kéint trotzdeem aus deem Gebai zréckbehalen a vläicht op iergendenger anerer Plaz wiederverwenden?

Den Desamiantage, just als Info fir dat Ganzt besser ze verstoen oder dat och ze wësse. Wou ginn déi Saachen higefouert? Kéint Dir eis dat vläicht och erklären? An, d'Madame Kayser ass och drop agaangen, mir sinn hei awer relativ no bei Wunnengen, awer och virun allem

bei enger Schoul, an an deem Sënn wollte mir gäre wëssen, ginn do vläicht nach, ech weess, dass extra Precautioune souwisou geholl gi fir den Desamiantage. Mee ass do vläicht nach en Niveau driwwer fir wierklech ganz sécher ze sinn? Vu que datt Kanner sech awer do an der Cour de récréation an de ganzen Dag trotzdeem ophalen. Sinn do extra Moossnamen ënnerholl ginn?

An eng aner Saach. Dat kléngt vläicht blöd, mee et ass awer och Kaméidi permanent wann een ofrappt. A wéi gesot, et ass awer eng Schoul do, et sinn awer Wunnengen. Sinn déi Leit vläicht informéiert ginn oder ginn déi vläicht informéiert, fir datt ee weess, datt do awer Kaméidi kënnt? A fir datt si dat besser verdroen oder erdroen oder matschaffen ass et awer interessant, wann déi Leit och genau informéiert ginn, vu wéini bis wéini déi Aarbechte virgesi sinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Madame Ahmedova. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da géif ech vläicht hei op eis Büroen zréckgräife fir op e puer technesch Froen eng Äntwert ze ginn. Awer och wat de Volet Organisatioun ugeet un de Joël Freitas an de Pascal Steichen, dass och si op e puer Punkten aginn. An da ginn ech och op e puer Punkten an. Merci.

ERIC HANSEN (BUREAU D'ÉTUDES ET DE SERVICES TECHNIQUES): Also wat elo den Desamiantage betrëfft. D'ganzt Gebai muss net agehaust ginn. Dat heescht um Daach läit déi gréisst Fläch ass eigentlech eng Bitumenschicht, déi kann ee mat der Hand erofhuelen. Wat gëtt gemaach? Do gëtt am Fong e Produit driwwer gemaach, wat déi Fiberen, déi eventuell op der Surface si fixéiert, fir datt se net ewechfléie wann een ufänkt dorunner ze rappen an déi erofzehuelen. An duerno ginn géi einfach ausgeschnidden an e bësse wéi Eternitplacken einfach an e Bigpack gemaach an da gi se ewechgefouert. Dat heescht, dat do ass relativ einfach. Sou dass och keng Fiberen an d'Loft kommen.

Den zweeten Deel ass éischter deen, wou d'Bitumeschicht festgepecht ass. Do geet et eebe lokal, well mir hu jo Sondagen um Daach gemaach, mir denken ze wëssen, wou déi Zone sinn, wou et gepecht ass a wou et net gepecht ass. Dat heescht, wann d'Aarbechten ufänken, gëtt dat nach eng Kéier nogekuckt an da gëtt just dee Beräich do, dee gëtt da richteg agehaust. Do gëtt dann de Schwarzbereich gemaach, wéi se dat nennen. Dat heescht do gëtt eigentlech, well mer net am Gebai dra sinn, mee um Daach drop si gëtt, ech soen einfach emol en Zelt drop gebaut dat hermetesch ofgeschloss ass, fir datt déi Fiberen, well wa mer dat do ewechhuelen, da muss wierklech mat der Maschinn dat ofgeschlaff ginn, dat heescht, do entsteet ganz vill Stëbs. Déi Leit déi do schaffen, déi hunn natierlech speziell Combinaisonen un. An et ass hermetesch, loftdicht ofgeschloss fir datt déi Fiberen, déi da sou fräigesat ginn eigentlech duerch e Filter kënnen erausgefiltert ginn éier déi Loft erausgeblose gëtt.

An op där anerer Säit gëtt da frësch Loft erëm era geblosen. An déi déi erausgeblose gëtt, déi geet dann duerch e Filter duerch fir datt alles opgefaange gëtt. Dat heescht, et gëtt net ganz agehaust, datt mer net e ganzt Zelt do ronderëm bauen, just do, wou et wierklech festgepecht ass. Dat bedeit also datt de Schutz vun den Uwunner an och vun der Schoul 100% ginn ass. Déi kënnen de ganzen Dag sech beweegen. Do ass et net, dass do Fibere vun der Asbestsanierung da wëll ronderëm fléien. An dat gëtt och vum Contrôle de Bureau komplett iwwerwaacht, datt de Schwarzberäich komplett zou ass, datt do net iergendwou e Lach dobannen ass, well soss kann et jo net richteg fonctionéieren. Mat Innerdruck gëtt do geschafft fir datt guer keng Fiber kann iwwer en anere Wee erausgoen. Well wann een e Lach an der Anhausung huet, da géif dee System net fonctionéieren. Dat ass ofgeséchert, dass dann och en Alarm ugeet. A wéi gesot, dat gëtt och vum Kontrollbüro deeglech iwwerwaacht, datt dat konform a richteg ofleeft.

JONAS THIELEN (BUREAU D'ÉTUDES ET DE SERVICES TECHNIQUES): Vläicht d'Fro zu de Flächen. Also déi Baussefläche, déi Surface ass jo relativ grouss, dat heescht, wa mir d'Gebai mol bis ewechgerappt hunn, a mengen Ae wäert dat an 2 Phase gemaach ginn. Wann d'Gebai bis ewechgerappt ass a mir erëm déi Surface wou d'Gebai stoung preparéiert hunn, dann hu mer natierlech eng grouss Fläch, déi mer kënnen notze fir déi Flächen an den Ausseberäicher, wou mer mussen den Asphalt ewechhuele fir och ze depolluéieren, fir datt déi Autoen dann dee Moment do parke wou virdrun de Primavera stoung. Dat heescht vum Phasage hir dierft dat eigentlech kee Problem ginn, datt déi Parkplazen ëmmer nach kënne genotzt ginn. Et stinn och ganz vill Camionnetten do wéinst dem Chantier vis-à-vis vum GNP an deen ass am Fong bal fäerdeg.

JOËL FREITAS (ENTRETIEN ET GESTION DES BÂTIMENTS COMMUNAUX): Dee Moment wou d'Ofrappaarbechten uginn, am Januar 2025 hu mer schonn en Deel vun den Armature prett, sou dass mer d'Installation de chantier, d'Leit vun den Entreprise déi parke beim Primavera, déi kënne sech dann u sech dann erëm op de Chantier parken. Dat heescht, do kréie mer schonn eng Trennung erëm. Zu deene Lagerflächen. U sech ass et esou, dass wann de Primavera ofgerappt ass de Buedem a priori versigelt gëtt. An dee Moment hu mer d'Méiglechkeet, bausse Lagerflächen ze notzen. Dat ersetzt lo net de Multimodal, well mer beim Multimodal jo u sech Bannefläche brauchen. Dat heescht, mir hunn en Deel Baussefläche, jo, awer alles wat Bannefläche ass, do muss een da kucken, do ginn et Méiglechkeeten, entweeder an der Hal, wou elo u sech ofgerappt ginn ass, an haut op d'Säit geluecht ginn ass, wou ee se nach eng Kéier kann nei opriichten. Dat wär e Prinzip wou ee kéint maachen. An dee Moment ersetze mer net de Multimodal duerch d'Hal. Technesch gesi kéint ee se um Primavera-Site opriichten.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Entschëllegt, ech hat nach gefrot, wéi grouss gëtt dat Areal ronderëm de Primavera den Asphalt och ofgerappt? Oder guer net? Oder carrement do, wou de Primavera dropsteet?

JOËL FREITAS (ENTRETIEN ET GESTION DES BÂTIMENTS COMMUNAUX): Et ass haaptsächlech do, wou de Primavera dropsteet an zu deem hënneschte

Beräich mat gemeet. Sou dass een deen Deel mat mécht, well eeben do och Placarden dra sinn, datt een dat sou wäit wéi méiglech kann erausbuelen. Also et kann een dovun ausgoen dass mer u sech kéinten déi ganz Peripherie, sou wéi d'Clôture haut ass, kéint een ewechhuelen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): A wann een dann awer elo géif gesinn, deen Asphalt, deen ass jo da warscheinlech och vun 1900 wat weess ech wéini, wann Der do awer géift gesinn, do ass awer och eng Verseuchung do, wär dat dann eng Obligatioun oder e Wonsch, fir och dann dat méi wäitraimeg nach ze botzen? Gesi mir dat, wa mer d'Gebai ofgerappt hunn an an de Keller ginn, da gesi mer jo do déi Schichten huelen ech mol un. Wéi gesäit een, wéi polluéiert dat ass?

JOËL FREITAS (ENTRETIEN ET GESTION DES BÂTIMENTS COMMUNAUX):Et si Prouwe geholl ginn. Jo, och um existéierende Parking si Prouwe geholl ginn. Do si Prouwe geholl ginn an där Zon wou haut déi Clôturë sinn, wou de Site clôturéiert ass.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci och. Ech menge mir hätten hei op eng ganz Rei Froe geäntwert, sou dass ech mech just ka mech op e puer Saache limitéieren. Engersäits ass et de Volet vum Budget. Mir hunn dat heiten opgespléckt op 2 Budgetsjoren, sou dass effektiv fir dëst Joer 600.000.- € virgesi sinn an eeben de Rescht am Kader vum Joer 2025. Dat war mengen ech d'Fro, déi d'Madame Kayser gestallt hat. Alles wat Ofstellfläch ugeet, do huet mengen ech den Här Freitas Iech drop geäntwert. Par rapport zu den Ausféierunge vun der Madame Ahmedova. Ech mengen dass do kee Problem ass, dass, wann de Chantier bis ufänkt, dass mer do och den direkte Voisinage kënnen informéieren. Well do grenze jo dann och direkt nach deelweis Gäert do un de Site. Mee ech mengen dat ass eng Informatioun, déi mer kënnen ouni Problem maachen.

Är Aschätzung par rapport zu der Ribeschponter Schoul. Do hunn ech e bëssen eng aner, wat de Kaméidi ugeet. Ech muss soen, déi hu jo da Chance wann elo d'Demolitiounsaarbechten ugi par rapport zu enger Gaffelter Schoul respektiv enger Briller Schoul. Well déi Schoulkanner an dat Léierpersonal sinn de Moment an enger Situatioun, wou d'Renovatioun vun der Façade thermique gemeet gëtt. Dat war am Bestand. Wann een am Brill kuckt, d'Renovatiounsaarbechten an engem klasséierte Gebai, dat ass am Bestand. An hei huet jo d'Ribeschponter Schoul déi Chance, souwuel d'Léierpersonal wéi och d'Schoulkanner, dass zwar effektiv e Chantier hei stattfënnt, mee net am Gebai selwer, mee op enger gewëssener Distanz. Also eng ganz aner Situatioun. Ech schwätze lo hei vu Chance. Dat ass op alle Fall eng ganz aner Situatioun wéi déi zwee Schoulgebaier Gaffelt an och Brill. Sou dass ech mengen, dass dat sécherlech vill manner Impakt hei huet um Niveau vun der Schoul Ribeschpont.

Dat gesot, géif ech proposéieren, dass mer zum Vott hei vun dësem Devis kéinten iwwergoen. Wien ass domadder averstanen? ***Dat ass unanime.***

Da soen ech Iech villmools Merci. An ech soen Iech och Merci dass Dir all hei waart an och fir déi néideg Erklärungen an d'Äntwerten. Merci.

### 3.2. APPROBATIOUN VUN ENGEM CONTRAT DE FERMAGE MAT DER MADAME MARGUERITE DESPELER FIR EN DEEL VUN ENGER TERRAINS-PARZELL OP DER ROUTE DE LUXEMBOURG

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen. Dat ass e Contrat de fermage tëschent der Gemeng an der Madame Despeler, veuve Laudor. Hei si mer an der Lëtzebuergerstrooss wou fréier och d'Entreprise Laudor war. Do huet sech erausgestallt, am Kader vu Recherchen, dass dat Gebai, respektiv dat Eefamilljenhaus 50, Rue de Luxembourg, dass am Fong d'Famill déi do wunnt, dass déi am Fong de Gaart notzt, deen der Gemeng gehéiert. Mir hunn dat rausfonnt a mir haten och eng Diskussioun mat der Famill. An de Pabeieren hutt Der jo och gesinn Dokumenter, déi Iech am Gemengerot ënnerbreet goufe virun enger Woch. Du ware mer awer der Meenung, dass mer dat do mol wéilte berengegen an engersäits awer och Proprietär vun där doter Parzell wëlle bleiwen an dofir wéi gesot e Contrat de fermage maache vum 1. Juni 2024 bis den 31. Mee 2025.

Huet Reconduction tacite vu Joer zu Joer. Dass mer dann och 250.- € d'Joer froen, an dass all Constructioun dodrobber verbueden ass. An och dat war de Wonsch vun der Famill selwer. Wéi gesot, mir ginn elo net heihi a verkafen dat dote Stéck well dat sécher och nach eng Parzell ka sinn am Kader, ech mengen dee kennt Der, vum Schéma directeur, respektiv dem PAP och Acomé wou dann effektiv och d'Gemeng do dëst Stéck ka mat rabréngen. Mee à ce stade op alle Fall wëlle mer mol d'Situatioun propper hunn an och regulariséieren an dofir maache mer deen heite Contrat de fermage.Dat sinn d'Ausféierungen, déi ech heizou wollt ginn. Froen, Remarken? Dat ass net de Fall. Ass dann de Gemengerot mat deem Contrat de fermage averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soe mir Iech villmools Merci.

### 3.3. EXTRAORDINÄRE SUBSID DEEN ZE VERGINN ASS

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer iwwer op e Subsid. Dat ass d'Île aux clowns. Deene wollte mer dann 100.- € ginn, sou wéi mir dat och schonn déi Jore virdru gemeet hunn. Ass de Gemengerot domat averstanen? ***Dat ass och unanime.*** Da soen ech och hei villmools Merci.



# 4. POLICE-REGLEMENT

### APPROBATIOUN VUN DE MODIFIKATIOUNEN UM ALLGEMENGE POLICE-REGLEMENT VUN DER GEMENG DE 26. MEE 2023

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dann den nächste Punkt. Do komme mer op eist Police-Reglement, wou mer e puer Redressementer maachen. Engersäits vun e puer Erreurs matérielles, also Klengegkeeten. Mee wou mer awer och am Kader vun deem neie Polizeireglement wou mer eis ginn hunn, natierlech och de Perimeter duerch de Volet vun de Sanctions administratives och dann de Volet vun den Terrassen an de Gemengerot d'maximal Meterkareesfläch vun den Terrasse jo definéiert. An et sinn dräi nei Terrasse bäikomm. An dofir musse mer déi och hei festhalen. Wou eise Bannhidder, de Serge Binz, op der Plaz war an och deementspriechend déi néideg Mesurë geholl huet, fir dass se och de Wee fanne fir an dëst Polizeireglement. Dat ass op 2, Plaz am Duerf, wou en neit Geschäft ass. Dat ass 58, Rue du Commerce, wou e Restaurateur ass an 42, Rue de la Libération, wou och e Restaurateur ass.

Dir gesitt och do d'Meterkareesfläch déi variéiert. Dat hänkt natierlech och ëmmer dovun of, wat vu Plaz disponibel ass, well och wann een eng Terrass gestatt kritt muss jo och eng gewësse Sécherheet garantéiert sinn an och e gewëssene Passage garantéiert si fir d'Foussgänger. Deem gëtt deementspriechend och hei Rechnung gedroen. An Dir gesitt jo och anhand vun den Dokumenter, déi Iech virleien, wéi d'Situatioun och all Kéiers ass fir déi Terrassen, déi effektiv dann hei festgehale ginn. Voilà. Dat war et am Fong just par rapport zu deenen 3 neien Terrassen, déi bäikommen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech hunn am Fong zwou technesch Froen. Mir kruten hei an der Annex och sou eppes bäigeluecht wou opgelëscht ass, wéi eng Etablissementer Terrassen hunn. Do ass meng Fro: Firwat ass den Ënnerscheed Position 1, Position 2? Dat Eent ass „Etablissement avec terrasse sur la voie publique tombant sous les établissements HORESCA". Dat ass zum Beispill am Duerf op Plaz Nummer 2. Dat ass do wou de Glacëbuttek schonn ass a 6, dat ass de Mon Chalet am Duerf. An da kënnt op deem aneren, Position 2, „Etablissement avec terrasse sur la voie publique ne tombant pas sous les établissements HORESCA". Dat ass dënn Numero 2. Ech huele mol un dass dat de Kéismännchen ass. Den 3, dass dat de Biz ass. Do ass meng Fro: Wéi een Ënnerscheed ass dat? An ech hunn och nach eng Fro well mir hei opgefall ass an deem Listing dass d'Place Thierry van Werveke, d'Kantin z.B. net drop steet. Ass dat well dat ënnert d'Reglement vum Fonds du logement fält, well dat an der Proprietéit ass vum Fonds du logement, oder firwat steet dat hei net drop?

An dann hunn ech nach eng Fro, dat ass mer elo duerch de Kapp gaange well d'Madame Dall'Agnol gesot huet beim Vélosummer, Hôtel de Ville hei op der Plaz, wann do d'Restaurateure wéilten eng Terrass maachen, da kënne se dat maachen. Mee dat ass jo awer net sou evident wann ech gesinn, dat muss jo awer och duerch e Polizeireglement da gemaach ginn, also festgehale ginn a legiferéiert ginn. Dofir ech mengen, sou einfach ass dat net. Oder gëllt do am Vélosummer eng extra Deliberatioun oder eng Libertéit fir dat ze maachen? Vläicht hutt Der do nach e klengen Detail. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): D'Madame Kayser huet scho bal alles gesot, mee do wollt ech awer just, well mer d'leschte Kéier eng gréisser Diskussioun hei hate par rapport zur Sécherheet vun den Terrassen, déi no bei de Stroosse sinn, wou d'Leit Schwieregkeeten hate fir sech sécher um Trottoir weiderzebeweegen, respektiv fir laanscht d'Trottoiren, d'Busspueren ze kommen a sou weider. An effektiv déi Plaz beim Kierfecht wou mer deemools ugeschwat haten, wou ganz delikat war, déi hat sech och verbessert duerno an dat ass och effektiv agehale ginn. Ech wollt dat awer trotzdeem betounen. Wann een eppes kritiséiert an et ass duerno besser, da muss een dat awer och emol eng Kéier soen. An ech denken dass dat och dëst Joer awer trotzdeem nees wäert néideg si fir déi néideg Kontrollen awer ze maachen. Dass op deene Plazen, wou et e bësse méi kriddeleg ass, d'Leit awer sécher kënne laanscht trëppele mat hire Kutschen, mat hiren Hënn, mat hire Kanner, sou wéi dat dann d'lescht Joer gaangen ass nodeems mer hei intervenéiert waren.
Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Soss nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Wéi gesot, generell, dee Listing, deen Dir hei virleien hutt, deen hate mer jo och virun engem décke Joer scho verabschit well deen ass jo net nei. Also just als generell Remark. Mir maache jo dann hei déi Adaptatiounen, déi néideg sinn. Et gëtt am Fong den Ënnerscheed gemaach Horesca, Net-Horesca. De Biz z.B. ass net Horesca. E Restaurateur ass am Horesca-Beräich. Dofir maache mir och hei den Ënnerscheed „tombant sous les établissements Horesca" an effektiv „ne tombant pas sous les établissements Horesca". Dat heescht et ass en Ënnerscheed an der Denominatioun, déi gemeet gëtt an déi dann och sou accordéiert gëtt am Kader vun der Exploitatioun en tant que telle. Par rapport zu der Kantin. Bon, dat ass jo net op der Voie publique, dat ass privat. Dat ass an der Parzell selwer déi d'Gemeng dem Exploitant zur Verfügung gestalt huet fir dat kënnen deementspriechend ze lounen.

An dat anert dat war par rapport zu den Ausféierunge vum Här Martini. Effektiv hate mer jo d'leschte Kéier déi Diskussioun hei ronderëm déi Terrass beim

Kierfecht. Do war jo och de Serge Binz deen hei war. An deen hält jo och generell ëmmer en A op déi heiten Terrassen an och deementspriechend ob se agehale ginn. A voilà, do ass déi Saach och verbessert ginn. Hien ass do den Uspriechpartner ganz oft par rapport zu de Restaurateuren an zu den Exploitante vun de verschiddene Caféen an och Restauranten. An am Kader vum Vélosummer, dat war déi lescht Remark, déi gemeet gouf. Also de Prinzip ass, dass een dat, wat hei festgehale gouf, an dat ass jo am Fong de Maximum, wou een notze kann, dass een deen ze respektéieren huet.

A mir verschléissen eis net am Kader vum Vélosummer, respektiv awer och wa verschidden Terrassen hei sinn, wann z.B. mëttes ëm 12 Auer am Shared Space oder op aner Plaze wou Foussgängerzon ass, dass do een deen een oder aneren Dësch kann dobäisetzen. Mir wäerten op alle Fall net an eng Situatioun kommen, an dat wëlle mer jo och net, dat ass fir deen heiten Exercice jo och onsënneg, dass et op eemol du simple au double wär. Also och dat ass eng Saach déi op der Plaz mam Serge Binz beschwat gëtt a wou ee sech bis dato ëmmer eens ginn ass. Dann géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mat deene Modifikatiounen averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

# 5. MUSEKSSCHOUL

### APPROBATIOUN VUN DER PROVISORESCHER SCHOULORGANISATIOUN VUN DER MUSEKS-SCHOUL

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächste Punkt iwwer, dat ass d'Musekssschoul. Do begréissen ech hei an eiser Ronn den Direkter, de Bob Morhard a ginn eiser Musekssschoulschäffin, dem Claudia, d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Bon, wéi all Joers, ech ginn dem Bob vläicht Zäit, sech z'installéieren, begréisse mer eisen Direkter, de Bob Morhard, wéi all Joers ëm dës Zäit steet hei an deem Gemengerot déi éischt Deliberatioun vun der Schoulorganisatioun vun der Musekssschoul um Programm. Fréier huet dat déi provisoresch Organisatioun geheescht. D'Zuelen déi Dir am Dossier leien hat, déi berouen dann och op enger Héichrechnung vun den Aschreiwunge vun 2023-2024, an dat ass och sou vum Ministère gewënscht, well et am Fong an der éischter Deliberatioun drëm geet, eng Gesamtminuttenzuel ze definéieren, sou dass de Ministère kann erausfannen, wéi vill Budget se missten um nationalen Niveau fir Subventioune vum Enseignement musical d'nächst Joer virgesinn. An och wann et offiziell net méi sou heescht, sou bleift dës Schoulorganisatioun eeben ëmmer nëmmen nach provisoresch.

Fir d'Schouljoer 2024-2025 hu mer 13.725 Minutten. Si hätten dat gär a Minutten ausgedréckt, de Ministère. Da sinn 228,75 Stonne Gruppecourse virgesinn. An dat sinn nieft dem Eveil musical an de Formation



musicale-Coursen och eis Eveil à la danse an och déi aner Danzcoursen. Do donieft sinn 43.275 Minutten, ëmgerechent 721,25 Stonnen Eenzelcoursen nach an eiser Musekssschoul virgesinn. An dat sinn, dat kënnt Der Iech virstellen, gréisstendeels och Instrumentecoursen. Wat d'Schülerzuel ugeet, wäerte mer 2024-2025 och iwwer 1500 Schüler kommen. Bon voilà, vill méi gëtt et zu dësem Moment nach net zu der Musekssschoul ze soen. Ech géif Iech bieden dann déi éischt Deliberatioun, fréier provisoresch Musekssschoulorganisatioun ze stëmmen.

Ech menge mir kënne weiderhi ganz houfreg drop sinn, sou eng gutt organiséiert a funktionéierend Musekssschoul ze hunn, déi och vun eise Partnergemenge weider appreciéiert gëtt. Mir haten och d'lescht Woch eng Musekssschoulkommissioun, wou dat doten och am Detail vum Bob a vum Laurent virgestallt gouf a wou jidderee konnt seng Froe stellen. Nichtsdestotrotz ass de Bob och haut erëm hei wann nach Froe sinn, an e wäert natierlech och bei der definitiver oder der zweeter Deliberatioun erëm hei sinn, fir méi am Detail kënnen drop anzegoen, falls dat vun Iech gewënscht ass. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo Merci. Et ass elo grad gesot ginn, d'lescht Woch war eng Kommissioun, effektiv. Ech hunn elo virdrun nach eng Kéier nogekuckt. Ech mengen net, dass mer de Rapport scho kritt hunn. Ech mengen och net, dass en um Sharepoint steet. Ech hu mer och soe gelooss, dass dës Kéier nees d'Dokumentatioun net an der Kommissioun virläit. Ech weess et net, dat wär natierlech schued, well ech ginn dovun aus, dass déi Dokumentatioun schonn do ass. A wann dann iwwer d'Organisatioun geschwat gëtt an der Kommissioun, da wär dat natierlech praktesch, wann déi géing virleien an der Kommissioun. Fir de Rescht ass gesot ginn, bon et ass provisoresch, et sinn Héichrechnungen. Dowéinst hunn ech probéiert e bësse rauszefannen, wéi dat da fonctionéiert déi Héichrechnung an ech hunn e bëssen déi Zuele verglach mat der definitiver Musekssschoulorganisatioun vum leschte Joer. Keng Angscht, net alleguerten d'Zuelen, souvill Zäit hunn ech net.

Ech hätt e puer Froen. Dat Eent ass: Et ass keen Eveil musical 1 virgesinn. Firwat ass dat esou? An dat Zweet ass, am Eveil musical 2 sinn dës Kéier elo mol 255 Schüler virgesinn, an d'lescht Joer definitiv waren et der 137 an 111 Schüler am Eveil musical 1, dat heescht, dat ass eng Erhéijung vu 86%. Also eleng wann een elo kuckt, all déi Kanner, déi dëst Joer am Eveil musical 2 waren an déi, déi am Eveil musical

1 waren, dat sinn der nach manner wéi elo am Eveil musical 2 virgesi sinn. Also et ass eng enorm héich Zuel. Ech weess net, ob vläicht en Deel dovun am Eveil musical 1 hätt misse sinn? Ech weess net, keng Anung. Dat hunn ech einfach just net ganz verstanen. An dann ass an der Kommissioun gesot ginn et wäre 5 Enseignante manner wéi d'lescht Joer. Ech hunn elo verglach, et schéngen der 12 manner ze sinn. Ass dat esou? Well wa mer awer elo kucken, mir hu 660 Minutte méi wéi d'lescht Joer mat 12 Enseignante manner, dat sinn dann awer 11 Stonne méi fir 12 Enseignante manner. Ass dat nach ëmmer drobar? Ass dat sou, oder kommen do vläicht nach Leit bäi? Dat kann natierlech och sinn. Voilà, dat ware meng zwou Froen. Merci.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech hunn elo net direkt Froen. Ech denken et kéint een och vläicht soen, et ass nach e bësse fréi fir eisem Direkter vun der Museksschoul schonn e Merci auszeschwätzen, well een eigentlech nach ganz am Ufank vun där ganzer Organisatioun steet. Awer ech denke si hunn déi lescht Joren ëmmer bewisen, dass se deen Akt ëmmer total gutt gemeeschtert hunn. An dofir ass et och elo net ze fréi, schonn e ganz léiwe Merci vun eiser Säit auszedrécke fir dat wat bis elo geschitt ass a vill Courage ze wënsche fir dat, wat elo nach virdru steet. Wann ee bedenkt, eng Museksschoul organiséieren, da ginn ech dovun aus, dat ass keng einfach Aarbecht. Normalerweis wann e Patron seng Leit andeelt, dann huet en all Dag 8 Stonnen zur Verfügung. Hei ass et sou, dass deen een Dag de Prof oder d'Professorin kann 2 Stonnen agedeelt ginn, well d'Kanner Schoul hunn, d'Mënsche schaffen. Deen aneren Dag sinn et der 3, da schaffe mer a verschiddene Partnergemengen. Dann hu mer iwwer 1.500 Schüler anzedeelen op déi ganz Professerschaft. Mir sinn do am Gaang, 43.275 Minutten opzedeelen. Also wann ech dat Ganzt bedenken, ech hunn elo bestëmmt nach vill Saachen an deem kompliziéierte Puzzle do vergiess, kann ech mer virstellen, dass ee ganz zum Schluss muss eng gutt Dusch huele fir de Schweess lasszeginn, deen engem do heiansdo op der Stier steet. Mee bon, bis elo hutt Dir dat ëmmer mat Bravour gemeeschtert, an ech denken, dat kann een elo scho mat engem Merci ënnersträichen.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci villmools. Ech muss zouginn, ech hat wierklech vill méi e laangen Text virbereet, deen ech elo net wäert liesen. Well ech hu mech e bëssi informéiert, dat ass elo absolut net mäi Beräich, an ech hu mech informéiert iwwert all déi positiv Impakter, well ech hunn absolut näischt Negatives konnte liesen, déi d'Musek a Musekscoursen an Instrumenter spillen op d'Kanner iwwerhaapt hunn. A wéi gesot, ech ginn net an den Detail, mee allgemeng ass et wierklech immens wäertvoll, sou eng Schoul iwwerhaapt hei zu Diddeleng ze hunn a fir déi ganz Regioun natierlech. Et spigelt sech an der Educatioun am Fong erëm, wéi d'Kanner sech wierklech vill besser entwéckelen, vill besser léieren, wa si Musekscoursen hunn. Et dréit awer och dozou bäi fir dat kognitiivt, emotionaalt a soziaalt Liewe vun de Jugendlechen a Kanner ze entwéckelen. Et dréit och dozou bäi, Disziplin, Gedold an Ausdauer ze léieren. Zemools bei de Jonken ass dat e wichtege Facteur. Musek spillen, Instrumenter spillen, dréit dozou bäi, déi komplex Problemer ze léisen an awer och kritesch ze denken. Et hëlleft och, Sproochkompetenzen ze verbesseren, well een eeben duerch déi verschidde Kläng och eng gewësse Capacitéit entwéckelt fir eebe méi einfach kënnen nei Sproochen ze léieren.

Ech sinn am Gaang, e Resumé ze maachen, well ech hunn déi Saachen immens immens interessant fonnt, wou ech e bëssen duerch den Internet gekuckt hunn. Allgemeng kann ee soen, datt all déi Virdeeler vun de Musekscoursen e wäertvollt Instrument si fir déi allgemeng Entwécklung vun de Kanner a vun de Jugendlechen. Mee finanziell, ekonomesch gesinn, huet et natierlech och e positiven Impakt op déi ganz Regioun. Sief et mat Concerten, Shows, Eventer. Et konnt een och immens gutt gesi bei der Porte ouverte de leschte Samschden, déi war immens gutt besicht. Net nëmmen d'Danzen, mee och de Spectacle „I feel like dancing", dat war immens flott, de Sall war wierklech rammelvoll. An dat weist och, dass eng Bindung tëschent verschidde Kulturen an awer och tëschent verschidde Schichte vun eiser Gesellschaft ass. Wann ee bis do ass, ass et zimmlech egal, vu wou ee kënnt, wou ee wunnt, a wat fir eng Sprooch ee schwätzt, well Musek ass souzesoen eng Universalsprooch, an dat bënnt. An et ass immens wichteg, dee Facteur do un d'Kanner weiderzeginn a weiderzedroen. Jo finanziell ass et och sou, datt mir hei zu Diddeleng Aarbechtsplazen duerch déi Museksschoul hunn. Awer och eng touristesch Attraktioun aus der Regioun. Wéi gesot, et kommen awer och Leit awer och Kompetenzen entwéckelen hei bei eis regional. Sou, elo halen ech op iwwert dee ganze positiven Deel. Et huet natierlech keen negativen Deel. Mee eis Fro wier natierlech, fir datt mir dat och weiderhi sou gutt kënnen maachen, well d'Course sinn immens gutt besicht. Ech ginn elo net op d'Zuelen an, dat ass och virdru gesot ginn.

Eis ass et awer wichteg, datt mir eng gewëss Garantie kënnen hunn, datt dat och sou weidergeet. An do ass eis Fro: Hu mir och dat néidegt Personal? Well et gesäit een awer datt Tendenze sinn, datt ëmmer méi Leit sech umellen. Einfach déi Fro: Hu mir do genuch Personal, fir dat alles kënne matzedroen? Souzesoen ze antizipéieren, net datt mer iergend eng Kéier awer vill méi Kanner hu wéi Coursen, déi mer kënnen ubidden. Mir hunn och eng Vilfalt vu Coursen, wat och interessant ass, an ech ka mer virstellen als een, dee wierklech net an der Educatioun ass, Vilfalt vu Coursen heescht och Vilfalt vun Enseignanten. Voilà, eis Fro einfach: Hu mer der genuch a si mer gutt ausgestatt fir dat och an Zukunft an déi Richtung kënne weider ze entwéckelen a weider ze droen? Well et ass wierklech eng kleng Pärel déi mer hei zu Diddeleng hunn.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Merci. Just ganz kuerz. Ech mengen d'Madame Thoma huet gesot, an der Museksschoulkommissioun, do hätt d'Dokumentatioun gefeelt. Bon, mir fält dat perséinlech net op, ech hu jo déi Dokumentatioun. Et ass awer zu kengem Moment vun iergendengem bemängelt ginn. Et ass d'lescht Joer och schonn hei gesot ginn. Ech soen

dann ëmmer, du muss dat awer an der Kommissioun soen, wann dann en Dokument feelt, liwwere mir dat gären no. Oder liwweren et direkt sur place. Mir waren dës Kéier souguer am Gebai selwer, dann hätte mer eng Kopie gemaach. Ech weess net, wat gefeelt huet. Vläicht weess de Bob et. Mee wannechgelift sot Äre Memberen, si sollen dann direkt an der Kommissioun froen. Well hei ass Moutarde après dîner, ech ka lo näischt maachen. A mir fält et perséinlech och net op, dat iergendee vläicht eppes net huet, well ech natierlech dann déi Dokumenter entweeder am Virfeld hat oder an der Reunioun hunn. Dofir wéi gesot, wannechgelift mellt Iech, wann eppes feelt, entweeder bei mir oder beim Bob oder am Sekretariat vun der Museksschoul, da kritt Dir dat natierlech ganz gären.

Wat de Rapport ubelaangt, effektiv, deen ass nach net do. Dat huet awer domadder ze dinn, datt mer eng Porte ouverte haten an datt mer am Gaang si mat den Aschreiwungen. An Dir wësst datt de Laurent, also eise Sous-Direkter, dee Rapport mécht, well deen och Sekretär ass, also si sinn eigentlech allen zwee Sekretär vun der Kommissioun. An do war effektiv elo grad keng Zäit fir deen doten nach virdrun erauszekréien. Mee natierlech gëtt dee Rapport och gemeet. Ech menge wat d'Personal ubelaangt an d'Coursen, alles wat ugeschwat ginn ass, do kann de Bob drop agoen. Dat Eenzegt, dat kann hien Iech vläicht och eng Kéier erklären, wat eis wierklech d'Genéck brécht, dat hate mer och an der Museksschoulkommissioun, dat ass wann ee wou eng ganz Tâche huet spéit ofspréngt. Da fänkt et un, ganz ganz dreckeg ze ginn, well mer da mussen 1 Persoun duerch 20 Persounen ersetzen. Ech mengen dat kann hien Iech eng Kéier soen. A vläicht och dat neit Gesetz stellt Sproochkompetenzen. An och do musse mer ëmmer kucke fir datt déi Leit déi mer astellen déi néideg Sproochkompetenzen erfëllen. An da ginn ech him d'Wuert fir méi Detailer ze ginn.

BOB MORHARD, DIREKTER VUN DER REGIONALER MUSEKSSCHOUL: Merci léiwe Gemengerot fir déi léif Wierder an d'Vertrauen, déi Dir an d'Museksschoul hutt. Et sinn e puer Saachen ugeschwat ginn, déi um Terrain effektiv spannend sinn. Personal ass en Thema wéi d'Claudia grad confirméiert huet. Et ass dat neit Gesetz, dat eis wierklech méi Contraintë gëtt, wou mer wierklech Leit mussen astellen, souguer fir ze ersetzen, déi all d'Sproochekonditioune mussen erfëllen, ab dem 1. Dag, ab der 1. Minutt. Mir haten an den AEMs-Museksschoulen, an de Conservatoiren hate mer bis elo ëmmer méi eng liberal Politik, dass ee sech konnt à jour setze wärend 2 Joer. Am CDD konnt ee Coursen halen an et huet ee sech niewebäi kënne konform setze wat d'Sproochen ubelaangt. Dat ass de Moment net méi méiglech. Mir versichen alleguer, sief et d'UGDA, sief et d'Conservatoiren, sief et d'Museksschoulen, no Personal. Diddeleng ass awer nach ganz gutt opgestallt, well mer en attraktive Patron sinn. Mir hunn attraktiv Konditiounen, mir hu gutt Infrastrukturen. Dat heescht mir fannen ëmmer nach Leit, mee et ass méi schwéier gi wéi fréier.

Wou mer e bësse ruddere wäerten an Zukunft, dat ass bei der Infrastruktur. Mir hunn gen Museksschoul wou 2007 geplënnert ass a wou mer musse Choixen treffen. Mer kënnen net onméiglech grouss ginn. Mir mussen dat e bësse steieren. Dat ass ee vun de Grënn firwat mer op de Wee gaange sinn am Eveil 1, wou mer effektiv weeder Personal nach Säll hunn, wou mer gesot hu mir ginn op de Wee, dat net méi unzebidden. Mir hunn awer parallel eng Offer fir déi Kanner an den Eltern-Kind-Gruppen, mam Museksdag, mat der Musekssstuff, mat der Musekskichen mam Catherine Hengesch, dat ganz gutt funktionéiert. Aner Museksschoulen, wéi d'UGDA, déi gréisste Museksschoul hei am Land an d'Conservatoiren, déi sinn um selwechte Wee, dass se réischt ab Eveil 2 Kanner huelen. Dat ass en nationalen Trend, deen e bësschen do ass.

Fir de Rescht, bei den Enseignanten. D'Claudia hutt dat och ugeschwat, mir haten d'lescht Joer um 1. August eng Demissioun, wou eng Persoun bei de Staat gaangen ass an d'Education nationale, fir sech u säi Lieu de résidence ze rapprochéieren. Mir hunn déi Persoun effektiv mat 8 Leit ersat, dowéinst feelen der elo op der Lëscht. Dat waren alles Remplaçanten. An all déi Leit, déi mer fir d'Rentrée rekrutéieren, dat sinn der 5, déi stinn hei net drop, well déi dee Moment nach net feststoungen. D'Dokumentatioun, do ginn ech dovun aus dass et den Dekont ass, dee mer versprach haten un deen nächste Rapport ze hänken. Dat heescht, dee kënnt no. Ech weess net wat feelt, mee Dir kënnt Iech gär bei mir mellen an da kucke mer wat feelt. Fir de Rescht, dat ass eng Estimatioun, wou mer réischt méi wëssen, ausser den 8.6. Porte ouverte, dat ass deen Dag, wou mer wierklech wësse wou mer dru sinn. Mer hunn deen Dag selwer méi wéi 200 Kanner ageschriwwen, wou mer wëssen ongeféier a wat fir eng Richtung et geet, mee méi wäit si mer nach net. Nach eng Kéier e grousse Merci. A wann nach Froe sinn äntweren ech gär.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Just ganz kuerz. Well effektiv dat mat der Dokumentatioun an der Kommissioun, dat hate mer schonn am November bei där zweeter Deliberatioun. An ech hunn dat natierlech och weiderginn, mee de Problem ass, dass déi Leit, déi an der Kommissioun sëtzen, déi wësse jo net, dass et do Dokumentatioun gëtt, déi si warscheinlech net hunn. Also dës Kéier, einfach dat, wat mir lo hei hunn, déi éischt Deliberatioun, dat do Dokument, dat haten d'Leit net an der Kommissioun. Ech soen hinnen nach eng Kéier, si sollen d'nächste Kéier froen, mee si kënne jo net wëssen, dass et Dokumenter ginn, déi Dir hutt, déi Dir vläicht vergiess hutt ze verdeelen. Dofir ass et da schwiereg. Mee ech ginn dat dann nach eng Kéier weider. A fir de Rescht soen ech villmools Merci fir d'Erklärungen. Dat mat der Porte ouverte, dat liicht mer effektiv an. Ech hunn och e puer Joer do matgeschafft an den Aschreiwungen, ech weess, do ass ëmmer Full House an do ass genuch Aarbecht an dowéinst verstinn ech dat dann och. Villmools Merci an da si mer gespaant op den Hierscht, wa mer déi zweet Deliberatioun huelen, wéi et da wierklech ausgesäit an dann hoffe mer dass et mam Personal awer weiderhi fonctionéiert. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Vläicht kéinte mer op de Wee goen, datt wann déi Doku-



mentatioun, also déi éischt Deliberatioun, déi zweet Deliberatioun, wann déi fäerdeg ass wann d'Invitatioun erausgeet, datt mer se do matschécken. Oder, wa se nach net fäerdeg ass wann d'Invitatioun erausgeet, well déi geet jo normalerweis 1 Woch oder 10 Deeg virdrun eraus, datt mer se dann eeben do ausdeelen.
Do muss dann an Zukunft dru geduecht ginn a wa mir net drun denken oder de Bob net drun denkt fir Kopien ze maachen, soll einfach ee froen. Well et gëtt se jo. Ausser si wär net fäerdeg. Mee da kënne mer se nach ëmmer noreechen. Dat ass guer keen Thema. Dat ass jo kee Geheimdokument, dat ass en ëffentlecht Dokument. Dat Eenzegt, wou mer musse kucken, dat ass natierlech datt u sech de Gemengerot d'Dokument awer soll virun der Kommissioun hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci fir déi doten Ausféierungen. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mat der provisorescher Schoulorganisatioun averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech och do villmools Merci. An och dem Bob Morhard Merci fir seng Presenz haut de Mueren hei.

# 6. URBANISMUS

### 6.1. APPROBATIOUN VUN DER PUNKTUELLER MODIFIKATIOUN VUM ALLGEMENGE BEBAUUNGSPLANG PAG - LOGISTIKZENTER FIR D'INFRASTRUCTURE FERROVIAIRE (CFL) AN NATIONAL ZONE D'ACTIVITÉS ÉCONOMIQUES NATIONALE (WOLSER H)

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ech begréissen hei an eiser Ronn de Jean Brodeur vum Urbanismus- a Planerbüro Zeyen + Baumann, déi eis ëmmer an de PAG-Froe begleeden. Den Dossier mat deem de Gemengerot befaasst ass, ass eng Modifikatioun vun eisem PAG, an de Jean Brodeur wäert méi am Detail drop agoen. Ech wäert just e bëssen de Kader skizzéieren, firwat dass mer dat maachen. Et geet hei am Fong ëm zwee Voleten an dësem Projet. Dat ass engersäits eng Modifikatioun vum PAG op Demande hir vum CFL a respektiv dem Wirtschaftsministère an och engem PAP Quartier existant. Mee et ass am Fong éischter d'Decisioun vum Schäfferot déi geholl ass a mir informéieren effektiv dann de Gemengerot, an do komme mer souwisou zu engem spéideren Zäitpunkt nach eng Kéier drop zréck.

Wat hei am PAG ze ännere sinn, dat sinn 3 Artikelen. Virun allem well d'CFL eis aktiv gefrot huet an un eis erugetrueden ass, fir eng Modification ponctuelle vum PAG ze maachen an dat mat sech bréngt, dass och dann hei e Reklassement muss gemeet ginn.

Bon, et ass am Fong en nationale Projet, och keen onwichtege Projet vun der CFL, well se en neien Atelier an en neie Magaséng maache fir hiren nationale Logistikzenter fir d'Infrastructure ferroviaire. Dat aktuellt Gebai wat Dir hei gesitt, dat ass op Diddelenger Terrain, mee no bei der Beetebuerger Grenz, dat heescht vu Beetebuerger Säit brauch keng Modification ponctuelle vum PAG gemeet ze ginn, obwuel den Accès op deen dote Site natierlech vu Beetebuerger Säit gemeet gëtt. Mee de ganzen Neibau fënnt op der Diddelenger Säit statt, also ginn nei Hangare gebaut, en neie Magaséng fir d'Infrastrukturen an och nei Büroen. Dat ass fir 140 Leit am ganzen. An do sinn natierlech Leit, déi souwuel an der Manutentioun schaffe wéi och administrativ. Dat gëtt hiren nationale Magasin central fir hire Réseau ferroviaire. A wéi gesot, d'CFL ass un eis erugetrueden fir och dat kënnen ze maachen.

Dir hutt och déi ganz Dokumentatioun virleien. Allgemeng ass dat heiten e flotten an och e wichtegen nationale Projet. Wëssend dass dat besteeënd Gebai net méi konform ass, well et ass e Gebai aus de 60er Joren, wéi dat viregt Gebai iwwer dat mer geschwat hunn, dat och aus de 60er Joren ass, ass awer hei d'Gebai och net méi an engem gudden Zoustand. Et muss nach eng Kéier de Sécherheetsnormen adaptéiert ginn. An eng Mise en conformité, och iwwert déi Studien, déi d'CFL gemeet huet, dat geet net duer, dofir gi se éischter dann an déi Richtung, dass se eng komplett nei Konstruktioun maachen an och da dann nei Elementer kënne mat erabréngen. An hei ass jo dann d'CFL eeben de Bauhär fir hiren neien Hangar an och hiren neie Magaséng. Natierlech ass e Volet Atelier, e Volet Formatioun, deen do wäert stattfanne fir hiert Personal, wat jo och net oninteressant ass. An och eng Cellule, déi spezialiséiert ass fir den Entretien vun den Infrastrukturen. An dat neit Gebai wäert och eng Zertifikatioun hunn.

Also e flotten Equipement collectif deen hei stattfënnt. Mee de Jean Brodeur wäert herno nach e bësse méi am Detail op de Volet vun der Modification ponctuelle vum PAG agoen. An deen anere Volet, dat ass den Terrain Wolser. Dat ass e Projet vum Wirtschaftsministère, deen hat och e Projet bei der Goodyear fir eng Plateforme de réemploi. Bon, dëse Projet ass de Moment en attente. Si haten do eng Servitude op dem Parking leien, fir deen do ze realiséieren. De Wirtschaftsministère brauch dee spezifesche Parking do net méi um Site an dofir huet een och d'Servitude ewechgeholl. Wat dee Parking betrëfft sinn eng Rei Iddien de Moment bei hinne fir dat ze entwéckelen. An dat wäerte mer och herno op der Partie graphique weisen, ëm wat et sech hei handelt. Mee d'Iddi ass einfach, déi Servitude do opzehiewe fir hinnen dann och par rapport zu engem neie Projet méi Flexibilitéit ze loossen.

Et muss ee soen, dass déi heiten zwee Projeten och an eisem Groupe de Travail dee mer jo hunn och

presentéiert goufen, diskutéiert goufen. Do goufen och eng Rei Froe gestallt, sou datt mer dovun ausginn dass och déi jeeweileg Vertrieder gebrieft goufe vun hire Leit aus dem Groupe de travail PAG respektiv PAN. Voilà, dat e bëssen déi méi generell Ausriichtung vun deenen zwee Projeten, an da géif ech och hei da gären dem Jean Brodeur d'Wuert fir da méi an den Detail vun der Modification ponctuelle anzegoen. Merci.

JEAN BRODEUR, URBANISTE-AMÉNAGEUR (ZEYEN+ BAUMANN): Bonjour, donc là pour la modification, le bourgmestre a bien résumé les prémisses. On va donc aller directement à la modification. Le plan à gauche, c'est le PAG en vigueur, ça concerne les terrains qui sont ici. Actuellement ils sont en zone de gare ferroviaire-routière et là on propose de les reclasser en zone, gare routière pardon, en zone de centre logistique d'infrastructure ferroviaire. Donc la zone Gare, elle existe déjà dans le PAG, mais étant donné que c'est un projet un peu particulier, ça a été décidé de le reclasser dans une zone Gare mais spéciale qui est uniquement réservée pour le Centre de logistique. Là si on regarde, c'est la comparaison avec toutes les légendes. L'idée c'est bien de reclasser uniquement la partie ici et de laisser le reste des terrains comme ils étaient. La modification, comme on a créé une zone spécifique pour le Centre de logistique, on est obligé de modifier la partie écrite pour préciser quelles étaient les affectations qui seront autorisées. Les modifications sont en rouge.

La surface délimitée comme Care, Centre de logistique est destinée uniquement aux bâtiments, équipements et aménagements en relation avec un centre de logistique de l'infrastructure ferroviaire. Notamment un atelier, un magasin, un centre de recyclage, des services et bureaux relevant du Centre de logistique, ainsi que des espaces libres correspondant à l'ensemble de ces fonctions. L'idée c'était donc de préciser un peu plus ce qu'on allait pouvoir autoriser dans cette zone-là pour éviter éventuellement qu'à l'avenir les CFL utilisent cet lot pour déplacer des bureaux ou pour en faire un centre de formation. L'idée c'est vraiment de concentrer ce site-là pour un Centre de logistique et non pas pour un fourre-tout pour les CFL. Donc c'était important de cadrer ce site-là par rapport à la grande zone dans le PAG autour. Pour ce faire il a fallu aussi faire une modification du PAG en ce qui concerne les ratios pour les emplacements de stationnement.

Etant donné qu'il est prévu pour ce site de construire les emplacements de stationnement sur le territoire de la commune de Bettembourg et que actuellement le PAG de Dudelange oblige d'aménager des emplacements de stationnement sur le site même des CFL. Donc pour être certain qu'il n'y a pas un problème juridique on modifie ici l'article en ajoutant : La zone des gares ferroviaire et routière respectivement les gares CL, Centre logistique des infrastructures ferroviaires, les emplacements de stationnement peuvent ne pas se situer sur la propriété concernée. Donc ça pourrait être sur une parcelle à côté.

Les emplacements de stationnement peuvent être aménagés sur une autre parcelle, voire sur le territoire de la commune de Bettembourg, sous condition que le propriétaire, donc les CFL, du terrain concerné puissent fournir la preuve de disposer d'un nombre suffisant d'emplacements pour voitures dans un parc de stationnement aménagé dans un rayon de 100m au maximum du Centre de logistique de l'infrastructure ferroviaire. Cela veut dire qu'avec cette phrase-là les CFL pourraient construire leurs emplacements de stationnement sur le territoire de Bettembourg. Bettembourg est d'accord avec ça. Et eux ils n'ont pas de problème non plus au niveau du PAG et du PAP Quartier Existant pour faire de tels aménagements. Donc c'est une ouverture, mais c'est surtout une sécurité juridique. Je crois qu'il était aussi prévu peut-être qu'ils vont faire des emplacements sur le site ici à Dudelange. Mais la majorité des emplacements serait à Bettembourg. Donc on modifie cet article-là pour garantir la faisabilité.

En modifiant le PAG on a également modifié le PAP Quartier Existant. Cela concerne plutôt les prescriptions dimensionnelles, alors que le PAG concerne plutôt les affectations. Ça c'était ce qui était en vigueur, l'ancien PAP Quartier Existant avec la grande zone ici qui était la zone spéciale ferroviaire. Donc là on la modifie pour introduire la zone Gare CL dans le PAP quartier existant ici. Ce qui avait aussi une implication au niveau de la partie écrite PAP QE. Donc, l'article 14.1. de la partie écrite du PAP QE on a repris exactement les affectations qu'on a définies dans le PAG pour le rendre effectif aussi là. Et on a été obligé de modifier la profondeur. Ce qui est en haut. Donc dans le secteur Gare la profondeur maximale d'une construction est de 25 mètres. Donc ça c'était l'ancienne prescription. Donc là pour le Centre de logistique on a écrit dans le secteur Gare CL la profondeur maximale d'une construction elle est 45 mètres. C'est au-delà de 25 mètres, c'est 45 mètres pour la profondeur. On a également fait des modifications au niveau de la hauteur. Anciennement c'était une construction qui pouvait avoir un maximum de 3 niveaux pleins. Là on a rajouté dans le secteur Centre de logistique une construction peut avoir un maximum de 5 niveaux pleins. Le projet net prévoit pas que toute la construction ait 5 niveaux, mais qu'une partie au moins va avoir 5 niveaux. Donc c'est pour garantir la faisabilité encore là.

Et anciennement la hauteur était limitée à 12,5 mètres et là avec le projet qu'ils ont présenté ce serait une hauteur maximum de 25 mètres. Mais bon, dans ce secteur-là de la commune il n'y a pas vraiment de problème de faire des bâtiments un peu plus hauts. Et aussi on a demandé dans le cadre de la SUP s'il allait y avoir un problème avec cette hauteur-là. Le ministère a dit qu'il n'y avait pas de problème et qu'on était pas obligé de faire un SUP, donc c'est pour ça qu'on permettrait 25 mètres de hauteur. Parallèlement il y avait la modification dans la zone d'activités Wolser. Aujourd'hui le PAG, à cet endroit-là, il prévoit la construction d'un parking écologique. Et là l'idée c'est simplement de retirer cette presciption-là ici qui obligerait de faire le parking écologique pour éventuellement permettre un parking écologique mais aussi, si on veut construire un bâtiment à la place,

ce serait possible maintenant en enlevant cette servitude-là. Là c'est simplement au niveau du PAG qu'on enlèverait la superposition de l'obligation de parking écologique. Cette modification-là aussi va être traitée.

Un point totalement séparé. Mais il y avait toujours la discussion dans l'élaboration d'un PAP nouveau quartier, les emplacements de stationnement visiteur, où c'était jamais précisé. Donc quand le promoteur arrivait avec un projet il y avait toujours des discussions entre les communes et le promoteur pour le nombre d'emplacements visiteurs dans le PAP nouveau quartier qui devait être fait. Donc là il y a eu la demande encore dans une modification de l'article 20 pour les emplacements de stationnement. Donc on a précisé que dans les PAP nouveau quartier un emplacement visiteur doit être aménagé dans le domaine public par tranche entamée de 3 logements. Donc ça veut dire que si le PAP prévoit 30 logements, le promoteur va devoir réaliser minimum 10 logements dans le domaine public. Il peut en réaliser davantage. Mais ça c'était pour prévoir qu'il y aurait un minimum d'emplacements de stationnement visiteur dans les nouveaux PAP et c'est aussi pour éviter les discussions avec les promoteurs, comme il y a toujours des discussions. Là c'est clair. Le promoteur peut en faire plus, mais il y a un minimum de 3. Mais on a quand-même prévu une dérogation.

Une dérogation quand on a un nombre minimal d'emplacements requis pour visiteurs dans le domaine public, peut être accordée pour des raisons urbanistiques ou si un concept de mobilité existe, notamment un quartier sans voitures, une desserte de transports en commun à haut niveau de service ou la proximité d'une gare ferroviaire. Ça veut dire que par exemple le PAP sur l'îlot Weirich, ici à côté de la Gare, ce PAP-là pourrait avoir des dérogations quant aux nombre d'emplacements visiteur. Il faut bien voir si ce sont des emplacements sur le domaine public. Là on ne parle pas des emplacements à l'intérieur des bâtiments pour les logements, mais bien les visiteurs. Donc pour ce projet-là ce serait possible qu'il n'y aurait pas l'obligation de l'emplacement par 3 logements, mais qu'ils en fassent aucun ou juste quelques-uns étant donné qu'ils sont très proche de la gare. On considère à ce moment-là que les visiteurs peuvent bien rentrer en transport public. C'est pour ça qu'on a prévu une dérogation.

L'autre modification, c'est simplement une mise à jour des définitions qui sont en effet dans le glossaire du PAG. C'est que le Ministère de l'Intérieur modifie les définitions pour la préciser. C'est simplement un règlement grand-ducal qu'on introduit, donc c'est une forme de mise à jour du PAG. Ou c'est simplement la façon de calculer les surfaces construites brutes. Juste pour dire rapidement, c'est les surfaces construites brutes attribuées aux différentes affectations d'un immeuble, tels que les commerces, bureaux, logements, logements abordables sont déterminés en additionnant pour chaque affectation précise l'ensemble des surfaces construites brutes correspondantes, y compris les murs qui englobent les surfaces attribuées à l'affectation respective. Anciennement il y avait un manque à ce niveau-là, là ils ont simplement précisé ça. Mais comme j'ai dit, c'est que une mise à jour. Donc c'est ça en gros les modifications.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci dem Jean Brodeur fir déi doten Erklärungen. Ech begréissen och eis Architektin, d'Cathy Mambourg. Elo hutt Dir en Abléck gehat an deen doten Dossier a punkto Modifikatioun. Wann elo Froen, Remarke sinn, dann ass elo de Moment.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. Just ganz kuerz, well mer haten dat do jo effektiv och schonn am Groupe de travail fir de PAG, wou mer zu deem dote Punkt guer net vill Froen haten oder diskutéiert hunn, well mir ënnerstëtzen déi Modifikatiounen natierlech, dat mécht alles Sënn. Ech hu just e bëssen u mir selwer gezweiwelt, well deen ee Punkt mat de Visiteursparkplazen am Nouveau Quartier, deen hate mer awer net am Groupe de travail diskutéiert. Ech hunn nach eng Kéier meng Notizzen duerchgekuckt an d'Notizze vum Groupe de travail, an ech hunn ugefaangen u mir selwer ze zweiwelen, mee ech mengen dat ass elo nei. Ausser ech hätt dat wierklech verpasst. Wéi Dir wësst, mir als Lénk sinn ëmmer frou fir net allze vill nach Voie publique elo ze reservéiere fir Parkplazen. Mir kënnen awer domadder liewen. Eebe well déi Derogatioun virgesinn ass. Wann de PAP d'Saache virgesäit, respektiv wann et eng Iddi ass, eng urbanistesch Iddi fir Vivre sans voiture an, an, an, dass een da kann d'Derogatiounen huelen. Domadder kënne mir dat dann awer alles matdroen. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Jo, et ass wéi d'Madame Thoma gesot huet. Mir haten dat schonn an engem Aarbechtsgrupp am Virfeld, do hu mer natierlech am Detail all déi Saachen duerchdiskutéiert. Ech hätt eng Fro, ech weess net, ob elo de richtege Moment ass oder nach vläicht en zweeten Deel, wann dat presentéiert gëtt. Mee et konnt ee liesen datt de Wirtschaftsministère justement e Plan de mobilité fir alleguerten déi Zone d'activités économiquen zu Diddeleng wëlles huet ze maachen. Dat huet eis e bëssen iwwerrascht. Natierlech positiv. Well dat heescht oft, dass een nei Méiglechkeeten an hoffentlech besser Méiglechkeeten da fir déi Zone d'activitéen ubitt. An eis Fro wier just fir ze wëssen: Ass do schonn eppes gemaach ginn? Ass do schonn eppes presentéiert ginn? Oder wësst Dir, ob dat vläicht iergendwéini eng Kéier wäert gemaach ginn? An dat anert ass mam Parking écologique. Ech muss just nach eng Kéier nofroe fir et richteg ze verstoen, well et konnt ee liesen, datt de Parking écologique dee virgesinn ass, net méi gebraucht gëtt well eng aner Méiglechkeet fonnt ginn ass. An ech wollt just gäre wëssen: Wat ass dann déi aner Méiglechkeet? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools Merci och fir déi dote Fro. Dat ass de Virdeel, wann een extern Gäscht huet, déi kënnen dann op déi dote Punkten och agoen. Ech wëll just hei nach betounen, an dat ass jo och Bestanddeel vum Dossier hei vum Gemengerot, wat dee Volet

ugeet vum Wirtschaftsministère, dass mer de 6. Juni, also dat ass nach ganz rezent, dee Courrier jo kritt hunn, wou de Ministère drop hiweist, dass en eng Etüd wëll maachen. Mir selwer sinn als Gemeng nach net domadder befaasst ginn. Mir hunn dat heite lo mol zur Kenntnes geholl, an do wäerte sécherlech nach Diskussioune kommen. Mee vläicht kréie mer schonn Elementer vun Äntwerten haut de Mueren. A voir wéi wäit dass ee sech do kann aus der Fënster erausleenen. Virun allem géif ech elo mol dem Här Brodeur an och dem Här Nimax d'Wuert ginn, well och eng Rei Froen och u si adresséiert waren, wat méi technescher Natur war.

JEAN BRODEUR, URBANISTE-AMÉNAGEUR (ZEYEN+ BAUMANN): Concernant la présentation au groupe de travail pour les emplacements de stationnement, on ne l'avait pas discuté lors du groupe de travail qui concernait ces deux modifications-là, mais on l'avait discuté lors du groupe de travail pour les habitations légères. Parce que ça avait été amené lors de la discussion pour un seuil où on avait dit, oui on va le revoir dans un prochain groupe de travail, mais on va le modifier dans celui-ci. C'est ça qui est la raison. Et on profite de cette modification-là pour faire de petits ajustements.

FABIEN NIMAX, WIRTSCHAFTSMINISTÈRE : Merci fir d'Wuert. Jo, wéi gesot, mir hunn e Büro chargéiert, fir e Plan de mobilité ze maache fir d'Gesamtheet vun den Aktivitéiten déi zu Beetebuerg an um Diddelenger Territoire sinn. Diddeleng mécht lo net direkt bei der Etüd mat, well der de Moment keng besteeënd Zon hutt, déi direkt géif a Fro kommen. Beetebuerg huet sech awer effektiv ugeschloss, haaptsächlech wéinst dem ale Schéleck. An déi éischt Interviewe sinn och do scho gemaach gi mat den Direktioune vun den Entreprisen. Spezifesch elo fir de Riedchen sinn u sech alleguer d'Entreprisen an deenen Interviewen dobäi gewiescht an och schonn de CGDIS als futur Occupant vun där Aktivitéitszon. A wat do u sech als éischt Element erauskoum, dat ass et effektiv kee Besoin gëtt fir e Parking oder e Parkhaus à ce stade. Dat heescht, d'Besoine sinn alleguerten ofgedeckt op den Terraine vun den Entreprisen. Deemools, wéi mer u sech déi Servitude do virgesinn hu fir dee Parking écologique, a bis haut gesi mer, et gëtt am Fong keng Evolutioun an deem Sënn dass mer e Parking géife brauchen.

A souwisou, wann e Parking géif gemaach ginn, da géife mer deen net méi sou maachen, wéi dat deemools virgesi war. Hautdesdaags si mer éischter op der Spuer vu Parking à étages. Mee wéi gesot, de Besoin ass effektiv net do. An d'Iddi ass och vun deem Plan de mobilité, aner Forme vu Mobilitéit fir d'Entreprisen an hir Salariéen an d'Zon eranzebréngen an eeben och verstäerkt op ëffentleche Verkéier ze setzen an d'Entreprisen och an deem Sënn ze sensibiliséieren. Wéi gesot, mir si ganz am Ufank vun deem Plan de mobilité. D'Gemeng, souwuel Beetebuerg wéi Diddeleng ginn do natierlech och involvéiert an och informéiert iwwert de Fortgang. Well déi nächst Etapp wär u sech dass d'Salariéë vun den Entreprisen och eng Kéier géifen interviewt ginn. Wt gëtt kee Besoin elo spezifesch fir de Riedchen fir sou eppes virzegesinn. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Affaire à suivre. Villmools Merci Här Nimax fir och nach déi doten Erklärungen an Ausféierungen. Ech mengen da wäre mer op alleguerten d'Punkten agaangen. Ech wëll nach preziséieren, mir musse lo de Vott huelen, mee dësen Dossier kënnt jo nach eng Kéier an de Gemengerot zréck, well hei ass jo den Optakt vun der Modification ponctuelle. Da musse mer jo en Avis au public maachen, mer mussen eng ëffentlech Reunioun organiséieren, déi klassesch Parametere vun der Modification ponctuelle. An dann am Kader vun der Prozedur komme mer nach eng Kéier an de Gemengerot zréck fir den definitive Vott. Dat ass hei net aneschters wéi bei anere Projeten. Dofir musse mer e lo mol an d'Prozedur schécken. Dofir, ass de Gemengerot hei mat där Modification ponctuelle, sou wéi se hei presentéiert an diskutéiert gouf, averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech villmools Merci. An ech mengen d'CFL an de Wirtschaftsministère seet och Merci. Villmools Merci och fir Är Presenz an Äert Kommen

### 6.2. APPROBATIOUN VUN ENGEM LOTISSEMENTS-/MORCELLEMENTSPROJET VUN ENGER KADASTERPARZELL AN DER RUE ANGELDALL

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op deen nächste Punkt iwwer. Dat ass d'Approbatioun vun engem Projet de lotissement/ morcellement an der Rue Angeldall. Ech mengen och do hutt Der den Dossier virleien. Do hate mer och den Dossier an der Bautekommissioun den 22. Abrëll 2024. Am Mee huet och eise Service Architecture et Domaines en Avis favorable ginn. Et ass an der Rue Angeldall. Do ass een Terrain vun 10,46 Ar. De Projet ass, dass 2 Loten entstinn. Den 1. Lot 4,32 Ar, den 2. Lot 6,96 Ar fir 2 Maisons bi-familiales jumelées ze maachen. A wéi gesot, de Projet ass virgestallt ginn an der Bautekommissioun. Dir hutt och e Préjugé favorable ginn. A fir dann och dat kënne weiderzedreiwen als Projet ass et och wichteg, dass hei de Gemengerot den néidege Vott och virhëlt. Voilà. Dat zu den Erklärungen, wat deen dote Projet ugeet. Remarken, Froen dozou? Dat ass net de Fall. Ass de Gemengerot mat deem Morcellement/Lotissement averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech villmools Merci.

## 7. GEMENGEKOMMISSIOUNEN

### APPROBATIOUN VUN DE MODIFIKATIOUNE VUN DE GEMENGEKOMMISSIOUNEN

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géif ech proposéieren, dass mer op den nächste Punkt viruginn. Dat si Modifikatiounen an de consultative Kommissiounen. An do hu mer hei virleie vun deene Gréngen, dass den Här Alex Lasinne an de Pool des remplaçants soll bäigefüügt ginn. Ass de Gemengerot domat averstanen? ***Dat ass unanime.*** Villmools Merci.



# 8. PASS INTERRAIL JEUNE

**VUN DER FRAKTIOUN «DÉI GRÉNG» VIRGELUECHTE MOTIOUN FIR D'SCHAFUNG VUN ENGEM SUBSID FIR JONKER FIR HIREN 18. GEBUERTSDAG FIR DE PASS INTERRAIL JEUNE**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da géife mer mat deem nächste Punkt weiderfueren an da géife mer herno nach eng Kéier zréckspraangen. Dat ass hei am Fong eng Motioun, déi mer vun der Grénger Fraktioun kritt hu wat e Subsid ugeet fir de Pass Interrail Jeune. Dofir géif ech hei den Auteuren d'Wuert fir d'éischt ginn an dann hu mer hei eng Diskussioun. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Effektiv hu mir schonn e puer Mol bei anere Sujete gesot, dass d'Jugend eis um Häerz läit. Ech menge mir hunn eng Europawal am Réck, mir hunn d'Statistiken an Däitschland gesi vum Walverhalen, virun allem bei deene Jonken tëschent 16 a 24. Do si mir dann als Gréng der Meenung, dass et wichteg ass, sech d'Virzich vun enger Europäescher Unioun bewosst ze halen an awer och deene Jonken d'Dier an Europa opzemaachen, notamment duerch e grenzeloost Reesen, virun allem am Schengen-Raum. Wéi mer mat enger Motioun fir e Subsid an Héicht vun 300.- Euro fir den Interrail-Ticket dee Schratt wéilte vereinfachen. A menge Considerante géing ech da soen: De Gemengerot stellt fest, dass et wichteg ass deene Jonken d'Virdeeler vum grenzelose Reesen an Europa bewosst ze maachen. Ech hat dat lo kuerz am Virwuert ugeschwat. Et gewinnt ee sech un de Schengen-Raum. Bei der Pandemie huet ee gesinn an och elo bei de Grenzkontrolle fir d'Europameeschterschaft fir an Däitschland ze kommen, erkennt een dann awer erëm d'Virdeeler wat e grenzeloost Reesen huet ouni Areesaschränkungen.

Dass Reesen et jonke Leit erméiglecht, hiren Horizont ze erweideren a méiglech Unis-Stied ze bereesen, ech menge mat 18 stelle sech vill Froen am Liewen. Ënner anerem och déi vun deem, wou ee wëll studéieren. Et huet ee scho Kolleegen, déi op der Uni sinn, wou ee sech eventuell mol d'Stad wëll ukucke goen oder d'Uni och selwer kucke goen. Oder et wëll een och einfach an d'Vakanz goen, Stied bereesen, respektiv un d'Mier oder an d'Bierger. Je nodeems, wourop een als 18järegen dann eebe Loscht huet. Dass erschwénglechen ëffentlechen Transport all de jonke Leit d'Méiglechkeet bitt, ze reesen. Zuchreese sinn an Europa par rapport zu verschiddene Flich, déi ee buche kann nach ëmmer ze deier. Dat stelle mer alleguerte fest. A mat engem Subsid ginn dës Ticketen, mat deenen een zimmlech flott Reesen zesummestelle kann, ganz interessant.
An de Konzept vum Interrail-Ticket erméiglecht et engem och, seng Rees sou zesummenzestellen, dass den Zuchticket insgesamt gekuckt dann och méi gënschteg gëtt wéi en Trajet mam Auto oder mam Fliger. Dass Reesen ofhängeg ass vun der sozioekonomescher Situatioun, Reesen ass e Privileg, a Bierger aus bessergestallte sozioekonomeschen Hannergrënn si scho méi gereest, konnte méi Kulture kenneléieren. Hei bitt de Subsid dann d'Méiglechkeet, och deene Jonken ze hëllefen a Kombinatioun mat Jugendherbergen oder wéi ech schonn uewen d'Beispill ginn hu vun der Uni, entweeder bei Famill oder Frënn ze iwwernuechten. Relativ gënschteg ze verreesen am ganzen, an dat fir all déi jonk Leit, egal wéi de finanzielle Background ass.

Dass Reesen innerhalb vun Europa méi ëmweltfrëndlech ass mam ëffentlechen Transport wéi mat soss engem anere Verkéiersmëttel, ech mengen dee Considerant ass selbsterkläerend. Dass d'Gemenge Walfer a Beetebuerg hire jonken Erwuessener fir hiren 18. Gebuertsdag e Subsid an Héicht vun 300.- € fir de Kaf vun engem Interrail-Pass bäileeën. Do hat ech d'Annexen 1-3 dann och dobäigemaach, wou Der d'Beispiller kënnt gesinn. Do sinn dann déi verschidde Modien, dass déi Jonk per Bréif drop opmierksam gemaach gi mat hirem 18. Gebuertsdag: Voilà, dat steet der zou. An dass se da mat dem Bréif op der Gemeng kënne virstelleg ginn, de Bong da kréien an dee bei der CFL aléisbar ass innerhalb vun 2 Joer. Dat gëtt dann och e bëssen de Sputt fir an där Liewenssituatioun do seng Rees kënnen unzepassen, respektiv d'Erkundung vun den Unisstied. Hei zu Diddeleng schwätze mer dann dëst Joer och vun 223 jonk Erwuessenen, déi do a Fro kéimen. Dofir invitéiere mer de Schäfferot, den Diddelenger BiergerInne fir hiren 18. Gebuertsdag e Subsid an Héicht vun 300.- Euro fir den Interrail-Pass ze offréieren. Dat wéi gesot an engem Bong. An an eisen Aen och mat enger Gültegkeet vun 2 Joer, well jo ëmmer mol eppes ka sinn, sief et berufflech, sief et wéinst de Studien, sief et familiär, dass dat mat 18 Joer pile vläicht net méiglech ass. Voilà. Ech soe Merci a si gespaant op Är hoffentlech positiv Retouren.

MARC MEYER (DP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Jo, ech hu mer dat do ugekuckt gehat. D'Iddi u sech fannen ech guer net sou schlecht. 300.- € fannen ech dann awer e bësse vill. Besonnesch well ech dovun ausginn, dass een dat hei och net sozial staffele kann. Well mir wësse jo net wat déi verschidde Famille vun deene Jugendleche vun Akommes hunn. Also mat 50.- € bäileeë fannen ech dass eng Diddelenger Gemeng dee Moment schonn e schéine Gest géif maachen. Ob dat lo mussen 300.- € si gesinn ech net an. A wéi gesot, wann, da misst dat och, wéi den Här Steffen gesot huet, zäitlech begrenzt sinn, dass dat da vum 18. net bis den 20. mais éventuell scho bis den 19. Gebuertsdag muss ageléist ginn. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Villmools Merci och

un déi Gréng fir déi Initiativ. Virun allem vum Zäitpunkt hir fannen ech se gelongen, no den Europawalen. Mer hunn an de leschte Wochen a Méint nees vill driwwer diskutéiert.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Se ass virun den Europawalen erakomm.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, mä mir diskutéieren no den Europawalen driwwer. Mee och virun den Europawalen. Et ass jo wierklech vill dorëm diskutéiert ginn, d'Elogë vun der Europäescher Unioun. Déi grouss Virdeeler, dat sinn grenzeloost Reesen, dass mer a Fridden zesummeliewe mat verschiddene Kulturen. An ech mengen do gehéiert jo och dat grenzeloost Reesen dozou, dass een och mol ka fräi sech beweegen an aner Kulturen an aner Länner besichtegen. Grad wann ee jonk ass, 18. Gebuertsdag, oder komm mir soe lo mol tëschent dem 18. an dem 20. Gebuertsdag, dat ass jo eeben dee Moment am Liewe wou een Zäit huet fir ze reesen. Zumindest bei deene meeschte Leit. Wou een Zäit huet, e bëssen ze entdecken. Wou ee wëllt säin Horizont erweideren, wou ee vläicht effektiv kucke geet, wou ee wëllt studéiere goen, an, an, an. A franchement, wou een och vläicht eng Kéier wëll déi éischte Kéier onofhängeg vun den Elteren e bësse reesen. Dat ass bei deene meeschte Jonke sou de Fall. An da muss een einfach feststellen dass awer dat Reesen, Profitéiere vun deem grenzelose Schengen-Raum, ofhängeg ass vum Portmonnie. Et geet awer net nëmmen ëm dee sozialen Aspekt, mee och ëm deen ekologeschen. Den Interrail-Pass, deen huet effektiv de Virdeel dass en de Schinneverkéier ka promouvéieren.

An dass wann een da vun deem Interrail-Pass profitéiert, doduerch vläicht och kënne Gewunnechte geschafe ginn, an dass een dann och an Zukunft mierkt, wéi praktesch den europäesche Schinneverkéier ass an dass een dat ka benotzen. An ech mengen den Zuch ass net just eng ekologesch Déngens, dat steet elo net hei an der Motioun dran, mee et ass awer och e Symbol vun enger Entschleunegung vum Reesen. An och dat fannen ech immens wichteg, grad bei Jonker, déi vläicht kuerz virdru sinn an d'Studien oder an d'Beruffswelt anzetrieden, dass se och gesinn, dass een dat Ganzt e bësse méi entschleunegt ka maachen. Säit iwwregens 8 Joer gëtt op europäeschem Niveau driwwer diskutéiert fir gratis Interrail un all déi Jonk fir hiren 18. Gebuertsdag ze verdeelen. Do gouf et eng Zäitchen am Europäesche Parlament eng Majoritéit dofir. Leider ass dat ni bis ganz zum Schluss entwéckelt ginn. Et gëtt aktuell e Projet, wou ee sech ka mellen, an dann ass et e bëssen e Glécksspill ob een da sou en Interrail-Pass ka gewannen.

Als déi Lénk si mer nach ëmmer der Meenung, dass et eigentlech flott wär, wann d'Europäesch Kommissioun all Jonken an der EU géing sou en Interrail-Pass schenken. Mee en attendant géinge mir et natierlech wierklech ënnerstëtze wann d'Gemeng dat géif maachen, zumindest op lokalem Plang fir déi Jonk. Sou dass mer déi Motioun hei voll a ganz kënnen ënnerstëtzen. Just nach als kleng Remark, well an der Annex Nr. 3 d'Deliberatioun vun der Beetebuerger Gemeng steet. An do ass bei de Consideranten: „Vu l'avis de la commission des finances“ a „vu l'avis de la commission de l'égalité des chances et de la cohésion sociale“. Ech hunn dat flott fonnt, dass si iwwer sou Saache wierklech och an de Kommissiounen diskutéieren an do Avisen eraginn. An ech géing et flott fannen, wa mir vläicht och kéinte sou Projete reegelméisseg an d'Finanzkommissioun kéinten huelen an do diskutéieren. Merci.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Villmools Merci fir d'Wuert. Interrail ass en internationale Reespass, deen et erméiglecht mat Zich duerch ganz Europa ze fueren. Et ass eng aussergewéinlech Geleeënheet, déi mir den 18järege gäre géifen ubidden. Déi zwou Gemenge wou et schonn ëmgesat ass, Beetebuerg a Walfer, dëst sinn zwou Gemengen, wou d'CSV de Buergermeeschter stellt. Am éischte Joer hu vun ëm déi 90 Jonker, déi eligibel waren zu Walfer ongeféier 20 dovu profitéiert. Dëst Joer ass de Succès lo scho vill, vill méi grouss zu Walfer. Zu Diddeleng sinn et ëm déi 1,15% vun der Bevëlkerung déi 18 Joer al sinn. Wat bitt Interrail eis? Interrail erlaabt deene Jonken Europa op ëmweltfrëndlech Manéier ze entdecken am Géigesaz zu Fluchreese sinn Zuchreese vill manner schiedlech fir d'Ëmwelt. Dëst ass besonnesch wichteg an enger Zäit wou de Klimawandel eng global Erausfuerderung ass.
Interrail gëtt eng eenzegaarteg Méiglechkeet, verschidde Kulturen an Natioune kennenzeléieren. Mat engem Interrail-Pass kënnen Dierfer a Stied besicht ginn, déi mir vläicht nach ni geduecht hunn ze entdecken.

Dëst fuerdert Versteesdemech an Toleranz tëschent de verschiddene Kulturen an Europa. D'Erfarung nei Plazen a Leit kennenzeléiere beräichert eist Liewen op eng onvirstellbar Manéier. Interrail-Reese si flexibel an komfortabel. Mat engem eenzege Pass ass en Zougang zu Zich a bal all europäescht Land garantéiert. Interrail fërdert och de sozialen Austausch a Frëndschaft. An deenen Zich begéint een déi eng oder aner Reesender, déi en änlecht Abenteuer sichen. Dir deelt Erfarungen, Geschichten a vläicht souguer e puer Reesstrecken. Dës nei Frëndschafte kënne laang halen a sinn e wäertvolle Bestanddeel vun dëser Reeserfarung. Interrail ass méi wéi nëmmen eng Rees. Et ass en Abenteuer, eng Geleeënheet fir perséinleche Wuesstem a fir d'Erweiderung vu sengem Horizont. Ech encouragéiere jiddereen, dëst Abenteuer ze ergräifen an Europa duerch Interrail ze entdecken.
Zum Finanzement: Kéint een dat mat de Sue vum « Sweet Event » finanzéieren? Zemools Interrail erméiglecht, séiss Delikatesse vun Europa sur place ze entdecken. Déi Jonk kënne belsch Waffelen zu Bréissel, franséisch Macaronen zu Paräis, italieneschen Gelato zu Roum oder däitsch Schwarzwälder Kirschtorte am Schwarzwald testen. Merci fir Är Opmierksamkeet.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Mir begréissen natierlech och d'Motioun vun deene Gréngen a fannen et eng ganz gutt Saach, datt Jugendlecher ab 18 Joer mat engem Subsid vun 300.- € fir den Interrail-Pass duerch Europa kënne reesen. Mir hate just eng Fro: Wéi soll dat dann herno organiséiert ginn, datt d'Gemeng eventuell géif och e Bréif un all Jugendlecher vun 18

Joer géif schécken? An och a Form vun engem Bong, dee bannent zwee Joer misst ageléist ginn. Merci.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Also nodeems mir dann hei vill iwwert Europa schwätzen an ech d'Europawale kucken, mengen ech sinn ech éischter der Meenung, dass kee méi soll reesen. Also ech sinn net grad dofir, wa se a Frankräich ginn, a se géifen op aner Iddie kommen. Neen, dëst elo sou am Rande zu Europa. Ech zerplécken déi Motioun gär e bëssen, well ech verstinn d'Iddi derhannert an ech verstinn d'Iddi och mam grenzelose Reesen, mee op där anerer Säit fannen ech awer, dass et eng relativ deier Geschicht gëtt. Éischtens mol fir d'Gemeng, wa mer lo déi 223 Jonker huelen, da si mer op 70.000.- € wat dat als Budget wär. An op där anerer Säit grenze mer der awer bei de Jugendlechen an den 18järege vill eraus. Alles wat deelweis handicapéiert ass, sozial schwaach. Mir wësse ganz genau, Interrail dat ass flott an dat reest, mee wann s de awer lo wierklech 2 Wochen iergendwou hifiers an du gees a Jugendherbergen an du keefs der deng Saachen, dann hues de e Budget vun 1.000.- €. An dat hunn e groussen Deel vun de Jugendlecher awer net.

Ech verstinn d'Iddi derhannert an ech géif immens gären d'Propos maachen, an déi ass jo och komm hei vum Carole, dass mer eebe sou eppes vläicht eng Kéier an enger Kommissioun beschwätzen. Wéi eng Iddie kéint een hu fir 18järegen ze ginn? A fir ze kucken, dass et net fix op en Interrail ass. Well mir schléissen en Deel vun de Leit aus, déi net kënnen Interrail, déi d'finanziell Moyenen awer net hunn, well Reese kascht. Du kanns och fir 300.- € op New York fléien. Dat ass net de Problem. Awer du kanns net zu New York bleiwen eng Woch. A mir grenzen hei awer en Deel aus, wa mer et fix op en Interrail setzen. Dofir géif ech d'Propos maachen, ob mer net solle fir d'éischt eppes an enger Jugendkommissioun oder an enger Sozialkommissioun beschwätzen, fir ze kucken, wéi eng Iddie mer kënne brainstormen, fir wa mer wéilten en Cadeau fir 18järeger maachen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci fir d'Wuert. Ech fannen den Interrail dat wär, wéi och vun dëser Säit ugeklongen ass, och e Message un déi Jonk och, dass si eis net egal sinn, och als Politik. Dass mer Efforte maache fir si ze ënnerstëtzen. Ech mengen hei zu Diddeleng maache mir scho ganz vill. Dat ass och eppes wat ee vläicht soll erwänen. Mir hu jo och de Subsid für Schüler, déi Elève méritant sinn. Dat ass jo och net näischt. An do gesäit ee jo och, wann déi Receptioune sinn, wéi vill Jonker och an dee Genoss kënne kommen, wa se fläisseg sinn an der Schoul. An do ass et jo jiddwereen, deen eng Leeschtung vollbréngt, deen ënnerstëtzt gëtt. Sief et ob's de am Modulaire bass, oder ancien Modulaire, oder am Professionel, am Général oder am Classique. An dat ass vun 13 bis 18 Joer. An dann duerno wa se Student sinn och nach doriwwer eraus.

Dat heescht do gëtt scho vill gemaach fir eng finanziell Ënnerstëtzung vun deene Jonken. Wat mer och ëmmer absolut begréisst hunn an ënnerstëtzt hunn a wou mengen ech och ugeduecht ass, wann ech dat richteg matkritt hunn an där Kommissioun, déi déi Subside verdeelt, dass do eventuell och eng Erhéijung vun dem Subsid soll kommen. Dat ass zum Beispill eng Zort vun Ënnerstëtzung déi mer maachen, déi mer och weider onbedéngt géifen erweideren oder héichhalen. An dat mat den 18 Joer, ech denken, dat ass och e Symbol, dat däerf een och net vergiessen. Mat 18 Joer ass een hei zu Diddeleng oder hei zu Lëtzebuerg berechtegt, an d'Walen ze goen. Ech hat mer dat souguer nach e bësse weider ausgesponnen, dass een zum Beispill kéint eng Receptioun maache fir déi jonk Wieler. Mir maachen dat ëmmer nëmme just virun de Walen, dass mer d'Neiwieler an der Gemeng hei begréissen. Dat kéint een zum Beispill och als Traditioun aféiere fir deene Jonken e bëssen d'Politikverdrossenheet ze huelen, fir hinnen och ze weisen, dass Politik eppes Noes ass. An dat hei wär och e Message u si, hei kommt an d'Gemeng. Éischtens mol stelle mir eis vir. Dat kann een och natierlech auswäiten op alleguer déi nei Bierger. Dat ass och eppes wat ee kann an enger Kommissioun mol diskutéieren, wéi mer déi Receptioun solle maachen.

Awer zum Beispill kéint ee sou eng Receptioun fir déi 18järeg maachen an dann an engem offizielle Kader hinnen dee Bong och iwwerreechen. Well wann ee gesäit wéi begeeschtert déi Jonk komme bei der Subsidefeier, wou se dann hiren Diplom och kréien, dass se fläisseg waren, dat ass och eng Aktioun, déi déi Berührungsängsten tëschent der Politik an deene Jonken awer e bëssen opbrécht, an dat ass ganz gutt. A wéi gesot, ech fannen déi hei Iddi mam Interrail-Pass eng ganz gutt Saach. Sécher ass näischt perfekt. Du kanns och soen, bei de Subside mir sinn een eng Gemeng déi „nëmmen“ déi fläisseg Schüler belount, aner Gemengen déi ginn all Schüler eppes wann e säi Joer packt. Mir sinn op en anere Wee gaangen. Also du kanns ni jiddwereen ergräifen. Dat ass einfach e Message, et ass eng gutt Aktioun. An dass dat soll an de Kommissiounen weider diskutéiert ginn a wéi eng Richtung et geet, dat ass och net schlecht. Mee mir begréissen effektiv, dass déi Gréng dës Motioun ugeleiert hunn an dass mer mol iwwert deen Thema schwätzen. An insgesamt och wéi mer deene Jonke kënne méi Loscht un der Politik an och méi Loscht un Europa bréngen. An och wa se a Frankräich fueren, et ass och net direkt jiddwereen ugestach mat enger politescher Meenung, wann en an e Land fiert, wou vläicht elo en anere Wand bléist. Vläicht ass et och gutt wann aner Jonker dohinner gi fir mat deene Leit ze diskutéieren a fir vläicht deenen och eng aner Approche matzedeelen. Merci.

MARC MEYER (DP): Jo Här Buergermeeschter, nach eng Kéier Merci fir d'Wuert. Ech wollt just nach eng Kéier op dee finanzielle Punkt zeréckkommen. Well d'Madame Kemp huet gesot, dass 1,5% vun den Diddelenger géifen hir 18. 1,15%? Neen, dann ass et gutt, dann ass alles an der Rei. Op alle Fall si mir awer da bei 70.000.- €, wat natierlech e Montant ass, deen net ze negligéieren ass an Tendenz steigend. Well Diddeleng wiisst, et kommen ëmmer méi Leit heihi wunnen. De Plus, wéi schonn hei gesot ginn ass, kascht den Openthalt op deene Plazen, wou se da géife reesen, och eppes. Esou dass herno awer

erëm nëmmen déi privilegiéiert Jugendlecher, déi sech dann och do d'Zëmmere respektiv d'Hoteller kënne leeschten, am meeschte kënnen dovu profitéiere wäerten. An an deem Moment gesinn ech dann och wéi d'Madame Dimmer ganz richteg gesot huet, dass et besser wär, an enger Kommissioun ze brainstorme fir ze kucken, wat ee kann do als eventuelle Cadeau fir 18järeger kéint maachen, wou dann och jiddereen eppes dovunner huet. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ma ech soe lo mol Merci fir d'Wuert. Dee finanziellen Aspekt ass hei relativ oft gefall. A wéi ech dës Ronn awer mëttlerweil scho kennegeléiert hu konnt ech mer dat schonn denken, dass dat géing kommen, an ech hu meng Hausaufgab dunn och gemaach. Ech hunn einfach mol d'Zuele gekuckt gehat vun all deenen 18järegen an de Joergäng 2003 bis 2009. Dat ass am Fong déi Zäitspan vun deenen, déi 18järeg gi sinn 2021 bis 2027. Natierlech déi wou bäiplënneren oder ewechplënneren, déi kënne mer net erfaassen. Do si mer dëst Joer effektiv dann, dat ass de Joergang 2006, do si mer bei 223 Jonken, déi hiren 18. Gebuertsdag dëst Joer feieren. D'Tendenz geet effektiv erof wat dat betrëfft. Mir hunn trotzdeem eng Moyenne op déi 7 Joer gekuckt vun 240 Jonken. Dat heescht, an enger Moyenne, wa jidderee géing deen Ticket aléise vun 300.- €, hätte mer fir 72.042.- €. Wa jiddereen e géing aléisen.

Ech hunn zu Walfer nogefrot. Well net just dass zu Walfer an zu Beetebuerg de Buergermeeschter ee vun der CSV ass, ass och de Schäfferot vu Grénge mat gestallt. Éischte Schäffe souguer. Do ass eng Participatioun dann effektiv vun 25 – 30%. Ech mengen d'Madame Kemp hat d'Zuele jo och ginn, déi do géinge matmaachen. Dat hunn ech du mol fir dëst Joer héichgerechent, dass wa mir eng änlech Participatioun hätte vu 25%, respektiv vun 30%, da schwätze mer vun engem Budgetsposte vu 16.725.- € wann et 25% sinn, dat si 56 Leit. Bei 30%, und nun höret, si mer bei 20.070.- €. Dat ass de Budgetsposte vum « Sweet Event », deen d'Madame Kemp grad genannt huet, wa 67 Leit da géingen drop zréckgräifen. Sou, kleng Klamer, kleng Spaass bäisäit. Déi 20.000.- € dat wären déi, wou een da mol kéint provisoresch domat rechnen. D'DP huet elo nach ganz oft drop ronderëm geridden an och d'Madame Dimmer hat dat elo gesot, dass dat Ganzt am Fong keng sozial Moossnam wier well et awer erëm géing vill Leit ausschléissen. An där Zäit wou ech mer dat elo ugelauschtert hunn, hunn ech emol gegoogelt wat eng Nuecht zu Köln an der Jugendherberg kascht, an dat kascht 9.- €, eng Nuecht. Dat heescht, ech weess elo net wéi gënschteg dass et nach soll gi fir kënnen z'iwwernuechten. Virun allem wa mer dann op de Wee ginn dass mer soen, si hunn 2 Joer Zäit fir dee Bong anzeléisen, fannen ech d'Iddi am Fong exzellent vun der Madame Kayser fir ze soen, hei komm mir kombinéieren dat mat enger Receptioun oder mir bidden e klengen Accompagnement vun deene Jonken un, déi a prekäre Situatioune sinn.

Also ech weess, dass ech, ab deem Ament, wou ech konnt an de Vakanze schaffe goe sinn ech an de Vakanzen dräi Woche schaffe gaangen. Meng Vakanze waren dann och a Jugendherbergen an ech fannen dat lo net dramatesch, dass ee vläicht och d'Perspektiv gëtt a seet: Ma ja komm, du interesséiers dech fir op d'Uni ze kommen, du interesséiers dech fir aus enger manner vun doheem subventionéierter Situatioun eraus kënnen Europa kënne kennenzeléieren. Majo komm, huel d'Méiglechkeeten un, déi et huet fir an deenen nächsten zwee Joer eng Kéier den Tour vun den Unien ze maachen. Well et si jo grad déi wou schonn d'Geschwëster oder wat weess ech wat op der Uni ass, déi warscheinlech méi Facilitéiten nach hu fir ze verreesen, wéi déi wou an där komplett prekärer Situatioun sinn.

Dat heescht, a mengen Aen an och an eisen Aen ass dat dote grad eng ganz sozial Moossnam. Dat verschléisst jo och net, dass ee seet, majo, mir loossen dat do da mat deem do Budgetsposten 2 Joer an enger Testphas lafen an da kucke mer wat dat vläicht gestaffelt no ënne géing bedeiten. Déi 300.- € hunn eis an deem Sënn gutt geschéngt. Éischtens emol well mer d'Erfarungswäerter vun 2 Gemengen elo awer hunn. An an där anerer Approche eeben, ech mengen ech hat Iech d'Tabell och drugehaangen, dass Der e bësse gesitt, wat deen Interrail-Ticket da kascht. Do si mer ëm déi 300.- €. A wann ee seet, voilà, dat fonctionéiert jo mat de Reesticketen, also mat de Reesdeeg. Wann ech dann elo deen éischte kucken, do sinn ech als Jonke mat 212,- € dobäi an ech hu 4 Reesdeeg, déi ech kann zücke wärend engem Mount. Dat heescht wärend dem ganzen August kann ech soen, ech notzen 1 Dag fir op Köln ze kommen, ech notzen dann 1 Dag weider fir op Amsterdam ze fueren. Dann notzen ech nach 1 Dag weider fir op Bréissel an dann huelen ech mer de leschten Dag fir erëm heemzekommen. Op e Mount verdeelt. Ech kann et wierklech genau sou opdeele wéi ech wëll. A dann hunn ech bei deenen 212.- € jo nach net alles opgebraucht.

Dat heescht, et gëtt d'Gemeng dann och keng 300.- € deier, mee hei gëtt d'Integralitéit einfach couvréiert. Dat heescht et kascht keng 300.- € fir déi dote Rees. An dat ass e bësse sou, an do sinn ech och bei Iech alleguerten, dass mer scho sollten d'Finalitéiten an de Kommissioune selbstverständlech diskutéieren. Mee d'Kommissioune si consultativ, an ech hat schonn d'leschte Kéier e bëssen d'Gefill dass ëmmer erëm op déi Kommissioune gedrängt gëtt fir dat do ze beschwätzen an net hei. Do géing ech da ganz gären trotzdeem op mäi Recht vun Initiativ dann zréckkommen, dat ech awer als Conseiller hu fir eng Iddi hei ze deposéieren. Dass de politesche Wëlle vun de Parteien einfach kloer gëtt fir ze soen, hei mir hätten dat dote gär a mir beoptragen eng Kommissioun domat, fir hiren Avis dozou ze ginn a fir och ze soen, hei sou a sou stelle mir eis et vir. Dass a) keen Abus domat gedriwwe gëtt, b) dee ganzen Encadrement ronderëm domat gekläert gëtt. Well ech weess zu Beetebuerg, do fuerdere se da vun deene Jonken déi vun deem Service kënne profitéieren, dass se eng Fotodokumentatioun maachen. Dass se am Fong kënnen an hiert Blietche Fotoe posten, et muss net mat Gesiicht sinn, dat ka mat Gesiicht sinn, wou ee seet, voilà, ech war zu Köln mat menger Rees, ech war zu Amsterdam mat der Rees.

Da kann een an engems och deenen nächste Jugendlechen awer weisen, dass Europa awer flott ass an dass et sech lount, entgéint der desaströser Usiicht vun der Madame Dimmer, trotzdeem nach ze verreesen, och wann do e puer Leit komesch gewielt hunn. An och do sinn ech bei der Madame Kayser, dass dat awer trotzdeem dozou bäidréit, dass déi Jonk matenee schwätzen an dass déi vläicht dann och deene franséische Kolleege soen an deenen däitsche Kolleege soen, hei pass op, wat s de wiels well Europa ass wierklech cool an et lount sech. Voilà, ech mengen ech sinn op alles agaangen. An iwwregens Här Meyer, d'DP hat an hirem Walprogramm fir d'Europawalen deen Interrail-Ticket. Dat heescht et wier schonn e bësse komesch, wa mer just géife 50.- € an de Grapp drécken oder an enger Kommissioun decidéieren, se géingen e Bidon an e Schal kréie fir den 18. Gebuertsdag. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Jo Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech wëll nach op e puer Saachen agoen. Mir hunn elo hei vill héieren, an et sinn och ganz vill gutt Usätz dobäi, mee ech menge mir sinn heibannen heiansdo an eiser Bulle. Mir schwätzen hei vun deene 25 – 30% déi da schlussendlech géifen op deen Ticket zréckgräifen a mir fannen datt dat dann e gudden Ufank ass. Dat heescht soss näischt, datt 70% dat net huelen. Firwat huelen déi dat dann net? Da schwätze mer hei vu Subsiden déi mer verdeele vun der Gemeng fir Schüler déi gutt léieren. Wat ass da mat deenen aneren alleguer? Also ganz oft ass d'Thema Universitéit gefall. Do si ganz vill Jonker déi ginn iwwerhaapt net op eng Universitéit. Déi gi sech och keng Universitéiten ukucken an der Vakanz. Déi si scho frou wa se iwwerhaapt vläicht eng Kéier fortkommen enzwousch. An ech menge wat mir hei e bësse feelt hei un där Motioun, dat ass éischtens mol, datt genau mir heibanne lo sollen decidéiere wat gutt ass fir déi Jonk an zwar alleguer déi Jonk hei zu Diddeleng. An ech mengen dofir sollte mer dee participative Prozess, mir hunn eng Jugendkommissioun, mir hunn e Jugendrot, mir hu ganz ganz vill Saachen. A mir sollte mengen ech mol si selwer mol zu Wuert komme loosse fir hir Besoine erauszehéiere wéi se da vläicht wéilten ënnerstëtzt gi fir hir 18 Joer. Wat se vläicht vum Gemengerot erwaarde géifen, oder wéi se vläicht kéinte mol eng Kéier Europa entdecken an esou.

Mee ech mengen hei geet et tatsächlech an eng Richtung. Hei si besonnesch Jonker viséiert, an ech schwätzen aus eegener Erfarung, ech hunn och zwee Meedercher, déi huelen och den Interrail am Summer elo, mee do ass e Rateschwanz hannendrun. An éischtens mol sinn der do, déi déi éischte Kéier mol e Schratt maachen iwwerhaapt an déi Richtung. An ech mengen do gehéiert och e bëssen Encadrement dozou, do sinn ech ganz bei Iech. Ech fannen et ass net haut, hei elo, fir déi do Motioun sou tel quel unzehuelen. Ech fannen do gehéiert nach e bësse méi dozou. An och deene Jonke mol nozelauschteren. An do hu mir eis Instrumenter ginn hei zu Diddeleng. Déi fonctionéiere ganz gutt. An ech fannen et ass lo net haut fir déi Decisioun ze huelen a sech och do schonn op e Chiffer festzesetzen. Mee d'Josiane wäert dozou nach eppes soen. Mee dat ass meng Meenung. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo Merci. Ganz kuerz just, well ech awer ugeschwat ginn. Fait personnel. Ech sinn nämlech effektiv falsch verstane ginn. Ech wëll d'Kommissioune stäerken. Dat heescht awer net dass ech wëll d'Initiativrecht vun der Oppositioun schwächen an dat heescht net dass ech lo wëll soen, déi Gréng sollen hir Motiounen elo ëmmer an d'Kommissioun ginn. Ech wëll allgemeng dass einfach méi Saachen an de Kommissiounen diskutéiert ginn. An dann awer eng lescht Remark. Ech fannen et awer ganz e bësse cocasse, dass elo vun der LSAP eng sozial Mesure, wéi se hei proposéiert gëtt, verworf gëtt mam Argument, d'Leit géifen opgrond vun hirer sozioekonomescher Situatioun ausgeschloss ginn. Also et gëtt mat Sécherheet Argumenter dofir oder dogéint. Mee dat Argument, dat kann ech awer wierklech net gëlle loossen. Merci.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Bon, ech hu just ee klenge Bedenken och bei der Saach. Dat ass einfach dee Punkt, wa mer elo soen, voilà, du kriss vun der Gemeng wann s de 18 Joer hues 300.- € geschenkt wann s de op d'Rees gees. Bon, fir een deen elo aner Interessien huet wéi ze reesen, wann ech meng Kanner kucken, deen een dee reest gären, deen aner, deen huet keng Loscht drop. Wat schenke mer deem dann? Et ass just einfach d'Fro, ech fanne wa mer lo op eemol Geschenker an deem Sënn verdeelen, also ech sinn net dogéint, ech soen einfach, da musse mer eis nach aner Froe stellen. Eeben och, wat schenke mer dann deem, deen op aner Saache Loscht huet, déi och gesond sinn an déi och schéi sinn an déi och Freed maachen an déi och kengem schueden?

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Ech mengen Dir hutt alleguer all Punkt hei total auserneegeholl. An ech wëll awer just der Madame Thoma soen, mir hunn net wëlles, déi Motioun ze verwerfen. Ech weess elo net, wisou Dir dorobber kommt. Mir proposéiere just d'Motioun wannechgelift och an aner Gremien eranzehuelen. Ech fannen, d'Madame Kohn huet et eigentlech gesot. Mir heibannen an och d'Jugendkommissioun, do sëtze lauter eeler Leit, a mir decidéieren ëmmer wat déi aner wëllen. Ech fannen, d'Initiativ ganz gutt, mee sorry, komm mir froen déi Jonk. Komm mir froe mol eng Kéier de Jugendgemengerot, solle mer net vläicht an de Lycéeën eng kleng Ëmfro maachen? Ech weess, dat dauert da vläicht e bëssen, mee et kann net sinn datt mir heibannen decidéiere wat si wëllen. Ech kann Interrail ënnerstëtzen, mee ech fannen awer, komm mir froe si dach emol, wat si wëllen. Net jiddwereen wëll Interrail. Ech fannen et och gutt, se ze gesinn, se ze empfänken. Ech fannen et e flotte Moment 18 Joer, dat ass ëmmer eppes Wichteges. Ech proposéiere just do, ech géif den Här Steffen bieden, wannechgelift gitt eis Zäit, huelt et an d'Kommissioun, huelt et an de Jugendgemengerot, mir kënnen och vläicht och de Rot aus dem Lycée froen, an da géife mer nach eng Kéier mat der Motioun erakommen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries, hei läit dann och déi Propositioun, fir dass déi Motioun soll an déi zouständeg Kommissioun goe fir doriwwer ze

diskutéieren. Natierlech awer och mam Optrag, dass se dann nach eng Kéier hei an de Gemengerot kënnt. Dass d'Kommissioun sech déi Méiglechkeet gëtt, nach eng Rei Informatiounen eranzehuelen. Well ech wëll vläicht just 2 Remarke maachen. Bon, ech mierken hei an der Diskussioun, ech mengen et ass och e Préjugé favorable an déi dote Richtung ze goen, mee dass d'Usäz anerer sinn. Ech mierken dass d'Auteuren déi Initiativ geholl hunn, déi Gréng Partei soen, dass all Jonke soll an de Benefice komme vun deenen 300.- €, vun deem Montant. Ech héieren eng DP soen, dass een dat méi soll sozial staffelen an e bëssen a punkto Revenu kucken. An ech héieren eng CSV soen, dass een et soll bannen un d'Subside pour élèves méritants. Dann nëmmen, dass een déi géif héijen. Ah, hunn ech dat da falsch verstanen? OK. Gutt. Well da wären an der Oppositioun nämlech dräi verschidde Vue gewiescht. Dann ass et gutt. Mee op alle Fall si mengen ech eng Rei verschidde Vuen hei um Dësch. Et sinn awer och eng Rei Froen a punkto Ëmsetzung a punkto Modalitéit, a punkto Montant. An ech mengen dass dee Renvoi an d'Kommissioun an hir och den Optrag ginn, sech där Saach unzehuele gutt ass.

En anere Constat, deen ech awer och hei maachen: Dat heiten ass jo am Fong e staatleche Service deen dat heiten ubitt, a zu kengem Moment ass de Constat gemeet ginn, dass et kee staatleche Subsid gëtt. Also do wou de Staat kee Subsid gëtt soll d'Gemeng sech dem Staat suppleéieren. Ech mengen och dee Constat soll hei gemeet ginn. Den Interrail, den Eurorail gëtt et jo net säit kuerzem an ech mengen och do hätt kéinten den zoustännegen Transportministère, well et jo och deem säi Beräich ass, och eng entspriechend Subsidpolitik kënne maachen. Mee et ass sécherlech ni ze spéit, op deen dote Wee ze goen an och déi Logik eranzekommen, wou mer och elo vill als Gemeng schaffen. Do wou de Staat Subsid gëtt, hänkt d'Gemeng sech och mat engem Subsid drun, mat engem Incentive. Dat ass eng Logik déi oft spillt. Ech stellen op alle Fall fest, dass déi Logik bis dato hei net gespillt huet.

Dëst gesot, läit hei d'Propos fir, dës Motioun, déi eng ganz Rei Sympathië parteiiwwergräifend hei huet, un déi zoustänneg Kommissioun ze verweisen. D'Jugend oder Action sociale. Déi zwou Kommissioune kéinte jo do e bëssen zesummen eng Kéier kucken. Dat ass déi Propos, déi een hei ka maachen. Et soll lo hei kee Waasserkapp ginn, dass een eng hallef Dose Kommissiounen huet. Ech mengen déi zwou Kommissiounen, déi kéinte sech effektiv doréms këmmere wann Der wëllt.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ma Merci. Ech sinn elo e puer Mol ugeschwat ginn an ech wäert dann och soe wat mer mat där Motioun schlussendlech als Auteuren da maachen. Engersäits hunn ech hei bei deene leschte Motiounen, déi mer hei deposéiert hunn, an dat waren der jo eng, zwou, ëmmer d'Gefill dass e bësse politesch gespillt gëtt. Wann d'Iddi gutt fonnt gëtt, gëtt awer iergendwou gesot, hei komm, mir huelen et nach an eng Kommissioun mat. Dat ass e Wee, dee kënne mer maachen, an awer hu mer jo awer d'Recht eng Iddi einfach gutt ze fannen zu e puer an ze soen, komm mir maachen dat dote lo emol. Oder komm, mir huelen déi doten Iddi mat a mir huele se da mat an d'Kommissioun fir d'Detailer ze klären. A wann dann dobäi erauskënnt, dass déi Jonk vläicht just wëllen 250.- € kréie well se vläicht just wëllen eng Konditioun XY drop hunn, dann ass dat jo och OK. Et sollt a kengem Fall als einfach e Cadeau geduecht sinn, wéi den Här Clement dat elo e bëssen duergestallt hat. Wat schenke mer deenen aneren, déi net gär reesen? Et sollt schonn, sou wéi ech mäi Motiv am Fong virgelies hat, et sollt schonn eng Horizonterweiderung sinn. An och hunn ech a mengem Motiv jo och erkläert, dass net jiddereen op d'Uni geet vun deenen dote Geschichten. Ech hu jo ganz kloer gesot, dass do Leit dobäi sinn, déi nach ni iergendwou eng Rees gemaach hunn an dass et virun allem och fir déi ass.

An dat wat mech dann ëmmer e bësse verdrësslech mécht, dat ass wa mer dann awer net op déi Saachen aginn déi wierklech eescht gemengt sinn. An déi sinn eescht gemengt, soss hätt ech se net dohinner geschriwwen an ech hätt mer net d'Zäit geholl, dat esou ze preparéiere fir och sou virzedroen. Dat gesot, dee klenge Seitenhieb op de Staat, dee kee Subsid gëtt. Dass do och virdru Ministere gewiescht wären, déi dat jo och hätte kënne maachen. Dee Minister huet jo schonn den honnertprozentege Subsid gi fir national kënne mam Zuch gratis ze reesen an alles wat doriwwer erausgeet, do kann ee jo dann trotzdeem senge Jonken dann d'Faveur maachen. Op jidde Fall: Wat maache mer mat der Motioun? Ech géing et jo da flott fannen, wa mer soen, dass mer eis all plus ou moins eens sinn, dass ee géing soen: Majo, invitéiert de Schäfferot de Kommissiounen, à déterminer, Jugend an Action sociale hate mer lo gesot, ze proposéieren dass eng Volonté de principe besteet fir hire BiergerInne fir hiren 18. Gebuertsdag e Subsid an der Héicht vun 300.- € fir den Interrail-Pass ze offréieren no Consultatioun mat eeben deene Kommissiounen.

Dann hu mir kee Problem, dat do matzestëmmen. Et steet en gros dat dran, wat mer gesot hunn. Et ass en Accord de principe. Wann do iergendwéi d'Kommissiounen dat anescht gesinn. Ech mengen et ass lo ganz vill gesot ginn, mir mussen deene Jonke mol nolauschteren. Also dee wou et net wëll, dee léisst et stoen. Et ass jo net dass mer se mat der Pëtzzaang siche ginn an da soen: Hei du fiers elo wannechgelift fort. Dat heescht, mir hu jo trotzdeem awer hei e gewielt Mandat, wou mer och kënne fir déi dote Leit schwätzen. Well dat do ass elo e bëssen eng Spart déi net duerft wielen, dat heescht, dat ass elo e bëssen e schlecht Beispill. An awer si mer jo Vertrieder wou mer kënne sou en Accord de principe einfach mol ginn an dann d'Konditioune gi fir ze beschwätzen an da wiere mer gespaant, wat dobäi erauskënnt.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Är Ëmformulatioun. Dat ass natierlech schwiereg, Séance tenante, wann een et net virleien huet schrëftlech. Mee dofir, kënnt Der et nach eng Kéier widderhuelen, well ech hu vläicht net alles matkritt. Dir hat et jo virdru gesot.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Da kënne mer nach eng Kéier lauschteren. Dat ass ëmmer schwéier spontan.

En gros, sënnhafteg wier et, dass mir en Accord de principe als Gemengerot gi fir dat do ze offréieren no der Consultatioun mat der Commission Jeunesse an Action sociale.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Also et kéint ee jo soen: Invitéiert de Schäfferot, de Patrick wäert dat e bësse mat suivéieren, mir mussen dat jo hei ëmformuléiere wa mer eis eens ginn. Invitéiert de Schäfferot, d'Jugendkommissioun an d'Commission des actions sociales ze saiséiere fir sech de Modalitéite vun enger finanzieller Gemengenënnerstëtzung an d'Modalitéiten, et si jo déi zwee Voleten, dass déi zwou Kommissiounen doriwwer schwätzen. Dat ass jo e kloren Optrag un déi zwou Kommissiounen. An et gëtt een och deenen zwou Komissiounen eng Latitude iwwert d'Modalitéiten an och natierlech iwwert de Montant, an da kommen déi hei an de Gemengerot zréck. Dann hu mer jo e fermt Engagement dass déi zwou Kommissioune sech der Saach unhuelen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): An dass mer eeben nach den Accord de principe mol hätten, also dass se kloer mandatéiert wären, dass mer soen, hei et besteet eng politesch Volontéit fir dat doten, wannechgelift beschäftegt iech mat de Modalitéiten, an da kann ee jo kucken, wat doropshin erauskënnt. Dat heescht, sou en Accord de principe, dass mer deen haut géinge stëmmen. An da selbstverständlech d'Modalitéiten an de Kommissiounen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Also eigentlech kann ee jo soen, mir beschäftegen eis domadder, mee mir kënnen haut weeder d'Héicht, nach soen, nach wat maacht der domat, festhalen. Dat soll den Optrag vun de Kommissioune sinn, de Montant e bëssen ze kucken, awer och net onbedéngt Interrail. Ech mengen dat soll dann an deenen néidege Kommissiounen geschéien. Neen. Also mir kënne jo net nëmme soen, voilà Interrail a soss näischt. Ech fannen dat net gutt.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Also et geet jo schonn drëm fir ze promouvéieren dass den ëffentlechen Transport geholl gëtt fir ze reesen. Dass et am Fong och ass fir ze soen, mir léieren déi Jonk u sech mat der Mobilité douce ze reesen. Dat ass jo mat de Kärmessage, dass mer soen, du brauchs net de Fliger an du brauchs och net onbedéngt den Auto fir ze verreesen oder op d'Uni ze kommen. Dass de einfach do sou eng Testphas accordéiers, déi dech manner kascht.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Här Steffen, et ginn och Busser déi fueren. Och dat ass méi ëmweltfrëndlech. Wisou schreiwe mer dann hei nëmmen eppes dran? Et gi jo awer op Köln Busser. Iwwerall fuere Busser. Wat ass de Problem?

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Well de Flixbus elo net fir déi beschten Aarbechtskonditioune bekannt ass an och net

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci. Entschëllegt, ech hunn elo drageschwat, dat ass net gewollt. Mee de Message kënnt net un. De Message ass deen, dass déi Jonk kënne sech mam Zuch duerch Europa fräi beweegen, dass een eng Promotioun dofir mécht. Virun allem elo no den Europawalen, wou mer dee Rietsruck do haten, wou jiddweree sech opreegt, dass mer Europa brauchen, wéi wichteg Europa ass, dass mer do net op d'Iddi komme fir deene Jonken dat awer mat op de Wee kënnen ze ginn, wat se kënnen entdecken a wou se kënnen higoen? A wat d'Virdeeler vun Europa sinn.

An dass mir dat elo hei mir grouss Partei mussen doriwwer diskutéieren, dass mer do de Sënn net dra gesinn an dass Leit heibanne sinn, wou mer mengen, et wär e Cadeau fir een, deen 18 Joer kritt an en anere kritt e Schal herno. Et ass jo guer net dat de Message. De Message ass deen, dass mer Europa nees musse méi no un d'Leit bréngen, Europa nees méi no bei déi Jonk bréngen. Dat ass de Message vun dësem Interrail-Ticket. An ech weess och, dass de kanns mam Zuch oder mam Bus op Thionville fueren, mee mir wëllen net op Thionville goe mam Bus. Et geet drëms, dass déi Jonk eppes an der Hand hunn, wou se kënne soen: Oh cool! Komm mer fueren haut emol mam Zuch op Köln an da fuere mer mam Zuch op Bréissel.

Wou ech jonk war, do hate mer d'Jumboskaart. Déi hu mer och misse kafen deemools. A wann s de deemools déi Kaart kaaft hues, dann hues de och mat där Kaart gesot, ma komm da probéiere mer mol, da fueren ech mam Bus hin. Och wann s de guer näischt do wollts maachen. Einfach mol fir dat do mol ze probéieren. An dat war am klengen, da bass de mol op Esch gefuer, du bass an d'Stad gefuer, sou hues de eeben eppes entdeckt. An de Message vun deem Interrail-Ticket ass genau deen. A mir géifen déi Motioun sou matdroe wéi se ass. A si huet och näischt an enger Commission Action sociale verluer, well et ass kee sozialen Akt dat heiten. Et ass reng edukativ dat heiten. Et ass reng edukativ, et ass kee sozialen Akt dat heiten.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Also ech wéilt Iech awer just soen Här Martini, datt mer gäre wëllen, an dat soen ech elo ganz kloer, als politesche Statement. Wa mer gäre wëllen an Zukunft e Rietsrock verhënnere bei deene Jonken, déi massiv riets Parteie gestäerkt hunn an Europa, dann ass d'Äntwert net den Interrail. Da musse mer als grouss politesch Parteien hei an Europa an hei zu Lëtzebuerg an an allen anere Länner aneschters usetze wéi nëmmen dat doten. Dat doten ass net d'Äntwert op de Rietsrock hei an Europa. Dat wëll ech Iech hei ganz kloer soen.

CLAUDE MARTINI (CSV): Dat hutt Dir ganz richteg gesot. Net nëmmen. Do sinn ech awer net um falsche Wee. Net nëmmen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Gutt. Mir mussen hei elo eng Decisioun huelen, dass mer einfach hei virukommen. Ech mengen et ass egal a wéi eng Kommissioun dass dat heite geet. Et kann och just an d'Jugendkommissioun goen.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Neen, fir mech ass et schonn an där ganzer Motioun awer elo wichteg. Do ass uewen och geschwat gi vun der sozioekonomescher Situatioun an dass Reesen net däerf, ech hunn elo den Text net méi am Kapp, dat ass elo fort. Mee ech mengen do sollt ee schonn herno an den Diskussiounen an de Kommissiounen eebe just dat an d'A faassen. Dass et net eeben herno eng 20% Jonker sinn, déi aus gudde Famille kommen. An do muss ee sécherstellen an do dat eeben och eng Kéier mat deene Jonken duerchrechnen. Wat géife si da mat deem Interrail maachen? Wat géif dat da schlussendlech kaschten a sou? An da ginn et jo nach vläicht Léisungen do dofir. Mee mir sollte mengen ech si mol eng Kéier diskutéiere loossen an dee Modell do duerchspillen. An dann eng Propos maachen, déi erëm zréckkënnt heihinner.

A mir si jo eigentlech net sou wäit auserneen hei elo fir ze soen: Hei dat kann eng gutt Saach sinn. Mee da komm mir loosse mol déi Jonk dat eng Kéier duerchspillen an eng Kéier duerchrechnen, eng Kéier duerchkucken, fir einfach der méi an d'Boot ze kréien, wéi déi 20%. Mech stéiert et well ech weess, datt Reesen ofhängeg ass vun der sozioekonomescher Situatioun. Natierlech ass et dat. A mir däerfen eis do näischt virmaachen. An et ginn och net iwwerall Jugendherberge mat 9.- €. An da muss een nach iessen, an da wëllt een eppes erliewen an da wëllt een nach vläicht an e Musée goen an et kritt een net iergendwou eng Cola. Mee Sënn ass jo dann och eeben Zäit ze verbréngen e bëssen an aner Länner, gell. An da muss een déi Stad jo och e bësse kenneléieren an Zäit verbréngen. Dat heescht, et ass domadder lo net gedoen. A mir läit et einfach um Häerz, komm mir loossen déi Jonk eng Kéier dat duerchspillen. Ass dat fir si e Modell? An eleng nëmmen doduerch, well ee Synergië mécht mat aneren, mam Lycée, mam Jugendhaus vläicht, mat aneren, da kritt dat méi eng grouss Visibilitéit och hei an der Gemeng. Dat heescht, da maache mer automatesch jo och scho Jugendlecher drop opmierksam op dee Modell. A se kënnen nach u Schrauwen dréien. Dat heescht, besser kënne mer et jo eigentlech net maachen.

Komm mir leeën eis lo haut mol net fest hei, net op de Chiffer. Mee mir ginn dat lo mol bei déi Jonk. An ech fannen awer, datt dat eppes soll sinn, also och déi sozial Komponent, déi muss herno hei eng Kéier um Dësch leien. Ech hunn näischt dogéint wann och d'Kanner aus der Mëttelschicht oder anerer, jiddwereе soll vun deem profitéiere kënnen. An do kann een dann herno kucken, wat vläicht um Dësch läit a wéi een da vläicht dat Eent oder dat Anert kann opfänken, kompenséieren, keng Anung. Fir datt mer da fir déi Suen déi mir ausginn och tatsächlech, déi meescht Jonk, a besonnesch déi, déi dat fir d'éischte Kéier maachen an net mat hiren Elteren an d'Vakanz kënne fueren an net scho souwisou zweemol am Joer fortfueren, datt och déi vläicht besonnesch dovu profitéieren. An dofir ass déi sozial Komponent fir mech immens wichteg.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Ech wëll nach eng Kéier kloerstellen, ech hunn einfach heimat e Problem, well dat sech just op den Interrail fixéiert. Verstitt mech net falsch. Ech verstinn den Interrail als ekologesch Variant an alles. Ech hunn einfach e Problem domat, wa mer e Cadeau als Gemeng maachen un 18järeger, schléisse mer e groussen Deel aus, wa mer et just op en Interrail verfaassen. An dofir fannen ech et wichteg, dass mer grad an enger Kommissioun, egal a wéi enger, déi lo soll befaasst ginn domadder, driwwer schwätzen, wa mer e Cadeau fir 18järeger maachen, wéi erreeche mer gréisstméiglech vun hinnen alleguer déi 18 Joer hunn? Vun A bis Z. An net fix, et ass den Interrail. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Madame Dimmer. Den Auteur vun der Motioun. Lieweg Demokratie. Dat mer a Lëtzebuerg an an Europa brauchen. A Sträitkultur.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci Här Buerger-meeschter. Voilà, ech wollt am Fong ni iwwer Cadeaue streiden, mee maache mer et awer. Den Truc heibäi ass jo dann, heiansdo wierkt et dann och esou an ech wëll wierklech net e falschen Androck hannerloossen. Mir mussen d'Leit och net e Mount fortschécken. Ech mengen dass et bei verschidde Leit scho gehollef ass, wa se einfach eng Woch op Köln kënne goen. Ech mengen do si mer awer bei engem iwwerschaubare Budget wat d'Iwwernuechten an d'Reese mat deem Ticket hei géing heeschen. Souvill gesot. Op den Interrail-Ticket ass och den Här Martini agaangen, do kënnt och nach eng Kéier vir, an de Consideranten, d'Noliese wisou den Interrail-Ticket a wisou grad dat Reese mam Zuch sollt promouvéiert ginn. Do stoungen am Fong alleguerten d'Argumenter och dran, firwat mir eng Zuchrees proposéiere fir den 18. Gebuertsdag. Ech hat elo do an där Propos, déi grad do opgeploppt war, mat där ganzer Verbesserung, déi do dra war, hunn ech am Fong net méi vill vun der Motioun alt erëm erëmerkannt.

Et wären 3 Punkten, déi mer wichteg wieren, déi am Fong an eng Ëmformuléierung géingen drakommen. Dat wier den Accord de principe, dass mer e Subsid fir den Interrail-Pass fir den 18. Gebuertsdag géinge ginn. D'Modalitéiten an de Kommissiounen ze klären a mengetweegen och de Montant eraus. Mat deenen 3 Facteure si mir averstane bei all Ëmännerung dozou. Bei all anerer géinge mer se dann awer sou zum Vott stellen, well mer eis Iddi am Fong net méi erëmerkenne wann et drëms geet, den 18järegen e Cadeau ze maachen a si kënnen an der Kommissioun decidéiere wat et gëtt. Well herno si se all um Nürburgring mat 18 Joer a fuere mam Porsch duerch d'Géigend, well mir hinnen 300.- € ginn hunn, an dat kënne mir Gréng net vertrieden.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Här Steffen, Dir gitt ni an d'Jugendhaus gell?

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ech si leider net méi am Alter fir an d'Jugendhaus ze goen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Also Här Steffen, dat war den Accord de principe, dat war dat Éischt an dat Zweet war?

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Dass de Montant vun eiser Säit och kann erauskommen. Dass d'Kommissioune

beoptraagt gi mat de Modalitéiten. Dat wären u sech déi 3 Punkten. Jo, den Interrail soll dran. Dass et schonn eng Zuchrees ass, déi mir hinne wéilten offréieren. Dat heescht, den Accord de principe, dee wier gi fir mam Interrail. De Montant géing erauskomme vun deenen 300.- € an d'Kommissioune sollen d'Modalitéite klären. Dir hutt elo gefrot, ob ech an d'Jugendhaus géing goen. Ech hunn elo plomp drop geäntwert, ech wier net méi am Alter fir dohin ze goen. Ech wéilt allgemeng net an deene Schubladen iwwerhaapt emol denken. Well mir ënnerstellen hei am Fong och deenen, déi méi Geld hunn, si wéilten net mam Zuch reesen oder si géingen ni mam Zuch reesen. Implizitt maache mer et. An hei bidde mer jo am Fong all deene Jonken et. Dat heescht, vun deem, deen et net anescht kann, vun deem, deen et net anescht wëll a vun deem, deen einfach seet, ech maachen dat, dat ass eng flott Saach dat do. Dat heescht et wier wierklech scho jiddwereë mat abegraff.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Gutt, fir elo mol hei erauszekommen. D'Fro prinzipiell. Dat Eent ass am Respekt vun der Initiativ am Kader vun den Auteure vun dëser Motioun an dat Anert ass am Kader vun der Diskussioun déi lo hei stattfonnt huet. Do kéinte mer mol d'Motioun festhalen, vum Prinzip hir d'Jugendkommissioun, d'Commission des Actions sociales ze chargéiere wat den Interrail ugeet. Dat ass dat Éischt. Dat Zweet, dat kënne mer awer och als Gemengerot, déi Fakultéit hu mer vläicht och, och béid d'Kommissioune ze chargéieren, vläicht net am Kader vun dëser Motioun mee an der Logik vun dëser Motioun an och an der Logik vun der Diskussioun, déi hei stattfonnt huet, sech Gedanken ze maache ronderëm aner Mesuren, déi hei ugeschwat goufen. Da géife mer am Gespréich deenen zwee Rechnung droen, awer se deelweis trenne well mer hei eng Motioun virleien hunn, déi an eng Richtung geet. Awer och mengen ech hei Iddien opkomm si fir och nach aner Mesurë mat eranzehuelen a sech Gedanken driwwer ze maachen, och nach aner Acteuren ze sollicitéieren. Dat wär e Wee, wou de Gemengerot deenen zwou Kommissioune kéint mat op de Wee gi fir sech Gedanken ze maachen an da kann och do an deenen zwou Kommissioune sech eng gewëssen Dynamik mat hire Presidenten och entwéckele fir dat ze maachen. Dat ass mol eng prinzipiell Ausriichtung.

An da komme mer natierlech hei op d'Motioun. Par rapport zu de Formulatioune vum Här Steffen géif ech hei proposéieren: „Invitéiert de Schäfferot, no Diskussioun am Gemengerot, d'Jugendkommissioun an d'Commission des actions sociales ze chargéieren, d'Modalitéiten an de Montant vun der kommunaler Ënnerstëtzung auszeschaffen an dem Gemengerot ze ënnerbreeden." Do ass den Accord de principe mat dran. Et geet jo ëm den Interrail. Do ass den Accord de principe mat dran. En ass just expressis verbis auszeschaffen an dann erëm ze ënnerbreeden, dat beinhalt den Accord de principe. Ech probéieren hei eng Formulatioun ze fannen an engem Tiret, déi alles beinhalt fir dass och kloer déi zwou Kommissiounen en Optrag hunn an dann heihinner zréckzekommen. Also: „Invitéiert de Schäfferot, no Diskussioun am Gemengerot, d'Jugendkommissioun an d'Kommissioun des actions sociales, d'Modalitéiten an den Montant vun der kommunaler finanzieller Ënnerstëtzung auszeschaffen an dem Gemengerot ze ënnerbreeden."
Dat ass d'Garantie dann dass et an de Gemengerot zréckkënnt, an et ass d'Garantie, dass déi zwou Kommissiounen och eng Latitüd hu wat de Montant an d'Modalitéiten ugeet, fir déi auszeschaffen. An den Accord de principe ass dran. Lo hunn ech meng Kartusche verspillt. Dat ass dat, wat ech lech ka ginn, wat mengen ech awer konsensfäeg kéint si par rapport zu Ären 3 Punkten, déi Dir ernimmt hutt.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Den Interrail-Ticket ass elo esou net méi dran.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ech hunn elo d'Consideranten net méi. Well dat steet jo an de Consideranten. Ech hunn et lo net méi virun Aen. Et gëtt jo net denaturéiert. D'Motioun „Schafe vun engem Subsid fir de Pass Interrail Jeune fir den 18. Gebuertsdag". Dat ass jo d'Headline. Déi bleift jo. Dir hutt et an der Headline vun der Motioun an an dem Titel vun der Motioun. An un de Consideranten do ännere mer jo näischt. Just den Invitt, dee gëtt ëmformuléiert. Dat heescht, mir bleiwe jo an deem doten Esprit.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Da wier jo an dem Montant vun der kommunaler Ënnerstëtzung fir de Subsid, fir de Pass Interrail Jeune fir den 18. Gebuertsdag auszeschaffen an dem Gemengerot ze ënnerbreeden. Wa mer deen Hallefsaz nach drasetzen, dann ass et ginn. Da fannen ech den Accord de principe, dann ass nämlech dat grenzeloost Reese an Europa mam Zuch am Fong ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Wou wéilt Dir dat mat deenen 18 Joer bäisetzen?

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Hannert der kommunaler Ënnerstëtzung fir de Pass Interrail Jeunes fir den 18. Gebuertsdag. Dat ass e laange Saz.

ROBY GOERGEN (LSAP): Dat ass jo wéi den Här Martini gesot huet, dat ass d'Thema, also uewen d'Iwwerschrëft. Mir invitéieren op déi Fro, déi uewen ass.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Pardon, d'Motioun geet iwwert d'Schafe vun engem Subsid fir de Pass Interrail Jeune fir den 18. Gebuertsdag. Also, il n'y a pas photo. Et geet ëm dat a soss näischt Aneschters. Dat heescht et ass jo d'Motioun an hirer Integralitéit. Et ass jo net den Invitt, dee verwise gëtt. Et geet jo ëm alles. Et geet jo dorëms. Dofir, dat ass jo den Titel vun der Motioun.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Da komm mir schreiwen einfach dra fir all Konfusioun ze vermeiden, och wann de Saz net extrem schéi gëtt, well e ganz laang ass, mee dann ass et denken ech kloer.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Kann een dann net einfach „Europa entdecken" draschreiwen. Dann hu mer de Problem geléist

tëschent Zuch, Bus an ech weess et net.
YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ma da komm mer huelen „no Diskussioun am Gemengerot" eraus a mer huelen einfach d'Jugendkommissioun an d'Kommissioun vun der Action sociale ze beoptragen, d'Modalitéit an de Montant vum Subsid fir den Interrail-Ticket fir den 18. Gebuertsdag. An da si mer gutt.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Wa mir géife mam Vëlo fueren, kréie mir dann och eppes fir 18 Joer?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Also „Invitéiert de Schäfferot no Diskussioun" mir kënnen dat erausshuelen, et ass jo eebe just fir ze refletéieren, wéi d'Diskussiounen hei waren. Also ech hu kee Problem.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Ech hunn eng Fro, ech versti just eng Saach elo net. Wa lo an der Jugendkommissioun géif erauskommen dass souguer de Jugendrot an all déi wou mer gefrot hunn decidéieren, mir wëllen net dat doten als Cadeau, wat geschitt dann?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ma da komme mir hei an de Gemengerot zréck a mir diskutéiere weider. Hei ass einfach elo mol den Optrag, dass déi zwou Kommissioune sech der Saach unhuelen, déi Latitüd hu ronderëm d'Modalitéiten an de Montant ze schwätzen. Dat ass zimmlech breet. Fir dass am Fong déi zwou Kommissiounen eng gewësse Marge de manoeuvre hunn an net schonn direkt an eng Richtung gedréckt ginn, respektiv agekesselt ginn. Dat ass jo mengen ech och net onwichteg fir d'Diskussiounen an deenen zwee Kommissiounen. An dann zéie si hir Conclusiounen a kommen nach eng Kéier op eis hei zréck. OK sou?

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Wa mer deen Hallefsaz nach iergendwou kéinten dra kréie vun deem Interrail, da wäre mer jo gutt. Dat war jo de Punkt. Jo den Interrail. Eis geet et jo wierklech dorëms, einfach ze gesinn, dat ass jo de Grond, firwat mer d'Motioun maachen a firwat mer net et an eng Kommissioun bréngen, dass mer eng Kéier gesinn, wou stinn déi eenzel politesch Volontéiten an där dote Saach. An dofir hätte mer gären dass den Interrail kloer fir den 18. Gebuertsdag drasteet, well rien n'empêche dass et jo soss eng Kéier kéint einfach an där Kommissioun dann diskutéiert ginn. Da misste mer et jo net maachen. Et ass natierlech méi flott herno ze stëmmen, wann et vun der Kommissioun kënnt, wéi wann et vun deene Gréngen aus der Oppositioun kënnt, mee da komm mir setzen et einfach sou dran.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An den Invitte steet näischt iwwert den Interrail? Neen. OK. Wéi gesot, et geet jo hei ëm den Interrail. An déi aner Aktioun, déi déi zwou Kommissioune musse maachen ass aner Mesuren auszeschaffen. Dat si jo zwee Voleten. Dat hunn ech jo uganks gesot. Ma neen, ech hu virdru jo den Distinguo gemeet, dass mer 2 Diskussiounen hei haten. Ronderëm den Interrail awer och ronderëm de Volet, dass och aner Mesurë solle kënne betruecht ginn. Mir befannen eis hei an der Logik



vum Interrail, am Respekt vun der Initiativ déi d'Auteure geholl hunn, wou mer de Renvoi maachen. An dass mer jo och als Gemengerot déi zwou Kommissioune kënne chargéieren, aner Mesuren auszeschaffen. Dat hat ech am Ufank vu menger Interventioun gesot. Ech soen et elo hei nach eng Kéier. Dat heescht déi zwou Kommissioune kréien zwou Chargë vum Gemengerot. OK?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech fannen dat Wuert Interrail muss drakommen. Well soss geet et sou, da geet et an der Jugendkommissioun: Wat hätt der gär fir ären 18. Gebuertsdag? Mee dorëms geet et net. Dës Motioun muss telle quelle, mam Wuert Interrail, an déi Kommissioune kommen. Wann dat Wuert ënnen an dem Distinguo feelt, da komme mer an en anere Cas de figure. Entweeder maache mer dat oder mer maachen eng aner Motioun, wat hätten déi Jonk gäre fir hir 18 Joer? Da si mer an engem anere Kontext. Ech fannen do muss d'Wuert Interrail drakommen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Gutt, kënne mer mat deem doten Invitt ofstëmmen an dann déi zoustänneg Kommissioune beoptragen? Ass dat am Sënn? Jo, gutt. Au vote. Wien ass mat der ëmformuléierter Motioun hei averstanen? ***Dat ass unanime.*** Wéi gesot, da kréien déi doten zwou Kommissiounen dat heiten a si kréien awer och d'Charge aner Mesuren, an deem Kontext vun der Diskussioun vun haut, och auszeschaffen respektiv ze ënnerbreeden.

# 6. URBANISMUS (SUITE)

## 6.3. APPROBATIOUN VUM PAP « NOUVEAU QUARTIER » (PAP NQ-SD 08) « ROUTE DE LUXEMBOURG - CITROËN » FIR FONDS OP DER ROUTE DE LUXEMBOURG

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da komm da sprange mer op dee viregte Punkt zeréck. An da gi mer vun der Mobilitéit an d'Bautepolitik, an den Urbanismus, déi leien net oft wäit auserneen, mee hei leie se awer e bësse méi wäit auserneen. An et geet ëm e Projet d'Aménagement Particulier « Nouveau Quartier » an der Lëtzebuerger Strooss, de sougenannte « PAP Citroën ». Ech begréissen do och d'Madame Canadell Navarro an den Här Pigat vu BALLINIPITT, Architekten, déi de Projet hei wäerte virstellen am Numm vun Immo Etoile 2 SA déi Développeur vun deem heite Projet

sinn. Si ginn e bësse méi am Detail op dee Projet an. Ech muss och nach soen dass mer an eisem Groupe de travail den 22. Mee jo och de Projet virgestallt hunn an dass dat heiten en Projet ass deen, wann ech e bëssen op den Historique aginn, d'Introductioun, den Dépôt vum PAP war am Mee 2023. En ass am Juni 2023 un d'Cellule d'évaluation gaange vum Inneministère. E gudde Mount duerno huet d'Cellule d'évaluation hiren Avis ofginn an do dertëschent goufen och eng Rei Adaptatioune geholl par rapport zum initiale PAP. Mir haten en den 22. Mee dëst Joer wéi gesot an eisem Groupe de travail an deementspriechend och hei lo haut am Gemengerot.

Am Kader vun der Prozedur gouf jo och en Aushang gemeet wat de PAP betrëfft. Do gouf et keng Reklamatioun déi hei rakomm ass. An dat heiten ass jo e Projet dee sech um Eck befënnt, wou fréier d'Citroënsgarage war. Ech mengen dat ass alleguerten hei zu Diddeleng hei e Begrëff. Also d'Intersectioun vun der Keelerstrooss an och vun der Lëtzebuergerstrooss. An hei ass d'Ausriichtung dass 32 Wunnunitéite kënnen entstoen, och mat 4-5 Logement abordabelen. An natierlech awer och eng Surface commerciale, respektiv och Iwwerleeunge fir eng Crèche. Also mengen ech och hei en neie Wunnengsbauprojet hei zu Diddeleng. De Projet u sech befënnt sech an enger zimmlech gudder Lag, well mer eng gutt Ubannung hunn un den ëffentlechen Transport. Sief dat souwuel TICE wéi och Schinnennetz. D'Haaptgare, déi knapps 100 m dovun ewech ass an natierlech och déi ëffentlech weider Infrastrukturen, wéi och eng Schoul, d'Schoul Gafelt, déi net wäit dovunner ewech ass.

Wann Der den Avis kuckt, an ech mengen dat war Bestanddeel vun Ärem Dossier, wann Der och den Avis gesitt vun der Cellule d'évaluation, mee ech mengen den Architektebüro wäert sécherlech nach eng Kéier drop agoen, do sinn eng Rei Saachen, déi an de Vierdergrond gestallt goufen. Insgesamt begréisse se de Projet. Et waren zwee Feeler dran, déi sinn effektiv och elo hei berengegt ginn. An et sinn awer och um Niveau vun den Amenagementer e puer Recommandatiounen och ausgeschwat ginn, respektiv och ronderëm d'Espace verten. Wat jo och flott ass an dësem Projet ass, nieft de Wunnengen an nieft de Commercen ass hannendrun och eng Aire de jeux, déi och geduecht ass fir d'Awunnerinnen an d'Awunner respektiv hir Kanner, déi deementspriechend och do wunnen. An effektiv waren nieft der Partie graphique och an der Partie écrite eng Rei Punkten, déi hu missen nogebessert ginn. Wat awer och erauszesträichen ass, normalerweis op engem PAP ass jo ëmmer déi Cessioun bei deene 25%. Ech mengen Dir gesitt hei am Projet, dass dat net de Fall ass an dass mer och an deem Kader op d'Indemnitéit verzichten. Well wann een eng Indemnitéit freet am Kader vun deene 25%, ob et elo driwwer oder drënner ass, et hänkt ëmmer vum Cas de figure of. Hei ass et drënner.

Do froe mer keng Indemnitéit, well mer jo och do Jurisprudenz hunn, dass wann een eng Indemnitéit freet, muss dee Montant deen ee kritt, direkt affektéiert ginn un de PAP, ëm deen et sech handelt. Dat ass hei net de Fall, kann net de Fall sinn. Also effektiv mussen déi Indemnitéite geholl gi fir e Projet, deen an der ëffentlecher Hand ass. Hei ass direkt en lien mam PAP näischt méiglech, dofir verzichte mer dann och op d'Indemnitéit. Dat e bëssen eng méi generell Intro an och Ausriichtung vun dësem Projet. Also nei Wunnunitéiten déi hei entsti mat natierlech och Abordabilitéit. An elo kënnen d'Architekten och méi am Detail drop agoen, op déi ganz Enjeue vum Projet en tant que tel. Merci.

ERIC PIGAT (BALLINIPITT) (ARCHITECTES URBANISTES):
Merci Här Buergermeeschter, léiwe Schäfferot, léiwe Gemengerot, ech ginn elo eng Kéier e bëssen an d'Déift vum Projet eran an och wéi mer de Projet entwéckelt hunn op deem aktuelle Site vun der Citroënsgarage. Deen éischten Deel ass einfach emol, wéi si mer un den urbane Kontext erugaangen? Den zweeten Deel, deen ëmmer parallel matgelaf war, war schonn eng Machbarkeetsstudie um Niveau vun der Architektur vum Gebai. Da ginn ech e bësse méi an den Detail nach vum Avis vun der Cellule an. An zum Schluss weisen ech eng Kéier kuerz, wéi mer de Projet wäerte gesinn. Just fir de Projet nach eng Kéier ze lokaliséieren: Wéi scho gesot gouf, läit e prominent op enger Kräizung tëschent der Lëtzebuergerstrooss an der Keelerstrooss, do wou elo d'Citroënsgarage steet. Eng Lag déi dann och gutt zougänglech ass zum Zentrum an zu den Haaptachse vun Diddeleng. Mir befannen eis an enger HAB2-Zon am PAG. De Schéma directeur dee mer ausgeschafft hunn huet da schonn eng Bebauung vir laanscht d'Lëtzebuergerstrooss virgesi mat engem Retour eriwwer an d'Keelerstrooss erop.

Dann d'Eckdaten, déi krut Der jo elo gesot. De PAP ass fir d'éischt den 22. Mee 2023 eragereecht ginn. Bis dann hin iwwert déi verschidde Sëtzungen an d'Cellule d'évaluation, den Avis, an de leschten Datum dee mer haten, dat war dann dee sougenannte Groupe de travail, wou mer dann zesummen de Projet virgestallt hunn. A wéi gesot, wou mer Iech de Projet haut virstellen. Dann nach eng Kéier de ganze Site u sech geholl sinn et knapp 3000 m². Mir hu wéi gesot eng Densité aux logements vun 32 Unitéiten, 4 bis 5 dovunner sollten abordabel sinn. Mat engem Minimum vu 435 m². Ech ginn elo net an de ganzen Detail vun deene verschiddene Koeffizienten an, déi kënnt Der dann och nokucken. Dat hu mer dann och eng Kéier nei berechent a berengegt. D'Grondiddi war dass de längsten Deel vun der Front vum Terrain an der Lëtzebuergerstrooss sech befënnt. Do hu mer eis dann do alignéiert laanscht der Strooss. Dat ass ongeféier e Block vu 60 m oder 14 m déif. Lo da verschidden Upassungen zum urbane Kontext. Do hu mer eis dann och zréckgesat zu der leschter Bebauung vun der Lëtzebuergerstrooss an den Eck dann och ofgeknéckt zur Keelerstrooss hin.

Mir hunn e Souterrain, dee mer geplangt hunn, dat heescht, alles wat Parken, Autoen a Kellereien a sou weider ubelaangt, dat befënnt sech op 2 Stäck ënnert dem Buedem. Mir hu virun där Commerce-Surface, respektiv Crèche-Surface e klenge Parking och virgesinn, deen dann temporär soll fonctionéieren. Mir hunn en Accès zur Déifgarage iwwert d'Keelerstrooss hin, dat och mat den Avisen an an der Diskussioun mat Ponts & Chaussées scho beschwat

gouf. Duerno fir eng Kéier de Foussgängerdeel kuerz ze erklären. Wat eis wichteg war, dat ass dass d'Gebai um Niveau vum Rez-de-chaussée eng Transparenz huet wou der kënnt duerch de Couloir an duerch d'Accèsen zu de Gebaier och direkt kënnt hannenaus an d'Grénganlage goen. Hei da resultéierend d'Partie graphique vum PAP mam grousse Lous Lieu scénique vir laanscht d'Lëtzebuergerstrooss mam Eck zur Lëtzebuergerstrooss hin, mat hannen engem iwwerdaachtenen Deel vun der Déifgarage. An hannenhin zur Parzell den Talus, dee mer da wäerten no hannen hin erëm verschaffen, deen als Gréngfläch soll benotzt ginn.

Dat Ganzt elo nach eng Kéier an der Coupe. Bon, dat ass elo schematesch duergestallt fir déi verschidden Niveauen och duerzestellen. Mir hunn da 4 Gesamtniveauen, dat heescht de Rez-de-chaussée + 3. Déi 2 Sous-sollen, déi dann ugedeit sinn. Wéi gesot, all Kéiers hu mer versicht dat Ganzt mat enger Architecture oder enger Faisabilitéit ze beweisen, respektiv ze testen, dass de PAP dann och herno sollt deementspriechend fonctionéieren. Mir hunn eng ganz Partie vun Typologië vu Wunnengen ugepeilt. Vu verschidde Gréissten, och wat Accessibilitéiten ubelaangt an dann och de Volet soziale Logement och mat consideréiert. Just fir d'Form vum Gebai nach eng Kéier ze erklären, mir sinn halt vun engem riichte Brigel ausgaangen, dee mer dann herno dem Kontext ugepasst hunn. Dat ass dann och dee Récksprong an der Lëtzebuergerstrooss hin um ieweschten Deel. Duerno hu mer dann och de Volume méi am Detail definéiert wat Réckspréng ubelaangt an och e Rez-de-chaussée ausgeschafft, deen dann och halt d'Fluxe vun de Leit besser consideréiert.

Dann dee leschte Punkt wat wichteg war, dat ass fir d'Trame vun der Strooss och bäizebehalen. Dat heescht, mir hunn och am PAP eng Vertikalitéit respektiv och eng méi Klengdeelechkeet uviséiert, déi mer da mat verschiddene Materialitéiten a verschiddenen Architektursprooche wäerten ëmsetzen. Da just eng Kéier eng Iddi wéi et kéint ausgesi vun der Kräizung hir. Dann eng Vue iwwert de Kierfecht gekuckt, frontal elo. Wéi gesot, mir versichen do wierklech eng Trame vun de Gebaier bäizebehalen, déi dann och der Strooss an och dem Bestand gerecht gëtt. Dann den hënneschten Deel, dee mer och wäerten als Grénganlage plangen, souwuel fir d'Bewunner vum Gebai wéi och da fir eng potenziell Crèche. Do hu mer och sou geplangt, dass een duerno kann iwwer verschidden Niveaue verschidde Funktioune kéint drop plangen. Da wëll ech elo e bësse méi an den Detail vum Avis vun der Cellule goen. Am éischte Punkt war effektiv e klengen Tippfeeler vun enger Ziffer am Tableau, deen herno och elo kee gréisseren Impakt hat op d'Studie, mee dee mer lo och rektifizéiert hunn a wou d'Wäerter dann herno och richteg erauskommen. Dann duerno, wat eis wichteg war, dat war déi Ënnerdeelung vun deem Lot unique, also wat ee Lous ass laut dem PAP, fir awer dee sou ze ënnerdeelen, dass et herno sollt wéi Maison en bande eriwwerkommen an der Strooss a wéi gesot dem Kontext dann och gerecht ginn.

D'Cellule huet an deem Fall 4 bis 5 plurifamiliall Haiser virgeschloen. Mir sinn der Meenung, dass 5 bis 6 méi adaptéiert wären an dësem Fall. Dat hu mer dann och sou an de PAP iwwerholl. Den nächste Punkt war e méi technesche Punkt, dat war alles, wat d'Technikanlagen um Daach ubelaangt. Do hate mer initial 2,50 m virgesinn, déi mer allerdéngs herno op 1,5 m Héicht virgesinn hunn an enger Distanz vun 2 m vum Retrait vun der Fassad vum leschte Stack aus gesinn. Dat fonctionéiert dann och sou fir eis an do wäerte mer dann och de Projet deementspriechend upassen.

Den nächste Punkt war d'Accessibilitéit zu de Gréngflächen, déi ech virdrun och ugeschwat hunn, déi wichteg waren. Doropshin hu mer dann och d'Mentioun an der Partie écrite sou geännert, dass déi hënnescht Surface verte dann och iwwert d'Trapenhaiser vun deenen eenzele Gebaier oder vun deenen eenzelen Ënnerdeelunge vum Gebai kënnen erschloss ginn. Den Daach sollt och ze begrénge sinn. Dat heescht, dat war och eng Oplag, déi mer dann och wäerte sou ëmschaffen. Da goufen et nach e puer Remarken zur Partie graphique déi mer dann och deementspriechend ageschafft hunn. Bon, dat war haaptsächlech um Niveau vun den Hachuren a vun der Legend a vu Stréchstäerkte vun Duerstellung vu verschidden Informatiounen. Mir hunn doropshin och d'Annex wat d'Représentation schématique vum Typ an d'Dispositioun vun dem Nombre de logements och ugepasst, nodeems mer dann d'Annex 1 dee Moment och rektifizéiert haten. Dat hat dann och Repercussioun op d'Partie graphique. Da gouf et eng ganz Partie vun, soen ech mol méi administrativen, Commentairë vun der Cellule wat Annexen ubelaangt, déi mer da rausgeholl hu respektiv zu engem aneren Dokument dobäigesat hunn. Do waren Annexen, déi bei der Partie écrite dobäi waren, déi mer dann elo an de Rapport justificatif dobäigesat hunn.

Eng Mentioun zu de Logements abordables hat nach gefeelt, do hu mer dann och de Minimum hu vu 434 m² dann och mat an d'Texter erageholl. Weiderhi war d'Mentioun vun dem Avis espaces privés deen och ugeschwat gouf. Do hate mer ursprénglech, e bësse méi salopp ausgedréckt, einheimesch Planze virgeschloen. Si halen dat elo e bësse méi generell a soen, mir sollen non-invasiv Planze virgesinn an déi alt och op d'Plaz adaptéiert sinn, déi net no engem oder zwee Joer da futtifueren. Dann een anere Punkt dee wichteg war, wou et och Jurisprudenze gouf, ass wat d'Murs de soutènement ubelaangt. Déi hu mer elo sou virgesinn, dass mer d'Murs de soutènement uniquement op eisem Terrain, also um Terrain vum PAP, dann dee Moment autoriséieren. Da war nach e Punkt, deen och seng Berechtegung elo huet, dat ass alles wat Parken ubelaangt an zwar Elektroautoen opzelueden. Do hu mer dann elo e Minimum festgesat vu 25% vun de Stellplaze wann dat technesch méiglech wier. Dat ass och eng Mentioun, déi elo nach net am Bautereglement dran ass, mee wou et awer eng Volontéit gëtt fir dohinner ze goen. Dat wäerte mer dann och iwwerpréiwe mam Technikbüro wann dann de Projet ausgeschafft gëtt.

Da wéi gesot de Punkt vun der Cessioun. Dat hat Der ganz gutt erkläert Här Buergermeeschter. Duerno dee ganze Volet Logement abordable. Dat hate mer och direkt scho mam Ministère am Virfeld diskutéiert an enger Reunioun. Do wäerte mer eis dann och herno un de Cahier des charges vum Ministère hale fir dann notamment déi 4 bis 5 Logementen auszeschaffe mat där Mindestsurface vu 435 m². Mir hu lo eng Surface moyenne vun 80 m² ugepeilt an och eng gewësse Mixitéit am Gebai ugestrieft.

Voilà, dann nach eng Kéier zréckzegoe fir elo de Sprong zu engem Architekturprojet ze maachen. Mir hunn d'Surface commerciale respektiv d'Crèche um Rez-de-chaussée virgesinn am Retrait vun der Placette déi mer an der Lëtzebuergerstrooss wäerte schafen. Doropshin hu mer dann de Rescht vum Rez-de-chaussée mat verschidden Typologië vu Wunnengen ausgeluecht. Da gesitt Der hei den 1. Stack, dee sech dann och iwwert den 2. Stack wäert widderhuelen, wou mer dann e bësse variéiert hu wat d'Wunnengen ubelaangt. All Kéiers ass alles iwwert e Lift an iwwert e grousszügegt Trapenhaus erschloss. Mir hunn eng Ëffnung no Westen hi wat Wunnraim ubelaangt ugestrieft och mat Méiglechkeete vun Terrassen a Balkonsflächen op all Stack. Voilà, dann hei nach eng Kéier plus ou moins identesch. Dann de leschten Etage am Retrait, deen hu mer dann och dee Moment mat gréisseren Terrassflächen a mat gréissere Wunnengen och ausgestatt. Da ginn et zwee Sous-sollen, déi iwwert eng Split-level-Ramp erschloss ginn. Dir fuert iwwert d'Rue de Kayl erof, dann hutt der schonn eng ganz Rei Parkplazen, mir hunn och do Plaz virgesi fir alles wat u Locaux techniquen ugefuerdert wier. An da fuert der dee Moment erof op en hallwen Niveau am Parking, dee purement fir Parkfläche virausgesi war an do iwwert den Eck fuert der dann an dee leschten Niveau um Sous-sol 2 erof. An do gesi mer dann och Kellerfläche vir fir déi eenzel Wunnengen an alles wat iwwert d'Bautereglement dann och weider gefrot ass. Voilà, da géif ech Merci soe fir Är Opmierksamkeet.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ech wëll am Numm vun deene Gréngen lech wierklech Merci soen. Et ass e ganz flotte Projet. Mir fannen och architektural hutt Dir do immens flott Léisungen ugebueden. Ënnert anerem, Dir hutt déi Saache gesot, ech ënnersträiche se awer gären nach eng Kéier. Amplaz eppes Klotzeges dohin ze baue spillt Dir immens gutt mat de Fassaden. Dat ass wierklech eng gewëss Dynamik an dat refletéiert natierlech och den Tissu urbain existant. Dofir ass dat wierklech eng immens flott Léisung, déi Dir do och ugebueden hutt.
Ech muss soen, wou ech dat Ganzt méi iwwersiichtlech sou vun uewe gekuckt hunn, ass et och ze bemierken datt verschidden Haiser aus der Keelerstrooss, déi wäerten och eng besser Liewensqualitéit kréien, well virdrun ass d'Garage souzesoe bis hannenaus ausgebaut gewiescht an elo huele mer dat ewech a mir baue Gréngs dohinner. Dofir ass dat wierklech immens flott fir déi éischt Haiser déi do an der Rei wäerte sinn, an der Keelerstrooss wéi gesot.

Natierlech gëtt dat neit Gebai dem Quartier e ganz neit Image, dat verbessert den Image vum Quartier. Well am Moment ass et wierklech en delabréierten Terrain, wat do broochläit. An natierlech ass et wichteg, ëmmer erëm sou, ech nennen dat mol eng Baulück, datt een dat revitaliséiert an natierlech dat mat flotten Appartementer erschléisst. Déi Plaz ass super, well se ass immens gutt ugebonnen. Dir fuert mam Zuch an d'Stad oder et si verschidde Busser, déi op Esch fueren, Pôle d'attraction, oder eeben de Pôle d'attraction Stad Lëtzebuerg. Mer hunn och Buslinnen, déi op Beetebuerg fueren, wat och wichteg ass. Well ech betounen, vun do aus hu mer all 7 Minutten en Zuch fir an d'Stad. Den Trottoir gëtt och méi breet gemaach, dat ass och flott, well am Moment gesäit een awer net souvill Leit déi do treppelen, mee dat ass och well et net sou ganz angeneem ass. Mee dat Ganzt kritt wierklech, och duerch méi e breeden Trottoir, eng ganz aner Dynamik. Dat wat eis opgefall ass a wou ech och mat verschidde Leit geschwat hunn, déi hir Kanner oder wierklech Bëbeeën an d'Crèche bréngen, well et ass jo ugeduecht, fir eventuell eng Crèche ze maachen, dat ass éischter, wann een einfach d'Logik vun där Saach kuckt. Déi meescht fuere moies an d'Stad, an d'Gebai läit awer lénks. Dat heescht, wann ee mam Auto fiert, suergt dat vläicht awer fir e bësse Chaos fir wann ee wëll wierklech mam Auto bis virun d'Crèche, stoe bleiwen an dann erëm Demi-tour duerch de ganzen Trafic moies fir a Richtung Stad.

A mir wollten einfach just froen ob et méiglech wier, méi Parkméiglechkeete fir de Vëlo do ze schafe fir datt een eventuell awer ka mat enger Mobilité douce d'Kanner dohinner bréngen an net onbedéngt den Auto hëlt? An déi aner Fro war, vu que datt den Trottoir méi breet gemaach gëtt, ass vläicht ugeduecht, eventuell och eng Vëlospist oder einfach e Couloir de mobilité douce? Woubäi ech mengen datt et awer net ganz duergeet, well et brauch een 1,50 m op d'mannst fir de Vëlo, an hei si mer insgesamt op 2 m wann ech dat richteg gesinn hunn. Mais voilà, einfach mol déi Fro an de Raum gestalt. Verschidden Typologië vun den Appartementer ass immens wichteg. Fir déi Jonk an dann déi etabléiert Familien an da vläicht iergendwann eng Kéier fir déi manner jonk, déi erëm zu zwee sinn oder vläicht eleng. Dofir ass dat immens wichteg, fir eng Dynamik an eng Mixité sociale an engem Gebai ze hunn. Dat nennt een dann dee Moment eng Mixité sociale verticale an net nëmmen horizontal mat verschidde Geschäfter. Ech hat dat am Aarbechtsgrupp gesot. Ech weess net, ob ech Merci gesot hunn, datt mer dës Kéier wierklech sou eng Aarbechtsgrupp a Virfeld hate wou mer konnten iwwert de PAP diskutéieren. Soss war et ëmmer hei am Gemengerot. An et war e bëssi ze laang an dofir war et immens flott, datt ee konnt a Rou iwwert déi Saachen am Virfeld diskutéieren an och déi néideg Erklärunge kréien.

De Kaméidi, dat ass jo eng Haaptstrooss. Mir sinn tëschent 60 a 70 Dezibel, an do hat ech just an der Kommissioun, also am Aarbechtsgrupp bemierkt, an dat läit mer wierklech um Häerz an dofir wëll ech dat soen, ech weess dass mer hei wierklech an enger Phas si vum PAP wat mega mega fréi ass. Mee wierklech drun denken, datt herno Leit dodra wunnen an einfach déi akustesch Mesuren, déi néideg akustesch Mesuren ënnerhuelen, fir datt mer awer och eng gewëss

Liewensqualitéit op enger Haaptstrooss kënnen hunn. Ech ginn net méi drop an, well mir haten, wéi gesot, iwwert déi Saach do diskutéiert. Mir hate vun enger eventueller Crèche geschwat, dat ass éischter un de Schäffen. Mir hu wierklech eng laang Waardeléscht. Ech mengen ech sinn Nummer 135 op där Waardeléscht fir déi ëffentlech Crèchen hei zu Diddeleng. Mir hunn der 3. An hei wier u sech eng wierklech flott Occasioun, fir eventuell awer eng 4. Crèche, also kommunal Crèche, opzemaachen. Oder eeben, ech hu mer soe gelooss, eng konventionéiert Crèche hei opzemaachen. Dat mat op de Wee, vläicht hutt Dir dozou eng Stellungnam, déi Der kéint maachen. Mee op jiddefalls, wann ech mat Leit schwätzen, do wieren déi meescht frou, wa mer nach eng zousätzlech ëffentlech Crèche géingen hunn.

An dann eng lescht Fro, mee dat ass och éischter fir de Schäfferot. Et ass jo geduecht eng Crèche oder eventuell Commercen. Hate mir do eng Handhab drop fir de City Manager fir eventuell wéi eng Geschäfter do kéinten ënnerkommen? Well et wier flott wann et awer eppes ass, wat dem ganze Quartier eppes bréngt. Ech soe mol e Bäcker, wou e ka wann een op d'Gare leeft, eng Kéier kuerz stoe bleiwen zu Fouss, sech eng Mëtsch kafen an da geet ee weider bis op d'Gare. Wéi lo, soe mer mol eng Assurance, oder eppes wou d'Leit moies dohinner fueren, sech dohinner setzen an owes erëm heemfueren. An dat bréngt u sech net wierklech sou Liewen an dee Quartier erlaben ech mer ze soen.
Dat gesot nach eng Kéier wierklech Merci fir dëse Projet, an ech si gespaant op d'Äntwerten. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. Jo richteg, deen heite Projet, deen ass am Aarbechtsgrupp PAG virgestallt ginn. Mir haten als Lénk jo schonn e puer Mol gefrot, dass sou Saache géingen an der Bautekommissioun diskutéiert ginn. Do war lo gesot ginn, OK, dat ass ze technesch, mee dofir fanne mir dat heiten da wierklech eng flott Léisung. Merci, da kann ee scho mol e bëssi entdecken, wéi d'Madame Ahmedova och elo gesot huet. Ech hoffe schonn dass dat natierlech net all Froe limitéiert, well mir entdecke jo dann awer och réischt an deem Aarbechtsgrupp dee Projet a stellen dann éischt Froen an duerno schaffe mer eis e bëssen do ran. Mee mir begréissen awer déi Virgoensweis. Mir kënnen och dee Projet hei am Fong nëmme begréissen. Et ginn 32 Logementer geschaf wou dobäisteet, dass eng gewësse Mixitéit soll dobäikommen. Et ass eng Mixitéit, tëschent Studio bis zu 3 Kummere soll gemaach ginn. Mir kréie jo dann tëschent 4 a 5 Logements abordables, wou dann och dobäisteet, dass et do soll eng gewësse Mixitéit ginn. Ech mengen dat ass och wichteg, an am beschten och eng Wunneng déi abordabel ass fir Personnes à mobilité réduite. Ech menge och dat ass wierklech eng wichteg Saach. Mir hunn eis gefrot, ech kennen zwar d'Äntwert, mee vu dass mer jo op déi Indemnité compensatoire verzichten, well mer och net wierklech kéinten domadder eppes ufänken, hu mer eis gefrot, ob an deem Kader, respektiv ob iwwerhaapt da vläicht nees Verhandlunge herno gemaach gi fir vläicht weider Logementer ze kafen. Dat ass vläicht elo och e bëssen ze fréi am Projet.

Mir hu scho verstanen, dass ee d'Indemnité compensatoire net kann an där Richtung do uwenden. Dat geet leider net. Mee vläicht gëtt dat eis awer eng gewësse Verhandlungsbasis. An dovunner ofgesi kann ee jo ëmmer mol kucken, ob een net vläicht déi eng oder aner Wunneng weider ka kréien. Dass d'Parkplazen erofgesat goufen op 1 Parkplaz pro Logement, dat ass mengen ech hei och wierklech gerechtfäerdegt. Ech ka jo e Lidd dovunner sangen, ech wunnen effektiv just niewendrun an ech hu keen Auto, an dat ass op där doter Plaz wierklech iwwerhaapt kee Problem. Den TICE dee bleift op all Eck vun der Kräizung stoen, d'Gare ass wierklech net wäit ewech. Et kann een an den Zentrum akafe goen, d'Schoul ass op 100 m. A wann d'Kanner bis eng Kéier iwwert d'Kräizung sinn, dann ass dat och e séchere Wee am Fong, dann ass just nach en Trottoir do. An da soll jo déi Crèche kommen, an do hate mer e bëssen déi selwecht Fro wéi elo déi Gréng. Well dat war fir mech och net ganz kloer. Am Aarbechtsgrupp war gesot ginn, do kéint eng Crèche hikommen, net sécher. Elo an der Dokumentatioun war et schonn e bësse méi kloer formuléiert, dass do soll eng Crèche kommen.

Dowéinst wollt ech einfach froen: Gëtt et do schonn e Projet? Läit do schonn eppes um Dësch? Soll dat eng privat Crèche ginn, soll dat eng ëffentlech ginn? Well dat wär effektiv batter néideg, dass mer géinge méi ëffentlech Crèchë kréien. Ech mengen dat weess jiddereen. Mee voilà, wéi sécher ass dat, dass do eng Crèche hikënnt? Fir de Rescht, dat ass och scho gesot ginn, et ass e grousse Block, deen awer net sou erschéngt an dee mengen ech wierklech och op déi Plaz do passt an net schockéiert. Mir hunn eis nach gefrot, mee dofir ass et warscheinlech och nach ze fréi, mee ech wollt awer d'Fro eng Kéier formuléieren. Op den Daach solle jo dann technesch Anlage kommen. Ass do och ënnersicht gi fir eng Photovoltaikanlag ze maachen? Do hu mir als Gemeng jo net wierklech eppes ze soen, mee mir kéinten dat awer vläicht mat op de Wee ginn, dass dat eng gutt Léisung wier. An dann, déi grouss Erausfuerderung, déi natierlech hei besteet, dat ass de Chantier. Dat war och schonn am Aarbechtsgrupp ugeschwat ginn. Dat ass natierlech matten op der Kräizung vun 2 Staatsstroossen. Mir wëssen dass dat eleng vum Trafic hir komplizéiert gëtt a mir ginn dann dovun aus, dass awer da mat Zäiten sech all d'Akteure zesummesetze fir ze kucken, wéi een dat kann organiséieren, Planer, Ponts & Chaussées, d'Gemeng. Ech weess net, ob een do e Mobilitéitskonzept brauch, mee ech ka mer virstellen, dass dat soss komplizéiert gëtt. Mee bon, e Chantier ass ni einfach. A mir sinn awer elo frou, dass deen Eck do lo viabiliséiert gëtt an dat ass e flotte Projet, dee mir dann och kënne matdroen. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Och d'CSV deelt de Merci, dass dat hei schonn an engem Aarbechtsgrupp virdru presentéiert ginn ass. Dat erspuert eis hei ganz vill Nofroen. Et ass e superflotte Projet op enger interessanter Plaz, en ass immens flott realiséiert, et gëtt Wunnraum fir vill Leit, et ass am Fong guer näischt un deem Projet ze soen. D'Fro iwwer déi Crèche, oder ob net, a wat fir eng a wisou, déi stelle mer eis net well mir sinn

hei um Niveau vum PAP, an dat kënne mer herno nach diskutéieren. Ech fannen dat hei ass e superflotte Projet, mir ënnerstëtzen dee mat zwou Hänn. Merci.
ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Och e grousse Merci fir déi gutt Presentatioun. Et ass wierklech e ganz flotte Projet. Mir begréissen et, datt neie Wunnraum zu Diddeleng geschaaft gëtt a mir wënschen eis datt och lëtzebuergesch Famille vum abordabele Wunnraum kënne profitéieren. Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Ech wollt emol als Éischt Merci soe fir déi flott Presentatioun. Et ass scho Villes gesot. Ech mengen och fir eis ass et e flotte Projet, deen och gutt an den Eck do an dat Bild era passt, dat ass gutt gemeet ginn. Wéi gesot, hei schafe mer Wunnraum, mir schafen abordabele Wunnraum, Commercen an och Crèche, wat jo och wichteg ass. Dat Ganzt alles a Proximitéit zum ëffentlechen Transport. Et ass ëmmer schwéier wann een zum Schluss schwätzt, dann ass scho Villes gesot an et widderhëlt ee sech ëmmer. Ech menge mir ënnerstëtzen dee Projet do awer och mat.

ERIG PIGAT, (BALLINIPITT) (ARCHITECTES URBANISTES): Bon, ech mengen déi éischt Fro war alles wat Vëlosverkéier ubelaangt. Do hu mer sécher genuch Plaz op där klenger Placette, déi mer do schafe wann et effektiv ass, hypothetesch, fir an déi Crèche do ze goen, da kann een do effektiv ouni Problem stoe bleiwen, et kann een de Vëlo och ofstellen, also do ass genuch Plaz virgesinn. Mir wäerten natierlech och Plaz am Sous-sol virgesi fir dass all Stot Plaz huet fir seng Vëloen ënnerzestellen. Dat ass mengen ech och zäitgeméiss fir dat esou virzegesinn. D'Photovoltaik ass, vun der Machbarkeet hir, do ass et e bësse verfréit fir elo eng Ausso driwwer ze treffen. Mir wäerten eis awer op alle Fall mam Technikbüro dann herno am Laf vum Projet och beschwätzen. Also dat wäert och en Thema ginn.
Allerdéngs musse mer do einfach kucke wéi vill Plaz do sënnvoll zur Verfügung géif stoen. Wat nach de Chantier ubelaangt, do hate mer och an der leschter Reunioun driwwer geschwat. Och do muss een einfach méi Detail hu wéi de Chantier wäert oflafen. Mir brauchen e Plan de terrassement, mir brauchen e Plan d'installation de chantier, mir musse Ponts & Chaussées natierlech och mat u Bord huelen. Dat sinn alles Diskussiounen, déi mer sécher mat Zäite wäerten uleiere fir dann och do keng béis Iwwerraschungen ze kréien. Bon, et ass natierlech ëmmer e Chantier. Dat ass ni honnertprozenteg einfach ze geréieren, mee mir maachen eist Bescht op alle Fall.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Da géif ech nach vläicht op e puer Punkten agoen an da géif och d'Josiane op e puer Punkten agoen. Also de Volet punkto Commerce au sens large, eise City Manager deen ass mat dësem Projet befaasst an et ass jo a sengem Portefeuille dra fir e bëssen ze kucke wat an der Complementaritéit par rapport zum Stadkär an och der Proximitéit vun aneren Infrastrukturen déi do sinn, interessant ka sinn. Fir elo schonn eng kloer Ausso ze maachen ass verfréit, well ech hunn elo haut och keen héieren d'Fro ze stellen, wéi wäit si mer mat der Convention d'exécution? Mir maachen hei jo d'Presentatioun vum PAP. Iergend eng Kéier musse mer jo nach eng Kéier an de Gemengerot komme mat der Convention d'exécution. Et huet keen et haut de Mueren hei gesot, ech soen et nach eng Kéier, et ass jo deen nächste Step. An da komme mer an déi konkret Planung, wou de Buergermeeschter kann eng Baugeneemegung ausstellen. Mee mer hu lo nach e bëssen Zäit fir dat do lo nach e bëssen ze verfeineren. Dann ass kloer d'Engagement, dass mir hei 4 bis 5 Logements abordables huelen. Do musse mer och d'Diskussioun nach féiere mam Developpeur, mam Promoteur, dass also och déi Krittäre vum Cahier des charges vum Logementsministère erfëllt ginn, fir dass mer och déi néideg Subside kréien. Ech hunn Är Iwwerleeung verstane par rapport zu enger zousätzlecher Wunneng.

Ech mengen ech ginn elo keng Ausso. Komm mer kucke mol déi 4 – 5 ze kréien an och do déi Krittären ze erfëllen par rapport zum Logementsministère an dass mer do sou vill wéi méiglech Subsid kréie vum Logementsministère. Dat ass dat wat fir mech wichteg ass par rapport zu deene 4 – 5 Wunnengen, déi an Aussiicht gestallt ginn, dass mer och do sou no wéi méiglech un déi 75% kommen. Ech mengen Dir wësst alleguer heibanne wéi wichteg dass mer dat ass an den Diskussiounen an och an eise Servicer, dass mer an den Diskussiounen, déi jo ëmmer ganz gutt si mam Logementsministère, dass mer awer sou vill wéi méiglech och do vu staatleche Subside kënnen kréien. A wa mer natierlech de Logement abordable do kréien, da fléissen déi natierlech an den Immobiliëpark vun der Stad Diddeleng bei de Service Logement.

An do wéilt ech der Madame Spagnuolo als Vertriederin vum ADR soen, dass an déi dote Wunnenge jidderee ka kommen. Lëtzebuerger wéi och Net-Lëtzebuerger. Mir orientéieren eis hei no de Krittären net vun der Nationalitéit mee no de Krittäre vum Gesetz wat ganz kloer seet, wat de Revenu soll sinn, wat d'Parametere sinn, déi ee muss erfëlle fir an de Benefice ze komme vun engem Logement abordable. Do gouf d'Gesetz och geännert. An ech mengen net dass am aktuelle Gesetz dat ofhängeg gemeet gëtt vun der Nationalitéit an vun den Originnen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Jo voilà, ech géif kuerz op de Volet vun der Crèche agoen. Ech weess effektiv, et ass schwiereg, Crèchen op d'Plaz ze kréien. Mir haten där zur Diskussioun, ech war och mam Service zesummen. Duerch d'Proximitéit, Dir wësst, mir hunn d'Nuddelsfabrik, dat ass nëmmen eng 50 m dovun ewech. An doduerch datt mer am Fong an der Crèche A Bëlleg bauen, wat jo e bësse méi e grousse Projet gëtt hu mer deemools festgehalen, datt mer dat net géife maachen. Obwuel ech de Projet net a Fro stellen. Ech mengen et ass e ganz flotte Projet. Mee wéi gesot, wat ganz wichteg war, an dat huet och ganz vill gespillt. Also Dir fuert alleguer iwwer d'Lëtzebuergerstrooss. Wann Der do gesitt, déi Crèche déi op der Lëtzebuergerstrooss läit, wou d'Eltere riets a lenks mat de Kanner iwwert d'Strooss lafen. Hei géife mer déiselwecht Situatioun schafen an dat war eppes, wat mär decidéiert hunn dann net ze maachen, obwuel et awer e ganz flotte Projet ass.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci nach eng Kéier fir déi doten Ausféierungen. Dann hätte mer den Tour gemeet, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn, wat elo mol de PAP ugeet. Ass de Gemengerot, sou wéi en hei virgestallt an diskutéiert gouf averstanen? ***Dat ass unanime.***
Da soe mir Iech villmools Merci. A wéi gesot, lo schaffe mer un der nächster Etapp, de Projet vun der Convention d'exécution. An déi wäert dann och de Wee nach an de Gemengerot fannen. Dofir och hei de Vertrieder vun dem Architektebüro Ballinpitt. Merci dass Der hei waart an och eiser Architektin, dem Cathy Mambourg.

# 9. TICE

**PUNKT A MOTIOUN DÉI UN DER FRAKTIOUN «DÉI LÉNK» OP D'DAGESUERDNUNG GESAT GI SINN: «POSITIOUN VUN DER GEMENG DIDDELENG BETREFFEND DER ZUKUNFT VUM GEMENGESYNDIKAT TICE» A «MOTIOUN BETREFFEND D'VERHANDLUNGEN ZU DER NEIER KONVENTIOUN TËSCHENT DEM TICE AN DEM MOBILITÉITSMINISTÈRE»**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen an do geet et iwwert den TICE. Do ass eng Motioun an e Punkt, deen op den Ordre du jour gesat gouf. An do géif ech dann och eis nächst Gäscht erabieden, well déi sinn och do. Deenen anere Gäscht déi zou eis gestouss sinn, Merci och fir hir Presenz. Et ass e Punkt à l'ordre du jour mat enger Motioun vun deene Lénke wat d'Gemengesyndikat TICE ugeet. Ech begréissen och hei d'Vertrieder vum TICE a ginn dann direkt hei d'Wuert un d'Autrice vun der Motioun, respektiv vum Point à l'ordre jour. Madame Thoma.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci Här Buergermeeschter. Genau, am Numm vun der Lénksfraktioun hu mer e Punkt op den Ordre du jour gesat fir iwwert d'Positioun vun der Gemeng Diddeleng betreffend der Zukunft vum Gemengesyndikat TICE ze schwätzen. Als Kontext: D'Konventioun tëschent dem TICE an dem Transportministère leeft Enn Dezember 2024 aus. Nodeem déi nei Regierung am Amt ass sollt den 13. Mee 2024 eng éischt Reunioun tëschent de Concernéierte stattfonnt hu fir d'Konditioune vun enger neier Konventioun ze verhandelen. Aus dem Plan national de mobilité, PNM 2035 geet ervir, dass d'Verkéiersopkommes am urbane Süde vum Land ënnerhalb vun deenen nächsten 10 Joer wäert klammen an d'Unzuel vun den Notzer vum ëffentlechen Transport sech méi wéi verduebele wäerten. Gläichzäiteg ass am PNEC, am Plan national en matière d'énergie et de climat ze liesen, dass den Transportsecteur bei wäitem dee Secteur ass, deen de gréissten Emissiounsausstouss opweist.

En Deel vun der Léisung ass deemno eng Elektrifizéierung vum Busreseau, woufir gréisser Investissementer néideg sinn. Op där anerer Säit geet aus dem nationale Budget 2024 ervir, dass de Staat an deenen nächste



Joren just nach wäert 39 Milliounen an den TICE investéieren, wat enger Baisse vu ronn 25% par rapport zu 2024 entsprécht. D'Gemeng Diddeleng ass Member vum TICE a profitéiert dovu mat momentan 5 Linnen, dovun 2 regionaler op Esch an op Esch-Belval an 3 reng Citybus-Linnen. Aus der Press hu mer an de leschte Woche misse gewuer ginn, dass de Citybus net méi soll subventionéiert ginn. Dobäi kënnt, dass d'Personal vum TICE sech natierlech Suerge mécht, well momentan vill Froen zu der zukünfteger Ausriichtung vum Syndikat oppe sinn. D'Gemeng Diddeleng huet 2 VertriederInnen am Comité vum TICE, dorënner eng Vizepresidentin am Büro. Déi nei Konventioun, déi am Moment tëschent dem Büro vum TICE an dem Transportministère verhandelt gëtt wäert en Impakt hunn op d'Mobilitéitspolitik an d'Finanze vun der Gemeng Diddeleng.

Eng finanziell Verschlechterung vum TICE déi hätt eigentlech en duebelen Impakt. Zum enge geet et natierlech ëm de Service fir d'Bierger, déi den TICE immens vill benotze wierklech, souwuel ënnerhalb vun Diddeleng wéi och ausserhalb. An och déi Leit, déi mam TICE op Diddeleng komme fir ze shoppen, fir iessen ze kommen, fir wat weess ech. Eleng e Méinde souz ech nach mam Buergermeeschter vu Rëmeleng am TICE, dee vu Rëmeleng erofkoum fir eng Reunioun. Mee et ass natierlech och eng Fro vun Aarbechtskonditioune vum Personal dat beim TICE schafft, fir dat mir als Gemeng natierlech och mat responsabel sinn. An dowéinst hu mer e puer konkret Froen, déi sech eis virun allem stellen a wou mer frou wieren, eng Äntwert vum Schäfferot ze kréien. Ënner anerem: Kann de Schäfferot eis seng grondsätzlech Positioun zu dëse Verhandlungen duerleeën? Kann de Schäfferot eis informéieren, wéi d'Verhandlunge bis elo verlaf sinn?

Wéi steet de Schäfferot konkret zu där Diskussioun, déi am Raum steet, de Finanzéierungsmodell a finanzielle Bäitrag pro gefuerenem Kilometer vum RGTR op den TICE ze applizéieren? Deelt de Schäfferot eis Meenung, dass d'Aarbechtskonditioune vun den aktuellen an zukünftege MatarbechterInne vum TICE sech op keng Manéier däerfe verschlechteren? Wéi gesäit de Schäfferot d'Zukunft vum Diddelenger Citybus? Ass de Schäfferot der Meenung dass d'Personaldelegatioun vum TICE muss an déi zukünfteg Verhandlungen agebonne ginn? An ass de Schäfferot ganz allgemeng der Meenung, dass d'Qualitéit vun engem ëffentleche Service ka laangfristeg garantéiert ginn nodeem dëse privatiséiert gouf? Doniewent wëlle mer awer och, dowéinst hu mer de Punkt op de Ordre du jour gesat, all deenen anere Fraktiounen aus dem Gemengerot

erméiglechen, och hir Virstellunge par rapport zum Stellewäert an der Zukunft vum TICE duerzeleeën. Et geet elo net drëm, d'Spill Oppositioun géint Majoritéit, oder iergendwéi Kritik auszeüben, mee ech si mer och bewosst, dass d'Verhandlunge lo matten um Lafe sinn an dass et vläicht nach fréi ass, vu dass elo déi éischt Reunioun mat der Ministesch réischt virun engem Mount war. Mee gläichzäiteg, d'Zäit leeft well Enn des Joers, dat ass lo geschwënn, lo kënnt de Summer an da geet et séier. Dat heescht, et muss awer lo virugoen. A mir sinn éischter der Meenung dass et wichteg ass, dass d'Positioun vun der Gemeng transparent ass an d'Positioun vum Gemengerot. An dass einfach gewësse Grondsätz festgehale ginn an déi och no bausse kommunizéiert ginn, fir eebe bei deene Verhandlungen och déijéineg Positiounen ze stäerken, déi sech weiderhi fir gutt Aarbechtskonditiounen an e staarken TICE asetzen.

An deem Sënn ass och déi Motioun ze verstoen, déi mer eragereecht hunn. Mir hu jo ausgemaach, dass ech déi dann och direkt géing virstellen. Dat heescht, ech wiesselen op d'Motioun.Ech gi lo net méi och déi ganz Consideranten an, de Kontext dat ass dee selwechte wéi deen, deen ech elo grad virgestallt hunn. An et geet eigentlech dorëm, dass de Gemengerot de Buergermeeschter- a Schäfferot invitéiert fir folgend Saachen: De Gemengerot reegelméisseg ze informéieren iwwert d'Virukomme vun den Negociatioune bezüglech der neier Konventioun. Sech wärend de Verhandlungen an och duerno fir weiderhin héich Investissementer an den TICE an d'Ofséchere vun den Aarbechtskonditiounen an dem Statut vum aktuellen an zukünftege Personal anzesetzen. Sech wärend de Verhandlunge géint all Entwécklung ze wieren, déi eng Verschlechterung vun der Offer vum TICE an Zukunft als Konsequenz hätt.

Déi nei Konventioun dem Gemengerot pour Avis virzeleeën, éier se ënnerschriwwe gëtt. Keng weider Buslinnen ënnerhalb vun Diddeleng ze privatiséieren. A sou wäit wéi méiglech ze kucken, ob privat Linne kënnen an Zukunft an den TICE integréiert ginn. De Moment hu mer jo virun allem d'Linn DudBus 1 vun der Rue de la Vallée, Rue des Champs, wou mer deemools gesot kruten, den TICE kéint déi net iwwerhuelen. A schlussendlech sech an Zukunft fir de weideren Ausbau vum TICE-Reseau, vun de Linnen a vun den Auerzäiten anzesetzen, sou wéi dëst méiglech erschéngt. Déi Motioun hei déi wëlle mer virleeën, an der Hoffnung dass se eng méiglechst breet Majoritéit kritt fir eeben en Zeechen ze setzen.

Ech menge lo net, dass hei eppes drasteet wat iergendwéi géing Verhandlunge virgräifen, mee et geet einfach drëm, kloer ze soen, wat d'Positioun vum Gemengerot a vun der Diddelenger Gemeng soll sinn an de Verhandlungen. Eebe wéi ech erkläert hunn, fir deem méi Poids ze ginn. Dat verhënnert net, an däers si mer eis natierlech bewosst, dass a Verhandlungen och mol kënne Kompromësser opkommen an dann eng Positioun e bësse geännert gëtt. Mee ech mengen dass déi Motioun hei bewosst net sou rigid formuléiert ass, dass se géing verhënneren, dass eng Majoritéit, respektiv hoffentlech eng Unanimitéit hei kéint rauskommen. Villmools Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci. Villmools Merci Madame Thoma fir Är Motioun, déi ass ganz interessant, an et ass och ganz couragéis gewiescht, eng Motioun erauszeginn éier eng Konventioun eigentlech ënnerschriwwen ass oder um Dësch läit. Dat heescht et ass e bësse schwiereg, op eppes Positioun ze huelen, wat nach net do läit. An ech bedaueren dat op där anerer Säit e bësselchen, well dat gëtt och e bëssen en Zeeche vun Onsécherheet. Mir hate schonn d'lescht Joer, wou d'Konventioun gekënnegt ginn ass vum Minister, wou relativ vill Tensiounen opkomm sinn, wou vill Leit sech gefrot hunn, wéi geet et elo weider? Wéi geet et weider mat der Konventioun, et ass gesot ginn, dass se net géing verlängert ginn, dass do relativ Onrou war, well d'Leit net sou richteg woussten, wéi geet et elo weider. An ech mengen do gëtt heiansdo e bësselchen da sou e politescht Spill och draus gemeet fir ze kucke fir ee géint deen aneren opzestëppelen. Dat huet déi Motioun hei elo net zum Sënn, mee dat war awer nach de Fall d'lescht Joer op alle Fall nach virun de Walen.

D'Zil vum TICE war et jo, fir d'Leit vun de Südgemengen op hir Aarbecht ze bréngen fréier, virun allem mam Tram. Duerno ass de Bus bäikomm, den Tram ass ewechkomm. A wéi een och do gesäit ass den TICE, nodeems dat grousst Changement fréier komm ass, méi gestäerkt erauskomm, en ass relativ grouss gewuess an et ass e staarkt Syndikat ginn. Et ass e Syndikat, deen immens wichteg ass fir eis Gemengen. Et ass e Syndikat wou et erméiglecht, fir d'Südgemenge mateneen ze verbannen an och fir d'Südgemengen, dass déi Kontakt mateneen halen. An am Syndikat, do huet all Gemeng seng Vertrieder dran, déi wou dann och d'Interête vun der Gemeng, awer och vum ganze Süde vertrieden. Dat ass eppes wat ganz wichteg ass, dat ass eppes, dat musse mer bäibehalen. An dat steet am Fong och a kenger Weis iergendwéi zur Fro. Wéi d'Entwécklung herno mat der Konventioun weidergeet ass et jo am Fong relativ schwiereg ze soen. De Plan national de la mobilité, dee läit um Dësch an do wäerte Changementer kommen. A mir ass net gewosst, dass dat iergendwou sollt e groussen negativen Impakt op d'Aarbechtskonditioune vum Personal hunn. An ech denken och net, dass dat iergendwou ervir sollt goen. Mir mussen ofwaarden, bis déi Konventioun do ass, bis mer déi Konventioun hunn. A bis dohin, ech denken dass näischt drop hiweist, dass iergendwellech grouss negativ Impakter op d'Aarbechtskonditiounen vun eisem TICE-Personal sollt sinn.

Mir ënnerstëtzen natierlech eis Kolleegen alleguerten déi beim TICE schaffen, a mir leeën och ganz vill Wäert drop, dass d'Aarbechtskonditiounen an Zukunft oprechterhale ginn. Mee wéi gesot, et ass näischt do am Moment wat drop hiweist, dass et negativ sech sollt entwéckelen. Dass d'Konventioun dem Gemengerot pour avis soll virgewise ginn éier se ënnerschriwwe gëtt, do hunn ech e bësselche meng Bedenken, dat musse mer vläicht awer e bëssen diskutéieren dann, well da misste mer dat nämlech mat all Syndikat maachen. A mir hu jo awer Vertrieder vun de Gemengeréit a vun de Schäfferéit an de Syndikater dran. A wa mer mat allem

an all eenzele Gemengerot kommen, ech mengen dass dat dann net méi wierklech de Sënn dovunner wäert erfëllen. Dass mer keng weider Buslinnen ënnerhalb vun Diddeleng privatiséiere souwäit et méiglech ass. Ma mir hate jo probéiert, den TICE mat anzebannen. Dat geet net. An Dir hutt jo och selwer iergendwou gesot, dass et knapps beim Personal ass beim TICE an dass et schwiereg ass, eppes z'organiséieren. Mir hunn do op eng privat Firma zréckgegraff, wat eis am Budget herno ongeféier 320.000.- €, déi waren am Budget virgesinn. Den TICE, deen ass eis am Budget 4 Milliounen Euro wäert an dat ass e ganz wichtege Montant. An da kënnt nach eng Kéier de Citybus dobäi vun 1,8 Milliounen Euro. Also mir investéiere ganz vill an den TICE, mir hale ganz vill vun deem Syndikat a mir schaffen och exzellent gutt mateneen. Mer mussen awer effektiv d'Entwécklung lo an Zukunft zesumme kucken. Wou wäerte mer higoen? A wann, wéi op verschiddene Plaze virzegesi war dass d'Citybussen, dass déi net méi sollte mat drakommen eventuell. Dat waren Diskussiounen, déi wou e bësselche sou am Raum oppe sti well déi net méi subventionéiert ginn.

Ma da muss ee kucke wat eigentlech de Rôle vum TICE ass. Ass et dann och de Rôle vum TICE fir den Transport innerhalb vun de Gemengen ze garantéieren? Oder fält dat herno awer méi an d'Responsabilitéit vun der Gemeng? An dass mer dann och selwer musse kucken, wéi mer dat finanzéiert kréien. Oder gi mer herno wierklech op d'Linn dass mer soen, den TICE, deen ass fir all Transportméiglechkeeten am Süde responsabel? Ma da musse mer dat eebe mat de Konventiounen a mat den Entwécklunge mam Syndikat an Zukunft kucken. Op alle Fall, der Motioun steet net vill am Wee wou mer net géife matdroen hei. Awer et si verschidde Punkten dran, déi mer effektiv nach mussen diskutéieren an ech mengen dass eis Verkéiersschäffin an och eis zwee Vertriederinnen nach, ausserhalb vu mär, well mir sinn zu 3 am TICE, Positioun kéinten huelen dozou. An da kënne mer mol am Laf vun der Diskussioun kucken, wéi d'Positioun hei am Ganzen dovunner wäert ausgesinn. Merci fir d'Kommen, Vertrieder vum TICE och a wëllkomm zu Diddeleng.

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Jo hei geet et jo ëm eng Konventioun tëschent zwee Partner, dem Staat an dem TICE déi och d'Verhandlunge féieren an och d'Konditioune festleeën. Ech denken och do datt et net d'Aufgab ass vum Gemengerot, en Avis ofzeginn. Fir eis ass et awer och kloer datt d'Gewerkschaften an d'Delegatiounen hire Rôle do musse spillen an och musse mat an d'Boot geholl ginn. Wann een den Aussoe vum President vum TICE an der Ministesch an der Press ka gleewen, dann ass et jo och esou, datt déi éischt Diskussiounsronne gutt iwwert d'Bün gaange sinn. Lo gëllt et natierlech ofzewaarden, wéi dat elo weidergeet. Wéi d'Madame Thoma seet, hu mir als Gemeng Vertrieder, ënner anerem och Vertrieder aus der CSV, dat war dann elo deen drëtten, wou ech och elo eng Kéier wollt uschwätzen, an do erwaarde mir eis och vun eise Vertrieder, dass déi sech och akribesch, an ech denken dass déi dat maachen, zum Wuel vun eise Matbierger wäerten asetzen an de Gemengerot reegelméisseg iwwert de Fortgang informéieren. Fir datt d'Personal vum TICE och weider ënnert deenen aktuellen Aarbechtskonditioune ka schaffe wäert d'LSAP sécherlech sech och asetzen, wéi se dat och fir all déi schaffend Leit wäert maachen. Datt de Staat d'Kontributioun wëllt kierze bréngt natierlech mat sech, datt d'Participatioun vun de Gemengen an d'Luucht geet an de Budget weider belaascht gëtt. Dat ass och net dat, wat der LSAP gefale kann. Als Stad Diddeleng si mir eng vun deenen eenzege Gemengen, déi de Citybus ubidden. Do hu mir eng Virreiderroll, a wann d'Regierung den ëffentlechen Transport wëll fërderen, da kéint ee jo och vläicht eng Kéier drun denken, deene Gemengen Unerkennung ze ginn. Fir eis ass et awer och wichteg, de Citybus an der Gemeng bäizebehalen och wann eng Regierung deen net méi mat finanzéiere wëll. Do géinge mir et net gutt fannen, wann eng Déngschtleeschtung, déi mir eise Leit aktuell ubidden, vun haut op muer erëm ewechzehuelen. Dat géif natierlech mat sech bréngen, datt de Verkéier erëm wäert zouhuelen, Parkplaze géifen erëm en Thema ginn. Mee net nëmmen dat.

Mir mussen och un eis eeler Matbierger wéi och d'Familien denken, déi keen Auto hunn an déi net méi mam Vëlo fuere kënnen, wéi sollen déi hir Kommissioune kënne maachen? Och do däerfe mer eis Jugend net vergiessen. Mir sinn eis och bewosst, datt et e schwéiere Brocke gëtt, fir dat ouni staatlech Hëllefen ze finanzéieren. Et ass awer eng Déngschtleeschtung, déi fir déi Diddelenger Matbierger wichteg ass. Do kéinten eventuell eis Vertrieder vun der CSV an der DP jo e bëssen an hire Ministèren e gutt Wuert aleeën. Wann d'Thema méi akut gëtt wäerten eis Leit an der Chamber sécherlech och hir Responsabilitéit huelen, sou wéi dat och schonn an der Vergaangenheet de Fall war. Ofschléissend wëll ech awer soen, dass mir als LSAP awer hannert dem TICE a senge Mataarbechter wäerte stoen. Ech soen lech Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Et ass schonn immens vill gesot gi vun deem, wat ech mer opgeschriwwen hunn an ech kucken elo an deem Gehacktes hei eens ze gi fir Doubluren ze evitéieren.
Et ass ugeschwat ginn dass mer net méi vill Zäit hu bis Enn des Joers. Dat gesi mir genau d'selwecht, dass et schonn un der Zäit ass, iergendwou ze kucken, wéi dat elo mam TICE virugeet an dass mer eis och alleguerten eens sinn, dass et e staarken TICE brauch am Süden an dass och d'Aarbechtskonditioune vun deene Leit, déi beim TICE schaffen, dass mer déi net dierfe vergiessen, an dass déi eis all um Häerz leien.
Den TICE bitt eng héich Qualitéit vun ëffentlechem Transport am Süden un. Iwwert déi si mer frou an do wéilte mer net, dass déi drënner leid. Ech mengen dat ass e groussen Atout, an den Här Goergen huet mer déi Zeil dann och nach geklaut, dass mir hei mat eisem Citybus relativ gutt bedéngt sinn, wann et heescht, vun engem Quartier an deen aneren an och an den Zentrum ze kommen. An dass ee virun allem elo, wou de Shared space mëttes fir de motoriséierte Verkéier zou ass, dass ee mat sengem Citybus dann awer nach bis bei d'Geschäfter kënnt. Dofir wéilte mer alles dofir maachen, dass de Bustransport hei zu Diddeleng weider an där Qualitéit kann ugebuede gi wéi en et gëtt.

Natierlech, déi Kontributioun vum Staat, déi do erofgeet, do denke mer och, do huet eis Partei lo näischt méi domat ze dinn, do wäre mir dann och ganz frou, wann déi nei Verantwortlech do géingen trotzdeem de PNM 35 an deem Mooss och respektéieren, dass ee seet, voilà, fir déi Linnen, déi innerhalb vun de Ballungsraim sinn op déi Couloirs à haut débit ze féiere brauch et eng gutt Ubannung un eebe grad déi Couloiren, an dat bidden eis Citybussen. An do wéilte mer och kee Millimeter am Fong dovu réckelen. Do hate mer eis och gefrot mat der Konventioun, ob déi iwwerhaapt kann dem Gemengerot virgeluecht ginn. Do ware mer eis och net ganz sécher, ob dat sou Usus ass, ob dat ka gemaach ginn. Fir de Rescht begréisse mer déi Initiativ vun Déi Lénk, wou mer och gesinn, dass et hinnen net drëms geet fir Onrou ze stëften, mee éischter fir Sécherheet ze schafen, an dat fanne mär ganz gutt.
Merci fir d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, Merci fir d'Wuert. Fir d'éischt emol dem Vertrieder vum TICE, dem Direkter, dem Här Schoos an dem Sekretär dem Här Biren an natierlech eisem Pit Merci datt se sech Zäit geholl hu fir erof lauschteren ze kommen. Et ass jo sou, éischtens emol kënne si natierlech och op Froen äntweren, sollten der nach méi technescher Natur sinn, wat ech am Moment elo net eraushéieren hunn. Mee ech mengen et ass wichteg, datt si déi Diskussiounen hei matkréien, well si hunn nach méi Reunioune mat den zoustännege Stellen am Ministère mat de Beamten, wéi elo lo vläicht de Büro an de Comité vum TICE, dofir ass et gutt, datt se d'Meenung vun dësem Gemengerot hei héieren. Vläicht eng Kéier zu der Zesummesetzung vum Comité a vum Büro vum TICE. De Claude Martini huet selwer gesot, datt en dobäi ass. Einfach vläicht just déi politesch Zesummesetzung eng Kéier, also de Büro, an Dir verbessert mech, falls ech elo eppes vergiessen, de Büro ass zesummegesat vun der LSAP, der CSV an Déi Gréng an am Comité sëtzen och nach d'DP dobäi. Just datt Der wësst, wéi mer zesummegesat sinn. Ech soen och Merci der Madame Thoma fir d'Initiativ. Dat gëtt eis och d'Geleeënheet, am Virfeld, ier elo alles um Dësch läit, scho kënnen driwwer ze diskutéieren.

Mee wéi gesot, sidd mer net béis, ech ka keng Detailer hei geheimhalen oder verroden, déi ech am Moment nach net hunn. Et gëllt eeben allgemeng ze soen, datt mer nach net um Enn vun den Diskussiounen ukomm sinn. An ech gi vläicht elo eng Kéier duerch déi Froen duerch, sou wéi Där se gestallt hutt an duerno dann op d'Motioun eng Kéier an, déi ech e bëssen ëmgeännert hunn, mee ech mengen awer datt mer eis do kënnen eens ginn. Ech fänke vläicht un, d'grondsätzlech Positioun vun dësem Schäfferot zu de Verhandlungen. Do muss ech e ganz bëssen aushuelen. Dir hutt virdrun eng Zomm gesot. Et ass esou, de Ministère deen iwwerweist dem TICE all Joer eng Subventioun. An déi huet sech vun 2022 op 2024 beweegt tëschent 38 an 42 Milliounen. An dat opgrond vun engem Calcul, deen no festgeluechte Krittären opgestallt ass, also ech erspueren lech déi lo. Wa se awer gewënscht sinn, ech mengen da sinn d'Experte besser do fir déi ze erklären. A fir den TICE-Budget an den Equiliber ze kréien, do leeën dann déi syndikéiert Gemengen de feelende Betrag eeben all Kéiers bäi. A wat de Ministère eebe manner u Subventioun un den TICE gëtt, wat eeben d'Gemengen, also d'TICE-Gemengen, d'Membergemenge mussen all Joers méi bäileeën. An dofir, ech mengen dat ass kloer, ass d'Verhandlungspositioun vun den TICE-Gemengen, ech schwätzen elo vun hinnen all, déi, datt mer weider vum Staat sou ënnerstëtzt gi wéi dat bis elo de Fall ass, fir datt deen TICE och weiderhi ka säin Déngscht leeschten an e qualitativ héichwäertege Service ka garantéiere fir de Bierger.

Wéi sinn d'Verhandlunge verlaf? Ma mir haten eng ganz Partie Reuniounen, 7 Stéck, dat op Beamtenniveau, respektiv och Büro an de Comité mat de Beamte vum Ministère. Mir haten awer réischt eng Reunioun mat der neier Ministesch. Dat war de 15. Mee an et ass eng zweet elo ugesat fir de 27. Juni. Am Virfeld vun där Reunioun, also déi wou elo de 27. Juni ass, an dat opgrond vun där leschter Reunioun, huet de Ministère eis elo nach eng Kéier all eis Zuele gefrot, eise Budget gefrot a sinn déi am Gaangen, elo ze analyséieren. An dofir ass et och momentan ze fréi, fir eng Conclusioun ze zéien, wou mer elo hannen erauskommen. Déi éischt Reunioun, dat muss ech awer soen, an dat konnt Der och an der Press liesen, den TICE-President an d'Ministesch sinn zesumme virun d'Press gaangen, déi ass an engem ganz agreabele Klima erofgaangen, do gouf net gestridden. An no där Reunioun vum 27. Juni wäerte mer natierlech am Büro eis Conclusiounen zéie mam Comité an och d'Buergermeeschtere vun deene jeeweilege Gemengen informéieren, sollten do méi konkret definitiv Saachen um Dësch leien.

Eis Positioun, den RGTR-Finanzéierungsmodell op den TICE ze iwwerdroen, natierlech fanne mer dat als TICE net ubruecht, well mer ganz einfach aner Konditiounen hu wéi den RGTR. Personeller Natur, de Statut vun de Leit. An natierlech fuere mer och ganz aner Routen. Mir bleiwe méi dacks stoen, mir fuere keng sou laang Strecken. Dir wësst, den RGTR, dee fiert zum Beispill am Norde ganz laang Strecken an da bleift en all Véierelsstonn eng Kéier stoen. Dir wësst wéi et ass, wann Dir lech an de Bus setzt fir Esch, da bleift Der all 500 m stoen, an dat ass och gutt esou. Dofir féiere mer jo och déi Diskussioune mam Ministère, well déi Approche absolut laanscht d'Realitéite vun engem privaten Operateur vis-à-vis vun de Konditioune vun engem ëffentlechen Acteur wéi den TICE geet. An dann, ob mer der Meenung sinn, datt d'Aarbechtskonditioune sech net solle verschlechteren. Ma den Här Martini ass schonn dorop agaangen. Also ech menge perséinlech lo wierklech net, datt déi sech duerch déi nei Konventioun elo verschlechtere sollen.

An de Staat huet dem TICE och bis elo, also an der Verhandlungsdelegatioun, och nach ëmmer verséchert, datt net manner Kilometer gefuer solle gi mee méi produktiv Kilometer solle gefuer ginn. Et ass also och ni rieds gaangen, dass iergendwellech Leit sollen oder missten entlooss ginn. A wann iergendwann eng Kéier den TICE eppes net méi sollt kënne fueren oder däerfe fueren, wa mer dann e Surplus u Chauffeuren dee Moment hätten, da géif deen duerch déi normal Ofgäng, Leit déi fortginn, déi eng aner Plaz hunn, déi a Pensioun ginn, déi krankheetshalber a Pensioun ginn,

da géif dat doduerch opgefaange ginn, sou datt och do kee misst entlooss ginn an ech ginn herno an der Motioun souwisou och nach eng Kéier dorobber an.

Wéi gesäit d'Zukunft vum Citybus aus? Do soen ech och, de Citybus muss warscheinlech – well mer nach net all Detail hunn – vun der Gemeng komplett iwwerholl gi well eeben de Staat eventuell der Meenung ass, dat net méi ze subventionéieren. Dat gëllt allerdéngs net nëmme fir eis elo. Dat gëllt fir déi Gemengen, déi e Citybus hunn, dee vum TICE gefuer gëtt. Mir denken als Schäfferot, an den Här Goergen hat dat och kuerz ugeschnidden, mir denken natierlech net drun, deen ofzeschafen. Dat ass eppes wat mir eise Bierger bidden, a mir sinn och der Meenung datt dat, an deenen Zäite wou mer haut sinn, mat Stau a vill Verkéier op eise Stroossen, datt dat wierklech néideg ass, an datt mer dat sécher net wëllen ofschafen. Et ass natierlech herno ze kucke wien e fiert an ob eventuell muss un der Streck, also liicht un der Weeféierung geännert ginn. Och do ginn ech herno an der Motioun nach eng Kéier kuerz drop an. An da si mer der Meenung, d'Personaldelegatioun an d'weider Verhandlunge mat abannen.

Virdrun hat den Här Martini eppes ganz Interessantes gesot. Et war e bëssen Onrou opkomm d'lescht Joer an och elo kuerz no där éischter Reunioun oder virun där éischter Reunioun mat der Ministesch war Onrou opkomm. Also mir probéieren als TICE-Büro ëmmer, eist Personal ze berouegen an och ze informéieren. Souwuel den OGBL an och den FGFC, wéi och eis Delegatioun, déi si scho separat vum Büro empfaangen an op d'Decisioun vum Minister Bausch deemools an d'Entrevue mam Ministère associéiert ginn. Duerno hat de Büro vum TICE sech positiv dozou geäussert, d'Delegatioun mat an déi Entrevue mam Ministère ze huelen, déi mer haten, de 15. Mee mengen ech war et. D'Ministesch huet natierlech do vun hirem gudde Recht Gebrauch gemaach ze soen, respektiv fir ze preziséieren, datt si lo mol wéilt exklusiv mat de Politiker an de Politikerinne schwätzen. Mee och souguer dat réischt nodeem se d'Gewerkschafte scho gesinn hat. Dat heescht, et war eigentlech den ëmgedréite Wee. Se huet fir d'éischt d'Gewerkschafte gesinn éier se déi politesch Responsabele gesinn huet. An d'Ministesch huet och an der Chamberskommissioun, also an der Mobilitéitskommissioun nach eng Kéier gesot, datt et hir och net drëms gaangen ass, déi Leit auszelueden, well si hat se u sech ni invitéiert.

Weiderhin, dat sot ech, also deen informelle Wee vun der Delegatioun oder de Gewerkschaften zu der Administratioun vum TICE an och zum Büro vum TICE, deen ass zu all Moment garantéiert. A gleeft mer, déi Leit déi maache ganz reege Gebrauch dovunner fir mat eis ze schwätzen a mir wäerte se natierlech weiderhi wëllen an eis Iwwerleeunge mat abannen. Ob mer der Meenung sinn, datt d'Qualitéit vum ëffentlechen Transport ka garantéiert ginn, wann dee privatiséiert gëtt? Och do mengen ech datt de Service, deen de privaten ëffentlechen Transport leescht, also dee Bus ass net onbedéngt méi schlecht wéi eisen, dee Chauffeur ass net onbedéngt méi schlecht wéi eisen, datt dee per se ëmmer muss méi schlecht si wéi de Service public.

Mee hei ass awer dat, wou et opzepasse gëllt an dat ass awer net onbedéngt d'Aufgab oder d'Aufgab eleng vun den TICE Gemengeréit a vun de Schäfferéit. Et gëllt virun allem datt do d'Gewerkschaften, d'Chamber, d'Regierung, all déi wou d'Gesetzer maachen, déi musse kucken, datt dat Personal wat bei enger privater Entreprise schafft, datt déi net eng Amplitude vun 12 -14 Stonnen hunn, datt se kee Privatliewen hunn, kleng Paien hunn an de private Patron sech d'Täsche voll stécht. An dat ass awer mengen ech elo net onbedéngt dat, wat mir lo hei, ech nennen et mol – als klenge Gemengerot – kënnen änneren. Mee per se mengen ech elo net datt de Privatchauffeur, well mir huele jo ganz dacks Leit, oder bal ëmmer Leit, déi scho bei Private gefuer sinn. Déi Leit bidde kee méi schlechte Service wéi déi, déi vun Ufank un beim TICE ufänken.

Soll ech dann och direkt op d'Motioun vläicht eriwwergoen? Ass dat OK? Ech hunn e puer Saachen dru geännert. Also et ass esou, datt deen éischten Tiret, dee wier ganz OK. Soll ech nach eng Kéier virliese vläicht all Kéiers, fir den analyteschen? „De Gemengerot reegelméisseg ze informéieren iwwert d'Virukomme vun den Negociatioune bezüglech der neier Konventioun." Ech mengen do ass elo weider kee Problem. Den zweeten Tiret awer: „Sech wärend de Verhandlungen an och duerno fir weiderhin héich Investissementer an den TICE an d'Ofséchere vun den Aarbechtskonditiounen an dem Statut vum aktuellen an zukünftege Personal anzesetzen." Ma do proposéieren ech „an zukünftege" ewechzeloossen. Ech erklären lech och firwat. Dat huet elo manner mat der Konventioun ze dinn, mee mat der Realitéit, déi mer um Terrain hunn.

Ech erklären et eng Kéier, a wann et gewënscht ass, kënnen d'Responsabel vum TICE dat och nach eng Kéier erklären. Also et ass jo sou, dat Personal wat do ass, dat behält säi Statut. Wann déi Beamte sinn, da bleiwen déi och Beamten. Also dat ass keen Thema. Wat awer elo zukünftegt Personal ubelaangt, do sinn ech ganz virsiichteg. Wéi gesot, net nëmme wéint der Konventioun, mee virun allem well mer praktesch keng Fonctionairë méi fannen. Wa mir awer keng Fonctionairë fanne muss dee Bus awer fueren. Et ass esou, mir gesinn déi Leit jo, déi sech virstelle kommen, do gëtt et eng Personalkommissioun beim TICE, do sëtzt iwwregens och d'Delegatioun dran. Mir soen deene Leit ëmmer, si sollen deen Exame maache fir Fonctionaire ze ginn. A mir géife se dann natierlech fonctionariséieren, wa se deen Exame maachen. An hei ass vläicht e Beispill, wéi et momentan awer um Terrain ass. Mir hunn ongeféier 40 Chauffeuren am Statut vum Employé communal, dat heescht, déi wollten zum Deel deen Examen net maachen, respektiv déi hunn deen Examen net gepackt.

Mir hunn ëmmer, an dat wësst Der, och d'Virgänger-Büroen an -Comitéen, mir hunn ëmmer privilegéiert Fonctionairen agestallt, well dat eis wichteg war. Mee wéi gesot, wa mer awer keng fannen, dann ass dat net onbedéngt dem Büro oder dem Comité vum TICE seng Schold an dofir hu mer den Employés communaux eeben alleguerten d'Verspriechе ginn, de leschte Büro

schonn, datt mer se géife fonctionariséiere wa se hiren Exame gepackt hunn. Dat Verspriechen, dat huet deen neie Büro och ageléist an zwar hunn 12 vu 14 Stéck hiren Exame gepackt. Déi aner zwee, déi bleiwen am Moment nach no Avis vun der Personalkommissioun am Employé-Statut, well mer ma deenen e puer Probleemer hunn. A wann dat sech bessert, da steet och do näischt am Wee, fir och och déi zwee do ze fonctionariséieren. Dofir kann ech dat net sou matdroen, well ech dovun ausginn, datt Der mat deem Statut de Fonctionairesstatut gemengt hutt an Ärer Motioun an dofir géif ech eeben den „zukünftegen" wëllen ewechloossen, well ech lech wéi gesot net ka garantéieren, wien um Bus fiert. Da ware mer beim 3. Tiret: „Sech wärend de Verhandlunge géint all Entwécklung ze wieren, déi eng Verschlechterung vun der Offer vum TICE an Zukunft als Konsequenz hätten". Bon, ech mengen dat kann ech esou mat droen. Ech mengen dat ass d'Aufgab vun de Vertrieder an där Verhandlungskommissioun, dat ze maachen.

Den Tiret 4: „Déi nei Konventioun dem Gemengerot pour avis virzeleeën, éier se ënnerschriwwe gëtt." Bon, do sinn 3 vu menge Virriedner schonn drop agaangen. Dat kënne mer sou net matdroen, well et eeben net de Rôle ass vun deenen eenzele Gemengeréit fir hei en Avis mat ofzeginn. Mee vum Comité vum TICE dee se stëmmt, respektiv dem Büro vum TICE dee se ënnerschreift an och am Gaang ass ze verhandelen. Dofir géing ech lech virschloen ze schreiwen: „Déi nei Konventioun an déi nei Linneféierung vum Ministère, also der ATP, an de Responsabele vum TICE dem Gemengerot géif virgestallt ginn." Voilà, an dann den Tiret 5 „Keng weider Buslinnen ënnerhalb vun Diddeleng ze privatiséieren a sou wäit wéi méiglech ze kucken, ob Privatlinne kënnen an Zukunft an den TICE integréiert ginn." Och dat kann ech esou net matdroen well ech elo nach net weess, wat dat herno wäert kaschten.

Wann de Staat d'Citybuslinnen net méi subventionéiert, dann ass et ganz eleng un de jeeweilege Gemengen, dat Ganzt total ze finanzéieren. A wéi Der ganz richteg geschriwwen hutt, huet d'Konventioun en direkten Afloss op d'Finanze vun der Gemeng, vun de Gemengen, vun den TICE-Gemengen. A mir musse kucke mat deene Suen déi mer hunn eens ze ginn oder eventuell mat deene Suen, déi mer vum Staat kréien eens ze ginn, fir weiderhin all déi Linnen, déi mer elo ubidden, fir dat och kënnen ze halen. Mir wëllen de Leit jo näischt ewechhuelen. A vläicht nach eng Kéier als Rappel déi Champs-Vallée-Linn, den DudBus1, déi ass deemools privat ausgeschriwwe ginn, well effektiv den TICE weeder d'Leit nach d'Material huet fir se ze fueren.
A wann ech ganz éierlech si kënne mer och net méi Leit a méi Material hunn, well dee Site dee mer hunn, deen ass elo schonn zu 110% beluecht. Mir spillen owes do Tetris mat de Bussen. Gidd lech dat eng Kéier ukucken! A mir kënnen net do nach masseg ausbauen. Dofir, wéi gesot, kann ech deen Tiret net matdroen a géif deen eebe wëllen ewechloossen.

An dann den Tiret 6: „Sech an Zukunft fir e weideren Ausbau vum TICE-Reseau, vun de Linnen an den Auerzäiten anzesetzen, souwäit dëst méiglech ass." Also OK, ech géif awer dobäischreiwen, „souwäit et néideg, machbar an och finanzéierbar ass". Well wann déi eenzel Gemengen eebe mussen, wéi ech virdru sot, méi bäidroen, nach méi bäidroen, wéi dat hei de Fall ass, well mer eventuell manner subventionéiert ginn, da kann dat Ganzt e ganz ganz grousse finanziellen Opwand fir déi eenzel Gemenge ginn. An hei geet et wéi gesot net nëmmen ëm eis als Gemeng Diddeleng, mee ëm all déi TICE-Gemengen. A wéi gesot, ech ka lo net fir alleguerten déi aner nach matschwätzen. Mir mussen an Zukunft kucken am TICE mat all eise Partnergemengen am Comité an a Büro, wat ass utile, wat ass nécessaire fir d'Zukunft?

Mir kënne mengen ech an deene Finanzsituatioune wou mer momentan sinn, allgemeng, dat huet elo näischt mat Diddeleng ze dinn, mee ech mengen Dir wësst et iwwerall, mir lafe vu Kris zu Kris. Do kënne mer net méi kucken le beurre, l'argent du beurre an och nach de sourire de la crémière dobäi ze hunn. Dat ass einfach net méiglech. A mir kënnen hei elo näischt fuerderen, wat mer herno vläicht net kënne bezuelen a dofir war dat doten d'Propos elo, déi mir lech géife virleeën an déi mir zumindest als Schäfferot, an ech ginn dovun aus och als LSAP-Majoritéit kéinte sou stëmmen. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. D'Autrice entschëllegt sech als Éischt emol bei der Madame Di Bartholomeo, well dat effektiv vergiess gouf, dass si och nach d'Gemeng Diddeleng beim TICE vertrëtt. Dat huet se lo nogelies an der Deliberatioun. Zum Punkt Onsécherheet. Also ech verstinn, dass effektiv do déi Onrou war, mee och ee Punkt firwat mir elo déi Initiativ geholl hu fir dat hei ze diskutéieren, dat ass jo och elo e bësse vun alle Riedner gesot ginn, dat ass well de Moment awer och einfach eng gewëssen Onsécherheet besteet beim Personal. Well wann een net weess, wéi et weidergeet, da stellt ee sech vill Froen. An dowéinst war eeben och eng Iddi, eebe fir dat zumindest um Diddelenger Plang eng Kéier hei ze kommunizéieren. Wann de Finanzéierungsmodell vum RGTR géing applizéiert ginn, an do sinn ech ganz frou, dass d'Madame Dall'Agnol gesot huet, dass dat sou wäit wéi méiglech, also dass den TICE sech dofir asetzt, dass dat net de Fall ass, well dat heescht ganz praktesch, dass einfach vill manner Geld do ass, well den RGTR am private Secteur ass an, wéi et och elo gesot ginn ass, an ech si ganz bei lech, dass do misste besser Aarbechtskonditioune verhandelt ginn, mee de Moment sinn eeben am private Secteur déi Aarbechtskonditiounen do, déi do sinn an dat géing dowéinst schonn einfach riskéieren, wa manner Geld do ass, da ginn entweeder manner Linne gefuer oder d'Personal muss méi schlecht bezuelt ginn, do ginn et lo net honnert Méiglechkeete wéi ee kéint doranner ugoen.

An der Motioun, ech si virdrun net op d'Consideranten agaangen, mee ech hat iergendwéi geschriwwen dass d'Personal vum TICE am Statut vum Gemengepersonal ass, Fonctionaire a Salarié hat ech geschriwwen. Ech weess dass do reegelméisseg déi Diskussiounen sinn, dass een einfach keng Fonctionairë fënnt, respektiv dass d'Leit och effektiv, dat hunn ech héieren, wiessele well se net wëllen den Exame maachen. Dat kann een natierlech nëmme bedaueren, mee dann ass dat esou.

Mee eis wär et einfach wichteg, et vläicht da sou ëmzeformuléieren, dass ee ka soen dass d'Aarbechtskonditioune vum zukünftege Personal awer och erhale ginn. An da géing ech éischter de Statut sträichen. Wéi gesot, do ware lo net onbedéngt d'Fonctionairë gemengt, mee och d'Employéen, mee wann dat zur Konfusioun bäidréit, dann hätt ech elo éischter proposéiert eeben ze soen: „an d'Ofséchere vun den Aarbechtskonditioune vum aktuellen an zukünftege Personal anzesetzen".

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Dat ass OK. Dat ass ganz OK. De Patrick kann dat da vläicht direkt änneren "an dem Statut" ewech an „zukünftegen" erëm dobäi.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): OK. An dann déi Ëmformuléierung vum 4. Tiret. Ech hu geduecht, et kann ee jo mol probéieren. Dat ass awer och OK fir eis. Dass de 5. Tiret ganz ewechfält, dat fanne mer e bësse schued well mer zumindest gär gehat hätten, dass d'Gemeng sech awer fir de Service public ausschwätzt. A wa mer dat elo raushuelen ass dat net onbedéngt de Fall. Ech sinn och net ganz mat deem Argument vum Depot averstanen. Also ech komme ganz gären eng Kéier kucke wann Der Tetris spillt, dat géing ech gär gesinn. Also dat verstinn ech schonn. D'Finanzen, dat ass en Argument. Mee wann d'Finanzen OK wieren, da kéint ee sech jo och e weideren Depot „dobäihuelen" hätt ech elo mol geduecht. Oh, lo ginn ech ganz béis gekuckt.

PIT DEMUTH, SERVICE CIRCULATION: De Problem ass deen, wa mer en 2. Depot brauchen, da läit et um Terrain. Mir kréien néirens en Terrain erbäi. Mir haten do scho verschidden Initiativen ergraff, wou mer e Courrier adresséiert hunn un de Ministère de l'Economie fir ze froen, ob iergendwou e Grondstéck géing leien, wat mir kéinten zougesprach kréie fir eis Exploitatioun op en 2. Site auszebreeden an deem Sënn a mir sinn do schonn – fir et salopp auszedrécken – direkt an der Receptioun hu mer d'kal Schëller gewise kritt. Déi Terrainen, déi haut beim Ministère de l'Economie vergi ginn, déi sinn definitiv net fir Syndikater geduecht, mee éischter fir Privatunternehmen. Dat heescht, da wier hei lo den Appell vu menger Säit aus un Iech: Hutt Dir net zoufällegerweis zu Diddeleng oder aner Partenairen en Terrain leien, wou ee vläicht kéint en zweeten Depot an Zukunft opriichten?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): War dat fir Dech elo sou OK, well Du hues elo näischt zum leschten Tiret gesot. Mat „néideg, machbar a finanzéierbar", ob dat sou OK ass?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, mir hate jo geschriwwe „souwäit et méiglech erschéngt", do waren d'Finanzen natierlech mat dran. Dofir ass dat do fir eis ganz OK. Wa mer et elo net fäerdegbréngen, den zweetleschten Tiret iergendwéi sou ze formuléieren, dass ee sech awer fir d'Volontéit fir de Service public iergendwéi kann ausschwätzen, och wann ech da verstanen hunn, dass et awer dann e bësse méi komplizéiert ass. Dat ass natierlech wierklech problematesch, awer dat hale mer dann am Hannerkapp. Jo wann et sou ass, da



géinge mer se sou akzeptéiere well mer awer wierklech wichteg fannen, dass sou eng Motioun hei gestëmmt gëtt. Et ass da schued wann deen Tiret ewechfält, mee fir de Rescht wär dat awer fir eis OK. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci. Mir kënnen déi Ännerungen do zu 100% matdroen. Mir soen och Merci fir déi ganz konstruktiv Gespréicher déi mer hei haten. Se sinn och manner laang ginn, wéi déi, déi mer virdru mam Interrail hei haten. A fir mech iwwerkräizt sech de 5. Punkt awer e bësse mat deem 4. dee mer ewechgelooss hunn, trotzdeem. Ech fannen dat awer ganz OK sou a mir soe Merci fir déi ganz konstruktiv Gespréicher.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: OK. Gutt, ech mengen dann hätte mer den Tour gemeet iwwert déi ofgeännert Motioun déi hei presentéiert gouf vun deene Lénken, an da géif ech proposéieren, dass mer doriwwer ofstëmmen. Wien ass dann domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci fir déi konstruktiv Diskussioun. Ech soen hei de Vertrieder vum TICE och Merci fir hir Presenz.

# 10. SWEET EVENT

**PUNKT DEE VUN DER FRAKTIOUN « DÉI GRÉNG » OP DEN ORDRE DU JOUR GESAT GOUF - « SWEET EVENT »**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op deen nächste Punkt iwwer, dat ass Point à l'ordre du jour vun deene Gréngen iwwert de « Sweet Event », an da ginn ech och den Auteuren d'Wuert.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Majo, Merci fir d'Wuert. Mir hunn haut engersäits de « Sweet Event » als Punkt op den Ordre du jour gesat, anerersäits hu mir Froen un de Schäfferot gestallt. Vu dass bei Froen un de Schäfferot de Règlement d'ordre interne vum Gemengerot just erlaabt, weider Prezisiounsfroen ze stellen zu den Äntwerten, déi mir kréien, wollte mir vun der Mise à l'ordre du jour vum Thema profitéieren, fir engersäits eise Positionnement zum Thema nach eemol kloer duerzeleeën an awer och deenen anere Parteien d'Geleeënheet ze ginn, sech heizou ze äusseren. Dëst erlaabt eis engersäits eis Kritik um « Sweet Event » méi kloer duerzestellen an awer vum Schäfferot Äntwerten op eis Froen ze kréien. An der Préface wollte mir da virun enger Stellungnam kloerstellen, dass mir der Meenung

sinn dass wuel all BiergerIn selwer decidéiere soll, wat hien/si consomméiere wëll a wat net. Och si mir der Meenung, dass Geschäfter, déi Produite verkafen, déi laut Wëssenschaft ongesond sinn, respektiv a Moossen ze consomméiere sinn, hir Dosinnsberechtegung hunn. D'Demande a Geschäftsiddie maachen och, dass Foodtrucks an deem Sënn hir Dosinnsberechtegung hunn. Eis irritéiert, dass d'Gemeng Initiator fir en Event ass, wou ausschliisslech ongesond Iesse verkaaft gëtt, et promouvéiert an ëffentlech finanzéiert.

D'« Sweet Event » ass fir dëst Joer a senger zweeter Editioun ugelaf an anescht wéi d'lescht Joer, wou et sech op ee Weekend beschränkt huet, ass et dëst Joer mam 25.5. a mam 28.9. direkt op zwee Weekender a Kombinatioun mam alternative Maart geplangt, wat esou och net aus dem Budget erauszeliese war, dass et op 2 Weekender sollt stattfannen. Hei direkt virewech, mir begréissen absolut d'Organisatioun vum alternative Maart an och seng Weiderféierung am Joer 2024 an doriwwer eraus. Och wëll ech direkt kloerstellen, mir sinn all frou mat eise Kiermessen, déi iwwregens op ronn 3-4 Woche ronderëm d'« Sweet Event » leien. Mir si frou mat eise Restaurateuren, Patissieren, dem Chocolatier, der Gelateria an och all Zort vu Foodtrucks, deen de Catering bei engem Event assuréiert. Mir sinn der Meenung, dass deen, dee Séisses sicht ës och fënnt, ma dass d'Gemeng eeben net aktiv mat ëffentleche Gelder de Konsum heivu muss förderen.

Am Blietchen da vum 15. Mee 2024 gouf dann allerdéngs an deem Sënn Reklamm gemaach fir dat sougenannte « Sweet Event » wat de 25.5. an den 28.9. soll stattfannen. An der Annex 1 hunn ech Iech d'Reklamm aus dem Blietchen drugehaangen.
Am Budget rectifié vun 2023 huet d'« Sweet Event » mat 25.000.- € zu Buch geschloen. D'lescht Joer war et d'Event de 27.5. vun 13:00 – 20:00 an den 28.5. vun 13:00 bis 18:00. Dëst Joer sinn 20.000.- € am Budget virgesinn. Laut Budget soll et just de 25.5. stattfannen an awer 20.000.- € kaschten. Dofir eis Froen: Wat sinn déi eenzel Posten, wou déi 20.000.- € zesummestellen? Wéi erkläert de Schäfferot d'Differenz vu 5.000.- € wou d'« Sweet Event » soll méi gënschteg si wéi 2023, wëssend dass Energiekäschten, Präisdeierecht all an Tëschenzäit eropgaange sinn? Wéi erkläert de Schäfferot dass d'Fest op 2 verschiddene Weekender méi gënschteg gëtt wéi d'lescht Joer, wou et op deem selwechte Weekend war? Da kommen ech zu der Interpellatioun an der Chamber zur Obesitéit an eiser Gesellschaft, déi den 19.03.2024 vum Député-Maire op d'Gefore vun ongesonden Iessgewunnechten higewisen huet.

Mir sinn eis, denken ech eeben och, all eens, souwuel op Säite vun der Oppositioun an awer och op Säit vun der LSAP, dass d'Thema Obesitéit an e gesonde Liewensstil duerch ze wéineg Beweegung an eng ongesond Ernärung an eiser Gesellschaft wäit verbreet sinn. Wou den Här Biancalana a senger Funktioun als Deputéierten op d'Gefore vun ongesonden Iessgewunnechten higewisen huet, huet hien an eisen Aen de Fanger an d'Wonn geluecht bei enger Problematik, déi vill ze oft an eiser Gesellschaft net ausgeschwat gëtt. D'LSAP hat d'Iddi vun enger Besteierung op ongesonde Liewensmëttel wollten ustoussen. Liewensmëttel mat héijem Zocker-, Salz- a Fettgehalt waren hei viséiert. Dir fannt an der Annex 3 de Link zu där Interpellatioun. An zu Diddeleng dann. Do ass et d'LSAP, déi ëffentlech Gelder an d'Hand hëlt fir 2 Weekender am Joer e « Sweet Event » ze organiséieren. Ech denken Dir verstitt alleguerten, dass eis dëse Widdersproch schonn e bëssen irritéiert huet. Mir kennen zwar all de Problem, ma mir ënnerstëtzen en nawell aktiv. Oder ass et den Nimby-/not-in-my-backyard-Effekt? Als Oppositiounspartei wëlle si dass d'Land soll op säin Zockerkonsum oppassen, ma zu Diddeleng, wou si d'Méiglechkeet hunn, eppes ze ënnerhuelen, gëtt eng Tournée générale spendéiert. Ah neen, am Fong jo net. Et ass de Steierzueler, deen d'Event mat finanzéiert. Mee op där aner Säit gëtt gefuerdert, méi staark op deene Liewensmëttel ze besteieren.

Diddeleng huet vill gutt Initiative fir méi e gesond Diddeleng. Wann eng Schoulmedezin an der Schoulkommissioun op de Problem hiweist vun der Obesitéit bei de Kanner, wann d'Diddelenger Majoritéitspartei de Problem sou gutt a sou richteg erkannt huet, dat stellt sech bei eis vun Déi Gréng awer d'Fro, wat déi Servicer dozou soen, déi sech eng Heedenaarbecht maache fir de Problem ze benennen, Offeren ze schafe fir géigenzesteieren an de Schäfferot organiséiert Publicitéit laanscht d'Haaptstrooss, Blietchen an op de Reseaue fir d'Leit bei d'Zockerbuden ze lackelen. Hinnen awer do bei der Eréffnungsried ze soen, se sollen „a Moossen" schneeken. Och do: Wat soll dat Ganzt dann? Dir verstitt, och hei hu sech Froen opgedoen. Wéi ass d'Parteipositioun vun der absolutter Majoritéit vereenbar mat der Organisatioun vun engem « Sweet Event »? Gouf dëse « Sweet Event » mat Gesond Diddeleng diskutéiert, a wa jo, wat war hir Positioun? Wëssend dass souwuel an der Interpellatioun Referenz op d'Schoulmedezin aus enger nostoender Gemeng gemaach ginn ass, dass am Rapport vun der Diddelenger Schoulmedezin virgestallt an an der Schoulkommissioun den 8. Februar dëst Joer erauskënnt, dass Obesitéit an Iwwergewiicht och bei eise Schoulkanner e Sujet duerstellt, hu mir eis gefrot: Gouf de Service vun der Schoulmedezin ëm hiren Avis gefrot? Wa jo, wéi war hir Positioun hei?

An der uewen zitéierter Interpellatioun ass et och ëm d'Reklamm an de Marketing gaangen, deenen d'Leit ausgesat sinn, déi och en Impakt op d'Loscht hunn, déi ongesond Produiten ze consomméieren. Hei misst dem Deputé-Maire no d'Publicitéit besser encadréiert gi fir de Konsument besser ze schützen. Och hei gouf deen zweete Fanger direkt an d'Wonn vum Problem geluecht. Et ass eis dach schonn all sou gaangen, dass een net schlecht gestaunt huet, dass eenzel Produite mat Bléck op den Nutriscore awer net sou gesond waren, wéi d'Verpakung eis eigentlech Loscht drop gemaach huet. Ma mat 25.000.- € am Budget rectifié vun 2023 an 20.000.- € am Budget vu 2024 wäert d'Gemeng an 2 Joer 45.000.- € ausgi fir de « Sweet Event ». Eis Partei huet dëse Posten nach all Joers kritiséiert am Budget. D'Politik huet jo nach ëmmer d'Verantwortung driwwer, ëffentlech Gelder beduecht a sënnvoll auszeginn. Déi previsionnel ronn

45.000.- € op 2 Joer, wou de Schäfferot ausgëtt fir d'Promotioun vun ongesondem Iessen, stinn deemno an eisen Aen am absolutte Widdersproch zu de genannten Aussoe, zum Marketing an de Reklammen zu ongesonde Liewensmëttel. An deem Kontext wollte mir froen: Wéi ass et ze erklären, dass am Numm vum Schäfferot op DINA4-Format am Toutes-boîtes-Blietchen an a sämtlechen Uertsafaarte Reklamm fir en Event gemaach gëtt, wou eebe grad déi beschriwwen ongesond Produite verkaf ginn?

Zum éischte « Sweet Event » vun dësem Joer, dat vum 25. Mee, dat jo scho stattfonnt huet, wollte mer da méi konkret wëssen, ob d'Gemengereglement zur Organisatioun vu Manifestatiounen am ëffentleche Raum, dat den 1. Mäerz 2022 a Kraaft getrueden ass - nach eng Kéier an der Annex 4 ugehaangen – respektéiert ginn ass? Goufe keng Plastikseinwegbecheren, -besteck oder Änleches gebraucht? Bei der Promotioun vum Event war och kee Label Green Event ze gesinn. Wisou? Am Fall wou et kee sougenannte Green Event war, wisou konnt et awer stattfannen ënnert der Organisatioun vun der Gemeng? An deem genannte Fall: Wat waren d'Consignen un d'Commerçanten an hunn d'Commerçanten hir Offäll nees mat zréckgeholl? Ophale wéilt ech mat engem Beispill, well ech denken dass et passt. D'Gemeng organiséiert jo och keen Tubaksfest am Duerf. Och wann et sécherlech Leit géing unzéien, ma dee wou seng Zigarette kafe wëll, dee ka se ronderëm d'Joer do kafe wou e wëll, an dat no Loscht, Laun a selbstverantwortlech fir seng eege Gesondheet.

An der Erwaardung vun Ärer Äntwert verbleiwe mer mat beschte Gréiss. A vu dass den Artikel 7 vun eisem Règlement d'ordre interne vum Droit d'initiative vum Conseiller och virgesäit, dass bei engem Punkt um Ordre du jour eng gewënschten Decisioun vum Gemengerot gefrot gëtt, géing ech d'Deliberatioun mat enger Motioun eisersäits ofschléissen. An zwar deelt d'Madame Ahmedova déi elo grad aus. Den Här Bausch misst se gemailt kritt hunn elo just. An zwar geet et an eiser Motioun dorëms, dass d'Gemeng keng ëffentlech Gelder méi ausgëtt fir e « Sweet Event ». „De Gemengerot stellt fest, dass an eiser Gesellschaft ze héich Quantitéiten u fettegen, salzegen a séisse Produite consomméiert ginn, dass Obesitéit e gesondheetleche Problem an eiser Gesellschaft ass, dass d'Zuelen zu Obesitéit an Iwwergewiicht och bei eise Schoulkanner net ze negligéiere sinn, cf. de Rapport vun der Schoulmedezin an der Schoulkommissioun vum 8. Februar, dass Gesond Diddeleng zum Zil huet, d'Gesondheet vun Diddelenger BiergerInnen an de Mëttelpunkt ze stellen. Dass de Marketing an d'Reklammen, deene mir ausgesat sinn en Impakt hunn op d'Loscht, ongesond Liewensmëttel ze consomméieren.

An dass de « Sweet Event », dat ass eeben dat aus dem Budget, domat d'Promotioun vun ongesondem Iessen zu Diddeleng an deene leschten 2 Joer mat ëffentleche Suen ënnerstëtzt gouf, am Budget rectifié mat 25.000.- € vun 2023 a Budget 2024 mat 20.000.- €." Op 2 Joer gekuckt wieren dat viraussiichtlech 45.000.- €, well mer wësse jo net wat de Rectifié 2024 nach wäert bréngen. Op d'Invitte ginn ech net weider an. Do kënnt d'Hallschent aus dem Här Biancalana senger Interpellatioun, déi aner hunn ech virdrun duergeluecht. A sou invitéiert de Gemengerot de Schäfferot, keng ëffentlech Gelder méi zur Verfügung ze stelle fir d'Organisatioun an d'Promotioun vun engem « Sweet Event » zu Diddeleng. Ech sinn domat gespaant op d'Positioune vun deenen eenzele Parteien a virun allem awer och op d'Äntwerte vun de Schäfferéit, déi op eis Froen aginn, a selbstverständlech op de Vott herno vun eiser Motioun. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter, och d'CSV war net frou mat deem « Sweet Event », mir haten eis Kriticken och bei eise Budgetsdiskussiounen an och hei op verschiddene Plazen an deene leschte Joren ëmmer kundgedoen. A mir haten och nach bei der Schäfferotserklärung mat Begeeschterung gelies, dass de Schäfferot wëlles hat, sech um internationalen Netzwierk Healthy Cities vun der WHO ze orientéieren, wou d'Gesondheet eng Prioritéit ass op de politeschen, sozialen a wirtschaftlechen Agendae vun der Gemeng. An et gëtt ënnersicht, och sou e Pilotprojet hei zu Diddeleng anzeféieren, dat Community Health Nursing bedeit, mee dat ass dann am Fong och schonn den Ufank da vum Nursing, dat geet bei de Puppelcher un, an dorëms geet et och, ëm d'Sensibiliséierung, d'Promotioun vun der Gesondheet scho vu ganz Klengem un, scho bei den Neigebuerenen, bei den Elteren, an och eng Prise en charge global vun der Gesondheet, dass do d'Gemeng net aussen vor ka bleiwen, dat ass ganz gutt. Mir haten dee Punkt am Fong och richteg begréisst.

Wat och nach bei eis an der Gemeng jo ass, mir maache ganz vill Preventioun fir eng gesond Ernärung. Zum Beispill mir hu Gemeinschaftsgäert, mir hunn de Projet Dudel'mange, an der Schoulmedezin gëtt d'Ernärungspyramid an de Schoulklasse virgestallt. Mir hunn de Projet Gesond Frühstück, mir hu Gesond Diddeleng, mir maache ganz vill an der Preventioun fir d'Leit och ze sensibiliséieren. Wann ech och kucken, elo gëtt bei der Maison Relais en neie Bordereau ausgeschafft fir d'Iessen an de Kantinnen ze encadréieren. Do gëtt och en extreem héije Wäert drop geluecht, dass et gesond, regional ass an och wat Vermeidung ass vun Decheten. Dat ass extreem wichteg. Dat begréisse mer alles. Mir musse vläicht och ënnersträichen, dass och iwwerhaapt op lokalem Plang hei zu Diddeleng ganz vill gemaach gëtt. Grad an der Schoul zum Beispill ass op d'Initiativ vum Myriam Keller aus der Schoulmedezin gi Vëlostouren organiséiert fir d'Kanner aus de Schoulen a Maison Relaisen. Vëlostoure ginn organiséiert. Mir hu souguer Course fir Erwuessener fir ze léiere Vëlo ze fueren, déi hei zu Diddeleng stattfannen. Mir hunn eng Lasep, eis Sportsveräiner, déi breeden hir Offer ëmmer méi wäit aus op ëmmer méi jonk Kanner.

Net méi spéit wéi virun e puer Woche war deen éischte Baby-Handball, dee stattfonnt huet mat déckem Succès. De Baby-Basket hu mer. Mir hunn eis Sportshalen, wou mer subventionéieren, wou vill Sport gedriwwe gëtt, vill Veräiner déi hei eppes maache fir

dass d'Gesondheet promouvéiert gëtt. Jo an dann esou e « Sweet Event » dat steet do am krasse Géigesaz dozou, an den Här Steffen huet et genau opgeléscht, dass virun allem och wat eis Schoulkanner ubelaangt, dass do e grousse Problem ass. Dat hate mer am Schoulmedezinsrapport konnten noliesen, wéinst der Obesitéit, Iwwergewiicht, eng ongesond Ernärung vu ville Kanner. Et däerf eis net egal sinn an dat däerfe mir net promouvéiere mat enger Publicity fir e « Sweet Event ». Well wat ass d'Konsequenz dovunner? Ma mir maache ganz vill an der Preventioun. Mee mir mussen hei zu Diddeleng souguer och scho kurativ aktiv ginn an dat maache mer och mat voller Responsabilitéit. Säit Jore bitt d'Schoulmedezin de Projet «Wibbel» un, «Wibbel» ass e Sportprogramm, deen ass ausgeriicht op obèse Kanner.

Mir hunn 18 Plazen an am Rapport vun der Schoulmedezin ass och ganz kloer erauskomm, dass déi Plazen absolut net duerginn. Dat heescht, mir hunn eng immens Demande vu Kanner, déi sech net genuch beweegen, déi vläicht frou wären, mat an dee Projet «Wibbel» mat eranzekommen. Aus verschiddenen Ursaachen, sief et well d'Lokalitéiten net do sinn oder well och vläicht net genuch Personal do ass fir méi Kanner an de Grupp opzehuelen, bleiwe mer bei deenen 18 Kanner elo schonn zënter e puer Joer. Wat awer all Mënsch bedauert, virun allem och déi Leit vun der Schoulmedezin, déi ganz gäre géifen nach aner Kanner mat ophuelen, well déi Plazen, déi ginn och net all Joer nei besat. Do hu mer Kanner, déi säit Joren un deem Projet «Wibbel» däerfen deelhuelen, wou se an enger ludiquer Form un de Sport erugefouert ginn, virun allem geet et do ëm d'Beweegung. Mee awer och an engems maache se och do eng parallel Educatioun vu gesonder Ernärung. Si kréien och do gewisen, dass wann een Duuscht huet wann ee Sport mécht, dass een da muss Waasser drénken. Dass wann een hongreg ass, nodeem ee vill Energie verbraucht huet, dass een dann en Apel ësst amplaz eng Tut Chipsen oder eng Zockerwatt oder e Kichelchen. An do schaffe mer scho kurativ.

An dat heiten, dee « Sweet Event », deen ass absolut kontradiktoresch zu eiser ganz gudder preventiver Aarbecht déi mer maachen, och zu eisen engagéierte Leit vun Diddeleng Hëlleft an eiser Schoulmedezin an eiser kurativer Aarbecht, déi mer maachen. Mir wëlle jo awer net, dass mer ëmmer nach méi musse Kanner an eise Projet « Wibbel » ophuelen, doduerch well eeben d'Obesitéit ëmmer zouhëlt. A wéi gesot, ech ginn absolut de Grénge Kolleegen hei aus dem Gemengerot Recht, dass dat hei en No Go ass a virun allem déi Motioun, ech mengen dat ass en hondsgewéinlechen einfache Saz, do wäerte mer lo net nach musse sechsmol diskutéieren. „Mir invitéieren de Schäfferot, keng ëffentlech Gelder méi zur Verfügung ze stelle fir d'Organisatioun an d'Promotioun vun engem « Sweet Event » zu Diddeleng." Punkt.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert. Ech wëll als éischt domat ufänken, dass mir an och vill aner Parteien, déi hei sëtze an hirem Walprogramm stoen haten, dass d'Diddelenger Gemeng soll méi Eventer an Attraktiounen organiséiere fir Leit an d'Duerf ze kréie fir dass se eis Geschäftswelt kenneléieren, wat natierlech och deene verschiddene Geschäfter hei zu Diddeleng zegutt kënnt. Lo hate mer de « Sweet Event » an ech muss soen et ware relativ vill Kolleegen aus deenen diverse Parteien um Rendez-vous, ënner anerem och d'CSV-Europakandidaten, an deenen huet et awer scheinbar do och gutt gefall. Wat d'Iessen ubelaangt, wat do war. Dat kléngt hei sou wéi wann d'Leit do Gummiskamellen an den Hals gedréckt kritt hätten, wat awer guer net de Fall war. Well jiddereen, deen do war huet gesinn dass artisanal Produiten ugebuede gi sinn. Selwer gemaachte Panecher vu Lëtzebuerger Leit oder selwergemaachte Kuchen. Dat Wichtegst awer, wat mer hei net däerfe vergiessen ass, et ass net all Dag e « Sweet Event ».

Hei geet et ëm dat Moderat. Ech mengen an enger Schoulkantin ginn och reegelméisseg Desserten ugebueden an do huet sech hei, laut mengem Wëssen, och nach ni een dru gestéiert. A wa Kanner eemol oder zweemol am Joer e Panech iessen, da fannen ech dat net weider schlëmm. Des weidere muss een natierlech wëssen, dass dëst Event zesumme war mam alternative Maart. Datt duerch dat « Sweet Event » do och méi Leit heihi gelackelt gi sinn an och dann eeben déi Stänn vum Maart dovu profitéiert hunn. Et hätt een natierlech kéinten nach e Stand weider dohisetze mat Uebstzalot an Smoothien, well dat si jo och Desserten, fir de Leit e bësse méi Choix ze loossen. Mee ansonste fannen ech awer elo hei absolut näischt auszesetzen. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. No den Interventioune vun Déi Gréng an der CSV kann ech mech relativ kuerz halen, well et ass vill gesot a virun allem am Froendokument vun deene Grénge steet scho bal alles. Ech mengen et ass kloer, jiddere kann iesse wat e wëll. Also ech hunn och haut de Moien scho mäi Croissant giess, an e war wuel gutt. Ech mengen och d'Chocolaterie an déi aner Geschäfter, déi hei Séissegkeeten an ech weess net wat verkafen, déi hunn hir Dosinnsberechtegung, déi droen och zu enger weiderer Mixitéit hei bäi an och dat stellt keen a Fro. An och Foodtrucks si flott, sinn eng praktesch Alternativ. Ech war och mol op Evenementer, wou ee gesot huet, komm mer loossen e Foodtruck kommen. Heiansdo schmaacht dat och ganz gutt, et ass praktesch fir jiddereen. Alles dat ass iwwerhaapt net a Fro gestalt, an ech mengen dorëms geet et och hei net, wann ech Déi Gréng richteg verstanen hunn.

Et geet dorëms dass d'Gemeng, an och dat ass elo awer scho gesot ginn, allgemeng immens virbildlech agéiert hei zu Diddeleng. Mir hu Gesond Diddeleng, et ass vun Healthy City geschwat ginn, et ass vun der Schoulmedezin an dem «Wibbel» geschwat ginn. Alles dat si ganz positiv Initiativen. Mee dass awer dann déi selwecht Schoulmedezin, wou ech réischt d'lescht Woch gewuer gi sinn dass et aner Gemenge ginn, déi dat net hunn, wat wierklech da positiv ass fir Diddeleng, déi selwecht Schoulmedezin, déi awer dann Alarm schléit an de Buergermeeschter dann dozou beweegt a motivéiert eng Interpellatioun zur Obesitéit an der Chamber ze halen. Dat ass awer dann en anere Fakt. An natierlech hunn ech mer dann, nodeem ech

dat gelies hu gëschter Owend, déi Interpellatioun nogelauschtert. An ech muss soen, déi war ganz interessant. Ech hu bäigeléiert dass 1 vu 5 Kanner hei am Land iwwergewiichteg ass. An ech hu virun allem och geléiert, dass Obesitéit ofhängeg ass vum Schoulofschloss an dass gesond Ernärung och relativ ass zum sozioekonomesche Milieu, virun allem vun de Kanner. Dass d'Kanner gesot hunn, an ech zitéieren hei fräi den Deputéierte Biancalana, dass Kanner aus méi staarkem sozioekonomesche Milieu méi oft oder reegelméisseg doheem Uebst a Geméis iesse wéi dat Kanner maachen aus engem bësse méi schwaachen Haushalt.

An domadder gëtt awer d'Gesondheet, d'gesond Ernärung an d'Fro vun der Obesitéit gëtt zu engem soziale Problem. A bei deem soziale Problem, do huet awer d'Gemeng eng Responsabilitéit ze droen. A wa mer dat wëssen alles, dann ass et awer och fir eis als Déi Lénk net novollzéibar, wat d'Iddi ass hannert deem « Sweet Event », wou Séissegkeeten iwwert d'Gemeng promouvéiert ginn a wou mat ëffentleche Gelder zum Konsum vu Séissegkeeten ugereegt gëtt. An et ass genau do wou de Problem ass. Wann dat e privaten Event ass, da wär dat eng ganz aner Saach. Mee dat heiten ass en Event, dee mat ëffentleche Gelder no bausse publizéiert a promouvéiert gëtt, an dowéinst fanne mir déi Froen, déi Déi Gréng stelle ganz pertinent a soen hinnen och nach eng Kéier Merci, dass si dat hei op den Ordre du jour gesat hunn.

An dann, well dat elo e bëssen ënnergaangen ass, och déi Fro mam Green Event wëll ech awer nach eng Kéier ënnersträichen, well mir ënnerstëtzen dat selbstverständlech, mee ech weess, dass dat eng grouss Ëmstellung fir vill Veräiner ass an ech si jo och a Veräiner, déi am Ufank gesot hunn: Oh, dee Green Event, dat ass relativ opwänneg an hei an do. A wann déi dann dat dote gesinn, wou mengen ech awer verschidde Froen net ganz onpertinent sinn, da kënnt do vläicht och e gewëssent Onverständnes op. A ceci dit, ech mengen et ass elo keng Iwwerraschung, dass mir och déi Motioun vun deene Grénge kënne matdroen. Merci.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech probéieren alt op déi verschidde Punkten anzegoen. Et ass awer och esou dass Der net iwwerrascht wäert sinn, wann ech nach eng Kéier ervirhiewen dass de « Sweet Event » elo kee Pilier vun der Diddelenger Gesondheetspolitik ass. Do hu mer ganz aner Instrumenter, an ech mengen déi sinn och schonn de Moien, oder de Mëtte si mer scho bal, deelweis ugeklongen. Ech mengen als Gemeng probéiert ee jo, dat als Ganzt ze kucken. Et huet ee jo eng Rei vun Aufgaben als Gemeng, an hei befanne mer eis am Evenementiel, wou et drëm geet, Verschiddenes unzebidden, wou d'Leit zesummekommen, sech begéinen, austauschen a flott Momenter matenee verbréngen. An an deem Kader ass de « Sweet Event » unzesidelen.

Et ass och net esou, et huet elo deelweis geklongen dass déi ganz Gelder, déi do investéiert ginn, déi ëffentlech Gelder, d'Leit hu scho misse bezuelen, wa se eppes wollte kafen. Et war net, dass dat gratis zur Verfügung gestallt ginn ass. An eeben och wéi den Här Meyer et ugekënnegt huet, do ass och deelweis Artisanat wou presentéiert gouf an dat huet och deementspriechend säi Präis. Jo, dat war alles a Moossen. Ech mengen dat ass och effektiv bei der Ried sou gesot ginn, et soll een dat kënne genéissen, an deementspriechend soll een hei lo net den Däiwel total un déi séiss Wand do knallen, géif ech mol mengen.

Frou sinn ech awer, dass den alternative Maart gutt ukënnt bei de Kolleeginne vun der Gréनger Fraktioun, an dat ass och eng Analys vum leschte Joer. Ech wëll nach eng Kéier preziséieren, d'lescht Joer hate mer et 2 Deeg, op engem Weekend. Dëst Joer hu mer et 2 Deeg, zweemol verdeelt. Dat heescht, et ass elo net méi wéi d'lescht Joer. Firwat hu mer et dëst Joer anescht gemaach? Majo, well mer effektiv festgestallt hunn, déi Analys, déi mer um Terrain gemaach hunn d'lescht Joer, dass den alternative Maart deelweis dovu profitéiert huet dass vläicht e bëssen eng aner Clientèle um « Sweet Event » ënnerwee war. An dann hunn déi zwou Populatioune sech vermëscht, wat jo och de Sënn vun der Saach e bësse war, an dat war favorabel fir déi zwee Eventer, an déi Formel, déi war sou flott um Terrain, dass mer gesot hunn, mir halen dat bäi a mir maachen dat och dëst Joer sou.

Ech weess awer och dass d'Budgetsdebatten ëmmer laang sinn an net all Detail verhale gëtt. Dat hat ech och do schonn awer gesot. Wat een och nach kann zréckbehalen dat ass, wa sou en Event gemaach gëtt, an dofir war et och d'lescht Joer e bësse méi deier, muss natierlech kommunizéiert ginn. Ech mengen dat wësst Der. An d'Kommunikatioun kascht och. Natierlech hu mir e ganz gudden an aktiven interne Kommunikatiounsservice, an awer musse mer heiansdo do op Hëllef vu baussen zréckgräifen, bezéiungsweis wéi am Blietchen, déi Annonce, dat kascht, oder och aner Saachen, déi kaschten. An d'Kommunikatioun war d'lescht Joer, well et déi éischte Kéier war, an deem Sënn méi grouss ausgefall wéi dëst Joer. Bezéiungsweis hate mer d'lescht Joer och nach eng aner Firma engagéiert, fir wärend dem « Sweet Event » an dem alternative Maart fir zousätzlech Animatioun ze suergen, well mer eeben net wousten, ob déi Kombinatioun déi éischte Kéier sou gutt ukënnt, wéi mer dat erhofft hunn. An och d'Technik, dem DJ seng Technik zum Beispill, déi war d'lescht Joer och méi deier. Mir haten d'lescht Joer och eng Security virgesinn, déi hate mer dëst Joer net, well dat d'lescht Joer wierklech gutt ofgelaf ass. Dat ware Mehrkosten déi mer d'lescht Joer hate par rapport zu deem wat mer dëst Joer, mat der Erfarung vum leschte Joer eeben net méi brauchen zréckzegräifen. An dofir ass dëse « Sweet Event » mat 20.000.- € fir déi zwee Deeg gutt ofgedeckt.

Alternativen hate mer och, et war ee Stand, deen huet mat Geméis an Uebst Smoothieën a Juse presentéiert. Dat heescht, et ass net dass elo guer keng Alternativ vorhanden war. Et war och sou, dass den zweete gesonnten, oder méi gesonnten, deen hei vis-à-vis ass,

de Geméisbuttek, deen hätt och sollte matmaachen, do ass awer leider moies d'Camionnette ausgefall an aus technesche Grënn konnt hien net matmaachen. Dee war awer do scho virgesinn. Ech kucke lo nach eng Kéier op d'Froen, ob do nach eppes opbleift? Dëst Joer, wéi gesot, hate mer manner Technik, mer hate keng Security an och vun der Animatioun hir hate mer, ausser elo déi Candy-Parade, hate mer soss keng par rapport zum leschte Joer. An dat erkläert am Fong déi Präisdifferenz. Et war kee Green Event-Label, dee war et net. Ech weess elo net, wou elo déi doten Diskussioun hierkënnt, et ass jo keng Mussesaach. Mir als Gemeng hu bis elo d'Faires Frühstück an och de Kannerfloumaart ënnert deem Label lafen. Mir wäerten natierlech probéieren, dass nach méi vun eisen Eventer dee Label wäerte kréien, mee dat ass effektiv mat Aarbecht a mat Zäit verbonnen.

A wa mer lo vläicht och an deem engen oder anere Service, ech schwätze lo vum Service FEMA, Fêtes et manifestations, do ass jo nach e Poste fräi, wann dee bis herno beluecht ass, dann hu mer bestëmmt och d'Méiglechkeet, eis nach e bësse méi an deen doten Dossier eranzeknéien. Dofir, d'Diskussioun ronderëm de Green Event ass elo fannen ech net richteg passend. An deem genannte Fall waren d'Consignë vun de Commerçante respektéiert ginn? Jo natierlech, déi verschidde Commerçanten déi matgemaach hunn, déi mer iwwregens och kennen, e groussen Deel ass jo och vum leschte Joer schonn dobäi, déi wëssen, u wat se sech sollen halen an hu sech och dru gehalen. Et war effektiv een, dee sech net dru gehalen huet. Dee Constat hu mir och gemaach an deen huet e Courrier kritt, dass en dat wannechgelift onbedéngt misst upasse wann en da wéilt d'nächst Joer nach dobäi sinn.

Virun allem wëll ech awer zréckbehalen, dass et e ganz flotten Dag war. Déi Leit, déi do waren hu sech köstlech ameséiert, si haten e puer flott Momenter hei am Zentrum. An ech mengen deementspriechend kann ech och scho virausschécken dass ech déi Motioun do géing proposéieren, net ze ënnerschreiwen an ze ënnerstëtzen an net dofir sinn.

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Als Éischt wëll ech mol soen, mir thematiséieren elo hei ganz vill ee « Sweet Event », deen een- respektiv zweemol am Joer stattfënnt. Op där anerer Säit sinn ech awer frou, dass déi eng oder déi aner Partei awer och ënnermauert, wat mir als Gemeng am Gesondheetsberäich maachen. Also déi vill Aktivitéiten, déi gi bei där ganzer Diskussioun hei e bëssen ënner. Déi Aktivitéiten, déi mer am Kader vu Gesond Diddeleng maachen an och als Gemeng. Da kann ee soen, dass mer och weider Aktivitéite wäerte wëlle maachen am Kader vun der Gesondheet. Bon, ech wëll op d'Fro agoen, déi gestallt gi war, Gesond Diddeleng, well ech och do President sinn, an ech mengen den Här Gangler ka mech verbesseren, wann ech do lo eppes sollt falsch soen. D'Thema ass thematiséiert ginn. Och do waren d'Meenunge verschidden, och do ass grosso modo gesot ginn, den Zocker ass schiedlech, dat ass richteg.

Mee e gehéiert awer och zu där Pyramid, wéi ech d'leschte Kéier schonn am Gemengerot gesot hunn. An et ass un eis, de Kanner richteg ze erklären an Aktiounen ze starte fir d'Kanner opzeklären, dass se kënne wuel sou Saachen iessen, awer a Moosse sollen iessen. Och de Projet « Wibbel », dass do e Manque ass u Leit. An ech mengen do solle mer eis Energie drasetzen, dass mer do solle kucken, wéi mer d'Kanner alleguerten do erakréien, wéi d'Madame Kayser gesot huet. Et kann net sinn, dass do Kanner net bäikommen, well eebe Plazmangel ass. Ech mengen dat sinn déi Dénger, wou mer eis Energie mussen dropleeën.

Mer haten och festgehalen, am Kader vu Gesond Diddeleng, dass et eng Iddi wär fir niewent dem « Sweet Event » och gesond Saache mat unzebidden, wat jo och elo hei de Fall war. Ech wëll awer hei nach eng Kéier kloer soen, ech mengen dass dat net ze kuerz kënnt, dass awer d'Gemeng Diddeleng vill Aktivitéiten am Kader vun der Gesondheet an och vun de Kanner mécht. An ech mengen, och do vläicht nach eng Kéier Merci eisem Service médico-scolaire, déi eng virbildlech an eng gutt Aarbecht leeschten, a sech ëmmer akribesch asetze fir eeben d'Wuel vun eise Kanner. Ech soe Merci.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo, ech hat effektiv nach eng Fro vergiess ze beäntweren, an zwar déi ëm d'Offäll. Et ass sou, dass jiddereen, deen do matgemaach huet natierlech konnt seng Offäll an déi verschidde Fraktiounen, dat heescht, do hu mer Mülltrennung gemaach, hannerloossen, sou dass, wou déi bis fort waren d'Plaz och konnt uerdentlech wéi gewinnt vun eise Leit konnt gebotzt ginn an deementspriechend keen Dreck hannerlooss gouf. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Da ginn ech op dee Volet an, dee mech concernéiert, wou ugeschwat gouf. Bon, generell muss ee jo soen dass an der Gesondheetspolitik, sief dat elo national an och lokal, an et ass virdrun och am Kader vun der Iessenspyramid geschwat ginn, jo net d'Aktiounen am Kader vun engem Verbuet artikuléiert ginn, mee virun alle Moderatioun um Niveau vun der Consommatioun, dass moderat soll consomméiert ginn. An dass natierlech do ronderëm eng ganz Rei Moossname sollen deementspriechend entwéckelt ginn, déi souwuel nationale wéi och lokale Charakter kënnen hunn. Also et ass jo och méi wéi eng Kéier hei ugeklongen, och säitens vun der Oppositioun an och vun der Majoritéit, dass mer hei zu Diddeleng eng ganz Rei Moossname jo och huelen um Niveau vun der Informatioun, vun der Preventioun, vun der Educatioun par rapport zum Iessen. Awer och mengen ech bei der Promotioun vu physeschen Aktivitéiten, sief et an de Schoulen, sief et mat Gesond Diddeleng, sief et mam «Wibbel», sief et awer och mam Sportministère oder mat der Santé, déi huet och Coursen déi gemeet ginn och fir déi Erwuessener. Mir hunn hei vun de Kanner geschwat, vun deene Jonken, mee mir maache jo och als Stad Diddeleng eng ganz Rei Aktivitéite fir déi Erwuessen.

A wann een dee globale Kontext kuckt, lokal ass et jo och net sou dass dat sech aloggt an eng Strategie, et ass

jo net sou, dass dann de « Sweet Event » en Event ass, dee stand-alone ass, mee do virdru ginn eng ganz Rei Saachen organiséiert, wou jo och deementspriechend déi néideg Informatiounen a Sensibilisatioune gemeet ginn op deenen Niveauen, wou mir als Gemeng kënnen intervenéieren, sief et an de Schoulen, sief et dann och an de Maison Relaisen. An de Lycéeë si mengen ech aner Acteuren déi do d'Relève iwwerhuelen, well mir jo als Gemeng do net intervenéieren. Dofir mengen ech ass et ëmmer wichteg, wéi den Ëmgang domadder ass, wéi ee consomméiert an och a wéi enge Quantitéiten. Doropshi ginn och eng ganz Rei Aktivitéiten deklinéiert. Ech menge mir sinn eis eens, et ass ëmmer an der Moderatioun, an d'Exzessivitéit, dat ass natierlech ni gutt.

A menger Interpellatioun sinn ech virun allem drop agaangen, an dofir deelen ech dat, wat den Här Steffen hei gesot huet net. Ech si virun allem drop agaangen, wéi d'Obesitéit entstoe kann. An d'Madame Thoma war am Fong déi Eenzeg, déi et opgegraff huet, also ech sinn am Fong op déi ganz Envergure agaangen, déi ganz Globalitéit a Komplexitéit déi se huet, medezinescher Natur, biologesch-neurologescher Natur. Do gouf et och sou eng Interventioun vun engem Dokter an der Chamber, deen och nach eng Kéier méi am Detail drop agaangen ass. An och nach eng Kéier op déi international Recherchen. D'soziaalt an d'familiäert Ëmfeld, d'Educatioun, d'Ausbildung, an dann natierlech d'Konsequenzen, Fettleiwegkeet awer och de soziale Stigma an natierlech och d'Méiglechkeete vu Prise en chargë vun der Schoulmedezin iwwer Sport an iwwer Maison relais, respektiv iwwert den nationale Plang. Also ech mengen et ass en Tableau dresséiert gi vun der ganzer Komplexitéit, an et ass och dat, wat wichteg ass. Mee do hunn och méi wéi ee gesot, dass en equilibréiert Iesse wichteg ass an dass ëmmer alles mat Moderatioun ze handhaben ass. Jo, och d'Schoul.

Et ass virdru vu Gesond Diddeleng geschwat ginn. Och d'Schoulmedezin an hirer Aarbecht an och par rapport zu deem doten Event seet ganz kloer, an eisen Aktivitéite setze mer op Informatioun a Preventioun. A bei Eventer wéi deem doten ass et virun allem och de Message vun der Moderatioun, also net am klassesche Verbuet, mee allgemeng a punkto Moderatioun. An dofir ass jo och dee Message, an dat war Är Entrée en matière par rapport zu Ärer Interventioun vum Här Steffen, dass natierlech mer hei och ëmgi si vun Acteuren, wou Der sot, déi eng Dosinnsberechtegung hunn, déi e permanente Charakter hunn. Dat sinn dann d'Geschäfter, dat sinn dann effektiv déi, déi e kommerziellen oder e But de lucre och hunn oder d'Foodtrucks. An de « Sweet Event » hei huet jo éischter en zäitlech limitéierte Charakter, an do ronderëm sinn eng ganz Rei Aktivitéiten organiséiert ginn an Initiative geholl gi fir generell op eng gesond Ernärung, obwuel och den Term gesond Ernärung och am Fachberäich och ëmmer méi a Fro gestallt gëtt, well gesot gëtt, mir hunn d'Iessenspyramid, mir wësse wat dat mat sech bréngt an alles gëllt et do méi oder manner z'iessen oder mat Moderatioun. Dofir mengen ech wär ech elo op dat agaangen, wat mäin Deel betrëfft par rapport zu menger Interpellatioun.

Par rapport zu Zocker, Salz oder Fett, wat Der och effektiv hei genannt hutt, och do hunn ech net dat gesot, wat Dir hei geschriwwen hutt. Ech hunn dat jo och net gefuerdert. Ech hunn einfach gesot, mir sollen eis Gedanke maachen, wéi een net nëmmen an engem nationale mee an engem europäesche Kontext déi verschidde Modeller, déi et ginn, analyséiere kann. Dat heescht, wann ech dann och zitéiert ginn, dann ass et och wichteg, mech richteg ze zitéieren. Dofir war et mer dann och wichteg, haut nach eng Kéier de klore Kontext auszeleeë vun där doter Interventioun, wat et war a wat et och deementspriechend net war. Dofir nach eng Kéier och Merci fir déi Geleeënheet gehat ze hunn. Well ech ginn net op déi ganz Interpellatioun an, déi ech do gemeet hunn, dat géif ze wäit goen. Mee ech mengen, mir sinn eis alleguerten hei ëm den Dësch eens, dass et effektiv och säit der Pandemie nach weider ugezunn huet. Dat ass sécher, dat weisen international Recherchen insgesamt, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg. Mat alle Konsequenzen, déi et kann hunn. An dass et och Rei villschichteg Léisungsusätz ginn an eiser Gesellschaft, fir deem och kënne weider entgéintzewierken.

Mee eng Duerstellung ze hunn, dass sou en Event wéi deen heiten, deen hei organiséiert gëtt, dee maassgeeblech dozou bäidréit, d'Obesitéit ze fërderen, an deem ganze Gefüge an där ganzer Komplexitéit vun der Obesitéit oder vun der Surcharge pondérale ass dat sécherlech net de Fall. An da komme mer zu der Motioun. Ech mengen Dir sidd jo drop agaangen. Wëllt nach en aneren zu der Motioun Stellung huelen? Déi Méiglechkeet besteet jo och.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): D'CSV huet hir Positioun schonn erkläert an ech wollt just nach soen, dann hätt een och kënnen, Dir hutt elo sechsmol betount, jidderee vun der LSAP, dass ee soll consommer avec Modération, mee dann hätt dat awer misse wéinstens op deem Flyer dropstoen, consommer avec modération, wa mer scho sou eppes maachen. Dat war just sou eng kleng Parenthèse. Mee fir eis ass dat eng ganz kloer Ausso an där Motioun. „Mir invitéieren de Schäfferot, keng ëffentlech Gelder méi zur Verfügung ze stelle fir d'Organisatioun vun engem « Sweet Event »." A mir ënnerstëtzen dat.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ech wollt all Alleréischt emol Merci soe fir déi reflektéiert a gutt Diskussioun, déi mer konnten heiriwwer féieren. Dat ass och net selbstverständlech an dat weist awer, dass mer dem Thema alleguerten zimmlech oppen entgéintstinn. Ech hätt just eppes wat ech wéilt richtegstellen. Ech denke schonn dass déi gutt Aktivitéiten net, wéi den Här Goergen gesot huet, géingen hei ënnergoen. Neen, d'Madame Kayser hat se ganz laang erkläert an ech menge jiddereen hei, d'Madame Thoma, ech selwer, an och Dir hutt se nach eng Kéier widderholl gehat. Déi ginn definitiv net ënner.

Et ass schonn e bëssen hei auserneegeholl ginn, ech mengen déi ganz Interpellatioun, déi den Här Biancalana do gemaach hat an der Chamber, ech hu se och ganz gelauschtert, an ech hu se och richteg gutt fonnt an all hirer Vilfalt. Ech sinn net op d'Originn vun

der Komplexitéit agaange vum Problem, well ech mer wierklech de Volet erausgesicht hunn dass ech gesot hunn, OK, de Marketing an och d'Promotioun vun deem ongesonden Iesse steet hei am Viergrond, an dat ass dat, wou mir eng direkten Afloss drop hätten. Dat heescht, wa mir et wëssen, dass de Marketing e maassgeeblechen Impakt drop huet, da fannen ech et net richteg, dass mer mat engem « Sweet Event » Reklamm maachen. Do huet den Här Spina gesot an och, den Här Meyer hat bemängelt, dass se kee gesonde Stand fonnt haten, den Här Spina sot, et wier een do gewiescht. Ech selwer war net um Event, dat heescht, ech kann et net soen. Mee da froen ech mech, wat dat nach mat engem « Sweet Event » ze dinn huet, ob mer net einfach vun engem Foodtruck-Festival kënne schwätzen, wou um Flyer einfach en Apel, eng Kiischt, eng Glace a wat fir sech net ass. Dass et einfach eng ganz normal Plaz ass, wou s de bei däi Foodtruck kanns goen an wou s de net schonn an der Reklamm suggeréiert kriss, hei komm Séisses iessen.

Dat ass sou e bëssen de Punkt, ob dee mer rauswëllen, dass et wierklech ëm dee Message geet, dee matschwieft, wa mer e « Sweet Event » organiséieren, wéi wa mer lo e Foodtruck-Event organiséieren, wou een herno och ka berechtegterweis soen, hei do war e Stand, do ass et Uebstzalot ginn, do war e Stand, do ass et e Smoothie ginn an deen aneren huet artisanal iergendwelleche Kuch gemaach, deen och warscheinlech net verkéiert ass fir d'Gesondheet, well en net mat Schlagsan oder wat weess ech gemaach ass. Dat heescht, do ginn et jo Moyenen, an am Fong ass et éischter de Message, dee mer rausginn an der Kommunikatioun vun där Saach. Dat heescht eisen „Invitéiert de Schäfferot" géing ech dann d'Majoritéit, an och den Här Meyer, wann ech dat elo richteg erausgehéieren hunn, invitéiere vläicht einfach ze kucke vum « Sweet Event ». Komm mir halen einfach mam « Sweet Event » op, mir nennen et mengetweegen och anescht, dass et deem Rechnung dréit, dass et eng equilibréiert Moolzecht gëtt, wéi se dann och vläicht an der Pyramid virgesinn ass. An dass ee seet, voilà, mir hunn net dee falsche Message domat ginn a mir hunn deem Rechnung gedroen, dass engem alternative Maart nach een anert Event zousteet, wou een higeet fir eppes z'iessen a vläicht och fir eppes Komplettes z'iessen, well een och eppes zu Mëtteg ësst an da vläicht e gesonden Dessert, jee nodeems een da Loscht drop huet.

Eis Propos am Fong wier, well mer gesot hunn, mir géinge konstruktiv Oppositiounsaarbecht maachen, och heiraus eppes ze fannen, wou ee kéint konstruktiv no vir kucken. Dann zum Green Event. Et geet ëmmer séier, wann een hei just zu zwee ass an et muss een oppasse wat grad gesot gëtt, et muss ee reagéiere kënnen an et muss een eppes op sengem Computer nosiche wat virun zwee Joer geschitt ass. Virun zwee Joer ware mer vun den A.s.b.l.en ugeschriwwe ginn, dass mer an der Maison syndicale eis géinge gesinn. Dat war den 2.3.2022, do ass et drëms gaangen, fir de Règlement communal vun der Organisatioun vu Manifestatiounen am Accord mat der Klimacharta ze maachen, dat ab dem 1.3.2022 a Kraaft getrueden ass. An do krute mer als A.s.b.l.en awer ganz kloer gesot, mir sollte wannechgelift et si loossen, Plastiksbesteck, Plastiksdëppen, Plastik ze verbreeden. Do ware ganz vill Clibb, déi gesot hunn, Oh neen, wat maache mer, mir hunn nach Honnerte vu Gobeleten op Reserv. Kënne mer déi awer lassginn? Do waren d'Suerge ganz grouss. An et war mir lo net bewosst, dass dat keng Obligatioun wier, fir kee Green Event ze maachen, well dat géing mengen ech e grousse Schrëtt no hannen an der Nohaltegkeet bedeiten an dat géing elo och awer fir Konfusioun bei de Clibb suergen. Dat waren elo déi zwou Saachen. Also engersäits d'Propos vläicht vun der Ausriichtung vum « Sweet Event », fir déi nach eng Kéier ze iwwerdenken. An dat Anert mam Green Event, wou et dann éischter eng Verständnisfro war. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt just hei nach eng Richtegstellung maachen. Ech hunn net gesot, dass ech géif bemängelen, dass ech kee gesonde Stand fonnt hätt. Do war ech da warscheinlech falsch verstane ginn. Ech hu gesot, et hätt een nach kéinten e weideren Uebstzalot- oder Smoothie-Stand nach dobäistelle fir de Leit nach méi Choix ze loossen. Also ech hu wuel sou e Smoothie-Stand gesi gehat.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech fannen déi Iddi gutt vum Här Steffen, fir dat Ganzt an engem e bësse méi generelle Kontext opzeféieren, dass et net méi speziell Sweet wier, mee dass et och nach aner Saache wieren. An da géif ech et gutt fannen, wann een et géif op dee selwechten Dag leeë wéi d'Faires Frühstück zum Beispill.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo, Merci nach eng Kéier fir déi dote Stellungnamen a Prezisiounen. Den Här Steffen seet, hien ass frou, wéi oppe mir alleguerten domadder ëmginn. Wann ech awer seng Stellungname sou lauschteren, weess ech awer net, wou seng Oppenheet ugeet, bezéiungsweis wou se ophält. Dat ass awer bei eis alleguerte sou, mir hunn alleguerten eis Limitten an eis Grenzen. Also ech wëll awer nach eng Kéier soen, sou Foodtruck-Festivaller, där ginn et der ganz vill, déi sinn och ganz flott, ech beweege mech och alt mol do. Mer probéieren hei zu Diddeleng mol heiansdo eng Kiischt op de Kuch dropzesetzen. Deementspriechend hu mer hei deen doten Event sou genannt, « Sweet Event ». E Smoothie an e Jus ass och séiss, deementspriechend sinn ech der Meenung, dass de « Sweet Event », dee Begrëff, awer sollt erhale bleiwen. Dee fänkt un ze gräifen an d'Leit froen duerno.

Mir sinn effektiv gefrot ginn: Fënnt deen och d'nächst Joer statt? Deen een oder deen aneren hat gemengt, dat wär just e One Shot d'lescht Joer, a mir si wierklech aktiv duerno gefrot ginn. Deementspriechend géing ech elo hei menge roude Kolleegen a Kolleeginne proposéieren, dat doten net sou unzehuelen a beim « Sweet Event » ze bleiwen. Mat all deenen Diskussiounen an Erklärungen, déi mer elo schonn haten, ech wëll net weider nach eng Kéier dorobber agoen. An de Green Event, dee Label, deen ass net obligatoresch. Obligatoresch ass et, dee Single-use-Plastik, deen net méi ze benotzen. A wéi

gesot, mir hate bei engem festgestallt, dass en net FSC-zertifiéiert war, alleguerten déi aner hunn déi dote Konditiounen erfëllt. An deementspriechend huet deen ee Stand déi Bemierkunge gemaach kritt, mëndlech an och deemnächst schrëftlech. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn mat der Mentioun, sou wéi se hei de Muere presentéiert an ausgedeelt gouf, Séance tenante.
***Wien ass fir déi dote Motioun? Dat ass d'CSV, Déi Lénk an Déi Gréng. Wien ass dogéint? Dat ass d'LSAP, d'ADR an d'DP.***
Villmools Merci.

# II. GROUSS BOTZ

### MOTIOUN, DÉI VUN DER FRAKTIOUN «DÉI GRÉNG» VIRGELUECHT GINN ASS - «GROUSS BOTZ AKTIOUN VUN DER GEMENG DIDDELENG AM JOER 2025»

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da vun där enger Motioun op déi aner vu «Grouss Botz» an do géif ech nach eng Kéier dem Auteur d'Wuert ginn, dem Här Steffen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, wat hunn ech mer nëmmen dobäi geduecht bei all deene Motiounen? Lo muss ech schonn erëm schwätzen. Hei ass jo effektiv eng Motioun, déi mer am Fong am léifsten haut net gehat hätten, déi mer schonn am léifsten d'leschte Kéier ofgeschloss hätte mat engem positiven Avis vun der Ronn hei. Dofir ass et dann effektiv, dass mer haut dann e leschte Versuch starten, wou ech ganz virsiichteg optimistesch draginn, dass dat da kéint klappen. Voilà, mir hunn d'Motioun zu der Grousser Botz wéi schonn ugekënnegt fir haut iwwerschafft, an och probéiert, de Retoure Rechnung ze droen. Dat heescht, well mer eis iwwert d'Consideranten alleguerten eens waren, hu mer déi tel quel stoe gelooss. Ech géing eis och Zäit erspueren, a se just der Form hallwer virliesen, net méi ausbauen, well d'Argumenter schonn all am leschte Gemengerot gefall sinn.

„De Gemengerot stellt fest, dass an de Méint Mäerz an Abrëll vill Gemengen zu Lëtzebuerg awer och am Ausland Fréijoersbotzaktiounen organiséieren. Dass sou Aktiounen, vun der Gemeng initiéiert, eng Sensibilitéit bei de BiergerInne schafe fir d'Thema Littering. Dass sou Aktioune bei de BiergerInnen eng solidaresch Responsabilitéit schafen, dass jiddwereent mat responsabel ass, eis Stad propper ze halen. Dass dës Aktiounen zu enger Zort Fest kënne ginn, wa se um Ofschloss kombinéiert gi mat engem gemeinsame Patt an/oder engem Iessen. Dass d'Gemeng fir sou Botzaktiounen de BiergerInne wa gebraucht, déi néideg Ekipementer zur Verfügung stelle kann. Dass an all den deelhuelende Gemengen nach ëmmer kiloweis Dreck bei sou Aktioune opgeraf ginn." Voilà. Mat der Motioun, an dat betounen ech och haut hei nach eng Kéier, ass kengesfalls déi wäertvoll Aarbecht a Fro



gestallt, déi eis Servicer leeschten, fir Diddeleng sou propper ze halen, wéi et och de facto ass. Et geet hei haaptsächlech ëm dat, wat iwwreg bleift. Well Littering méi séier geschitt, wéi mir kucken a reagéiere kënnen an haaptsächlech ëm de gemeinschaftleche Facteur vu sou Aktiounen.

Dofir hu mer proposéiert, mir hunn d'Invitten dann iwwerschafft gehat no där leschter Sitzung. Deen éischten Invitt wier, d'Ëmweltkommissioun ze beoptragen eng Fréijoersbotzaktioun «Grouss Botz» am Mäerz/Abrëll 2025 ze organiséieren. An eisen Ae sollt d'konkret Ausschaffung, wéi d'leschte Kéier gesot, an enger Kommissioun stattfannen. D'Decisioun fir sou eng Aktioun läit bei den Décideurs politiques vun enger Gemeng. Wisou? Mir proposéieren als Gemengerot de Schäfferot opzeruffen, sou eng Botzaktioun iwwerhaapt emol an d'Liewen ze ruffen. Beim Choix vun der Kommissioun, déi concernéiert ass, gesi mir opgrond vun den Erfarungen ënnert anerem an de Gemenge Biwer, Lenneng, Beetebuerg, Nidderaanwen, Ettelbréck, Biissen, Suessem, Réiden, Stadbriedemes, Réimech, Klierf, Péiteng, Bäerdref, Bartreng a Schëtter, an ech kéint nach weiderfueren, d'Ëmweltkommissioun en cause fir dësen Event ze plangen.

Dann, deen zweeten Invitt, dat wier déi concernéiert Gemengeservicer, Diddelenger Veräiner an Associatioune bei dëser Planung anzebannen. Och do hate mer d'leschte Kéier vill driwwer diskutéiert. Déi concernéiert Servicer als Expert an eeben och fir herno ze kucken, wéi ee konkret mat der Entsuergung an dem Tri kéint ëmgoen, d'Abanne vun de Veräiner an Associatiounen, ech betounen – op fräiwëlleger Basis – gesi mir och gutt, a sou gesi mir och bestoend Initiativen, wéi se ënner anerem de leschte Weekend zu Butschebuerg stattfonnt hunn, den Här Gangler hat d'Beispill d'leschte Kéier ginn, net musse gezwonge ginn, sech un der Gemengenaktioun unzeschléissen. Et soll heiduerch keng bestoend Initiativ sech mussen uschléissen.

Weider kënne lassgekoppelt Initiative bestoe bleiwe wa Veräiner an Associatiounen hire Wee eebe scho fonnt hunn. D'Initiativ soll virun allem als Offer verstane gi fir sech unzeschléissen. Fir d'Quartieren, d'Bierger, d'Clibb, oder wien och ëmmer eng Hand wëll mat upake kommen. An deem Kader, an dat ass sou deen drëtten Invitt, dee mer dann hätten. An deem Kader déi scho getraffe Mesurë betreffend Hygiène a Propretéit weiderzeféieren, d'Informatiouns- an d'Sensibiliséierungscampagnë zum Beispill Richtege

Reflex, Eng propper Stad, Zéro mégots, weiderzeféieren. Dat si gutt Initiativen an dee Punkt hu mir gären iwwerholl aus där Géigepropos, déi mir d'leschte Kéier dohinnergeluecht kritt haten. D'Zil vun däser Aktioun ass jo d'Organisatioun vun enger Grousser Botz an eiser Gemeng, wéi se och a villen anere Gemenge stattfënnt. Och well et en Zeechen ass fir Sensibilitéit ze schafe fir d'Problematik vum Littering awer och vum Offall allgemeng. D'Info- a Sensibiliséierungscampagnë loosse sech an eisen Aen eeben och gutt an de Kader vun der Grousser Botz aschreiwen. Sou kéint d'Botz zum Beispill als Kick-off-Event gesi ginn, fir eng Sensibiliséierung fir de Littering ze schafen, deen nohalteg géing wierken an net e One-shot-Event an eisen Ae kéint sinn. Voilà. Dat wier et fir mäin Deel.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Also ech hat wéi gesot, schonn am leschte Gemengerot iwwert dat do geschwat. An der Tëschenzäit hate mir zu Butschebuerg d'Scouten an den Interesseveräin eng ganz interessant Bëschbotz. Mir haten eng super Bedeelegung vun iwwer 60 Leit, Jugendlecher tëschent 6 a 25 Joer an e puer Erwuessener, trotz Familljendag, Braderie an och enger Après-midi du sport. A mir haten awer fonnt, dass mir do eng ganz edukativ Aktioun gemaach hunn. Mir hunn dat fräiwëlleg scho jorelaang gemaach. Mir wëllen et och fräiwëlleg jorelaang viruféieren. An do komme mer dann op dee Punkt, wou vläicht nach net genuch ausdiskutéiert ginn ass, vun deem, wat den Här Steffen elo seet, et soll net forcéiert sinn. Mee hie proposéiert awer e fixen Datum vun der Gemeng ze lancéieren an de Leit dann d'Méiglechkeet ze ginn do matzemaachen oder net. A grad do gesinn ech de Problem.

Sensibiliséieren, jo, dat ass jo ganz wichteg, mee do gëtt et bestëmmt aner Weeër fir d'Leit ze invitéiere fir Bëschbotzen ze organiséieren, selwer d'Initiativ ze huelen oder fir bei eppes matzemaachen. Zum Beispill zu Ettelbréck war et eng Maison relais, déi selwer d'Initiativ geholl huet, an net de Schäfferot, net de Gemengerot. An ech fannen dat soll einfach eppes si wou Leit, déi interesséiert sinn dat ze maachen, dass déi ënnerstëtzt ginn dat och ze maachen. An do géif et a mengen Aen duergoen dass d'Gemeng géif soen, ëffentlech: Wann dir sou eppes wëllt maachen, dann ënnerstëtze mir Iech. Och mat Logistik, mat herno deem agreabelen Deel a sou. Da kéint ee sech jo virstellen zum Beispill, dass ee géif e Stand um Klimadag hei maachen, wou een de Leit dann eventuell Fotoe géif weise vun anere Bëschbotzaktiounen, déi scho waren. Dass een da Veräiner, déi do passéiere géifen op deem Wee invitéiere fir Bëschbotzen, net nëmme Bëschmee awer Botzaktiounen ze organiséieren an hinnen dann déi logistesch Ënnerstëtzung zouzespriechen.

Et kéint ee sech och virstellen, dass am Blietche géif eng Opruff gemaach ginn, wou dann erëm agaange gëtt op eis Aktiounen déi mer hu vun Anti-Littering, Zéro mégots a sou virun. Dass dat op enger Säit am Blietchen ass an da géif do och e groussen Opruff gemaach ginn, wien interesséiert ass, an engem Quartier dat doten ze maachen, dee soll sech bei der Gemeng mellen a mir ënnerstëtze si dann. Wat ech net gutt fannen, dat ass dee fixen Datum, well dee geet eeben heiansdo net sou wéi eng Gemeng en eraussicht. An dësem Fall war et zum Beispill duerch de Scouten hir Aktivitéite bedéngt, déi et gemaach hunn, dass et réischt den 8. Juni gaangen ass. A mir wollten awer, dass et eppes sollt ginn. Mir wollten net einfach soen, mir hunn dëst Joer keng Zäit.

An dofir hu mir den Datum erausgesicht an dofir fannen ech net, dass et un enger Gemeng ass, fir en Datum erauszesichen. Dat soll also eng Initiativ sinn déi net forcéiert ass, déi awer ënnerstëtzt gëtt. An do gesinn ech de groussen Ënnerscheed zu deem, wat Déi Gréng elo hei fuerderen. An ech ka mech mat där doter Manéier, wéi dat soll oflafen, kann ech mech net richteg identifizéieren. Anerersäits gesinn ech och nach, wann elo d'Gemeng kënnt a seet, hei mir maachen elo hei um ganzen Terrain vun der Gemeng eng Botzaktioun, da fille sech mengen ech déi, déi op privater Basis d'Initiativ ergraff hunn, da fillen déi sech vläicht e bësse virun de Kapp gestouss. Dann denken déi: Wéi dann, ass dat, wat mir bis elo gemaach hunn, ass dat net méi gutt genuch? Muss dat elo d'Gemeng organiséieren oder sou?

Ech fannen dee System, wéi en elo leeft, deen ass gutt. Mir hunn eebe just bis elo eng Botzaktioun hei zu Diddeleng wann ech dat richteg gesinn. An et soll een einfach d'Leit ënnerstëtze wa se et wëlle maachen. Et soll een hinnen e bëssen den Uschub ginn, dass se solle Goût dru fannen, et soll een hinnen erklären, firwat et wichteg ass, dass si hire Quartier propper halen, den edukative Wäert ënnersträichen, an hinnen awer d'Fräiheet loossen, wéini si dat wëlle maachen an ënner wat fir enger Form a wie mat wiem an hei an do. Awer ech mengen net, dass et eppes soll sinn, wat vun der Gemeng soll vun uewen erof diktéiert ginn. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. Ech hunn och meng Notte vum leschte Gemengerot erausgeholl, ech wäert déi awer elo net nach eng Kéier alleguerte soen. Fir déi Leit, déi et interesséiert, déi kënnen dat jo nach eng Kéier noliesen. Mee ech hat och deemools gesot, dass de Littering jo am Fong e Problem ass domadder dass d'Leit sech hir Gemeng oder hire Quartier oder wéi och ëmmer net genuch accaparéieren an dass do eng Grouss Botz effektiv eng symbolesch Aktioun ass, mee awer och kann eebe weisen, voilà, dat hei ass äre Quartier an dir kënnt iech besser domadder identifizéieren. A wéi ech schonn d'leschte Kéier bestätegt krut vum Här Gangler gesäit een dat jo och um Beispill vu Butschebuerg, well do jo anscheinend all Kéiers e bësse manner Dreck ass. Dat heescht, dat géing jo scho weisen dass duerch déi Aktivitéiten do d'Leit och schonn e bësse méi nodenken a sech besser mat hirem Quartier identifizéieren.

Ech verstinn och elo virun allem e bëssen déi Suerge vum Här Gangler, respektiv vun der CSV, well dat zu Butschebuerg, dat schéngt jo richteg gutt ze fonctionéieren. 60 Leit, also Respekt. Dat ass jo dann e groussen Erfolleg. Ech fannen et just e bësse schued, dass dat dann eeben dorobber limitéiert ass. A mir gesi jo awer, de Moment ka jo scho jiddereen et

organiséieren, mee et ass awer elo just d'Scoute an de Quartier Butschebuerg, déi dat organiséieren. An do gesinn ech awer elo net, wéi déi Motioun vun Déi Gréng deem iergendwéi géing Steng an de Wee leeën, mee si soe jo am Fong just dass d'Ëmweltkommissioun – Halleluja – dat eebe soll organiséieren, an déi huet jo dann awer 9 Méint Zäit fir dat ze organiséieren, an do ka se sech jo mat Interesseveräiner oder sou ausschwätzen. Se ka sech mat Veräiner treffen, se ka kucken, wéi een dat organiséiert. Ech géing et einfach flott fannen, wann doraus géing e sozialen Event gemaach ginn, wou eeben och Leit an anere Quartiere géinge mat abezu ginn. Vläicht och grad mee net nëmmen a Quartieren. Well och dat ass e bëssen eng sozial Fro, wou e bëssen en anere sozioekonomesche Milieu ass, dass déi och mat ageholl ginn, an do ass vläicht awer keen dee lo vu sech aus op déi Iddi kënnt oder keen, deen och vu sech aus d'Moyenen huet fir eng grouss Botz ze organiséieren.

An do kéint awer vläicht eng Ëmweltkommissioun, déi dat géing um groussen Niveau organiséieren, déi kéint do hëllefen, ouni mengen ech dass dat wat elo de Moment do ass géing iergendwéi verhënnert oder klenggeriet oder, oder, oder... ginn. Ech mengen dat heite wier einfach eng zousätzlech Mesure an dowéinst géinge mir dat och mat ënnerstëtzen.

MARC MEYER (DP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Also ech wëll an dem éischte Saz direkt soen dass ech dat doe ganz ënnerstëtzen. Déi leschte Kéier hunn ech schonn eng Kéier matgedeelt, dass ech och an enger anerer Gemeng reegelméisseg u sou Botzaktiounen deelhuelen, wat ganz flott ass. Hei geet et och net drëms, wéi den Här Gangler gesot huet, dass d'Gemeng eppes diktéiert vun uewen erof. Neen, au contraire, d'Gemeng, respektiv d'Kommissioun, d'Ëmweltkommissioun, déi deen Numm jo net fir näischt soll droen, hëlleft hei eppes ze organiséieren.
A mir wësse jo alleguerten dass, wann eng Kommissioun vun enger Gemeng en Opruff mécht un déi verschidde Clibb, déi mer hei an Diddeleng hunn, fir sech un eppes ze bedeelegen, dass da méi Leit hëllefe komme wéi wa just iergendeen am Club do lo eng Iddi huet.

De plus, firwat soll all eenzele Club sech midd maache fir hei Saachen ze organiséieren, wann dann eng Kommissioun, déi awer och dofir do ass, dat fir si mat ka maachen? A wann all eenzele Club och hei eppes organiséiert, dann hu mer herno d'Resultat dass vun 100 Clibb der 99 de Gehaansbierg botze gaange sinn an déi aner, déi hunn et just bis bei de Kaffi gepackt. A wann eng Kommissioun eppes géif organiséieren, da kéint se unhand vun der Unzuel vun de Leit, déi vun deene verschiddene Clibb sech wëlle bedeelegen, direkt scho kucken, wéi se Diddeleng opdeelt a wie se wou hischéckt fir dass ganz Diddeleng propper gëtt. An dee speziellen Dag wéi den Här Steffen gesot huet, ma dee kann ee roueg den Dag vun der propperer Stad nennen, dass och d'Leit wëssen, ëm wat et geet. Wat ech natierlech muss soen, dat ass datt dee Veräin, wou den Här Gangler da Member ass, den Interesseveräin vu Butschebuerg, sécher eng ganz wäertvoll Aarbecht mécht.

An hie brauch och net ze mengen, dass wann elo eppes organiséiert gëtt fir ganz Diddeleng propper ze halen, dat déi Leeschtung, déi si bis elo erbruecht hu manner wäert mécht. Si kënnen och ganz gären hir Botz dann nach weider bäibehalen an dat zu engem Zäitpunkt, deen hinne méi geneem ass. Mee se sollen awer net déi Beméiungen, déi den Här Steffen elo hei mécht fir Diddeleng wéinstens een Dag am Joer propper ze hunn, zunichte maachen. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech hat eppes ganz Wichteges virdru vergiess, dat ass dat wou den Här Meyer lo seet, et ass net wéi wann an engem Dag Diddeleng misst d'ganz Gemeng botzen. Mir dierfen net vergiessen dass mir hei zu Diddeleng e ganz performante Service hu vun an déi 35 Leit oder sou, déi all Dag ënnerwee si fir Dreck ewechzemaachen. An eis ass et zu Butschebuerg scho mol virkomm, dass mer eis ganz Kanner matgeholl hunn op de Gehaansbierg. Da wollte mer deene weisen: kuckt wat hei en Dreck läit an da raaft der dat iwwerall op. Da si mir op de Gehaansbierg komm, da war näischt do. Firwat? Ma da waren déi Leit vun der Gemeng schonn dräi Deeg virun eis passéiert. Da gesäis de natierlech och beseecht aus, wann s de de Kanner net kanns kloer weise wat s de als edukative Wäert hannert sou enger Botzaktioun gesäis. Mee dat war awer trotzdeem eng Unerkennung un eis Gemengeservicer. Do leeft jo awer och eppes ouni eis. Also ech mengen et ass net, dass eng kommunal Botzaktioun am grousse Stil opgezunn, dass dat dat ass, wat elo eis Stad hei propper hält. Mir hunn nach do aner Servicer, déi sech all Dag drëm këmmeren. Merci.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech hale mech ganz kuerz. A mir ënnerstëtzen natierlech och d'Motioun vun deene Gréngen. Mir fannen dat wierklech eng ganz gutt Saach, datt fir déi Grouss Botz, datt dat d'nächst Joer soll stattfannen. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, voilà. Also ech wäert et mat der Madame Thoma halen an ech wäert net all déi Argumenter vun der leschte Kéier nach eng Kéier auspaken. Ech hunn e bëssen d'Gefill, dass mer eis schonn d'leschte Kéier an dës Kéier an Eventualitéiten an an Detailer verrennen, déi am Fong op dëser Plaz näischt an deem Sënn ze sichen hunn. Hei geet et wierklech drëms fir d'Volontéit ze signaliséieren, dass sech eng Kommissioun domat beoptraagt sou en Dag ze organiséieren. Wéi se et mécht, wéi se et virgesäit, dat denken ech sprengt hei d'Rumm, vun der Zäit souwisou, an och vun den Iddien denken ech. Well an de Kommissioune jo awer nach Leit sëtzen, déi méi no um Thema dru sinn. Well et awer deels och ëm eis Saach elo hei gaangen ass, wou mer proposéiert hunn, wéilt ech eeben awer nach eng Kéier op déi eenzel Detailer agoen. Ech halen et kuerz. Ech sinn nämlech frou iwwert dem Här Gangler seng Widderhuelung vum Argumentaire vun der leschte Kéier, well en huet dës Kéier e Saz bäigesat, wou mengen ech seng e bësse méi negativ Vue op déi Geschicht do erkläert.

En huet gesot, do kënne sech verschidden Initiative bei de Kapp gestouss spieren, ob dat doten net gutt

genuch war. Eebe grad dat denken ech ass de Punkt, firwat mer sou Leit musse mat un den Dësch huelen, déi dat do bis elo mat organiséiert hunn an ze soen, hei dat do ass e Best-practice-Beispill zu Butschebuerg. Wéi kréie mer dat dote vläicht op aner Quartieren ausgebreet? Sou, an dann denken ech misst dat an där Kommissioun, déi do am éischten Invitt steet, do misst diskutéiert ginn, vläicht och als Invité-Expert Leit aus där doter Associatioun oder aus den zwou Associatiounen huelen an da soen: OK, wat sinn d'Geléngensfacteuren, dass dat dote bei iech klappt? A wéi kéinte mer dat doten ausbreeden? Dat kéint eng Pist sinn, fir dat doten ze maachen.

Dann ass den Här Gangler eeben och nach drop agaangen, dass mer dat de Leit eenzel sollen iwwerloosse fir dat doten ze plangen an ze maachen. Mir kruten d'leschte Kéier, als Géigepropos zu eiser Motioun, krute mer och gesot, wann d'Leit sech net méi géinge selwer organiséiert kréie fir et ze maachen, da kéinte se d'Gemeng ëm Hëllef bieden, da géing d'Gemeng et iwwerhuelen. Ma mir hate jo schonn de Roots Bëschkollektiv, deen dat dote gemaach huet. Deen den Dag am Bësch gemaach huet, deen d'Strooss ronderëm propper gemaach huet, an déi Initiativ ass verpufft. An d'Gemeng huet näischt gemaach fir déi aner Quartieren do vun de Leit an Eegeregie da propper maachen ze loossen. Dat heescht, mir hu scho verschidde Beispiller, déi verpufft sinn. An ech fannen et awer och net ganz konsequent ze soen, dat war dann och eeben en Argumentaire, dee géint eis Aktioun geschwat huet, datt ee seet, voilà, d'Clibb déi hu schonn immens vill, a mir ginn et awer erëm dann den eenzele Leit, mir ginn et erëm de Fräiwëllegen, déi einfach wéilten eng Zaang an de Grapp gedréckt kréien a gesot kréien: Hei déi dote Strooss, du gees mam Pit oder mat deem an deem.

An dann, fir et eng Kéier ofzeronnen, d'Hoplr-App, déi war och d'leschte Kéier gefall. Du hunn ech mech e bësse schlau gemaach, wéi vill Leit do ugemellt si bis elo. Dat sinn da Leit, dat si User, dat sinn net onbedéngt Stéit. Well a mengen Stot sinn z. B. zwee Leit ugemellt, an dat heescht, et kann een net onbedéngt soen. Mee et sinn der 757 gewiescht gëschter. Dat heescht, do schwätze mer och vun enger klenger Mass vu Leit déi's de sensibiliséiert géings kréien. Dat huet awer eng aner Ausstralkraaft wéi wann eng Gemeng seet, hei do ass eng Aktioun. Mäi lescht Argument, an da ginn ech et op, hei nach iergendwéi ee wëllen ze iwwerzeegen, do wéilt ech e klenge Lien maache mam Nopeschfest. D'Nopeschfest ass och u sech op engem Dag wou et virgesinn ass. An dësem Sënn kéinte mer soen, mer maachen eng Grouss Botz, déi organiséiere mer a fir all déi aner Initiativen, déi vläicht réischt de Weekend drop Zäit hunn, oder wou vläicht de Quartier seet, hei mir hu réischt de Weekend drop Zäit, da kéints de jo nach ëmmer soen, hei mir wëllen eis net der Aktioun vun der Gemeng, mee mir organiséieren eng an eisem Quartier d'Woch méi spéit.

Dat wär vläicht sou e bëssen d'Beispill, dat bei engem Lancement d'nächst Joer einfach eng Kéier ze probéieren, ob een do kéint d'Leit all zesummentrommelen an hinnen dann an engem zweete Schrëtt ze soen: Ma ja, dat hei war flott. Komm mir organiséieren dat einfach an engem zweete Joer e bësse méi verdeelt an e bësse méi an enger flexibeler Konstellatioun. An dat denken, dat ech wär awer dann de Rôle vun der Kommissioun, wéi am éischten Invitt erkläert. Voilà. Merci.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Den Ëmweltschäffe wäert sech lo ganz ganz kuerz halen, wéi Der mech kennt. Ech hunn elo laang nogelauschtert. Ech hunn alles registréiert, dat Gutt wéi dat Schlecht. An ech soe lo klipp a kloer, déi Motioun hei, wou mer elo schonn an zwee Gemengeréit driwwer diskutéieren ass a mengen Ae sënnlos, mir brauche se hei zu Diddeleng net. Wann aner Gemengen dat wëlle maachen, dann ass dat hire Choix. Hei zu Diddeleng, an den Här Gangler huet dat richteg gesot, hei ass e Konstrukt vu Servicer vun der Gemeng, vuVeräiner und und und, dat klappt säit 24 Joer wou ech hei Hygiènes-Schäffe si klappt dat vorzüglech. An ech denken net am Dram drun hei, dass mer lo hei invitéiert ginn, eng Kommissioun ze beoptrage fir dass d'Gemeng do soll eng Grouss Botz organiséieren. Wann Dir gäre wëllt e Fest organiséiere léif Gréng, da kënnt Dir jo selwer d'Initiativen huelen. Mir ënnerstëtzen lech do, wéi och all déi aner Veräiner. Ech proposéieren, déi Motioun sou an där Form hei ofzeleenen. An ech garantéieren lech awer dass d'Diddelenger Gemeng weider dofir wäert suerge fir all déi Aktivitéiten, all déi Sensibilisatiounen weiderzeféieren. Voilà. Punkt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci dem René Manderscheid. An da géif ech elo proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn, wat dës Motioun ubetrëfft. ***Wien ass fir dës Motioun? Dat sinn Déi Gréng, DP, ADR, Déi Lénk. Wien enthält sech? Wie ass dogéint? D'CSV an d'LSAP.*** Gutt, villmools Merci.

# 12. FROEN UN DE SCHÄFFEROT

### 12.1. FROEN VUN DER CSV-FRAKTIOUN BETREFFEND D'JUMA-HAUS

### 12.2. FROEN VUN DER CSV-FRAKTIOUN BETREFFEND SOZIALWUNNÉNGEN

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da komme mer op de Punkt vun de Froen. An do waren 2 Froe vun der CSV erakomm. An do géif ech direkt souwuel dem Josiane wéi och dem René d'Wuert ginn.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Ech géif dann ufänken. D'CSV huet d'Fro gestallt iwwert d'JuMa-House. Do waren e ganze Koup Saachen déi opgeworf gi sinn, wou dann nogefrot gouf, wéi et wär, wien déi Autorisatioun do ginn hätt fir dat Haus do deemools e Changement de destination ze maachen. Dat ass éischter well Der net averstane sidd. Dir frot awer och, wéi geet et elo viru mam Sourrire a.s.b.l.? Benotze si dat ganzt Haus, sinn do uewe Büroe fräi well ëmmer Entrepreneure Start-uppe brauchen, do kéint ee vläicht dat virgesinn. Wéi war et mat

den Transformatiounsaarbechte ronderëm d'Haus? Wien huet déi gemaach? Hu mir do Ofrechnunge kritt? War d'Gemeng do mat agebonnen? Da frot Der awer och, wéi ass et mam Ministère, wéi geet et do virun? Sinn do Konventiounen ofgeschloss? Sinn och Zesummenaarbechten entstanen op anerem Plang?

Da frot Der awer och nach, wéi et mam Loyer ass, wéi et do virugeet? Wa si konventionéiert sinn, iwwerhëlt de Ministère de Loyer? A wann dat sou ass, firwat kënne se sech dann net op enger anerer Plaz en Haus um fräie Marché lounen? Dat sinn alles Froen, déi Dir do draschreift, an ech weess net, ob Dir nach eppes dozou wëllt soe Madame? Gutt, dat sinn e ganze Koup Froen, déi Dir hei stellt. Dat ass och an der Rei, ech géif Iech déi och gäre beäntwerten.

Leider ass et awer sou, datt hei ganz vill Servicer concernéiert sinn, souwuel den Entretien-, de Bauten, d'Sourrire a.s.b.l. an ech wëll dat propper beäntwere kënnen. An dofir géif ech dann, wéi den Här Steffen et virdru gesot huet, op de Règlement d'ordre interne zréckgräifen an ech géif Iech dat bannent engem Mount schrëftlech alles zoukomme loossen, mat den néidege Pabeieren dobäi, dat ass ganz wichteg. Ech mengen Dir sollt do informéiert ginn. Just kuerzfristeg sou vill Saachen déi do dra si kann ech leider net sou séier beäntweren. Dofir maachen ech dat schrëftlech.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Normalerweis, Dir kritt schrëftlech drop geäntwert, dat ass normalerweis net, dass Der nach eng Fro kënnt stellen. D'Fro ass resuméiert ginn an et gëtt eng schrëftlech Äntwert drop. A bei der nächster Fro ass et d'selwecht. Do ginn ech dem René Manderscheid d'Wuert. Majo, wéi dat üblech ass. D'Gesetz gesäit vir – mir haten et schonn - entweeder gëtt et Séance tenante am Gemengerot beschwat, also Dir kritt d'Äntwert. Oder awer de Schäfferot kann innerhalb vun engem Mount, wou d'Fro gestallt gouf, drop äntweren an da kënnt et an deen nächste Verbatim dran. D'Fro an d'Äntwert. Déi zwee. Transparent, propper. Absolut. Keen Thema. Et ass jo public.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Jo dann. D'CSV stellt da folgend Fro. Fir d'éischt emol eng kleng Einleitung. Et ass eis per Courrier zougedroe ginn, dass eng Famill déi mëttlerweil zwee Commercen zu Diddeleng bedreift, säit e puer Joer an enger sougenannter Sozialwunneng vun der Gemeng wunnt. Et gëtt sech gefrot, ob duerch déi offensichtlech verbessert finanziell Situatioun vun de Locatairen, si nach berechtegt sinn, an dem Genoss vu sou enger Wunneng ze bleiwen. Ass de Schäfferot au courant vun dëser Situatioun? No wéi enge genaue Krittäre ginn d'Wunnenge vun der Gemeng verginn? Kann de Schäfferot dem Gemengerot dës Guidelines, respektiv dës Krittäreléscht wannechgelift zoukomme loossen? Wéi een Noweis mussen d'Locatairen all Joer bréngen dass se nach eligibel si fir an enger Wunneng vun der Gemeng ze wunnen? Falls zum Beispill erwuesse Kanner aus dem Stot erausplënneren, kuckt d'Gemeng da fir der Famill eng méi kleng Wunneng unzebidden? Wéi oft kënnt sou e Wunnengstausch vir? Wéi eng Handhab



huet d'Gemeng fir engem Locataire de Kontrakt ze kënnege wann hien d'Krittäre fir däerfen an de Genoss vun enger Sozialwunneng ze kommen net méi erfëllt?

Kënnt Dir dem Gemengerot reegelméisseg, all 6 Méint zum Beispill, matdeelen, wéi eng Familljekonstellatioun, Unzuel vun de Familljememberen, Alter vun de Kanner, a wéi enge Wunnenge wunnen a wéi den Turnover vun de Locatairen ass? Déi hei Froe wäert ech och schrëftlech beäntweren, net well ech se net ka mëndlech beäntweren, ech kann dat, mee ech wëll dat awer net an der ëffentlecher Sitzung maachen. Firwat?

Ech denken am Dram net drun, op eng Fro ze äntweren, wou iergendwéi ee per Courrier enger anerer Partei eppes zoudréit. E Courrier, wou déi Leit onwëssend verfaasst hunn an a mengen A warscheinlech aus Näid a Jalousie par rapport zu deene Leit déi eng Wunneng kréie vun der Gemeng. An da wëll ech op kee Fall an déi Diskussioun kommen, wat hei schonn de Moie gefall ass, Auslänner-Lëtzebuerger, wie kritt eng Wunneng? An dëser Fro ginn och e puer Saache vermëscht. Wann een nämlech gekuckt hätt, ëm wat fir eng Wunneng et geet, da kënnt ee bei e Logement abordable. Mee et gëtt awer och e GLS, Gestion locative sociale, dat sinn zwee Puer Schung.

An deementspriechend, wann ee sech beschäftegt hätt mat der Fro, wat fir eng Wunneng ass hei gemengt? Dann hätt ee schonn e puer Froen a) anescht gestallt, b) guer net gestallt. Dofir kritt Der déi Fro schrëftlech beäntwert mat der Kopie vum Gesetz August 2023. Do stinn all déi Äntwerten dran, déi Dir mech hei gefrot hutt. Op jidde Fall wëll ech hei net op e populistesche Courrier agoen an enger ëffentlecher Sitzung. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Och do kënnt dann eng schrëftlech Äntwert. Da wäre mer zum Schluss elo vun der ëffentlecher Sitzung an da géife mer an de Huis clos goen.

## 12.3. ANNEXES

### *12.3.1. Froen vun der CSV-Fraktioun betreffend d'JuMa-Haus:*

Un den Här Buergermeeschter an de Schefferot vun der Stad Diddeleng; Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären aus dem Schefferot, Am Numm vun der CSV-Fraktioun bieden ech Iech am Kader vun der nächster Gemengerotssitzung zu folgende Froë Stellung ze huelen : JuMa- Haus :

De 24.3.2023 gouf am Gemengerot ee Contrat de bail commercial tëscht der Stad Diddeleng an der Sociétéit SOURRIRE a.s.b.l. fir d'Haus op 43, rue Ribeschpont, ënnerschriwen. Hei sollt eng "Maison de thérapie psychologique" mam Numm "JuMa House" opgoen. Et huet dofir missen eng Autorisatioun ugefrot gi fir e "Changement de destination" vierzehuelen : eng Maison unifamiliale, déi der Gemeng gehéiert, gouf duerch e "Changement de destination" an e "Cabinet thérapeutique" ëmgewandelt. FRO: Wien huet déi Autorisatioun ginn a wéini? Muss dës Autorisatioun net vum Gemengerot validéiert ginn ?

Wéi oft kommen esou Demanden eran resp. wéi oft sinn esou Ëmmännerunge seit dem Akraaftsi vun eisem PAG gemaach ginn ? D'CSV-Fraktioun huet sech géint de Projet ausgeschwat :

1. Well mir nëtt averstane sinn dass een Eefamilienhaus mat enger Wunnfläch vun 120 m², wou d'Gemeng Propriétaire ass, a wou een hätt kënnen enger Famill matt 3-4 Kanner een Doheem ginn, einfach net méi als Wunnhaus genotzt gëtt. FRO : Wa mer elo schonn e Changement de destination vum Haus gemaach hun: Benotzt d'Sociétéit SOURRIRE a.s.b.l dat ganzt Haus fir seng Consultatiounen, oder sin nach evtl. Zëmmerë resp. Bureauë fräi wou och aner Servicer kéinten ënnerdag kommen? Ëmmer nees siche jonk "Entrepreneueren" Reimlechkeete fir hier Start-Ups (oft och just fir e puer Méint).

2. Well mir nëtt averstane sinn dass Transformatiounsaarbechten am a ronderëm d'Haus laut Contrat de bail commercial vum Locataire sollte gemaach ginn an ënger Valeur vun 36.000.- €, an doduerch de Locataire vu Mee 2023 bis Dezember 2023 kee Loyer huet brauchen ze bezuelen (woubäi d'A.S.B.L. laut Kontrakt scho säit dem 1.1.2023 d'Gebai konnt notzen). FRO : ass et net esou dass och eis Gemengeservicer ee groussen Deel vun denAarbechte gemaach hun? Krute mir den Décompte vun den Fraisë vun den Aarbechten (Mise en peinture, Accès PMR, Rénovation des sols...) vun de Privat-Entreprisen ze gesinn, oder ass et souguer esou dass d'Stad Diddeleng als Proprietaire vum Haus dës Fraisen huet misse selwer iwerhuelen ?

3. Well d'A.s.b.l beim Ënnerschreiwe vum Contrat de bail nach keen Agrément mat kengem Ministère hat. FRO: Hunn d'Responsabel mëttlerweil - wéi am Mäerz 2023 vum Schefferot ugekënnegt - eng Konventioun resp. een Agrément souwuel mam Ministère de la Santé, wéi och mam Ministère de la Famille, wéi och mam ONA ofgeschloss ? - Wéi eng Dénominatioun huet d'"JuMa-House" an de Konventiounen: Centre de...? ... pour consultations psychologiques, oder Centre de...?...pour consultations psychothérapeutiques, oder...? - Waren am Oktober 2023 d'Konventiounen ënnerschriwen? Hunn d'Consultatiounen wéi ugekënnegt am Oktober 2023 ënnert de Konditioune vun de Konventiounen ugefaang ? - Iwerhuelen d'Ministèren d'Fraisë vum Loyer a vum Personal, a ginn d'Consultatiounë mat engem Forfait ofgerechent mam Ministère, oder ënnert wéi engem Statut gëtt hei geschafft ?

### *12.3.2. Äntwert vum Schäfferot:*

Betrëfft: Schrëftlëch Äntwerten op d'Froën vun der CSV-Fraktioun Diddeléng vum 8. Juni 2024 – „Sozial-Wunneng"

Madame Kayser-Wengler, Am follgenden d'Äntwerten ob d'Froe vun der CSV-Fraktioun Diddeleng.

FRO : [...] Et gëtt sech gefrot, ob duerch déi offensichtlech verbessert finanziell Situatioun vun de Locatairen, si nach berechtegt sinn, an de Genoss vun esou enger Wunneng ze bleiwen?

Zur Erklärung an Differenzéierung vu Wunnenge vun der Gestion Locative Sociale (GLS) an dem "Logement abordable" gëtt de Schäfferot lech follgend Erklärungen: An engem "Logement abordable" kann all Persoun wunnen déi entspriechend dem Gesetz vum 7. August 2023 relativ zum logement abordable, iwwert de Wee vum "candidat-locataire" zum Locataire gëtt. Am Verglach zu enger GLS Wunneng sinn dës Wunnenge per Gesetz esou ausgeluecht datt se bis un d'Enn vum Liewe vun de Locatairen an am relativ zu hirem verdéngte Geld an der Unzuel u Leit déi op der Adress wunnen e Loyer ze bezuele kréien oder kënnen eng Wunneng verbëllegt kafen. D'Vente gëtt vun der Gemeng als Proprietaire als solch net ugebueden.

De "logement abordable" ass also am Verglach zu de Logementer déi an der GLS lafen, onbegrenzt an der Zäit vun de Locatairë bewunnbar mat der Restriktioun datt dëst just de Fall ass soulaang se d'Conditiounen erfëlle kënnen. Eis Locataire gi mat hirem Kontrakt eng Verpflichtung bei eis an, un déi se sech mussen halen. Dozou gehéiert och eng finanziell Oppeleeung vun hire Revenuen. Dës gëtt vun enger Assistante sociale kontrolléiert. Mir kënnen also behaapten datt all eis Locatairë mat Recht am Genoss vun engem "logement abordable" sinn an dëst och ëmmer erëm kontrolléiert gëtt.

FRO: Ass de Schäfferot au courant vun dëser Situatioun? De Service Logement ass souwuel mat sengem concernéierte Schäffe wéi awer och mat dem Rescht vum Schäfferot an direktem Kontakt falls eventuell Problematike missten thematiséiert ginn. Natierlech esou, datt all Infoen anonymiséiert ginn an de "secret professionnel" respektéiert gëtt.

FRO: No wéi enge genaue Critèrë ginn d'Wunnenge vun der Gemeng verginn? Kann de Schefferot [sic] dem Gemengerot dës Guide-lines, resp. dës Critère-Lëscht w.e.g zoukomme loossen?

Critèren déi definéiere wéi een e logement abordable kritt, ware bis ewell duerch d'Gesetz vun 1979 definéiert. Dës sinn duerch Gesetz vum 7. August 2023 iwwerschafft ginn a follgend Donnéeë ginn ënnert anerem gekuckt (annexe1): D'Zesummestellung vun der Famill, konkreet och ween wéi vill finanziell erabréngt, a wéi vill datt dëst zum allgemenge Revenu net disponible („RND") bäidréit. hei spillt och mat wéi laang eng Persoun oder Kanner scho schaffen (Art 56. Wann dëst kloer ass, gëtt et deementspriechend wéi

d'Familljekonstellatioun ass e Barème, deen elo rezent per Projet de loi rëm ajustéiert ginn ass (annexe 4), deen definéiert ween iwwerhaapt vun esou engem logement abordable, vum Volet Finanzen hier, profitéieren däerf. Sollte Persoune méi wéi dës vum Gesetz respektiv sengen Annexen (annexe 3) definéiert Limitten als RND zur Verfügung stoen, däerfen se kee logement abordable zur Verfügung gestallt kréien.

FRO: Wéi een Noweis mussen d'Locatairen all Joer bréngen, dass se nach eligibel si fir an enger Wunneng vun der Gemeng ze wunnen ?

Mir froen als Service Logement zënter dem Gesetz vum 7. August 2023 follgend Dokumenter bei eise Clienten no: Revenus des adultes du ménage (p.ex. occupation salariée, REVIS, pension, chômage, ass. dépendance); Certificat de résidence élargie; Certificat d'affiliation du CCSS (vum Joër firdrun bis haut); Certificat des allocations familiales; Rente(s) alimentaire (personnelle ou pour enfants); Certificat de l'assurance d'habitation; Certificat de non propriété. All dës Dokumenter musse manner al wéi 3 Méint sinn, dee Moment wou se bei eis ofgi ginn. Mir froe wéi vum Gesetz gefrot, minimum 1 mol pro Joer bei eise Locatairen dës Beleeër, déi Aussoe wat u finanzielle Mëttelen an der "communauté domestique" disponibel sinn.

FRO: Falls z.B. erwuesse Kanner aus dem Stot erausplënneren, kuckt d'Gemeng da fir der Famill eng méi kleng Wunneng unzebidden ?

Falls dës Optiounen disponibel sinn, an der reschtlecher Famill keng Probleemer ka maachen ass dëst natierlech de Fall, och heifir gëtt et eng kloer developpéiert Prozedur am Gesetz déi genee definéiert datt wann eng Persoun manner am Stot ass an de Bailleur dem Locataire eng nei Wunneng proposéiert dësen och wann ëm déi éischt Propositioun net zouseet déi 2. Propositioun vum Bailleur muss unhuele well soss de Kontrakt hifälleg ass. (annexe 2)

FRO: Wéi oft kënnt esou e Wunnegstausch vier ? Ee Wunnéngstausch entspriechend dësem Gesetz ass nach nët virkomm.

FRO: Wéi eng Handhab huet d'Gemeng fir engem Locataire de Kontrakt ze kënnegen, wann hien d'Critèren, fir däerfen an de Genoss vun enger sgn. "Sozial-Wunneng" ze kommen, nëtt méi erfëllt ?

D'Gesetz mëscht eng Differenzéierung tëscht logement abordable, logement à cout modéré an dem logement deen am Kader vun der GLS proposéiert gëtt. De Service Logement proposéiert "logements abordables" déi kloer, an entspriechend dem Gesetz vum 7. August 2023 entspriechend definéiert sinn.

Doriwwer eraus maache mir iert eng Persoun bei eis ka Locataire ginn, bei all candidat-locataire eng Visite déi eis hëlleft eng Enquête sociale ze maachen an ob d'Bedürfnisser vun eise potenzielle Clienten anzegoen. Bei eise Locataire kommen zousätzlech Kontrollen derbäi. Sollt eng Persoun d'Critère fir an esou enger Wunneng ze wunnen net méi erfëllen, a mir sollte feststellen datt aus deem engen oder anere Grond eng entspriechend Wunneng enger Famill oder Eenzelpersoun net méi zegutt géing stoen, ass engersäits de Contrat de bail als solches annuléierbar an och deementspriechend falls eventuell eng Famill net sollt wëllen erausplënneren d'Gesetz ronderëm d'déguerpissementer unzewenden.

Pro Joer gëtt och minimum 1 Visite an all Wunneng gemaach fir eventuell Problematiken déi bis dohin net gemellt oder detektéiert goufe festzehalen an ze kontrolléieren, sou datt mir als Bailleur um leschten Informatiounsstand sinn.

Den Artikel 69 aus dem Gesetz (annexe 3) definéiert dann nach eng Kéier a wat fir engem Kader en contrat de bail vum logement abordable ka résiliéiert oder souguer annuléiert ginn. Respektiv wat ka geschéie wann eis Locatairen sech net zur Zäit bei eis manifestéieren an Ännerunge vu jiddwer Natur net bei eis mat Zäiten uginn.

FRO: Kéint Dir dem Gemengerot w.e.g. regelméisseg (all 6 Meint z.B.) matdeelen, wéi eng Familiekonstellatioun (Unzuel vun de Familiememberen, Alter vun de Kanner...) a wéi enge Wunnengë wunnen, a wéi denTurnover vun de Locatairen ass?

Mir kënnen iech gären all Joer en Decompte vun de Wunnenge ginn déi mer am Kader vum Gesetz geréieren, allerdéngs ouni eventuell Familljeconstellatiounen zoukommen ze loossen. Mir kënnen iech gären d'Informatiounen zoukomme loossen ob dës Wunnengen am Kader logements „dédiés" sinn oder logements „tous publics".

Mat beschte Gréiss,
Fir de Schäfferot vun der Stad Diddeleng,
de Buergermeeschter, de Gemengesekretär,

Dan Biancalana Patrick Bausch

### *12.3.3. Froen vun der CSV-Fraktioun betreffend Sozialwunnéngen:*

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären aus dem Schefferot, Am Numm vun der CSV-Fraktioun bieden ech Iech am Kader vun der nächster Gemengerotssitzung zu folgende Froë Stellung ze huelen : Eis ass per Courrier zougedroë ginn, dass eng Famill, déi mëttlerweil 2 Commercen zu Diddeleng bedreift, säit e puer Joer an enger sgn. "Sozial-Wunneng" vun der Gemeng wunnt. Et gëtt sech gefrot, ob duerch déi offensichtlech verbessert finanziell Situatioun vun de Locatairen, si nach berechtegt sinn, an de Genoss vun esou enger Wunneng ze bleiwen? Ass de Schefferot au courant vun dëser Situatioun ? No wéi enge genaue Critèrë ginn d'Wunnenge vun der Gemeng verginn? Kann de Schefferot dem Gemengerot dës Guide-lines, resp. dës Critère-Lëscht w.e.g zoukomme loossen?
Wéi een Noweis mussen d'Locatairen all Joer bréngen, dass se nach eligibel si fir an enger Wunneng vun der Gemeng ze wunnen ? Falls z.B. erwuesse Kanner aus

dem Stot erausplënneren, kuckt d'Gemeng da fir der Famill eng méi kleng Wunneng unzebidden ? Wéi oft kënnt esou e Wunnegstausch vier ? Wéi eng Handhab huet d'Gemeng fir engem Locataire de Kontrakt ze kënnegen, wann hien d'Critèren, fir däerfen an de Genoss vun enger sgn."Sozial-Wunneng" ze kommen, nëtt méi erfëllt ? Kéint Dir dem Gemengerot w.e.g. regelméisseg (all 6 Meint z.B.) matdeelen, wéi eng Familiekonstellatioun (Unzuel vun de Familiememberen, Alter vun de Kanner...) a wéi enge Wunnengë wunnen, a wéi denTurnover vun de Locatairen ass?

Mir soen am viraus Merci fir d'Äntwerten.
Mat beschte Gréiss,
am Numm vun der CSV-Fraktioun
Michèle Kayser-Wengler

### ***12.3.4. Äntwert vum Schäfferot:***

Madame Kayser-Wengler, D'CSV Fraktioun Diddeleng huet den 10. Juni 2024, am Virfeld vun der Gemengerotssitzung vum 14. Juni 2024 a gemiess dem internen Uerdnungsreglement vum Gemengerot vun der Stad Diddeleng, dem Schäfferot Froen zoukomme gelooss zum Thema "JuMa House".

Wéi an der Gemengerotssitzung vun der Ressortschäffin Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries ugekënnegt, huet eise Schäfferot decidéiert, am Aklang mam Gemengegesetz a mam internen Uerdnungsreglement, schrëftlech op dës Ufroe Stellung ze huelen. Nofolgend fannt Där dann d'Äntwerte vun eisem Schäfferot op Är Froen.

FRO: Wien huet déi Autorisatioun ginn a wéini? Muss dës Autorisatioun net vum Gemengerot validéiert ginn ? Wéi oft kommen esou Demanden eran resp. wéi oft sinn esou Ëmmännerunge seit dem Akraaftsi vun eisem PAG gemaach ginn ?

De Buergermeeschter huet de 27. Mäerz 2023 d'Baugeneemegung gi vir de "Changement d'affectation de la Maison unifamiliale sise n° 43, rue Ribeschpont.
D'Baugeneemegungen ënnerleie laut dem ëmgeännerte Gesetz vum 4. August 2004 iwwert den Aménagement communal et développement urbain (Artikel 37) der ellengeger Autoritéit vum Buergermeeschter, a net dem Gemengerot. Bis op den Datum vun haut gouf et just nach 1 Demande vir e changement de destination vun enger Garage a Bürosfläche vun engem Gemengegebai. Dëst ass d'Garage vun der Schoul Gaffelt déi zu Bureauen ëmgebaut gëtt vir de Besoin vun der Maison Relais. De Gemengerot huet den Devis fir des Aarbechten a senger Sitzung vum 22. Mäerz 2024 eestëmmeg guttgeheescht.

FRO : Wa mer elo schonn e Changement de destination vum Haus gemaach hun: Benotzt d'Sociétéit SOURRIRE a.s.b.l dat ganzt Haus fir seng Consultatiounen, oder sin nach evtl. Zëmmerë resp. Bureauë fräi wou och aner Servicer kéinten ënnerdag kommen? Ëmmer nees siche jonk "Entrepreneueren" Reimlechkeete fir hier Start-Ups (oft och just fir e puer Méint).

D'Associatioun "Sourrire a.s.b.l" benotzt dat ganzt Haus fir seng Aktivitéiten. Raimlechkeeten si keng fräi. Entrepreneuren, déi Raimlechkeete siche fir hir Start-Ups, kennen ënner Ëmstänn am Innovation-Hub an der rue de Volmerange Bureaue bei der Stad Diddeleng lounen. Dat ass eng speziell Infrastruktur déi dofir geschaaft gouf woubäi di jonk Entreprise vu Lux-Innovation, dem Technoportan der Stad Diddeleng ënnerstëtzt ginn.

FRO : ass et net esou dass och eis Gemengeservicer ee groussen Deel vun den Aarbechte gemaach hun? Krute mir den Décompte vun den Fraisë vun den Aarbechten (Mise en peinture, Accès PMR, Rénovation des sols...) vun de Privat-Entreprisen ze gesinn, oder ass et souguer esou dass d'Stad Diddeleng alsProprietaire vum Haus dës Fraisen huet misse selwer iwerhuelen ?

Sämtlech Ëmbauaarbechten am Haus si vun der a.s.b.l. an hire Partner ausgefouert ginn. D'Stad Diddeleng huet an dem Kader keng Aarbechte gemaach ofgesi vun den uerdentlechen Ennerhaltsaarbechten déi laut Kontrakt a Gesetz dem Proprietäre vum Haus ënnerleien. Zousätzlech huet d'Stad ale Mobilier gespent an zwee mol de Wuess geméit. Punkto Ëmbauaarbechten ass ze bemierken, dass d'a.s.b.l. de Bauhär war an d'Servicer vun der Stad sech net em de Projet bekëmmert hunn. D'Stad Diddeleng huet an dësem Fall och keng Fraisen iwwerholl. Follgend Aarbechte goufe vun engem Entrepreneur ausgefouert: neien Ustrach vum Rez-de-Chaussée a vum 1. Stack; Installatioun vun 2 nei Diere mat Glas; Installatioun vun enger neier Beliichtung; Terrasse: Trapp mat Riffelblech verkleet; neien Ustrach vum Fassadesockel; Entréestrap: Ëmännerungvun de Gelänneren; Entréessass: en Empfang gouf geschaaft.

FRO: Hunn d'Responsabel mëttlerweil - wéi am Mäerz 2023 vum Schefferot ugekënnegt - eng Konventioun resp. een Agrément souwuel mam Ministère de la Santé, wéi och mam Ministère de la Famille, wéi och mam ONA ofgeschloss ? Wéi eng Dénominatioun huet d'"JuMa-House" an de Konventiounen: Centre de...? ... pour consultations psychologiques, oder Centre de...?...pour consultations psychothérapeutiques, oder...? Waren am Oktober 2023 d'Konventiounen ënnerschriwen? Hunn d'Consultatiounen wéi ugekënnegt am Oktober 2023 ënnert de Konditioune vun de Konventiounen ugefaang ? Iwerhuelen d'Ministèren d'Fraisë vum Loyer a vum Personal, a ginn d'Consultatiounë mat engem Forfait ofgerechent mam Ministère, oder ënnert wéi engem Statut gëtt hei geschafft ? Falls d'Fraisë vum Loyer duerch eng Konventioun mat de Ministèren iwerholl gin, kann d'A.s.b.l jo och um fräie Marché Buroë lounen: Ass dann d'Zurverfügungstellë vum Haus duerch d'Gemeng nach berechtegt ?

Virop ass festzestellen, dass de Projet sech entwéckelt huet an eng Initiatorin de Projet verlooss huet aus perséinleche Grënn. De Projet heescht elo "Maison Sourrire", esouwéi d'a.s.b.l. an den Objet ass nach ëmmer d'Bedreiwe vun engem Therapiehaus. D'Maison Sourrire, en oppent Haus fir all Kulturen, all Nationalitéiten an all Generatiounen, konzentréiert sech op d'Entwécklung vum Zesummeliewen an dem

Developpement vun de néidege Kompetenze fir kënnen aktiv a vollwäerteg um gesellschaftleche Liewen deelzehuelen. Doduerch schreift sech de Projet an d'Politik vum interkulturellen Zesummeliewen an, déi duerch d'Gesetz vum 23. August 2023virgesinn ass an op den 1. Januar 2024 a Kraaft getratt ass.

Eng Ouverture um finanzielle Plang kann de Pakt vum interkulturellen Zesummeliewen duerstellen, op deen d'Stad Diddeleng duerch dat neit Gesetz zeréckgräife kann. Et ass leider festzestellen, dass d'a.s.b.l. Sourrire bis elo nach net vun enger Konventioun mam Familljeministère, nach vum Ausseministère oder Gesondheetsministère ka profitéieren. D'a.s.b.l schafft awer onermiddlech a reecht weiderhi Projeten un de Familljeministère era fir eng finanziell Hëllef ze kréien, notamment e Projet beim Appell vum Familljeministère am Kader vum Programm "Asile, migration et intégration" (AMIF). Aner Piste ginn och verfollegt, notamment iwwert d'Oeuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte. Op Rot vum Familljeministère huet d'a.s.b.l Kontakt opgeholl mam Office National d'Inclusion Sociale (ONIS) a beschäftegt mëttlerweil iwwert den ONIS 8 Persounen ënnert dem Statut "Travaux d'utilité collective" (TUC). Ausserdeem hu schonns 2 Persounen hier "Travaux d'intérêts généraux" via de Service Central d'Assistance Sociale (SCAS) /Parquet général, konnten an der Maison Sourrire ausféieren.

Zesumme mam ONIS huet d'Maison Sourrire och éischt Demarchen ënnerholl an ass op d'Offices sociaux vun Diddeleng, Beetebourg an Esch-Uelzecht duergaang fir zesummen am Kader vun den Office sociaux vum Süden integrativ Atelieren op Basis vun der lëtzebuergescher a franséicher Sprooch fir Demandeurs de Protection internationale unzebidden an dësen dann Ënnerstëtzung unzebidde fir hir Chancen op Integratioun ze erhéijen.
Et ass dëst e Projet dee vun der Europäescher Kommissioun matfinanzéiert gëtt deen sech iwwer 4 Joer erstéckt, dëst bis 2029 an deen et erlaabt souwuel de Loyer vun der Lokalitéit ze droen an zousätzlech nach 2 Aarbechtsposten ze finanzéieren.
D'Maison Sourrire bitt aktuell eng 20 Atelieren un. Lëtzebuergesch a franséisch Sproochecoursë, Sport, Kichen an Informatik Coursë fir Persounen, déi Problemer hu fir u klassesche Coursen deelzehuelen, well se net déi psychologesch oder logistesch Méiglechkeeten hunn.

Et ass ze bemierken dass elo schonns d'Maison Sourrire an der Moyenne eng 150 Persoune pro Woch empfänkt. Persoune gi mat hire Kanner empfaangen an dëst ass just méiglech well aktuell 15 Benevollen sech em d'Kanner bekëmmeren. Moieskaffi, Mëttesiessen an eng Collatioun am Nomëtte ginn offréiert duerch d'Ënnerstëtzung vun der "banque alimentaire". Aner Aktivitéite vun der Maison Sourrire si Sproochegruppe fir Fraen déi Traumaen hunn a fir Familljen déi Rotschléi an Ënnerstëtzung brauchen am familiäre Beräich, therapeutesch Photographiesatelieren, Jardinageatelieren, Gesellschaftsspiller, therapeutesch Mol- a Schreiwaktivitéiten fir de Fraen a Männer et ze erlaben zesumme mat hirer Famill ze agéieren. Männer kennen vun engem Coiffer, deen op benevoller Basis schafft d'Hoer geschnidde kréien. Ausserdeem bitt d'Haus de mëttellosen Familljen d'Méiglechkeet u fir ze duschen oder e Bad ze huelen. E solidaresche Vestiaire ass 2X d'Woch op.

FRO: Wéi ass d'Zesummenaarbecht konkret mat eise Schoulen resp. Maisons relaisën ? Wéi ass d'Zesummenaarbecht mat der Flüchtlingsstruktur an der rue de Volmerange, resp. gin och aner Demandeurs d'asyle ( z.B aus der Ukraine), déi zu Diddeleng logéiert sinn, en Charge geholl ?

Eng Zesummenaarbecht mat de Schoule respektiv dem SEA gëtt et bis elo nach net. Wéi ugekënnegt ass et awer gewollt dass dës Zesummenaarbecht zustane kënnt. Vill vun de Persounen, deenen therapeutesch Ënnerstëtzung ugebuede gëtt, ënnerleien dem Flüchtlingsstatut.

FRO : Ass de Schefferot gewëllt, de Contrat de bail ze verlängeren ? Falls dës A.s.b.l d'Haus verléisst, bleift de Statut vum Haus dee selwechten oder ass de Schefferot gewëllt ee "Changement de destination" unzefroë fir d'Haus nees kënnen als Wunnhaus ze notzen resp. ze verlounen ?

De Schäfferot ass am Kontakt mat der Responsabele vun der a.s.b.l. an den Informatiounsaustausch ass ganz gutt. De Schäfferot ass der Meenung de Projet aktiv ze begleeden. Duerch di stänneg Entwécklungen ass et zu dësem Zäitpunkt nach net méiglech eng Ausso iwwert d'Fortféiere vum Kontrakt ze maachen. Falls et awer dozou kennt, dass d'a.s.b.l. aner Lokalitéite fir hir Aktivitéite géif benéidegen an dofir d'Haus net méi di néideg Viraussetzungen offréiert, kann de Buergermeeschter erëm eng "autorisation de changement de destination" ausstelle vir dass Haus nees zu Wunnzwecker genotzt ka ginn.


Mat beschte Gréiss,
Fir de Schäfferot vun der Stad Diddeleng,
de Buergermeeschter, de Gemengesekretär,

Dan Biancalana Patrick Bausch •

# ATTENTION AUX PICKPOCKETS !

**EN GÉNÉRAL :** Méfiez-vous si des inconnus s'approchent trop près de vous. Les pickpockets utilisent divers moyens de distraction pour s'emparer discrètement de vos objets de valeur.

## LE DISTRACTEUR



Ne vous laissez pas distraire par des personnes inconnues. Gardez toujours un œil sur vos objets de valeur et gardez-les près de votre corps.

## LE BOUSCULEUR



Faites attention aux personnes qui vous bousculent ou qui s'approchent trop de vous. Gardez toujours vos sacs fermés.

## LE DANSEUR



Gardez une distance entre vous et des personnes inconnues qui vous serrent dans les bras ou qui dansent près de vous.

## LE SOLLICITEUR



Faites attention aux personnes qui s'approchent trop près de vous pour vous demander p.ex. de la monnaie ou des cigarettes.